n° 1 & 2 /2023














# GEMENGENINFO

RAPPORTS DU CONSEIL COMMUNAL
DU 26.01.2023 ET 10.02.2023

#maville

DUDELANGE, ON DIRAIT LE SUD

LIEWE WÉI AM SÜDEN


DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

# COMPOSITION DU CONSEIL COMMUNAL


Dan Biancalana,
bourgmestre LSAP


Loris Spina,
échevin LSAP


René Manderscheid,
échevin LSAP


Josiane Di Bartolomeo-Ries,
échevine LSAP


Claudia Dall'Agnol,
échevine LSAP


Martine Bodry-Kohn,
conseillère LSAP



Romain Zuang,
conseiller LSAP


Bob Claude,
conseiller LSAP



Alain Clement,
conseiller LSAP


Walter Berettini,
conseiller LSAP


Michèle Kayser-Wengler,
conseillère CSV


Jean-Paul Gangler,
conseiller CSV


Jean-Paul Friedrich,
conseiller CSV



Claude Martini,
conseiller CSV


Françoise Kemp,
conseillère CSV


Monique Heinen,
conseillère Déi Gréng


Semiray Ahmedova,
conseillère Déi Gréng


Thessy Erpelding,
conseiller Déi Lénk


Victor Haas,
conseiller indépendant

Éditeur responsable: Collège des bourgmestre et échevins de la Ville de Dudelange
Résumé français: Patrick Bausch / Retranscriptions: Rita Schmit & Christiane Colbett
Photos: Ville de Dudelange / Impression: Imprimerie Mechtel
n°1&2 / 2023 - Parution: avril 2023

myclimate neutral Overall 01-17-375394 myclimate.org

PRINTED IN LUXEMBOURG

# SOMMAIRE


Rapports sommaires en français 4

## CONSEIL COMMUNAL DU 26.01.2023

**AVIS À DONNER AU SUJET DU PROJET DE PROGRAMME DIRECTEUR D'AMÉNAGEMENT DU TERRITOIRE (PDAT)** 10

## CONSEIL COMMUNAL DU 10.02.2023

**1. CORRESPONDANCE** 28

**2. CIRCULATION** 28

2.1. Confirmation d'un règlement d'urgence temporaire de la circulation – rue des Champs, rue Schortgen et rue de la Vallée
2.2. Modification à apporter au règlement général de la circulation – rue Mme Mayrisch de St Hubert

**3. FINANCES COMMUNALES** 32

3.1. Plan pluriannuel de financement des exercices 2024 à 2026 – présentation et discussion
3.2. Approbation des tarifs d'utilisation du réseau de distribution de gaz naturel et des modifications à apporter au règlement-taxes général – Gaz
3.3. Prolongation du contrat de bail commercial avec Madame Yara Kassouha au sujet de la sous-location d'une partie de l'immeuble commercial sis 77, avenue Grande-Duchesse Charlotte
3.4. Approbation du contrat de bail commercial avec la société Co-Labor au sujet de la sous-location du local commercial 14-16, rue de la Libération
3.5. Approbation d'actes notariés relatifs à l'acquisition d'emprises
*3.5.1. époux Charles Hugo et Sabine Victorine Ghislaine Georgette Culot, terrains rte de Burange*
*3.5.2. époux Nico Reiffers et Chantal Lehmeier, terrains rue de la Fontaine*
*3.5.3. époux Laurent Jomé et Claudine Marie Charlotte Koster, terrains rue Goethe*
*3.5.4. Madame Marie-Claire Ludwig, terrains rue Goethe*
*3.5.5. époux Henri Nico Reitz et Pierrette Walentiny, terrains rue Goethe*
*3.5.6. Madame Christiane Domenica Victoria Carri, terrains op der Lenkeschléi*
*3.5.7. société « Lieber Racing Team S.à r.l. », terrains rue de la Libération*
*3.5.8. époux Azem Beganovic et Suada Kolic, terrains rue de la Paix*
*3.5.9. époux François Roger Schenten et Marie Thérèse Heymans, terrains rue de la Paix*
*3.5.10. Monsieur Adel Adrovic, terrains route de Zoufftgen*
3.6. Reclassement de parcelles de terrain, section B de Burange, du domaine communal public en domaine communal privé en vue de leur échange
3.7. Nouvelle fixation de l'indemnité allouée aux médecins scolaires généralistes et pédiatres
3.8. Approbation du 2e avenant à la convention Logis Hôtel-Restaurant Cottage, relative à la mise à disposition d'une structure pour l'hébergement provisoire de demandeurs de protection temporaire entre l'ONA, l'Hôtel Cottage et la Ville de Dudelange
3.9. Approbation de la convention spécifique entre l'Université du Luxembourg / Luxembourg Centre for Contemporary and Digital History et la Ville de Dudelange dans le cadre de la relation de partenariat
3.10. Approbation du devis estimatif relatif à l'installation d'un système monitoring énergétique dans l'école Gaffelt
3.11. Approbation du devis estimatif relatif à l'installation d'un système monitoring énergétique dans l'école Strutzbierg A, B et D
3.12. Approbation du devis estimatif relatif au remplacement de la chaudière, du ballon d'eau chaude, de la détection de gaz et des panneaux de douches au Stade Amadeo Barozzi
3.13. Approbation du devis estimatif relatif au remplacement des centrales de détection incendie aux ateliers communaux, bâtiments G et L
3.14. Approbation du devis estimatif relatif au remplacement de la détection incendie et de l'éclairage de secours à la bibliothèque publique régionale
3.15. Approbation du devis estimatif relatif au remplacement des installations de sécurité détection incendie et de désenfumage au Centre Hild
3.16. Approbation du devis estimatif relatif au remplacement du tapis synthétique au Stade Amadeo Barozzi

3.17. Autorisation de contracter un emprunt de 15'000'000,- €
3.18. Approbation d'un décompte
3.19. Subside extraordinaire à allouer

**4. APPROBATION DE LA CONVENTION AVEC LA SOCIÉTÉ DIDDELENGER SPORTMUSÉE A.S.B.L. CONCERNANT LES LOCAUX AU HALL POLYVALENT, ROUTE DE BETTEMBOURG** 51

**5. MONUMENTS NATIONAUX** 52
5.1. Avis à donner relatif à la proposition de classement comme monument national de l'immeuble sis 82, rue du Parc
5.2. Avis à donner relatif à la proposition de classement comme monument national de divers immeubles (« Verwaltungsgebäude + Sanitär- und Umkleideräume », « Blechwalzwerkhalle », « Elektrizitätszentrale », « Eingangsportal ») du site sidérurgique Greisendall

**6. ENVIRONNEMENT ET DÉVELOPPEMENT DURABLE** 55
6.1. Approbation de la stratégie pour la protection de la nature et de l'eau de la Ville de Dudelange, dans le cadre du Pacte Nature, selon le point 1.1. du catalogue de mesures du Pacte Nature
6.2. Décision à prendre relative à la résilience des forêts de la Ville de Dudelange, dans le cadre du Pacte Nature, selon le point 5.11. du catalogue des mesures du Pacte Nature

**7. COMMISSIONS CONSULTATIVES – CHANGEMENTS À APPORTER AU POOL DES REMPLAÇANTS** 60

**8. PERSONNEL** 60
8.1. Création d'un poste d'employé communal à tâche complète, groupe d'indemnité C1, éducatif et psycho-social (service éducation et accueil)
8.2. Création de deux postes d'employé communal à tâche complète, groupe d'indemnité B1, éducatif et psycho-social (service éducation et accueil)
8.3. Création d'un poste d'employé communal à tâche complète, groupe d'indemnité B1, administratif (bibliothèque publique régionale)
8.4. Création d'un poste de fonctionnaire communal à tâche complète, groupe de traitement C1, administratif (recette communale, service facturation)
8.5. Création d'un poste de fonctionnaire communal à tâche complète, groupe de traitement B1, administratif (service logement)

**9. QUESTIONS AU COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS** 62

# RAPPORT SOMMAIRE (CONSEIL COMMUNAL DU 26.01.2023)

Présents : Messieurs Dan Biancalana, bourgmestre ; Loris Spina, René Manderscheid ; Madame Josiane Di Bartolomeo-Ries, échevins. Mesdames Semiray Ahmedova, Martine Bodry-Kohn ; Messieurs Bob Claude, Alain Clement ; Madame Thessy Erpelding ; Messieurs Jean-Paul Friedrich, Jean-Paul Gangler, Vic Haas ; Mesdames Monique Heinen, Michèle Kayser-Wengler, Françoise Kemp et Monsieur Romain Zuang, conseillers. Patrick Bausch, secrétaire communal. Absents : Madame Claudia Dall'Agnol, échevine ; Messieurs Walter Berettini et Claude Martini, conseillers, excusés. Procurations : Madame Claudia Dall'Agnol, échevine, a conféré une délégation de vote à Monsieur René Manderscheid, échevin, pour voter en son nom pour le point unique à l'ordre du jour. Monsieur Walter Berettini, conseiller communal, a conféré une délégation de vote à Madame Martine Bodry-Kohn, conseillère communale, pour voter en son nom pour le point unique à l'ordre du jour. Monsieur Claude Martini, conseiller communal, a conféré une délégation de vote à Madame Michèle Kayser-Wengler, conseillère communale, pour voter en son nom pour le point unique à l'ordre du jour.

## PROJET DE PROGRAMME DIRECTEUR D'AMÉNAGEMENT DU TERRITOIRE (PDAT)

Après discussion et délibération, le conseil communal émet à l'unanimité son avis au sujet du PDAT.

**Résumé de l'avis émis par le conseil communal**

Le projet de PDAT2023 définit « une stratégie intégrée des programmations sectorielles ayant des répercussions sur le développement territorial et arrête les orientations, les objectifs politiques ainsi que les mesures du Gouvernement et des communes à prendre afin de garantir le respect de l'intérêt général en assurant à l'ensemble de la population des conditions de vie optimales par une mise en valeur et un développement durable de toutes les parties du territoire national ». Le projet de PDAT2023 ambitionne « de préparer le territoire aux futurs développements, qu'ils soient plus ou moins importants, en définissant une stratégie territoriale qui allie protection et mise en valeur du territoire et qui soit portée par le Gouvernement et soutenue par les communes ».

Le conseil communal partage les principes de base retenus par le projet de PDAT2023, principes qui prévoient plus spécialement : la préparation et l'organisation de la résilience territoriale ; le maintien de la cohésion territoriale, sociale et économique ; une utilisation optimisée des ressources naturelles, et la visée d'une neutralité climatique, tout comme les objectifs politiques prioritaires retenus par la suite : la réduction de l'artificialisation du sol ; la concentration du développement aux endroits les plus appropriés ; la planification territoriale transfrontalière, ainsi que l'objectif transversal de la gouvernance.

En ce qui concerne les stratégies pour mettre en oeuvre les objectifs politiques, notamment dans le contexte d'un territoire résilient et décarboné, le conseil communal estime que les orientations suivantes paraissent, entre autres, particulièrement adéquates : le constat de l'existence d'un potentiel foncier au niveau des PAG et donc à priori l'absence de nécessité d'extension des périmètres d'agglomération ; la nécessité de revitaliser les centres des agglomérations, de revoir la localisation des services de proximité et de développer et d'installer le concept de la « ville du quart d'heure » ; l'impératif d'une végétalisation plus développée afin d'enrayer la perte de biodiversité et d'assurer une adaptation aux changements climatiques. Certaines déficiences fondamentales du projet de PDAT2023 sont néanmoins relevées , notamment au sujet des objectifs politiques énoncés, et le conseil communal formule ses appréciations suivantes, axées spécifiquement sur le territoire de la Ville de Dudelange :

### OBJECTIF 01 :
Réduction de l'artificialisation du sol

La zone d'aménagement différée « Ribeschpont » constitue l'unique potentiel de développement d'envergure à long terme sur le territoire de la Ville de Dudelange dont la réalisation se heurterait à l'approche de la « zéro artificialisation nette » et aux seuils maxima préconisés par le projet de PDAT2023, donc ce site doit être considéré hors-seuil communal. L'approche de « Transferable Developpement Rights » atteindra certainement ses limites pour les droits de développement existants pour la zone « Ribeschpont ».

Le conseil communal se rallie au principe d'utiliser la ressource foncière de la manière la plus efficiente possible et d'exploiter prioritairement les surfaces déjà artificialisées ou dégradées. Néanmoins, le conseil communal ne saurait approuver le seuil maximal d'artificialisation attribué à la Ville de Dudelange et sollicite que ce seuil soit adapté à la situation réelle du potentiel de la commune, et en conséquence d'accorder des exceptions, voire des droits supplémentaires à la Ville de Dudelange, afin de pouvoir remplir son rôle de « Centre de Développement et d'Attraction » (CDA) d'importance régionale », plus précisément en ce qui concerne : la zone « Ribeschpont » en tant que potentielle « Zone Prio-

ritaire d'Habitation » (ZPH) d'importance régionale ; les zones d'activités économiques (ZAE) ; les projets d'équipements publiques en lien avec sa fonction de (CDA) d'importance régionale.

Densification de l'existant à Dudelange : une densification douce doit se faire en respect du tissu bâti et en analysant toujours la possibilité de construire davantage en hauteur (...) ; il est donc nécessaire de prévoir plus d'instruments urbanistiques, mis à disposition des communes, pour développer et gérer l'existant, il y a évidemment lieu de veiller à pouvoir gérer les charges de trafic supplémentaires ;

Le conseil communal soutient l'outil du « Transferable Development Rights » et est d'avis que le recours à un tel outil serait judicieux car il permettrait de gérer efficacement la croissance urbaine tout en assurant une conservation du milieu naturel mais sollicite des précisions sur sa mise en oeuvre.

Concernant le volet de la « Mehrwertabgabe » : Le conseil communal attire l'attention sur la nécessité de garder en considération le cumul de ce genre d'initiative avec d'autres initiatives existantes ou en cours de discussion (p.ex. « Baulandvertrag », Art. 29bis, réforme de l'impôt foncier, impôt national à la mobilisation de terrains) afin de ne pas provoquer un blocage global de la mobilisation des terrains à bâtir.

## OBJECTIF 02 :
### Concentrer le développement aux endroits les plus appropriés (armature urbaine)

Les objectifs et le concept du PAG 2022 de la Ville reflètent les prémices d'un « Centre de Développement et d'Attraction » (CDA), bien structuré avec la définition de quartiers ayant une mixité des fonctions, une forme urbaine arrondie, un développement par phases (p.ex. le futur quartier « Ribeschpont »), ce qui correspond aux objectifs du projet de PDAT2023.

Le financement des CDA d'importance régionale doit absolument être renforcé, p.ex. via une adaptation des finances communales. Dudelange assure d'ores et déjà une fonction supérieure à celle d'un CDA régional « classique », notamment en comparaison avec d'autres CDA régionaux de moindre envergure et en accueillant déjà des institutions d'ordre national (CNA, LNS, Lycée, Zones d'activités économiques nationales). Dans ce sens il y lieu d'accorder à la Ville de Dudelange, un seuil d'artificialisation qui permet l'implantation d'équipements publics d'envergure régionale, voire nationale nécessaire à la fonction de CDA d'importance régionale, ainsi que le développement du potentiel défini au niveau du PAG voire du PAL.

L'État est invité à assumer ses responsabilités pour soutenir le rôle de CDA d'importance régionale de Dudelange, plus précisément : en réactivant les réflexions concernant la décentralisation des emplois et des équipements et en définissant un programme concret de délocalisation d'emplois étatiques, des administrations, ...) ; par sa volonté de vouloir implanter une école européenne et un lycée international ; en plaçant le focus sur la planification de l'implantation du « Centre National des Collections Publiques » (CNCP) ; en maintenant la mixité fonctionnelle dans les quartiers existants, mais aussi en la préconisant activement dans les nouveaux quartiers, p.ex. par le support du projet NeiSchmelz en tant que quartier urbain mixte (centralisé, services et équipements publics rayonnants, ...) ; en priorisant les grands projets de la mobilité (p.ex. le train, CHNS, BHNS, ...), dans l'esprit de l'ATER/PDAT afin de promouvoir une connexion optimale et donc de garantir une bonne qualité de vie à Dudelange tout en réalisant le projet du renforcement et de la perméabilité de l'antenne ferroviaire à Dudelange ; en développant la zone d'activités économiques nationale « Koibestrachen ».

Le conseil communal s'interroge sur le volet « Région Sud », à savoir : Quelle est la position de l'État vis-à-vis de la déconcentration des équipements et des administrations étatiques ? Quelle démarche stratégique est proposée en ce sens ? Qui en sera l'interlocuteur ? Quel est le rôle du Ministère de l'Energie et de l'Aménagement du territoire dans ces discussions et prises de décisions ?

## OBJECTIF 03 :
### Renforcer la planification territoriale transfrontalière

Le conseil communal exprime clairement sa volonté d'initier et d'oeuvrer activement dans le domaine de la coopération transfrontalière. Le but est donc de procéder à un véritable développement régional avec la région transfrontalière. Développer cette coopération, notamment en commençant par le sujet de la mobilité et les réseaux de l'Administration des Ponts et Chaussées, dont la mise à 2 fois 3 voies de l'autoroute A3 y compris le parking « Park&Ride » près du nouvel échangeur Dudelange-Centre, qui sera également accessible depuis la France. Autres sujets à inclure et à promouvoir dans les planifications transfrontalières : assainissement, renaturation cours d'eau, développement économique, délocalisation d'emplois vers la frontière (exemple de bureaux décentralisés (« antennes »).

Fin de la séance vers 19.15 heures.

# RAPPORT SOMMAIRE (CONSEIL COMMUNAL DU 11.02.2023)

Présents : Messieurs Dan Biancalana, bourgmestre ; Loris Spina, René Manderscheid ; Mesdames Josiane Di Bartolomeo-Ries et Claudia Dall'Agnol, échevins. Mesdames Semiray Ahmedova, Martine Bodry-Kohn ; Messieurs Bob Claude, Alain Clement ; Madame Thessy Erpelding ; Messieurs Jean-Paul Friedrich, Jean-Paul Gangler, Vic Haas ; Mesdames Monique Heinen, Michèle Kayser-Wengler, Françoise Kemp ; Messieurs Claude Martini et Romain Zuang, conseillers. Patrick Bausch, secrétaire communal.
Absent : Monsieur Walter Berettini, conseiller, excusé. Procurations : Monsieur Walter Berettini, conseiller communal, a conféré une délégation de vote à Madame Martine Bodry-Kohn pour voter en son nom pour l'ensemble des points de l'ordre du jour de la séance.

**1 – CORRESPONDANCE**
Il n'y a pas de correspondance à transmettre aux membres du conseil communal.

**2 – CIRCULATION**
Les deux décisions ci-après au sujet de la réglementation de la circulation sont prises à l'unanimité :

2.1. la confirmation d'un règlement d'urgence à caractère temporaire de la circulation, édicté par notre collège des bourgmestre et échevins en date du 27 janvier 2023, concernant la réglementation du nouveau service de transport par navette dans la rue des Champs, la rue Schortgen et la rue de la Vallée ;

2.2. la modification du règlement général de la circulation pour la réglementation de la piste cyclable dans la rue Madame Mayrisch de St Hubert.

**3 – FINANCES**
3.1. le plan pluriannuel de financement des exercices 2024 à 2026 est présenté et discuté séance tenante ;

Les points numéros 3.2. à 3.11. sont approuvés à l'unanimité des voix

3.2. les tarifs d'utilisation du réseau de distribution de gaz naturel et les modifications à apporter au chapitre XIV : Gaz – du règlement-taxes général ;

3.3. le contrat de bail commercial de sous-location avec Madame Yara Kassouha pour la reconduction du contrat de bail commercial au sujet de la sous-location du local commercial sis 77, avenue Grande-Duchesse Charlotte pour une durée supplémentaire de 3 mois, prenant effet le 1er janvier 2023 ;

3.4. le contrat de bail commercial de sous-location avec la société Co-Labor, avec siège social à Bertrange, au sujet de la sous-location du local commercial, 14-16, rue de la Libération pour une durée de 3 années, prenant effet le 1er avril 2023 ;

3.5. les actes notariés de vente pour l'acquisition d'emprises en vue de l'intégration des terrains dans la voirie publique : avec les époux Charles Hugo et Sabine Victorine Ghislaine Georgette Culot pour des terrains sis route de Burange ; avec les époux Nico Reiffers et Chantal Lehmeier pour des terrains sis rue de la Fontaine ; avec les époux Laurent Jomé et Claudine Marie Charlotte Koster pour des terrains sis rue Goethe ; avec Madame Marie-Claire Ludwig pour des terrains sis rue Goethe ; avec les époux Henri Nico Reitz et Pierrette Walentiny pour des terrains sis rue Goethe ; avec Madame Christiane Domenica Victoria Carri pour des terrains op der Lenkeschléi ; avec la société « Lieber Racing Team S.à r.l. » pour des terrains sis rue de la Libération ; avec les époux Azem Beganovic et Suada Kolic pour des terrains sis rue de la Paix ; avec les époux François Roger Schenten et Marie Thérèse Heymans pour des terrains sis rue de la Paix, et avec Monsieur Adel Adrovic pour des terrains sis route de Zoufftgen ;

3.6. le reclassement de parcelles de terrain, propriété de la Ville de Dudelange, sises à Burange, du domaine communal public en domaine communal privé en vue de leur échange ;

3.7. la nouvelle tarification horaire allouée aux médecins scolaires généralistes et pédiatres pour l'examen des écoliers de la Ville de Dudelange à appliquer avec effet rétroactif à la rentrée scolaire 2022/2023 ;

3.8. le 2e avenant à la convention entre l'Office national de l'accueil ONA, l'Hôtel-Restaurant Cottage et la Ville relative à la mise à disposition d'une structure pour l'hébergement provisoire de bénéficiaires de protection temporaire. Aux termes de cet avenant et au vu de la saturation du réseau d'hébergement de l'ONA, il a été nécessaire d'augmenter de 7 chambres doubles, soit de 14 lits la capacité maximale de l'Hôtel-Restaurant Cottage pour la porter de 14 chambres à 21 chambres, soit de 28 à 42 lits ;

3.9. la convention spécifique entre l'Université du Luxembourg / Luxembourg Centre for Contemporary and Digital History et la Ville de Dudelange au sujet de l'étude de l'histoire des migrations ;

3.10. le devis estimatif, établi par le service communal technique des bâtiments, pour un montant de 28'000,- € TTC relatif à l'installation d'un système de monitoring énergétique dans l'école Gaffelt ;

3.11. le devis estimatif, établi par le service communal technique des bâtiments, pour un montant de 25'000- € TTC relatif à l'installation d'un système de monitoring énergétique dans l'école Strutzbierg – bâtiments A, B et D ;

Le point numéro 3.12. est approuvé avec 17 voix et 2 abstentions

3.12. le devis estimatif, établi par le service communal technique des bâtiments, pour un montant de 110'000,- € TTC relatif au remplacement de la chaudière, du ballon d'eau chaude, de la détection de gaz et des panneaux de douches au stade Amadeo Barozzi ;

Les points numéros 3.13. à 3.17. sont approuvés à l'unanimité des voix

3.13. le devis estimatif, établi par le service communal technique des bâtiments, pour un montant de 16'000,- € TTC relatif au remplacement des centrales de détection incendie dans les bâtiments G et L des ateliers communaux ;

3.14. le devis estimatif, établi par le service communal technique des bâtiments, pour un montant de 31'000,- € relatif au remplacement de la détection incendie et de l'éclairage de secours à la bibliothèque publique régionale ;

3.15. le devis estimatif, établi par le service communal technique des bâtiments, pour un montant de 23'000,- € TTC relatif au remplacement des installations de sécurité détection incendie et de désenfumage au Centre Hild ;

3.16. le devis estimatif, établi par notre service des sports, chiffrant la dépense relative au remplacement du tapis du terrain synthétique au stade Amadeo Barozzi au montant global de 500'000,- € TTC ;

3.17. le principe de contracter un emprunt de 15'000'000,- € aux conditions suivantes : taux d'intérêt variable 3 ou 6 mois (EURIBOR) ou taux d'intérêt fixe ; durée: 20 ans ; les remboursements sont semestriels ;

Le point numéro 3.18. est approuvé avec 18 voix contre 1: 3.18. le décompte au sujet de la construction du gîte Red Rock Trail « Floater » pour un montant de 1'307'032,75- € ;

Le point numéro 3.19. est approuvé à l'unanimité: 3.19. les subsides extraordinaires suivants : 150,- € à l'a.s.b.l. MemoShoah Luxembourg afin de soutenir son travail sur la mémoire des juifs déportés du Luxembourg ; 500,- € à la Croix-Rouge ; 500,- € à Caritas ; 500,- € à Médecins sans Frontières ; 500,- € à Unicef Luxembourg pour soutenir les associations dans leurs actions pour venir en secours aux sinistrés des récents séismes en Turquie et en Syrie.

## 4 – DIDDELENGER SPORTMUSÉE

A l'unanimité, est approuvée la convention conclue avec l'association Diddelenger Sportmusée a.s.b.l. pour la mise à disposition d'un ensemble de locaux dans l'immeuble, hall polyvalent, sis route de Bettembourg.

Aux termes de la convention, la Ville et l'association collaborent en vue de mettre des expositions, des recherches, des collections et des pièces uniques à la disposition des habitants, pièces destinées à la documentation historique du développement du sport à Dudelange. Les collections, documentations et archives de l'association sont à disposition de la Ville par l'intermédiaire de la commission ad hoc « Mémoire Collective » et en cas de dissolution de l'association ou d'incapacité d'assurer la gestion de l'ensemble des collections et pièces, le contenu deviendra propriété de la Ville.

## 5 – MONUMENTS NATIONAUX

Le conseil communal avise favorablement, avec les voix de tous les conseillers communaux, les propositions de Madame la Ministre de la Culture en vue du classement comme patrimoine culturel national des immeubles suivants :

5.1. l'immeuble sis 82, rue du Parc, appartenant à Madame Angie Héros et Monsieur Christophe Remy Nicolas Diederich, en raison de son intérêt historique, architectural et urbanistique ;

5.2. divers immeubles (« Verwaltungsgebäude + Sanitär- und Umkleideräume », « Blechwalzwerkhalle », « Elektrizitätszentrale », « Eingangsportal ») du site sidérurgique Greisendall, appartenant à la société Greisendahl S.A.S., en raison de leur intérêt public de protection et de conservation.

## 6 – ENVIRONNEMENT ET DÉVELOPPEMENT DURABLE

Les explications sont fournies aux membres du conseil communal par un délégué du syndicat intercommunal SICONA Sud-Ouest.

Ainsi, le conseil communal approuve unanimement

6.1. la stratégie pluriannuelle pour la protection de la nature et de l'eau selon les prescriptions du document « Aide à l'évaluation et à la mise en œuvre - Version 4.0 du 2 juin 2022 » mandaté par le Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable et « Klima-Agence » constatant que cette stratégie inclut les plans d'actions prioritaires relatifs aux milieux urbains, ouverts, aquatiques et forestiers, intégrant ainsi les mesures « 2.19 Plan d'action prioritaire relatif au milieu urbain », « 3.14 Plan d'action prioritaire relatif au milieu ouvert », « 4.13 Plan d'action prioritaire relatif au milieu aquatique » et « 5.12 Plan d'action prioritaire relatif au milieu forestier » du catalogue de mesures du Pacte Nature ;

6.2. un plan d'aménagement forestier relatif à la forêt communale, prévoyant d'augmenter l'âge de coupe et de préserver les vieux arbres aux fins de la régénération naturelle. La valeur indicative pour l'âge d'abattage a été fixée en collaboration avec l'administration forestière à 220 ans pour les hêtres et à 260 ans pour les chênes.

## 7 – COMMISSIONS COMMUNALES

Les modifications suivantes dans la composition des commissions consultatives communales sont approuvées à l'unanimité: commission des sports et des loisirs – Monsieur Raoul Jungers remplace feu Monsieur Jean Lorang ; les personnes suivantes sont ajoutées au pool des remplaçants : Mesdames Paula Das Neves, Fabienne Dimmer ; Monsieur Robert Goergen ; Madame Eliza Gucati ; Monsieur Raoul Jungers ; Mesdames Lajla Kapetanovic-Licina, Isabelle Karger,

Martine Loullingen ; Monsieur Jean-Pierre Lutgen ; Madame Kelly Pleim ; Monsieur Yannick Schumacher.

**8 – PERSONNEL**

Les points numéros 8.1 à 8.5. sont approuvés à l'unanimité des voix

8.1. la création d'un poste d'employé communal à tâche complète, relevant de la catégorie d'indemnité C, groupe d'indemnité C1, sous-groupe éducatif et psycho-social pour les besoins du département administratif, service éducation et accueil ;

8.2. la création de deux postes d'employé communal à tâche complète, relevant de la catégorie d'indemnité B, groupe d'indemnité B1, sous-groupe éducatif et psycho-social pour les besoins du département administratif, service éducation et accueil ;

8.3. la création d'un poste d'employé communal à tâche complète, relevant de la catégorie d'indemnité B, groupe d'indemnité B1, sous-groupe administratif pour les besoins du département administratif, service bibliothèque publique régionale et la suppression du poste d'employé communal dans la catégorie d'indemnité D, groupe d'indemnité D1, sous-groupe administratif occupé actuellement par un agent communal lors du départ à la retraite de celui-ci ;

8.4. la création d'un poste de fonctionnaire communal à tâche complète, relevant de la catégorie de traitement C, groupe de traitement C1, sous-groupe administratif, pour les besoins du département financier, service facturation et la suppression du poste d'employé communal dans la catégorie d'indemnité D, groupe d'indemnité D1, sous-groupe administratif occupé actuellement par un agent communal lors du départ à la retraite de celui-ci ;

8.5. la création d'un poste de fonctionnaire communal à tâche complète, relevant de la catégorie de traitement B, groupe de traitement B1, sous-groupe administratif, pour les besoins du département administratif, service logement dans le cadre d'une procédure de changement de carrière et la suppression du poste de fonctionnaire communal relevant de la catégorie de traitement C, groupe de traitement C1, sous-groupe administratif, occupé actuellement par un agent communal.

**9 – QUESTIONS**

Deux questions ont été soumises au collège des bourgmestre et échevins de la part de la fraction « CSV » au sujet du stade Jos Nosbaum et du « Shared Space ».

Il est répondu aux questions séance tenante. La réunion se poursuit ensuite à huis clos. Des décisions relatives à l'enseignement fondamental et au personnel communal sont avalisées par le conseil communal en séance à huis clos.

Fin de la séance vers 13.00 heures.



# GEMENGEROTSSËTZUNG VUM 26. JANUAR 2023

### STELLUNGNAM ZUM PROJET VUM LEITPROGRAMM FIR RAUMPLANUNG (PDAT- PROGRAMME DIRECTEUR D'AMÉNAGEMENT DU TERRITOIRE)

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Léif Kolleeginnen a Kolleegen, e schéine gudde Mëtten, ech géing lech ganz häerzlech hei begréissen an eiser Gemengerotssëtzung, eng Sitzung, wou mer am Fong just ee Punkt um Ordre du jour hunn, dat ass den Avis vun der Stad Diddeleng par rapport zum PDAT, dem Programme directeur d'aménagement du territoire.

Ech begréissen och d'Vertriederin vun der Press, déi hei ass an ech wéilt hei och fir d'Form nach festhalen, datt mir Procuratioune virleien hunn, d'Claudia Dall'Agnol huet eng Procuratioun ginn dem René Manderscheid, den Här Berettini huet der Madamm Kohn eng Procuratioun ginn, an de Här Martini der Madamm Kayser. Dat kënne mer esou actéieren. Dat zu de Formalitéiten.

Da begréissen ech an eiser Ronn vun eisem Planerbureau d'Chantal Zeyen an awer och d'Eva Gottschalk an d'Cathy Mambourg vum Service Architecture et Domaines. Mir hat e jo viru gutt zwou Wochen en informelle Gemengerot, wou mer méi in extenso op de PDAT agaange sinn an och Erklärunge kritt hunn, dofir wäerte mer eis elo hei beim Gemengerot op eng Presentatioun limitéieren, déi éischter op déi grouss Prinzipie wäert agoe vum PDAT , dat wäert dann och d'Chantal Zeyen maachen. Dono géife mer duerch den Avis goen, dee mer redigéiert hunn, dofir virop och merci der CSV an de Lénken, fir déi Proposen, déi erageschéckt goufen an déi mer mat agebaut hunn, an da géife mer och dann eng generell Diskussioun maache ronderëm de PDAT . éier mer dann op de Vott iwwerginn. Dofir géif ech dann elo direkt d'Wuert weiderginn un d'Chantal Zeyen.

CHANTAL ZEYEN (ZEYEN+BAUMANN): Schéine gudden Owend, jo ech probéieren dat dann, e groussen Thema mat enger grousser Envergure, da vläicht e bësse kuerz ze maachen. De Programme directeur d'aménagement du territoire, ofgekierzt PDAT , dat ass eng Planung oder ee Konzept oder eng Strategie, déi um nationalen Niveau gemaach gëtt, fir eben déi national raimlech Entwécklung ze organiséieren an an déi Linnen an déi Bunnen ze féieren, wéi et u sech ugeduecht ass. Dat ass also en Dokument, dat relativ déck a komplex ass an et geet hei ëm déi Haaptpunkten, déi gesträift sinn an hei ass dann och méi de Fokus op d'Gemeng Diddeleng, quitt dass et jo natierlech landeswäit och ganz aner Thematike gëtt.

Wat ass d'Ambitioun vum Programme directeur d'aménagement du territoire, ofgekierzt de PDAT ? Wat ass de Cadre légal? Wat sinn déi dräi Haaptobjektiver? Ech mengen, et ass och an déi Richtung, wou Dir lech orientéiert huet, fir den Avis ze maachen. A wat sinn dann nach iwwergräifend Objektiver, transversal, déi sougenannt Gouvernance, wéi dat kéint herno organiséiert ginn. D'Ambitiounen: Et geet drëm, eng Strategie ze maache vum ganzen Territoire, fir eben déi zukünfteg Entwécklung ze maachen a dës Entwécklung a geuerdente Bunnen, soen ech elo mol, mat all deene Begréffer, déi mer elo kennen, déi elo an der Diskussioun sinn - Resilienz, Nohaltegkeet, Dekarboniséierung - fir dat ze organiséieren. De Cadre légal ass natierlech d'Landesplanungsgesetz, wou et eben drëm geet, hei de PDAT , wat jo dann dat éischt Dokument, dat iewescht Dokument ass vun der Landesplanung, wou dann eben d'Strategie géing definéiert ginn, wou dann herno déi Programmatioune wäerten drënner kommen, déi schonn deelweis do sinn, déi sektoriell Pläng. Wourëm geet et, wat sinn déi Domänen? Et geet hei ëm d'Organisatioun, wat eng raimlech Entwécklung huet, et ass eng raimlech Entwécklung, déi do soll organiséiert ginn, gelenkt ginn. Et geet och ëm Instrumenter, ëm Ekipementer, d'Finanzéierung, déi an déi Richtung ginn, fir déi Richtungen ze organiséieren, fir den Investissement public, fir deen och an deem Kader ze gesinn an och fir och déi finanziell Aiden, wat jo dann och lech d'Gemeng Diddeleng organiséiert, wéi déi dann an deem Kader wäerte kommen. A wat sinn déi Planungsinstrumenter? Also, dat ass mol dat iewescht Dokument, wat de Progrmme directeur d'aménagement du territoire ass, de PDAT, PDSen, dat sinn d'Plan-sectoriellen, do hat Dir virun 2-3 Joer driwwer rieds an och den Avis gemaacht. Dann de POS, wat e ganz kloert Dokument ass, wat agesat gouf beispillsweis ronderëm de Findel oder och emol fir e Lycée ze bauen an da gëtt et awer da méi op kommunalem Niveau déi Konventiounen tëschent de Gemengen fir datt do e bësselche méi matenee geschafft gëtt, oder awer och wéi de Parc naturel, wat mer elo éischter méi aus dem Norde kennen, mä wat awer elo an der Südregioun soll ugeduecht sinn.

De programme Directeur, dat ass u sech quasi dee véierten, quitt datt deen éischte manner bekannt war, mä deen hei elo mat dësem géing ersat ginn, dat wier dee vun 2003, deen och scho ganz änlech Iwwerleeungen hat awer wou et vläicht net ëmmer esou gegraff huet, also wou ee muss soen, dass dat net esou gegraff huet, an hei ass awer an dësem Kader iwwerluecht ginn, fir do och méi konkret Moossnamen ze kréien, fir dat dann herno och ze kréien. Mir sinn elo hei an der Prozedur, Enn Januar leeft dat aus, wou d'Gemengen do konnten hiren Avis eraginn, deen Avis, deen dann och erwaart gëtt am Ministère, wou an dorobber gekuckt gëtt, fir dat dann do auszeschaffen an déi definitiv Strategie dann do ze schreiwen. Wéi ass dat elo mam Gesetz vu der kommunaler Planung? Do steet am éischten Artikel, am éischten Objektiv dran, dass déi Organisatioun um kommunalen Territoire soll esou organiséiert ginn, datt se „reprend et précise les orientations du programme

directeur de l'aménagement du territoire". Ech mengen, dat ass also elo näischt Neies, dat steet ganz kloer do dran. Do gëtt et natierlech ëmmer déi Diskussioun, wéi wäit geet d'Autonomie communale a wéi wäit brauch een awer trotzdeem och um nationalen Niveau en Artikel, een Dokument, wat dat e bësselche guidéiert, an ech mengen, et ass ganz kloer festgehalen, an dat ass jo och ganz kloer hei zu Diddeleng gemaach ginn, wéi de PAG ausgeschafft gouf, dee jo d'lescht Joer definitiv gouf, dass deen deenen Iwwerleeungen och ganz kloer Rechnung dréit.

Am Kader vum PAG ass och ganz kloer virgesinn, dass een dat muss argumentéieren, wéi een domadder ëmgeet. Dann ass et esou, dass dann elo déi Diskussioun ass vun deem Projet, de PDAT, deen elo an der Diskussioun war oder wou dann elo déi lescht Avisen an dësem Mount fäerdeggemaach ginn. Da ginn déi gekuckt an da gëtt dat definitiivt Dokument – wann et nach gutt geet - virun de Walen 2023 da ficeléiert, woubäi awer kloer ass, dass do eng ganz Rei Moossnamen ugeduecht sinn, déi wäerten och nach legislativ mussen ugepasst ginn, wou een sech dann do e gewëssenen Zäitraum ginn huet bis 2028, fir déi dann och ze ficeléieren an dat dann och an Etappen ëmzesetzen. Bon, déi Haaptobjektiver nach eng Kéier, et geet drëm fir eng Qualité de vie ze kréien, ze halen, ze verbesseren, obschonn et jo ugeduecht ass fir méi eng grouss Densitéit ze kréien, fir manner Flächeverbrauch ze hunn, well et eben och drëm geet, op där anerer Säit, déi raimlech Natur, déi Akerflächen, déi Bëschflächen, déi do sinn, fir déi ze sauvegardéieren, ebe fir méi lokal kënnen och ze produzéieren, fir eben och déi Weeër, déi ëmmer erëm dee Misär jo matmaache fir d'Karboniséierung, fir déi an de Grëff ze kréien, fir déi eben anzeengen. Dofir geet et jo dann och drëm, fir déi Haaptthemaen- Dir hutt vläicht och héieren, dass et och eng aner Planungsphilosophie soll ginn, dass soll anescht gebaut ginn – et bien, wat heescht dat? Dass mer méi eng Densifizéierung hunn, dass mer méi sënnvoll bauen, dass mer de Buedem rationell benotzen, net verbëtzen an deem Sënn, wat awer och u sech eng Aart a Weis ass fir ze bauen, déi hei sécherlech Diddeleng net friem ass, dass et och drëm geet fir eng Mixitéit ze hunn, fir de Prinzip vun de kuerze Weeër, dass ee beschtefalls do wunnt wou ee schafft, oder ëmgedréint, fir dass een net fir alles eppes muss maachen. Dofir sinn eben d'Thema, wou gebaut gëtt, wéi eng Wunnformen, aner Wunnforme vläicht emol, d'Mobilitéit, d'Versuergung, dass dat och kéint lokal sinn, d'Thema Gäert, d'Gäert vun de Leit, en Thema, dat jo och bei Neischmelz diskutéiert gouf, an esou weider.
Ech mengen, den Developpement fir datt déi Spannebeen méi eng ofgerënnten Uertschaft sinn, dass an deem Zesummenhang och eng rationell Notzung ass vun den Ekipementer, dass déi do sinn, wou d'Leit wunnen an och, dass do eng gewësse Masse critique ass, fir déi och sënnvoll ze notzen, déi ganz Ressourcen, déi do engagéiert ginn. Wa mer laang Stroossen hunn, wou keen derlaanscht baut, da muss awer do vill Ënnerhalt sinn an dass een awer op där anerer Säit dann och déi Naturraim, hält, fir eben och de Rekreatiounsberäich, fir d'Erhuelung, an awer och – wéi et ugeduecht ass – fir do eben och Plaz ze hunn, fir d'Noversuergung, fir de Geméisubau an esou weider.

D'Ekonomie och soll méiglech sinn, si soll circulaire sinn, si solle renouvelable sinn, déi do matt dra sinn. Ech mengen, déi Defien, déi sinn, dat ass eben déi Zounam, déi all Joer ass, déi dagdeeglech Migratioun, wou ech dann och elo dra war, fir déi, déi elo erëm heemgefuer sinn, d'Aarbechtsplazen, déi bäikommen, d'Käschte vum Wunnengsbau, wou ka gebaut ginn, wou kënne Wunnenge geschafe ginn? Wou ass de Reequilibrage fir dass do vläit méi erëm och gekuckt gëtt, eng Dezentraliséierung vun den Aarbechtsplazen ze sinn awer och an Zentralraim, net elo wéi et an der Lescht war, dass et op de Peripherië war, wou een dann och bal net de Moyen huet fir kënne mam ëffentlechen Transport ze goen.
An dee ganze Programm ass sech och Gedanke gemaach ginn, wéi en Erfaasse kann do kommen, sou dass et deelweis bis 2035, bis 2050 Iwwerleeunge sinn, déi jo haut mussen ugeduecht ginn, fir dass se muer kënne kommen. Wéi ass d'Resilienz fir dass eis Uertschaften dat kënnen ophuelen, wat ugeduecht ass, dass mer ebe kënnen an Zukunft eng flott Duerchmëschung hunn, eng Duerchgréngung, awer vläicht punktuell méi eng Desinfizéierung, mä dass et awer – wann et méi dense gëtt – ech mengen, dat kenne mer alleguerten, fir dass dat Kritescht dann och diskutéiert gëtt, dass een do wierklech muss Efforte maachen, fir dass et awer och eng flott Duerchgréngung ass, fir dass et Openthaltsplaze ginn, wann déi eenzel Leit manner Gäert hunn, muss en ëffentleche Raum méi Gréngfläch hunn. Ech mengen, et ass alles dat déi nei Planungskultur, déi ugeduecht ass. Et ass méi, dass dat nach méi vernetzt an och au départ muss gekuckt ginn, wéi mer da do hikréien. Do sinn dann an deem Dokument déi dräi Haaptobjektiver.
Dat éischt ass fir progressiv de Flächeverbrauch ze reduzéieren. Do ass dat schéint Wuert hei, déi „Artificialisation et imperméabilisation" vum Buedem genotzt ginn, déi sécherlech vill Diskussiounen och haut schonn huet an och wäert nach hunn. Dann, dat zweet ass fir ze konzentréieren op déi Plazen, wou et appropriéiert ass, wou et Sënn mécht an dann awer och eng grenziwwerschreidend Planung, dat ass am Fong e ganz neit Element hei am PDAT , wat jo dagdeeglech scho vläit scho geschitt, wat awer vläicht nach méi muss kommen, eben och an deem Zesummenhang, wou mer hei an der Groussregioun zesumme wunnen.

Da sinn sech och Gedanken driwwer gemaach ginn, wéi den Espace urbain ka sinn, wéi sinn déi Espace-ruralen, wéi sinn déi Espace-périurbainen do ronderëm? An, wéi ech scho gesot hunn, ass ebe gekuckt ginn, wéi déi Tendenze kënnen no an no ëmgedréint ginn, dass ebe manner Terrain verbraucht gëtt an deene verschiddenen Etappen. Dann, zu dem Objektiv Reduktioun vun der Artificialisatioun, wat ass dorënner ze verstoen? Engersäits huet ee schonn d'Impermeabilisatioun, dat ass dat wou kee Waasser méi versickert, wou Stroosse sinn, wou verdicht sinn, Schottergäert, och net ëmmer esou optimal. Bei der Artificialisatioun geet et do drëm, dass all déi Flächen, déi selbstverständlech versigelt sinn, awer och déi, déi eigentlech net méi wierklech der Landwirtschaft zegutt kommen, déi also gewëssermoosse Gäert a Parke sinn, dat versti mer do ënner Artificialisatioun an dat ass sécherlech schonn zimmlech gutt definéiert, mä ech denken, dass dat awer och nach eppes wäert sinn, wou ech denken, wou och nach musse Präzisioune kommen, wéi dat geet.

Mä op alle Fall ass déi Iddi entwéckelt ginn an dorauser sinn da Koeffizienten och komm fir déi eenzel Gemengen, fir dat och kënnen ze preziséieren Wat ass domadder geduecht? Hei ass et ganz schematesch, dass mer ewechkommen, bannenuerts, also dass ee bannen entwéckelt éier ee bausse geet, mä dass ee bannen awer och kuckt, net ze vill flächenintensiv dat ze maachen, mä méi flächespuerend, dass een och iwwerleet, déi Quartieren, déi ee vläicht huet, Frichë souwéisou, dass déi sollen en neit Liewen hunn, ech mengen, dat kennt Dir ganz gutt, mä awer och, et huet een dat am klengen an och vläicht am Kär hunn oder a verschiddene Quartieren, wou ee seet, dat doten ass eppes wou haut vläicht nach fräistoend Haiser sinn, déi een awer vläicht kann aneschters notzen, wou dann awer och nach ëmmer kann an enger Uertschaft flott gewunnt ginn. Ech mengen, dat sinn all déi Defien, déi domadder eraspillen. An dann ass méi konkret eben déi Phasen, do ass landeswäit gesot ginn, 0, 25 Hektar soll verbraucht ginn, 90 Hektar am Joer iwwer dat ganzt Land an dorauser sinn dann eben déi Koeffizienten u sech ermëttelt ginn, no deenen eenzele Kritären, ass et eng Landgemeng, ass et eng CDA-Gemeng, dat gesi mer nach méi spéit, wat dobäi erauskomm ass. Dat ass ee vun den Haaptpunkten, déi dorobber sinn an da gëtt gekuckt eben bis 2035, dass eben dat no an no ugepasst gëtt fir dass een eben tendenziell no 2050 am Fong iwwerhaapt keen neit Land, Agrarland, brauch méi ze hunn, fir weidere Wunnraum, Schaffraum an och Raum fir Schoulen an esou weider ze notzen. Also, ënner déi Artificialisatioun falen all déi Notzungen.

Do ass dann och ebe gekuckt ginn, dass engersäits déi Ressourcë vum Waasser, d'landwirtschaftlech Fläch, dass déi och erhale bleift, eben, fir Geméis an Iesswueren ze produzéieren an dass mer awer och nach genuch Raum hu fir d'Biodiversitéit an och als Erhuelungsraum ze halen. Da gëtt och iwwerluecht eben, de Maillage bleu, de Maillage vert, de Maillage jaune, vläicht nach eng Kéier als Detail, och eben de Raum vum Waasser, Waasser an deem Sënn, dass mer de Baache genuch Raum loossen, fir wa Staarkree kënnt, wat jo och mat der Klimaverännerung kënnt, dass och dofir Raum bleift fir dat insgesamt besser kënne ze organiséieren an och deenen eenzele Besoinen do dee Raum ze loossen. Da gëtt innerhalb vun de PAGe gekuckt ginn, ech denken, dass do méi Landgemengen do ganz konkret, déi dacks jo vill Terrainen hunn, par rapport zu hirer Fonctioun, wat vläicht ugeduecht ass, dass do wäerte Saachen zeréckklasséiert ginn, dat muss ee kucken, wéi eben och elo fir Diddeleng, wéi dat da wäert sinn. Mä fir dat dann ze kréien, mussen natierlech Modifications législatives kommen. Also, et muss ee soen, dass d'Gemengen haut bal alleguerten en definitiv approuvéierte Projet hunn an dat ass emol ginn, do muss elo mol fir d'éischt eng Legislatioun kommen, éier dat en Agrëff dorobber huet. Mä, ech mengen awer, et ass awer sënnvoll, dass een haut sech ebe Gedanke mécht, wéi si mir an eiser Gemeng a wat huet dat fir Repercussiounen a wat kéint dat do ausmaachen? Mä, wéi gesot, haut si jo déi Saachen do an da muss ebe gekuckt ginn, wéi déi Artificialisatioun, wéi déi Koeffizienten, déi do ugeduecht sinn, wéi déi sech kéinten hei auswierken. Dann ass ebe fir dee Mechanismus, fir ze soen, wann ech baussen Terrainen zeréckklasséieren, fir ze kucken, do wou Baurecht ewechgeholl gëtt, wou kann ech dat vläicht banne kompenséieren, dass dann ebe banne méi densifizéiert gëtt. Do ass sech e System hei iwwerluecht ginn, ech denken, dee muss awer nach weider verfeinert ginn, deen Transfert des droits de bâtir, also, dass ech vu baussen et ewechhuelen an no bannen et verleeën, wéi dat herno konkret gëtt, dat muss ee gesinn, mä ech mengen awer, dat ass warscheinlech deen eenzege Moyen fir dat kënne konkret ze maachen, dass dat iwwer dee Wee do geet, fir dat kënnen ze maachen. Dat sinn, wéi gesot, awer dach méi konkret Moossnamen, déi ugeduecht sinn, déi awer och wäerten herno nach a konkrete Projeten, Pilotprojete warscheinlech, wäerten iwwerduecht ginn.

Bon, d'Spezifizitéit vun Diddeleng ass esou, dass do elo ugeduecht ass an deem Dokument eben engersäits fir d'Regioun Süden esouvill, ech mengen, ech géif do direkt hei fir Diddeleng kucken, fir Diddeleng ass do ee Seuil, dee Seuil d'artificialisation, Hektar pro Joer, vun 2, 13 festgeluecht ginn, dat heescht, Diddeleng kënnt sech, mol 12, kënnt sech dann esouvill entwéckelen. Mir hunn dat dann natierlech dann emol hei iwwerluecht, wat heescht dat par Rapport zum PAG, esou wéi mir en entwéckelt hunn an esou wéi mir och gemengt hunn, dass en awer flott ass, keng Spannebeen huet, ofgerënnt ass, am Fong eng Bannenentwécklung mat Ofrënnung vun der Uertschaft, do komme mer dann awer, wa mer déi Flächen all kucken a wa mer Neischmelz ofrechnen, well Neischmelz ass jo eng Entwécklung, eng Neientwécklung vun eppes wat scho versigelt ass, wat an deem Artificialisatiounskoeffizient net ugerechent gëtt, da géinge mer do awer kommen op 4, 08 Hektar pro Joer, wat jo dann deem vis-à-vis géing stoe vun deenen 2, 13, déi do als Koeffizient elo de Moment do festgehale goufen. Mä wann een awer och kuckt, am Kader vum Pacte Logement, wou jo d'Gemeng matgemaach huet, de Plan d'action local opgestallt huet, wou also nach eng Kéier gekuckt gëtt, wou sinn elo wierklech déi PAPen, déi amgaang sinn, déi ugeduecht sinn, déi wäerten awer geschwë kommen, wa mer dat dann och weider erofbriechen, da komme mer do op e Flächeverbrauch fir déi nächst 12 Joer vu 5 Hektar. Dat heescht, mir stellen do fest, dass do eng gewëss Diskrepanz ass an ech denken, dass dat jo och am Avis herno wäert kloer erauskommen, dass ee seet, wéi ass dat do ze verstoen, wéi gi mir herno domadder ëm?

Wann een och kuckt – wann der de PAG e bësselchen nach frësch am Kapp hutt – da hu mer jo wierklech eng ofgerënnte Form, a mir hunn awer do och d'Beispill Ribeschpont, wou mer dat als ADAD ugeduecht hunn a gesot hunn, elo no Neischmelz wier dat jo awer sënnvoll fir dat dann do ze entwéckelen an do misst een dann elo kucken, wéi geet ee mat esou enger Fläch ëm, wat geschitt där? Kann do elo eng Reglementatioun kommen, dass déi eventuell reduzéiert gëtt, ech mengen, dat wier elo den Defi, deen een hei misst kucken. Och herno, denken ech, wann do vläicht emol Aarbechtsgruppe kommen, dass een do misst kucken, wéi dee Facteur do wier. Dann ass et natierlech och esou, dass ee seet, Diddeleng ass jo awer och gewëssermoossen e CDA, wo jo och gewëssen Infrastrukture sinn, déi vun nationaler Bedeitung sinn, vu regionaler Bedeitung, a wann ee weess, dass an deem Degré d'artificialisation

alleguerten déi Saachen do mat dra sinn, da muss jo wierklech eng Kéier gekuckt ginn, wéi kann dat goen, wéi kann dat do fonctionéieren? Oder muss een net do nach eng Kéier Prezisiounen hunn, respektiv och all déi Froen, déi sech gestallt goufen. Sinn d'Baulücken och do mat dran? Bon, menges Wëssens sinn déi do net mat dran, mä ech mengen, et gëtt do nach e gewëssen Nohuelbedarf, dee villäicht och do wäert kommen opgrond vun all deene ville Schreiwessen, déi vun de Gemenge kommen. Dat zum Objektiv Artificialisatioun, ech mengen, dat ass sécherlech dat wat hei ganz zentral ass. Well wann ech elo deen zweeten Objektiv kucken, d'Konzentratioun, datt sech do entwéckelt soll ginn, wou et sënnvoll ass, da schwätze mer jo do vun deenen zentralen Uertschaften, dat heescht, eppes wat net ganz nei ass, dat heescht, dat war schonn an deene Programme-directeure virdrun och esou, dass mer den Uewerzentrum Stad hunn, dann Esch an d'Nordstad mat Ettelbréck an Dikrech mat den Uertschafte ronderëm, an dann hu mer all déi regional Zentren, do muss een da soen, dass dee Moment ze Diddeleng mat deenen anerer regionalen Zentren, wéi Mondorf, wat elo relativ nei derbäi komm ass, oder wéi Veianen, dass een awer do vläit nach eng Kéier misst kucken, wéi eben do déi Wäertegkeet ass bei engem CDA, deen awer och elo wierklech hei och iwwergeuerdent Infrastrukturen opzehuelen huet, wéi dat kann do kommen.

Ech mengen, soss kann een dozou soen, dass dat elo fir Diddeleng net elo eppes Neies ass, Diddeleng huet jo scho säi PAG ëmmer dono ausgeriicht, an och déi zentral oder dezentral kleng Quartieren huet, eben de Prinzip vun de kuerze Weeër, wéi et hei geschwat gëtt vun de 15 Minutten, an ech mengen do wier eppes wat hei zu Diddeleng scho souwisou gelieft gouf. Et wier vläicht do och nach eng Kéier ze kucken, dass een eben déi Saachen, déi do sinn an och déi Infrastrukturen an och dee Moment déi Moyen-financieren, dass déi wäerten esou gelenkt ginn, dass déi Aufgaben, déi och haut schonn zu Diddeleng sinn, dass déi dann eben och hei wäerte kommen. Mä och déi Saache sinn, wéi gesot, ugeduecht, fir dat dann och heimadder ze kucken. Hei gesäit een, wat all déi regional Zentre sinn, do ass Diddeleng een dovunner an do kéint een sech virstellen, dass vläicht do awer nach eng Kéier eng Ënnerdeelung kënnt oder eng Gewichtung vun deenen eenzele Faktoren, déi do déi eenzel Zentren do wäerten hunn. Dann ass et esou, dass ronderëm déi Zentren och zesummegeschafft gëtt, Diddeleng ass jo e Stéck vun der Südregioun, wou jo och eng Visioun entwéckelt gëtt, wou och zesumme gekuckt gëtt, wéi déi nohalteg Entwécklung elo do ass. Et ass och ugeduecht fir sech och géigesäiteg do ze ënnerstëtzen, dat si Saachen, déi dee Moment jo hei och scho gelieft ginn, esou dass eigentlech déi Punkten hei, och déi Iwwerleeungen, déi hei dra sinn, komplett mat dodranner fléissen, esou dass also d'Regioun Süd hei mat deene Punkten och hei schonn deelweis ganz kloer gelieft gëtt, dass eben och do dat Zesummewuessen zum Deel an awer och déi Strukturen, déi dertëschent sinn, wéi d'Zone verte urbaine oder d'Biodiversitéit, Biospheren, Iwwerleeungen, déi ugeduecht sinn, dass dat hei mat dodranner kënnt.

Wa mer Diddeleng am Detail gesinn, dann ass dat och eppes wat hei duerchaus och am PAG mat dodranner ass, déi Ofrënnung hei vun där Form, an dann natierlech och d'Aktivitéitszonen, déi hei sinn, dass dat eppes ass, oder och hei déi Coupure-verten, déi jo am Plan directeur sectoriel „Paysages" sinn, da sinn dat Saachen, déi sécherlech fir Diddeleng dach schonn duerchaus een Acquis sinn.

Dann, deen drëtten Objektiv ass dee fir grenziwwerschreidend mateneen ze schaffen, do ginn hei ganz vill Moyenen ugeschwat an et gëtt och dat dohinner gestallt, dass dat och eppes vun der Zukunft ass, well ech denken och, dass dat ganz ganz wichteg ass. Do gëtt et och schonn eng Rei institutionaliséiert Raim an der Grenzregioun, wou eng Hellewull där Konzepter sinn, wou zesummegeschafft gëtt, oder wou dat och institutionaliséiert ass. Wa mer elo hei Diddeleng kucken, da gesi mer, dass do am Fong geholl nach keng esou eng institutionaliséiert iwwerschreidend Regioun an deem Sënn ausgewisen ass, esou dass dat warscheinlech ee vun de Punkten ass, wou ee misst kucken, well eben dach scho ganz konkret Moossnamen hei ebe geholl ginn, sief et bei der Mobilitéit, sief et bei aneren Aktivitéiten, wou dat schonns gelieft gëtt. Et ass also ganz kloer, den Transfrontalier ass en Thema hei zu Diddeleng, mä deem Sënn ass Diddeleng nach kee Stéck vun esou engem Raum, deen gewëssermoossen dann als dat dann do definéiert ass, grenziwwerschreidend, oder Interexprojeten, Leaderprojeten, an hei ass dat dee Moment nach net de Fall. Dat sinn also déi dräi Haaptobjektiver, doriwwer eraus gëtt et dann nach d'Gouvernance, wéi soll domadder ëmgaange ginn, dass do awer och herno iwwer déi eenzel Secteuren, déi eenzel Ministèren, dass do sécherlech scho vill zesummegeschafft gëtt, mä dass dat awer nach eng Kéier ofgestëmmt gëtt, dass och déi Subsiden och ëmmer wäerten am Kader hei vun enger Iwwerleeung vun engem PDAT oder engem CDA wäert do kommen, mä all déi Outilen a Mesuren, déi ugeduecht sinn, déi verlaangen awer och Modifikatioune vun der Legislatioun, nei Legislatiounen, déi DDRen, déi ech ugeschwat hat, wou sech do an der Schwäiz e Modell ugekuckt gouf, wéi een dat kann no heihinner iwwerdroen oder och nach déi Kooperatiounsformen, fir déi nach weider ze ënnerstëtzen, wéi dat schonn iwwer de SIPU an der Südregioun hei de Fall ass.

Do ass och ugeduecht, dass do Projeten, Pilotprojete sinn, ech hat do ugeschwat d'Densifizéierung , déi nei Wunnformen, déi aner Planungskultur, do ass et sécherlech wichteg, dass do Pilotprojete sinn an ech mengen, do wier et och wichteg, dass do eng Gemeng wéi Diddeleng och sécherlech kann dorunner participéieren, dass do iwwerhaapt och en Dialog mat de Gemengen ass wann do déi nei juristesch Formen kommen. Da soll awer och nach weiderhin déi territorial Entwécklung weider iwwer den Observatoire an d'Instrument Raum+ weider gekuckt ginn, wou jo déi Baulücken reegelméisseg à jour gesat ginn an iwwerhaapt fir déi Saachen do mateneen ze gesinn an och all déi aner Punkten, déi Reseauen, déi matenee sinn, fir déi weider ze verdéiwen. Dann ass och ganz wichteg hei an deem Punkt, dass eng Bedeelegung ass, déi Bedeelegung, déi hei zu Diddeleng jo och schonns ganz staark gelieft gëtt, mä déi ass landeswäit jo och am Kader vum Programme directeur gemaach ginn, dass dat och weider wäert esou kommen an och weider Objektiver, wo d'Gemenge kënnen

agebonne ginn, wou déi territorial Zesummenaarbecht ass, wou d'Leit hir Iddie kënne mat erabréngen. All déi Saache stinn och mat hei dodranner a wat dann déi iwwergräifend Moossname sinn, Kommunikatioun natierlech an dann eben och Guiden, wou esou Saachen dann herno ëmzesetze sinn, dass dat dann eben och ganz ganz wichteg ass. A last but not least natierlech, dass och déi finanziell Moyenen herno fir déi Iddien ze ënnerstëtzen, fir déi och konkret ze guidéieren, fir dat dann eben och ze maachen, an dee leschte Punkt, do ass sech ugeduecht ginn, wann et da muss sinn, och d'Konstitutioun unzepassen. Dat ass elo eng Kéier séier derduerch gekuckt, wéi ugeduecht ass, um nationalen Niveau e Kader ze setzen, wou d'Gemengen sech dann dodranner entwéckelen, entwéckele mussen, wéi dat wäert sinn, dat mussen dann nach déi konkret Moossnamen herno bréngen. Wéi gesot, dat heiten ass eng Strategie an dat huet elo keng direkt Repercussioun, mä déi Repercussioun, déi muss nach definéiert ginn, déi muss nach legiferéiert ginn an ëmgesat ginn iwwer konkret Saachen. Voilà, dat als Iwwerbléck.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci dem Chantal Zeyen, fir op déi Punkten agaangen ze sinn, wat de PDAT ubelaangt. Dat war schonn eng Amorce, wat den Impakt op den Diddelenger Territoire kéint sinn, dofir hunn ech och den Avis ginn, wou sécherlech och déi eng oder aner Redites derbäi sinn. Da mengen ech awer och, datt um politeschen Niveau ze kucken ass, wéi eng Repercussiounen dat kann hunn, an déi fënnt een och am Avis erëm. Et ass jo esou, dat ass am Kader vun der Prozedur jo d'Gemenge bis zum Enn vum Mount sollen hiren Avis ofginn, dass duerno och de Ministère de l'Energie et de l'Aménagement du territoire déi Avise wäert analyséieren. Déi Avisen, déi d'Gemenge ginn, hunn natierlech e konsultative Charakter an awer ass et wichteg, datt d'Gemengen an deem dote Prozess matgedeelt kréien, an de Minister huet sech jo och engagéiert, de Gemenge matzedeelen, wat am Kader vun hirem Avis zeréckbehale gouf, respektiv, wat net. Ech mengen, datt dat och ganz wichteg ass, an dat bekräftege mer och nach eng Kéier an eisem Avis, a viraussiichtlech ass jo dann och herno en Debat, dee wäert stattfannen an der Chamber, éier dat Ganzt vum Regierungsrot guttgeheescht gëtt. An ech mengen, datt mer hei och e bëssen an enger Zäitschinn sinn, wou jo am Hierscht d'lescht Joer eise PAG a Kraaft getrueden ass, datt d'Instrumenter vum PDAT jo och 2028-2029 a Kraaft sollen trieden, respektiv dann och zwee Horizonter ofgezeechent sinn, engersäits 2035 an och - wéi gesot - 2050 fir effektiv déi ganz Landesplanung an an deem Kontext weess ee jo och, datt duerch d'Gesetz jo och d'Gemengen all sechs Joer eng Refonte vum PAG och maachen. Dat ass wat de prozedurale Kader ugeet, respektiv wat d'Zäitschinn ugeet, ech ginn elo net méi op déi ganz Objektiver an, d'Chantal Zeyen huet dat gemaach.

Virun allem ass hei ze kucken, am Kader vun deene strategeschen Orientatiounen a vun deene politeschen Objektiver, déi de PDAT sech gëtt, wéi eng Implikatioune kann dat um Territoire vun der Stad Diddeleng hunn? Implikatiounen, en Impakt, déi e positive Charakter kënnen hunn oder e manner positive Charakter, an et ass och an deem Kontext, wou eisen Avis sech och deementspriechend beweegt, well mer eng ganz Rei Saache begréissen an eng ganz Rei Saachen awer och méi kritesch gesinn, an natierlech ass d'Landesplanung am Kader vun den Instrumenter och ëmmer eng philosophesch Diskussioun. D'Landesplanung ass ëmmer e bëssen am Spannungsfeld tëschent engem gewëssenen Dirigismus an awer och der Autonomie communale, déi ganz wichteg ass an do ass ëmmer e Spannungsfeld tëschent deenen zwee mat enger ganzer Rei Virgaben an och Virgaben um Niveau vun der Landesplanung, awer och Virgaben, déi d'Gemengen sech ginn an hirer Ëmsetzung an och an hirer Entwécklung als Gemeng, respektiv Stad.

Wann ech elo op den Avis aginn, dee mir hei geschriwwen hunn, do fënnt een engersäits natierlech, dass mer nieft dem legislative Kader an dat war jo och e Bestanddeel vun dësem Dossier, och konnten - am Kader vun där ganzer Procédure d'avis - den Avis vum Syvicol, deen zimmlech voluminéis war, respektiv den Avis vum Mouvement écologique, zur Kenntnis huelen, an eng ganz Rei Ureegungen och deementspriechend ginn. Dat heescht, an enger éischter Phas, wat eisen Avis hei ugeet, si mer an enger éischter Etapp absolut der Meenung, respektiv deele mer déi méi generell Considératioune vun der Landesplanung, respektiv vum PDAT , effektiv déi ganz Diskussioune ronderëm d'Resilienz, déi territorial Kohäsioun an eng optimiséiert Utilisatioun vun de Ressource-naturellen, d'Réalité climatique, respektiv dann déi Objektiver ronderëm d'Reduzéierung vun der Versigelung, an effektiv déi ganz Planification transfrontalière, respektiv den transversen Objektiv, also déi grouss Leitlinnen, déi grouss Prinzippien, mat deene si mir hei – wéi gesot – averstanen.

Dann hu mer awer och gekuckt, dass mer natierlech de Prinzip vum PAG vun der Stad Diddeleng, dass mer natierlech do festgehalen hunn - an dat setze mer och nach eng Kéier an den Avis - dass mer éischter vum Prinzip hier a Richtung Innenverdichtung ginn an, natierlech, et ass dee ganze Volet vun der Proximitéit, respektiv d'Konzept vun der Stad, wou een an enger Véirelstonn alles erreecht, dat si jo Saachen, déi mer hei schonn haten. Dat ass dat wat mer vun de grousse Prinzippien och begréissen. Wat dann d'Stad Diddeleng betrëfft, hu mer natierlech och verschidden Defiziter detektéiert an an deem Kontext wäerte mer elo net op alleguerten d'Punkten agoen, alleguerten d'Aspekter, mä wëllen awer deen een oder aneren hei erausschielen, a virun allem mam éischten Objektiv, wat d'Reduzéierung vun der Versigelung ugeet. Dir wësst, am Kader vum PAG hu mer de Bauperimeter net opgemaach, mä mir setzen effektiv op Innenverdichtung. Do ass och déi Propos, dass mer do wou et méiglech ass, méi an d'Héicht bauen. Wat eis virun allem betrëfft an dat ass an där ganzer Diskussioun ronderëm déi Approche, déi gesot gouf, natierlech, dass déi 2, 13 Hektar pro Joer mat deem wat an Aussiicht gestallt gouf am Kader vun eisem PAG, respektiv wou mer dann op engem Seuil si vu 4, 08 Hektar pro Joer, respektiv am Fall wou awer gefrot gëtt, dass mer grad Efforte maache fir méi Logementer, dass mer do natierlech e Potenzial hu vu 5, 33 Hektar pro Joer an ech mengen, dat ass jo ganz rezent an ass hei natierlech erofgesat ginn op 2, 13 Hektar, do stellt natierlech sech d'Fro, wéi kann eng Stad

Diddeleng sech weiderentwéckelen, virun allem wann ee weess, dass mer am Kader vum PAG eis jo en theoretesche Maximum gesat hu vu ronn 31 500 Awunner, déi d'Stad Diddeleng kann hunn.

Wann een natierlech hei de PDAT kuckt, den Zenario 2025 - an dat fënnt ee jo an den Annexe vun dësem Dokument - do ass en Zenario vun 29 800 Awunner an am Joer 2050 vu 37 900 Awunner, also sinn dat och Parameteren, déi een a Consideratioun muss huelen um Niveau vun der Stadentwécklung. Mir wëssen, dass bei där Reduzéierung vun der Versigelung Neischmelz net matzezielen ass, mä virun allem wat eis awer an där ganzer Entwécklung betrëfft, mir hunn ëmmer hei gesot als Stad Diddeleng, wa mer eis hei nach kënne weiderentwéckelen, nieft méi klenge Projeten hu mer nach e gewësse Potential, nieft Neischmelz, dat ass natierlech de Ribeschpont, dat ass nach deen eenzegen Espace, wou mer eis kënnen effektiv nach weiderentwéckelen an dofir, mengen ech, ass et fir eis och wichteg, dat sinn ëm déi 35 Hektar, wann ee bedenkt, Neischmelz, dat si 40 Hektar, also mengen ech, dass déi 35 Hektar awer fir eis nach e Potenzial sinn, wou een natierlech och kann weiderentwéckelen, natierlech soll een och do d'Diskussioun féieren, wat den Impakt vun der Versigelung ass, wéi dat soll een hei net ausschléissen. Mir si och ganz op par Rapport zu där doter Diskussioun, mee dat Potenzial, wat mer hunn, esou erofzesetzen op 2, 13, wann een awer weess, dass een am Kader vun engem PAG op 4, 08, respektiv am Kader vum PAL, mat deenen Efforten, et sinn e bësse kontradiktoresch och Appellen, déi gemeet ginn un d'Gemengen, engersäits „entwéckelt Iech weider an awer kuckt, dass Dir Iech ech kohärent weiderentwéckelt", ech mengen, wat och wichteg ass, nei Logementer schafen, op där anerer Säit awer den Appell „Kuckt esou mann wéi méiglech ze versigelen", ech mengen, dat ass och e ganz legitimmen Appell. Natierlech muss een dann och kucken, wat fir Méiglechkeete da bestinn, fir effektiv deenen zwee Appellen och nozegoen, si kënne mol kontradiktoresch sinn, si mussen et net sinn, et stellt awer d'Gemenge viru gréisser Erausfuerderungen an ech mengen och, an deem Kontext ass et och wichteg, dass d'Gemenge grad an deem Volet net eleng och gelooss ginn, mä dass och do dat Partneriat ass, dat ass jo och e ganz wichtegen Aspekt, deen hei derbäikënnt, dass d'Gemengen och net nëmme gesi ginn als einfachen – dat ass en iwwergeuerdenten Aspekt - als einfachen Executant vu staatlechen Decisiounen, mä dass d'Gemengen och e Partner vum Staat sinn an dësem Dossier, a senger Transversalitéit, wéi och, wéi gesot, an aneren Dossiere.

Dat ass emol eng éischt Remark, an ech mengen, dass awer och, an dat hu mer jo och hei am Avis gemeet, ech sinn dorop agaangen, et ass natierlech och, wat dee Potenzial vun de Gemengen ugeet, dass och d'Gemengen dat solle kloer argumentéieren, firwat dass se drop halen, dofir soe mer och firwat dass et fir eis wichteg ass, dass Ribeschpont soll bäibehale ginn, an ech mengen, wann een och den Avis vum Syvicol noliest, do mécht en och den Appell un d'Gemengen, dass déi Aspekter, wou si mengen awer, dass et eng reell Situatioun ass, wou de Potenzial vun enger Gemeng ass, dass een dat och kloer soll ënnersträichen, an ech mengen, dat maache mir och hei an awer och e deen Appell, automatesch och mam Avis vum Syvicol un de Ministère de l'Aménagement du territoire, dass wann d'Gemengen hiren Avis ofginn an och den Appell maachen, dass natierlech och de Ministère de l'Aménagement du territoire deem Appell vun de Gemenge soll nokommen, am Kader och vun der Argumentatioun, déi se och ginn, dofir ass et och an deem Kontext wichteg déi Réckmeldungen herno schlussendlech, wa mer eisen Avis aschécken, ze kréien. Mir hunn eng Rei Iwwerleeungsstrategien, de Ministère de l'Aménagement du territoire huet eng Rei Iwwerleeungsstrategien, et kann een och novollzéien, wéi wäit d'Iwwerleeungsstrategie vun de Gemengen och sinn. Dat ass par rapport zu deem Aspekt. Well mer eis am Kader vun eisem neie PAG och natierlech de PAP „Nouveaux quartiers" ginn hunn an d'Chantal Zeyen huet dat virdrun och skizzéiert - huet natierlech en Impakt a fir eis ass et wichteg, dass natierlech och déi net a Fro gestallt ginn, an dat bekräftege mer hei och an effektiv och am Kader vun deem PAP „Nouveaux quartiers", grad do kann ee jo och Logementer à court et à moyen terme maachen an och do ass et jo da wichteg, déi Instrumenter, déi an der Prozedur sinn, mee déi och hëllefe kënnen, engersäits sief et d'Reform iwwert den Impôt foncier, respektiv awer och déi Mobilisatiounssteier, dass dat Elementer kënne sinn am Kader vun de PAP „Nouveaux quartiers", fir och do Logementer ze kreéieren an effektiv och ze immobiliséieren.

Dann natierlech déi ganz Diskussioun am PDAT renderëm effektiv d'Densifizéierung , do soe mer ganz kloer, dass mer och eis bereet erklären, eng duuss Densifizéierung  ze maachen, och am Tissu bâti awer och natierlech deen ze respektéieren ass, an awer och do an dat an do ass jo och d'Propos erakomm vun deene Lénken, dass een awer och nach dobäisetzt an dat mer jo och mat integréieren, dass op deene Plazen och gekuckt muss ginn, dass se natierlech och a d'Héicht solle kënne bauen, dass een dat iwwerpréift an dass een et do soll maachen, wou et méiglech ass, mee am Respekt vum Tissu bâti, well hei geet et jo och ëm engersäits – an dat ass iwwergeuerdent - d'Liewensqualitéit an och ëm eng gewësse Kohärenz effektiv an der Quartiersrespektiv Stadentwécklung an ouni effektiv do urbanistesch, sozial an demokratesch och eng Denaturatioun och ze hunn, dat Ganzt muss sech am Fong abedden an déi ganz Approche vun der Entwécklung. An natierlech ass et fir eis och wichteg, wa mer an eng Densifizéierung  ginn, dass natierlech och eng funktionell Mixitéit vorhanden ass, wéi och eng sozial Mixitéit an natierlech, dass och ze kucken ass, wa mer a Richtung Densifizéierung  ginn, - dat si jo Diskussiounen, déi mer rekurrent hunn hei zu Diddeleng - dass natierlech virun allem dat och en Appell un déi staatlech Stellen ass, wann een dat mécht, huet dat natierlech och en Impakt op d'Mobilitéit an dass natierlech och déi néideg Moyenen eben och en place gesat ginn, notamment am Kader vum ëffentlechen Transport, dass och dat deementspriechend kann nozéien, well et ass eis net gehollef, wann een engersäits dem Appell nogeet vun enger engersäits méi Logementer schafen oder méi eng gréisser Densifizéierung  maachen, an op där anerer Säite - wéi gesot - deementspriechend net déi néideg Moyenen hunn, wat den ëffentlechen Transport ugeet an dat do ass jo och e Passus, deen unhand vun de Remarquen, déi mer kritt

hunn, och nach weider par rapport zu der initialer Formulatioun ausgebaut gouf.

Dann natierlech stelle mer och a Fro, bon, deen Appell dass natierlech d'Gemengen ënnert sech sollen negociéieren, mam Transfert, dat ass virdrun e ugeschwat ginn, dat ass natierlech ganz interessant, ganz louabel, mir wëssen awer, dass dat och schwéier ëmsetzbar ass a gesinn et natierlech och e bësse méi kritesch an dofir och den Appell, well de PDAT awer do net prezis genuch ass, wéi déi sougenannt Mise en oeuvre vun deem soll gemeet ginn, well mer do net awer genuch Elementer hunn, fir dat kënnen nozevollzéie, wéi dat soll von statte goen. Dann ass awer och dee ganze Volet vun der Mehrwertabgabe, do maache mer einfach och den Appell, dass ee wierklech soll oppassen, dass een net sech soll selwer e Fouss stellen. Engersäits seet een, wann Terrainen zeréckbehale ginn oder deemno wéi, wann se verkaf ginn, ass et eng Mehrwertabgabe, déi ee soll ginn, op där anerer Säit gi Mesuren en place gesat, éischter esou Incentiffe fir Terrainen ze mobiliséieren, an ech mengen, och do muss een oppassen, dass een net kontradiktoresch Messagen och gëtt an och an eisem Avis maache mer hei drop opmierksam, net dass op eemol Blocagen och kommen an ech mengen, et si jo Prozeduren, déi lafen, sief dat um Niveau vum Baulandvertrag, also Projeten, déi an der Prozedur sinn, oder den Artikel 29bis am Kader vum Pacte Logement, d'Reform vum Impôt foncier, respektiv d'Mobilisatiounssteier, déi um nationale Plang soll kommen, dat sinn Incentives, wou sou mobiliséiert gëtt. D'Mehrwertabgabe ass eppes wat ee ka blockéieren an - wéi gesot - et muss een oppassen, a wéi eng Richtung een do zitt. Dann, mengen ech, war hei déi ganz Diskussioun mam zweeten Objektiv ronderëm effektiv d'Armature urbaine. Dir wësst, dass mer eng CDA-Gemeng sinn, dass mer e Centre de développement d'attraction régional sinn, do ass och den Appell, respektiv dann och eng Rei Saachen, déi mer solle virgesinn, eng Mixitéit vu Funktiounen.

Wann een awer kuckt, d'Stad Diddeleng als véiertgréisst Stad natierlech iwwert den Aménagement du territoire, natierlech och de Statut huet als CDA d'ordre régional a wann een awer och kuckt, dass mer deene Missiounen och nokommen, wann een awer och mierkt, dass mer um Territoire vun der Stad Diddeleng awer och Institutiounen hunn, déi éischter en nationale Charakter hunn, sief dat en CNA, sief dat en LNS, sief dat e Lycée, sief dat eng Zone d'activité économique, also och wéi gesot en nationale Charakter hunn am Raum Diddeleng-Beetebuerg. Wann een natierlech och mierkt, wéi effektiv Diddeleng och weider sollicitéiert gëtt, esouwuel regional an national, gesäit een - an och dat fënnt een an de Beschreiwungen an an den Annexe vum PDAT erëm - dass och de Ministère de l'Aménagement du territoire ganz kloer d'Ausso mécht, dass Diddeleng eng Stad ass, déi souwuel regional, awer deelweis och national Missiounen huet, an natierlech an där Hierarchie vum CDA d'ordre européen, wéi eng Stad Lëtzebuerg ass, oder d'ordre national wéi eng Stad Esch ass oder respektiv eng Nordstad - bon, d'Nordstad, déi gëtt et jo en tant que telle net, déi entsteet eréischt wann d'Visioun stattfënnt tëschent deenen Nordgemengen, respektiv awer eng Stad Diddeleng, d'ordre régional, wou och vill aner Gemengen dra sinn, déi och méi kleng sinn ewéi Diddeleng an ouni elo eng géint déi aner hei wëllen auszespillen, mengen ech, dass mir eis awer méi tëschent engem CDA d'ordre régional an national beweegen, wéi reng nëmme regional ze sinn. Mir si sécherlech keen nationalen, mir sinn awer sécherlech reng keen regionale méi, mir si wierklech do dertëschent. Natierlech, an den Definitiounen, déi de Ministère de l'Aménagement du territoire gëtt, ass déi Inbetween-Situatioun net virgesinn an ech wëll dofir awer och drop opmierksam maachen, och hei den Appell an eisem Avis, fir awer dat a Betruecht ze zéien, och am Kader wann d'Projeten am Raum Diddeleng sollen och ëmgesat ginn, wéi gesot, well mer effektiv an deem Tëschestatut eis am Fong permanent och beweegen, och natierlech nieft deene lokale Missiounen, wéi gesot, déi mer och hunn, an dat gesäit ee jo och unhand vun awer deenen Appellen, déi weider un d'Stad Diddeleng gemeet ginn, sief et am Kader vun Neischmelz, vum Centre national des collections publiques, dee dohinner soll kommen, also eng weider national Missioun, en nationalen Institut am Kader vun der Planifikatioun ronderëm Koibestrachen, awer och dee Wëllen och vun engem Educatiounsministère an Diddeleng eng Europaschoul an en internationale Lycée wëllen unzesidelen, den Educatiounsminister hat dat jo schonn eng Kéier ugedeit, wou an Diskussioun ass. Also, wann een deenen Appellen nogeet, dat sinn alleguerten Appelle vun nationalen Institutiounen, also ech mengen, et ass och wichteg, och deem hei Rechnung ze droen iwwert verschidde Mesuren, deelweis och iwwer finanziell Incentiven, an op där anerer Säit awer och da kucken, dass mer och déi néideg optimal Connexiounen hunn, fir och eisem Inbetwen-Statut och kënne gerecht ze ginn an och deem kënne Rechnung ze droen, ech mengen een Aspekt ass jo scho gesat, do gouf et d'Informatiounsversammlung fir effektiv déi direkt Zich an d'Stad, respektiv mat deem Projet vun der Suppression des passages à niveau,

Ech mengen, dass dat ee Volet ass, wou national och drop agéiert gëtt, mä ech mengen et geet bei wäitem net duer. An dann awer och, an eisem Avis ganz kloer den Aspekt eraushiewen, als Stad Diddeleng an där Tëschesituatioun beweege mer eis awer och an der Südregioun, och dat ass jo ganz kloer am PDAT definéiert an, bon, do – on reste sur sa faim - dofir och e bëssen hei den Appell un de Ministère de l'Aménagement du territoire, wat seng Strategie ass, engersäits sécherlech an eisem Avis wéi vis-à-vis vun der Stad Diddeleng, mä awer och seng Strategie vis-à-vis vun enger Südregioun, wat awer eng Regioun ass, déi sech staark entwéckelt, wou de gréissten Deel vun der Populatioun ass, wou déi stäerksten Densitéit ass. Wat ass do d'Strategie, regional Strategie, fir de Süden, wat d'Ekipementer ugeet, wat statlech Administratiounen ugeet. Wéi ass do d'Iwwerleeung vu Verdeelung un déi verschidde Gemengen? A wie soll elo den Interlocuteur sinn, fir och Diskussiounen, fir Decisiounen? Do ass och wichteg den Appell, dass nieft der Stad Diddeleng och d'Gemengen hei solle Partner sinn an net d'Gemenge mat hiren Administratiounen einfach Executante vu Strategien, déi effektiv sollen hei ëmgesat ginn, mä si sollen Hand an Hand kucken, fir effektiv esouwuel dann hei d'Stad Diddeleng, wéi och d'Südregioun kënnen och weiderzebréngen. Zemools jo och d'Iwwerleeunge lafen, dass ee jo och dezentral soll Usiidlunge maachen an net

nëmmen alles an der Stad Lëtzebuerg konzentréieren. An do si mer um drëtten Objektiv, wann een natierlech un d'Südregioun denkt, dann och méi wäit, wat kann am Transfrontalier stattfannen.

Do si jo natierlech déi Elementer vun der Mobilitéit, déi eis natierlech am Alldag och beweegen, mee och doriwwer eraus mierkt een och am Kader vum PDAT, dass éischter wat dee Raum Diddeleng-Beetebuerg-Réiser-Mondorf-Schengen, dass dat e bësse méi e wäisst Blat ass, wat d'Kooperatioun am Transfrontalier ugeet. Mir mussen awer mol soen, dass mer scho mol déi eng oder déi aner Initiativen haten, notamment mat der Communauté des communes vu Cattenom an dass mer och hei d'Bereetschaft erklären an och hei mer dat nidderschreiwen, dass een och wëll méi en Dialog structuré a Partnerschaft tëscht Lëtzebuerger Gemenge mat deene franséische Gemengen hunn, an natierlech maache mer dat net eleng, mä natierlech brauche mer do och d'Hëllef vum Ministère de l'Aménagement du territoire, fir natierlech déi dote Coopération transfrontalière méi ze bündelen a wou och natierlech Aspekter ronderëm d'Mobilitéit, mä dee ganze Volet vum Assainissement, respektiv vum Développement économique, respektiv awer och vun neien Aarbechtsplazen, déi am Grenzberäich kéinten entstoen, vun Antennen, ech mengen gëtt et jo deelweis och op anere Plazen hei am Land, respektiv och schonn deelweis hei am Süden, datt een dat méi ka weiderentwéckelen, dass mer dat natierlech ouni déi staatlech Stellen net kënne maachen.
Mä och hei wëlle mer an eisem Avis festhalen, dass mer och déi Coopération transfrontalière méi wäit dreiwe wëllen, wéi dat de Moment de Fall ass an dass een do a Richtung vun engem Dialogue structuré geet. An eng Äntwert dovunner am Kader vun der Mobilitéit, ass jo schonn am Kader vun och deem Projet, dee gestëmmt gouf, deen deelweis jo och schonn amgaangen ass mam dräispueregen Ausbau vun der Diddelenger Autobunn. Dat ass jo do beim Rond-point an der Géigend vun der Husky, wou jo e Park & Ride soll entstoen, fir effektiv dann och dono mam ëffentlechen Transport kënne weiderzefueren, dat war och hei eng Remarque, déi gemeet gouf vun der CSV, wa mer och hei mat erageholl hunn.

Dat par rapport dozou an ech mengen, dann hätte mer wat deen drëtten Objektiv ugeet, ofgeschloss. Dann, méi generell, hei nach eng Kéier e bëssen, dass mer natierlech déi Avisen an déi Observatiounen, déi mer hei maachen, dass déi sécherlech nëmmen e puere konsultative Charakter hunn, mee dass mer, wa mer eis schonn alleguerten, sou wéi mer hei sëtzen an elo wäerten diskutéieren, schonn déi Méi maache, deen Avis hei fortzeschécken, dass et och wichteg ass, dass mer e Retour kréien oder eng Reaktioun natierlech och kréie par rapport zu den Iwwerleeunge vum Gemengerot vun der Stad Diddeleng an dass mer do natierlech och sollicitéiert ginn als Stad, respektiv als Gemengerot, an dass mer natierlech och do déi Reflexiounen, déi mer do och säitens vum Staat kréien, dass mer déi och hei weider kënnen diskutéieren, dass mer kënnen novollzéien, wat do effektiv d'Logik ass a vläicht leie mer do op enger Linn, vläicht och net, dat gesi mer dann unhand vun eisem Avis, dee mer haut hei wäerte stëmmen. Et gëtt jo oft gesot, dass d'Gemenge generell jo e wichtege Partner sinn op ganz, ganz villen Niveauen an ech hoffen, dass déi Diskussioun, déi mer haut hei féieren, och hir Friichten wäert droe par rapport zu deen Iwwerleeung an deene Reflexiounen, déi mer eis d'Méi gemeet hunn, hei an eisen Avis ze schreiwen. Dat vu menger Säit aus d'Ratio am Fong, déi een hei am Avis erëmfënnt a n ech freeë mech elo dann och hei op d'Diskussioun an déi verschidde Stellungname vun de Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci, ech wollt just froen ob de Patrick eis nach eng Kéier ka virdrun dee Passage weisen, wou d'CSV drasetze gelooss huet, iwwer den Opfangparking, ech wollt mer deen elo hei oftippen an an deen neien Text asetzen, elo sinn ech amgaang, alles ze änneren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Mir kënnen dat och per Mail verschécken, dann hues de dat.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Wann der dat wëllt stoe loossen, da liesen ech dat och.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, kee Problem. Dann hu mer eng éischt Stellungnam,

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Ech soe mol als éischt villmools Merci fir déi super Presentatioun vun der Madamm Zeyen, dat ass ëmmer kompakt, kohärent a kloer, an dat appreciéiere mer alleguerten immens. An dann zweetens soen ech awer e grousse Merci dem Schäfferot fir déi exzellent Viraarbecht mat deem Avis hei, domat si mer ganz zefridden, deen ass ganz exhaustif, bei eis hei geet deen iwwer siwe Säiten, aner Gemenge maachen zwou Säiten oder eng hallef Säit a ech mengen, dat ass och eppes, wat een awer mol muss eng Kéier ënnersträichen. Hei ass eng ganz gutt Aarbecht gemaach ginn am Team, zesummen – huelen ech un - mat der Madamm Zeyen a mat eise Servicer. Dat mécht eis et och méi liicht fir hei eng Stellung ze huelen, well am Ufank, éier mer den Avis haten, war et e bësse mühsam, esou vill Säiten Avis vum Syvicol, dee ganze PDAT duerchzeknaen an dann déi vum Mouveco nach, an esou weider, et war een e bësse beschäftegt? Ass et hei? Dat heiten huet d'Saach awer vill méi facilitéiert an dofir nach eng Kéier e grousse Merci. Jo, ëm wat geet et hei? Mir mussen en Avis ofginn zum Programm directeur de l'aménagement du territoire. Wéi schreiwen se esou léif heit „Les communes pourront d'autant plus s'approprier le futur programme directeur et partager ses objectifs si elles ont contribué à le façonner", ma dat hu mer heimadder gemaach, mir façonnéieren, mir wëllen en och mat façonnéieren an, wéi erausgeklongen ass, souwuel bei der Prise de position vun der Madamm Zeyen wéi och vum Här Buergermeeschter, am Virfeld goufe jo d'Gemengen, respektiv d'Bierger net esou agebonnen, wéi een sech dat gewënscht hätt, mä mir ginn dann elo hei en Avis of, mir maache Suggestiounen a weisen och kloer op, wat mer gutt fannen.

Principe de base, besser Notzung vun de Ressourcen, d'Klimaneutralitéit als erstriewenswäert Zil, dat ass jo kloer, mir weisen op wat mer gutt fannen, dat sinn

d'Objektiver, wéi Reduktioun vun der Versigelung vum Buedem, Planifikatioun a enger territorialer transfrontalierer Approche, dat fanne mer natierlech gutt. Konzentratioun vum Developpement op des endroits les plus appropriés, wat och ëmmer dat heescht, dat ass och alt esou e Saz e bëssen esou e Wischiwaschi, wou en net ëmmer weess, wien definéiert dat, mä bon. Kritesch ass awer och, fannen ech, op der Säit dräi geet et schonns direkt lass, wann ee kuckt, dass mer de Constat hunn, datt de Potentiel foncier au niveau des PAG et donc a priori l'absence des nécessités d'extension des périmètres, d'agglomération hei dra steet, ech denken, et ass e bësse vermessen, dass mir als Diddelenger soen, dass mir de Constat maachen, datt d'Existenz vum Potentiel foncier um Niveau vun alle PAGe vun alle Gemengen a priori duergeet. Ech mengen, dat ass och eppes wou mer e bësse musse kucken, ech mengen all Gemeng mécht dat fir sech, et ass gutt gemengt, wéi mer et gesot hunn, mä dat ass awer eppes wat awer net soll esou eriwwer kommen, wéi wa mär mengen, mir Diddelenger mir deelen den Avis vum Ministère, dass ee wierklech allgemeng elo Schluss, aus, fertig, genuch Potentiel foncier huet fir dass net méi soll weider versigelt ginn.

Ech hunn och do eng Fro: Eech denken, wann ee seet donc a priori l'absence de nécessité d'extension des périmètres d'agglomération Punkt. Elo ass dann d'Fro: Ass dat ad infinem? Wéi laang ass dat? Ass dat elo just bis 2050 oder wéi och ëmmer? Ech denken, dat ass och eppes wat ee muss e bësse méi nuancéiert kucken. Voilà, nom Ënnersträiche vun deenen éischter positiven Elementer komme mer dann am Avis awer berechtegterweis och op d'Defiziten, d'Problemer an d'Widdersprëch, déi de PDAT sech gëtt, ze schwätzen. Mir ralliéieren eis zum Deel am Avis un dem Mouveco säin Avis an do sinn och verschidden Elementer, déi ganz interessant sinn, dat kann ee vläicht awer och hei eng Kéier soen. Dee beschte Saz, wou de Mouvement geschriwwen huet, war „Landesplanung ist ein zahnloser Tiger, der der Gemeindeautonomie und dem Recht auf Privateigentum untergeordnet ist". Elo ass natierlech dat eng philosophesch Fro: Ass dat gutt? Oder ass dat schlecht? Dat ass eppes, wou ee kann driwwer diskutéieren? Wat mer och opgefall ass am Avis vum Mouveco, ass, dass et awer heiansdo och e bëssen hiert Wonschdenken ass - Reduzierung der Versiegelung, Bremsen vom Bauen der neuen Wohnungen -, dat wär gutt, Punkt.  Mä dat ass awer net esou, d'Realitéit ass awer eng aner an ech denken, dat ass och eppes wat een och muss consideréieren.

Mir musse wuessen, sécher net ongebremst wuessen, mee mir brauchen awer Wuesstum, well wou solle mer soss - wa mer keng nei Leit heihinner kréien - wéi solle mer soss eisen héije Standard halen, och wat d'Akkreditatioune si vum Sozialstaat, zum Beispill wie soll eis Rente bezuelen?  Wie soll d'Kannergeld bezuelen? Wéi solle mer eise Budget am Equiliber behalen? Dat ass alles net esou einfach, wéi dat duergestallt gëtt, souwuel am PDAT fannen ech och hei dee Punkt vum Mouveco, deem kann ech mech net esou richteg ralliéieren. Wat awer gutt ass am Avis vum Mouveco, dat ass, dass een sech effektiv emol soll eng Kéier iwwerleeën, wëlle mer wierklech esou wuessen, wéi mer, wéi mer den Avis vum, wéi et an den Analyse vum STATEC sinn, musse mer eis just dorunner halen, well si soen en hohes Wachstum dat ass e BIP vun enger Augmentatioun vu 4,5 Prozent, fir dat ze erhalen, musse mer d'Aarbechtsplazen, déi elo bei 487 000 hei am Land sinn, op 615 000 erhéijen 2035 gutt gesinn, dass 50 Prozent dovunner Frontaliere sinn, dat heescht, do misste mer och eng Augmentatioun vu Frontalieren hunn, déi bei eis schaffe kommen, vun 23 Prozent. An och d'Awunnerzuel - soen si - déi misst jo och wuesse vu 645 000 op 827 000 am Joer 2035, wat och eng Augmentatioun wier vun 28 Prozent. An da kënnt dee Saz, deen ech ganz gutt fannen am Avis vum Mouveco, „Wir müssen innehalten", mir mussen emol eng Kéier ee Stresstest maachen an dann och kucken, wéi eng Konsequenzen dëse Wuesstum generéiert. Wéi eng Follgen huet dat fir eis Drénkwaasser, eis Energieversuergung an esou weider? An d'Fro ass eben, mir denke jo, dat hätt jo scho missen am Virfeld och gemaach ginn a meng Fro ass eben och elo, ob dat wierklech och esou vum Ministère duerchgezu ginn ass an, wat mer ebe vermëssen, ass dat wat den Här Buergermeeschter an d'Madamm Zeyen och gesot hunn: Wéi kommen se op dee Chiffer vun der Bremsung vum Wuesstum? Wéi kommen se op hir Fixatioun vun deenen esou vill Hektar pro Joer? Ass do wierklech och dee richtege Stresstest gemaach ginn oder a steet dat nach aus?

Wat awer och gutt ass am Avis vum Mouveco, dat ass eben och mat der Mobilitéit, dass dat wichteg ass, dass dat e constituéierend Element vun der Raumplanung ass, an ech denken, mir hunn an eisem Avis jo och dozou Stellung geholl, wat jo och ganz gutt ass. Voilà.
Wou mer eis awer méi erëmfannen, dat ass wa mer eis ralliéieren un d'Propose vum Syvicol. Si weise méi genau och op déi Problematik hin, wat dee PDAT mat de Gemenge mécht oder wéi een Impakt dat op d'Gemenge sollt huelen. De Syvicol schreift an ech ginn deem och Recht, wann se schreiwen, d'Gemeng gëtt an dësem Avis éischter reduzéiert op e simple executant des décisions prises an den Här Buergermeeschter huet et och ënnerstrach, esou kann et awer net sinn. Sécher ass eng kohärent national Approche an der Visioun vum Aménagement du territoire wichteg a richteg, mee den Impakt op d'Gemeng, op déi gemengeneegen Decisioune soll op e strikte Minimum limitéiert ginn, well et ass nach ëmmer d'Gemeng, déi an hirem PAG definéiert, wéi eng prioritär Entwécklung hir Stad soll hunn. Et däerf een net vergiessen, mir un och eise PAG gemaach, dat war e groussen Invest un Zäit vu ville Leit, e groussen Invest u Geld, dat misst een och emol eng Kéier chiffréieren, dat ass vläit och eppes, wat een net däerf vernoléissegen, et ass net einfach esou en Ziedel, dee mer ausgefëllte hunn a dohinner gehäit en, dat ass mat vill Invest, pekuniärer Aart an awer och de Manpower, genau wéi beim PAL, do hate mir eis och Gedanke gemaach, mir haten och do erëm e groussen Invest, do waren erëm Leit a Kommissiounssitzungen an och eis Servicer, eis Conseilleren, eis Schäffen, déi do vill Energie dra bruecht hunn an, wéi gesot, et kann net sinn, dass dat alles soll iwwergaange ginn. De PAG, deen definéiert, wéi eng prioritär Entwécklung eng Stad, eng Gemeng sech hëlt, an dat ass dat wat soll d'Prämiss sinn. D'Populatioun zu Lëtzebuerg wiisst, dat heescht d'Populatioun an de Gemenge wiisst.

De Syvicol bedauert, dass et beim Ausschaffe vum PDAT wéineg Kollaboratioun mat de Gemenge gouf an och wéineg Transparenz geherrscht huet. Dat hunn ech jo virdrun och scho gesot, den Här Buergermeeschter huet et och gesot an dat geet net. Et ass nun eemol d'Gemeng, déi och déi Richtung, déi de PDAT virgëtt, muss ëmsetzen, et ass d'Gemeng, déi hire Bierger muss déi nei Guidelines erklären a verkafen. Och wann de PDAT éischter - virdrun ass et scho gesot ginn - e philosopheschт theoreeteschт Dokument ass, bleiwen awer vill Froen am Raum. Kann zum Beispill e Projet, deen eng Gemeng beim Ministère areecht, verworf ginn andeems sech elo schonn op de PDAT beruff gëtt? Zum Beispill wann elo schonn de Seuil-limite vun der Versigelung erreecht ass? Wéi wat ass a Vigueur, wat priméiert? Der Gemeng hire PAG, d' Gesetz vun Aménagement du territoire de PAL? Dat ass alles ganz onkloer, den Här Buergermeeschter, huet drop higewisen, do misst nach vill méi Kloerheet verschaaft ginn. D'berechtegt Suerg vum Syvicol ass déi Fro: Gi mer hei e Blankoscheck eraus, wa mer déi theoreetesch Piste vum PDAT prinzipiell gutt fannen an dem PDAT eis Zoustëmmung ausschwätzen? Gi mir do eis Gemengenautonomie op? Ë et feelt u virun allem och e konkreete Virschléi an den Här Buergermeeschter huet et och gesot, wéi déi theoreetesch Objektiver sollen erreecht ginn, wéi se ëmgesat ginn, wéi se kontrolléiert ginn an och wéi eng Sanktiounen dann dorauser och entstinn, wann sech net dru gehale gëtt? Et feelt och nach, an dat ass e Punkt, deen ass nach net erwäänt ginn an dee steet och am Avis vum Syvicol, och eng Direktiv aus Europa, wat d'Notzung vun de Surfacen ubelaangt, dat soll och ausgeschafft ginn, dat ass hei elo nach guer net mat agefloss. D'Iddi ass, dass als éischt scho klasséiert Surfacë solle bebaut ginn, éier de Bauperimeter erweidert gëtt, dat fënnt jo och eis Zoustëmmung. An eisem PAG, och wa mir all d'Decisioun vum PAG net matgedroen hunn, si mer awer op jidder Fall si mer awer absolut d'accord, dass mer beim Wunnraumschafe virun allem mol bannen an eisem Perimeter solle Wunnraum schafen, éier mer de Perimeter erweideren, mee kategoresch dat auszeschléissen, dat wëlle mer awer net ënnerschreiwen.

Mir wësse jo nach guer net, wéi Diddeleng 2050 ausgesäit. Mir haten ugestrieft, eng Awunnerzuel vu 35 000 Awunner bis 2050 ze kréien, mee wéi solle mer dat da maachen wa mer do blockéiert ginn. Zum Punkt Objektiv 01, Réduction de l'artificialisation du sol, mir sinn absolut averstanen, dass mer an eisem Avis schreiwen, dass de Ribeschpont, wou en ZAD drop ass, Différé drop läit, dass mer deen Areal brauchen. An eise PAP, an eis PAP Nouveaux quartiers, déi däerfen och net ausgebremst ginn. Hei ass ebe jo och e Beispill mam Ribeschpont, wou vill Onkloerheete sinn. Wéi solle mer de Leit, déi hei Terrainen hunn, wat laut PAG potentiellt Bauland ass, eng Kompensatioun ginn? Mir hunn an eisem Terrain, an eisem klengen, klengen – entre guillemets - Areal keng Méiglechkeeten. A mir sinn och absolut averstanen mat dësem Avis, wou och drasteet, dass mer de Seuil maximal d'artificialisation, déi mir duerch de PDAT als Stad Diddeleng zougestane kréien, dass mer deen net akzeptéieren. Dee läit bei de proposéierten 2,13 Hektar pro Joer - den Här Buergermeeschter huet gesot d'Madamm Zeyen huet et gesot - laut PAG wëlle mir 4,08 Hektar pro Joer ëmsetzen an dee PAG gouf - dat däerf een och net vernoléissegen - approuvéiert vum Ministère de l'Intérieur. De PAL, do si mer esouguer op 5,33 Hektar pro Joer eropgaangen vum Seuil maximal d'artificialisation. De PAL, dat ass eise Programme d'Action Logement. Logesch Konsequenz: Mir musse wuessen, soss kënne mer och de Rôle vum Centre de développement et d'attraction d'importance régionale net erfëllen. Mir fannen et absolut cocasse, dass mer mussen engem gréngе Landesplanungsminister soen, hie misst vläit och mol mat sengem gréngе Logementsminister schwätzen a kucken wat dann elo priméiert? De PDAT, de PAL - an och nach vläit mat der rouder Interieursministesch - oder de PAG? Also, et ass alles e bëssen inkohärent. Dass Diddeleng aktiv géint Spekulatiounen op Baulückenterraine virgeet, dat hate mer jo scho gewisen, wéi mer den Taux vum Impôt foncier op Baulücken déi lescht zwee Joer konsekutiv a konsequent eropgesat hunn. An déi Richtung gi mer jo och an Zukunft gäre weider. Ma gutt ass awer och, dass mer op de Risk vun de kontradiktoresche Moossnamen hiweisen.

Zum Thema Densification de l'existant, Densification douce, dat ass och alt esou e Wuert, dat och net ganz gutt ze faassen, mee wéi gesot, et ass awer an déi Richtung, wou mer wëlle goen an absolut zu Recht hu mer op de Problem vum Trafic higewisen. Den Transportminister ass, wéi gesot, jo och e gréngе Minister, just fir dat nach eng Kéier festzestellen. Dann hat ech awer nach hei eppes elo fonnt. Ah jo: „Le Conseil communal soutient néanmoins l'idée de prévoir des projets-pilotes et déclare d'ores et déjà son intérêt à y être impliqué." Do ass elo just meng Fro un de Schäfferot: Hutt Dir do schonn eng konkret Iddi am Hannerkapp oder, wéi gesot, do géif zum Beispill och nach eng Kéier eng Noiwwerleeung vläit och Sënn maachen, wa mer wierklech wëllen an déi Richtung goen, nach méi an déi Richtung vum PDAT ze goen, zum Beispill eise Quartier A Bëlleg awer vläit nach als Shared Space ganz auszebauen. Dat ass eng kleng Iddi, mee dat kann ee vläicht an dësem Zesummenhang och nach eng Kéier kuerz erwänen. Da kommen ech zum Punkt Objectif 02. Jo, dee berüümte Centre de développement et d'attraction, dat geet nëmmen, wann och d'Finanze stëmmen, wa mer do méi finanzéiert kréie, besser finanzéiert kréien a méi renforcéiert ginn, wéi dat bis elo de Fall ass. D'Regierung kann net fuerderen, dass mir e Centre d'attraction de développement régional ginn, ouni eis déi Moyene ze ginn, déi mer brauchen, fir dat ze realiséieren. An, wat och ganz wichteg ass, ass dass mer schonn als Stad, dat hutt den Här Buergermeeschter och nach gesot, dass mer net nëmme regional, mee och national Aufgaben erfëllen. Mir hunn de Lycée, mir hunn den CNA, mir hunn de Statslabo, an dann ass vläicht awer och net ze vergiessen, dass de Staat jo ëmmer nach an enger Bréngschold ass, dat ass nach ëmmer déi Geschicht vun der Kompensatioun vun - wéi d'ARBED zougaangen ass, huet et ëmmer geheescht, Diddeleng huet nach eppes zegutt,

Dir kritt eng Kéier e Projet d'envergure nationale, huet et geheescht, deen awer och Aarbechtsplaze schaaft. Och do, mir kréien elo zwar de Centre national des collections publiques, deen op Diddeleng kënnt, mee op deen elo esou vill Aarbechtsplaze generéiert, dat ass d'Fro. Ech denken, wann de Projet Filmstudio realiséiert

gi wier, dat wär vläit awer eppes méi Grousses, e Projet mat méi Envergure ginn, mä deen ass jo gestuerwen.
Wéi gesot, och do ass de Ministère nach an enger gewëssener Bréngschold fir eis do awer eppes unzebidden, wou mer Aarbechtsplaze kënne kréien. Et ass ugeduecht ginn hei vun der Ecole européene a vum Lycée international ass hei e geschwat ginn, do stellt sech dann natierlech awer d'Fro, wann dee soll op Koibestrachen, dee Lycée, déi Zon ass jo awer och kloer definéiert, ob dat kompatibel ass mat där Ausriichtung vun där Zone nationale - dat ass eng Klammer dat huet elo näischt hei mam Avis ze dinn, mä dat ass eis esou duerch de Kapp gaangen, wéi mer dat hei gelies hunn - ass dat awer kompatibel mat där Ausriichtung, déi d'Areal Koibestrachen kritt huet? Ech wëll awer och nach eng Kier drun erënneren, dass mir als CSV och d'Iddi haten, och en anere Projet nach vläicht op Diddeleng ze kréien, dat ass déi Geschicht mat der Structure hospitalière, Structure santé, sief et eng Poliklinik mat Laboratoire, Radiologie, dat wär zum Beispill och eppes, wat ee vläicht an den Diskussiounen, déi jo – wéi ze hoffen ass - elo nach gefouert ginn, dass mer do awer zum Beispill och nach eng Kéier dat kënnen an d'Wagschale werfen, dass mir do och nach eng Kéi eng Propos hätten, wou eise Rôle als CDA och nach géif ënnersträichen. Déi Fuerderung kéint ee wéi gesot an dësem Kontext och nach eng Kéier ënnersträichen, well dat jo och Aarbechtsplaze géif bedeiten.

Ganz zefridde si mer, dass d'Thema Mobilitéit e groussen, e wichtegen Deel hei an eisem Avis huet, sief et vun der Südregioun, awer och virun allem vun Diddeleng, well en CAD, deen ass jo just attraktiv, wann e liicht erreechbar ass. Et ass am Fong déi éischte Kéier - fanne mir - dass eise Schäfferot kloer fuerdert, dass méi realiséiert soll ginn, eng Priorisatioun vun de Projets de mobilité, déi fir Diddeleng um Ordre du jour stinn an „de réaliser le projet de renforcement de l'antenne ferroviaire à Dudelange", dat ass wichteg an hei wäert jo - an dann hoffentlech och ze erwänen an der Diskussioun, déi jo soll geféiert sinn, dass eis Linn Volmerange-Beetebuerg e Cul-de-sac ass, déi awer grenziwwergräifend e gudden Transportmoyen fir an den Zentrum vum Land ass, wou nun eemol déi meeschten Aarbechtsplaze sinn, a vläicht och d'Demande ze maachen, fir eise Couloir duerch Diddeleng optimal ze notzen, et ass scho gesot ginn, d'Barrièren ewech an och - firwat net - awer eis Iddi vum Train-Tram nach eng Kéier an d'Wagschal ze geheien. Keng Propos soll en Tabu sinn, wann et drëm geet fir de Verkéier zu Diddeleng, d'Mobilitéit zu Diddeleng ze verbesseren. A propos Transfrontalier, dat ass den Objectif 03, de Projet vum Opfangparking op A3 ass jo elo och eng Mesure, déi an deem Kader vum „Objectif: renforcer la planification territoriale transfrontalière" ganz wichteg ass, an dat ass och gutt, dass mer dat nach dragesat hunn an et ass och gutt, dass mer dës Kooperatioun wëlle weiderféieren.

Den Här Buergermeeschter ass net op e Punkt agaang, deen ech awer ganz wichteg fannen, dee mer och nach erwäänt hunn, dass wa mer scho wëllen „les potentialités transfrontalières" promouvéieren, da geet et och drëm, dass mer „Mesures de compensatioun sur des surfaces situées en région transfrontalière" kënnen ëmsetzen, dat wär och wënschenswäert, mee do bräichte mer natierlech och erëm en anere Kader, fir dann eben och „pour débloquer des projets d'envergure situés à proximité de la frontière", dat fanne mer e ganz wichtegt an e ganz luewenswäert Argument a mer hoffen och, dass an déi Richtung och nach weider geduecht gëtt. Voilà, jo, „il y a lieu de constater que les avis observation formulés par les communes par rapport au projet PDAT 2023 ont un caractère purement consultatif", dat wär natierlech traureg wann et wierklech just konsultativ wier a mir fuerderen - wéi den Här Buergermeeschter och gesot huet - onbedéngt e Rapport de synthèse vun allen Avise vun alle Gemengen, mir verlaangen natierlech och méi agebonnen ze ginn an d'Diskussioun no deenen Avisen, wann de PDAT nach eng Kéier sollt iwwerschafft ginn an et kéint een nach vläicht derbäifügen och, dass d'Bierger e Recht hunn, mat an déi weider Programmatioun mat agebonnen ze ginn. 2018 goufen zwee Workshops fir d'Bierger ugebueden, fir un deem PDAT matzeschaffen. Leit, déi do derbäi waren, Jo, et waren zwee Workshops, mir kruten duerno per Mail eng Conclusion, déi war awer absolut net dat wat d'Leit am Workshop gesot hunn an ech soen ëmmer, dat frustréiert Leit, déi Leit mellen sech sécher ni méi an en Aarbechtsgrupp, dat ass och nach eppes, wou ee kéint dru schaffen.

Fazit: Deen ideologesch vun uewe veruerdente Baustopp, deen eiser Gemeng e Maulkuerf verpasst, dee kënne mer net akzeptéieren. D'Autonomie vun de Gemenge muss absolut erhale bleiwen, eng Gemeng as e Partner - den Här Buergermeeschter huet et gesot - net en Exekutant, D'CSV ass och fir eng Landesplanung mat gesondem Mënscheverstand, mam aktiven Abanne vun de Gemengen, mam Respekt vun den Decisiounen, déi d'Gemenge schonn am PAG an am PAL geholl hunn, a mir hoffen, dass déi zweet Versioun och méi eng koordinéiert Kooperatioun vun alle Verwaltungen, Ministèren am Virfeld viraussetzt, soss ass a bleift de PDAT en zahnlosen Tiger, dee kee seriö hëlt. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci der Madamm Kayser fir hir Virstellungen. Gëtt et nach weider Stellungnamen?

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Fir d'alleréischt natierlech och vun eiser Säit aus e grousse Merci fir déi ganz verständlech Presentatioun, well et ass wierklech en techneschen Dossier, an et war net einfach, huelen ech un, fir dat och esou kloer kënnen ze presentéieren. An natierlech och Merci un den zoustännege Service.
Mir begréissen an alignéieren eis zu deene grousse Leitlinnen - soen ech elo mol - vun eisem Avis vun der Gemeng Diddeleng an ech wëll nach eng Kéier betounen, datt et fir eis wichteg ass, zum Beispill, datt d'Reduktioun vun der Consommatioun vum Foncier däerf natierlech déi Crise du logement net verschäerfen. Mir musse weiderhin nei Wunnforme promouvéieren, sief dat partizipativ Wunnengen, modulabel Wunnengen, intergenerationell Wunnengen, dat muss evoquéiert ginn an datt muss, wéi gesot, promouvéiert ginn. Et ass wichteg, nach ze betounen de wichtege Rôle vun der Begréngung vun enger Stad, an dat brauche mer och hei zu Diddeleng, datt muss konsequent duerchgefouert ginn, engersäits natierlech fir d'Biodiversitéit erëm an d'Stied zeréckzekréien an iwwerhaapt fir d'Biodiver-

sitéit ze preservéieren, mee dat Ganzt dréit och dozou bäi, datt mer och e bessere Klima an de Stied hunn an och an de Summerzäiten d'Temperatur och erofzehalen, also méi niddreg ze halen. Et ass wichteg och, datt déi sougenannt Densifizéierung, déi virgesinn ass, soll och op deene Plaze geschéien, wou et Sënn mécht a wou se gutt wëllkomm ass, mee natierlech däerf et net de Risiko fir Iwwerschwemmungen erhéijen. Also, nach eng Kéier zum Avis vun der Gemeng a mir hunn dee ganz opmierksam gelies an et ass en Avis, dee wierklech immens gutt ass, wou Dir am Fong gutt Propose maacht oder kohärent Propose maacht a mir hätten eis kéinten ganz gutt virstellen, dee ganz matzedroen, ech mengen dat ass och Dank eise gudden Architekten an Urbanisten, déi hei bestëmmt matgeschafft hunn. Par contre, de Problem, dee mir hunn, dat ass, datt Dir de pauschale Saz schreift, datt Dir Iech un den Avis vum Syvicol alignéiert. Et ass effektiv en Avis, dee fofzeg Säiten huet a dat war net einfach fir deen och duerchzeknaen an alles richteg ze verstoen an ze mierken, mee einfach pauschal ze soen, datt Der Iech zu deem Avis do alignéiert, fanne mir e bëssi traureg, an dat ass wierklech deen eenzegen Hoken, déi mir derbäi hunn, fir kënnen dat Ganzt och propper matzedroen. Kloer ass et en Challenge fir eist traditionell Planungsweis, esou ze soen ze iwwerdenken an nei Linnen dran ze féiere an nei Defien och unzegoen, mee dat wier alles am Sënn vun enger besserer Liewensqualitéit, am Sënn vun eiser Ëmwelt, vum Ëmweltschutz an och der Klimaneutralitéit.

Kuerz nach eng Kéier zum Avis vum Syvicol, dee fir eis esou problematesch ass. Engersäits, de Syvicol seet, Versigelung esou reduzéieren ass natierlech net gutt, mee dofir seet de PDAT wéi mer dat sollen u sech ugoen, mir sollen u sech d'Buedemflächen esou benotzen, datt dat Ganzt optimal gemaach gëtt an eng Rekonversioun vun deem Ganze kréien. Wéi mer schonn och virdru gesot hunn, wat mer och maachen, dat ass eng Optimisatioun vun de Frichen notzen, do si mer, mengen ech, am Land Best practice, eist Diddeleng mat Neischmelz. Et ass och wichteg, datt mer Gebaier multifunktional amenagéieren an notzen, well duerch verschidden Outilen, déi och d'Gemengen zur Verfügung hunn, gesäit een, wéi zum Beispill eng Schoul just sechs, respektiv vläicht aacht Stonnen den Dag benotzt gëtt, véieranzwanzeg minus aacht, dat heescht, siechzéng Stonne bleift datt d'Gebai einfach eidel a gëtt trotzdeem gehëtzt an deemno wéi och d'Luuchte bleiwen un. An da muss een och nach soen, mir mussen och benotzt, also zoubetonéiert Plazen, deemno wéi och der Natur vläit zeréckginn an net ëmmer alles zoumaachen an zoubetonéieren. Mir mussen eng aner Planungskultur entwéckelen, wéi ech scho virdru gesot hunn, am Beräich vum Urbanismus an der Gestioun vun der Mobilitéit, an der Gestioun vum Waasser an an der Gestioun vun eisen ekologesche Couloiren, datt Ganzt natierlech - an dat hu mer och betount – dat ass och dat drëtt politescht Zil, soen ech elo, vum PDAT, eng gutt Zesummenaarbecht mat eise Grenzregiounen. Den zweete Punkt am Syvicol, a wou mir net esou gutt fannen a wou mer nach eng Kéier, wéi gesot, den Avis dowéinster net wäerte kënnen esou matdroen, ass d'Gemengenautonomie.

Jo, ech mengen, et si vill Gemengen, déi fäerten, datt d'Gemengenautonomie hei bedroe gëtt, mee dat ass effektiv sou, datt et net de Fall ass, de Programme directeur, de PDAT, ass en Dokument, wat u sech e clevert Notze vun eise Ressourcë virgesäit a virschléit, esou datt déi nächst Generatiounen och optimal Liewenskonditioune kënnen hunn, sou wéi mir u sech momentan. Et ass och eng Hëllef fir den Iwwergang souzesoen a puncto Klimaneutralitéit ze favoriséieren, datt mer u sech och e Gläichgewiicht hunn tëschent Liewensqualitéit, eng wirtschaftlech Entwécklung an awer och eng sozial Attraktivitéit kënne bäizebehalen an ze assuréieren, sief et hei zu Diddeleng oder iwwerhaapt hei zu Lëtzebuerg. Et ass och esou, datt mir matkruten, datt verschidde Gemengen an hirem Avis och drageschriwwen hunn, datt si gären ofwaarden, datt eng EU-Direktiv dat besser kadréiert a Propose mécht, wéi een dat Ganzt sollt natierlech ëmsetzen.

Mir verstinn och, datt dat vläit e groussen oder e klenge Problem ass, einfach den theoreeteschen Deel op engem prakteschen Deel ëmzesetzen an dofir ebe vläit déi Saach, datt ee soll op EU-Niveau kucken, wéi déi aner dat managen, well ech mengen, och eis Noperen, d'Fransousen an déi Däitsch, déi sinn och schonn um Wee vun der Zéro-Artificialisatioun an ech mengen, et wier nëmme schlecht, souzesoen, wa mir Lëtzebuerger eis net géifen och dorunner halen an alignéieren, mee ech mengen, dat ass och net d'Intentioun vun eiser Gemeng. Dofir wier et fir eis besser gewiescht, net einfach pauschal ze soen, den Avis vum Syvicol unzehuelen, mee vläicht ze soen, zu wéi enge Punkten d'Gemeng den Avis matdréit an zu wéi enge Punkte vläit net. Vläit dréit Gemeng dee ganze Syvicol-Avis mat, woubäi ech muss soen, wann een dat esou duerchkuckt, ass en zimmlech negativ vis-à-vis vun engem PDAT a vläicht muss een och nach soen, datt kee Gréngen an deem Gremium vertrueden ass an de Syvicol ass éischter CSV-orientéiert. Ech muss soen, de Minister Turmes hat och schonn offiziell gesot, datt CDAen, dat ass jo en Dokument, wat muss ausgeschafft ginn, wat weider wäert liewen, wou mer mat enger gewëssener Erfarung wäerte verschidde Saachen natierlech upassen an, jo nach eng Kéier, wéi gesot, den Här Turmes huet gesot, datt ee Saache wäert upassen, esouguer CDAen, well et sinn der vill, déi fäerten, fir de Facteur, datt en ze niddereg ass, datt verschidden CDAen héchstwarscheinlech och en nei errechente Facteur au fur et à mesure wäerte kréien.

Ech kommen zum Schluss vun eiser Stellungnam, ech wëll awer hei nach zwee Punkte betounen, déi fir eis wichteg sinn. Natierlech de Kompensatiounsfong, wou ee muss kucken, dee muss nach decidéiert ginn an definéiert ginn, wéi dat Ganzt wäert fonctionéieren, mee dat ass awer e wichtegen Aspekt fir kënnen ze soen, do vläit wou manner ka gebaut ginn a Leit duerch Taxen oder egal wéi – dat muss een nach kucken - eng Kompensatioun kéinte kréien, par rapport zu anerer, déi dee Moment vläit duerchaus méi kéinten entwéckelen. An den zweete Punkt ass d'Schafe vun engem Fong, deen u sech soll och de Pilotprojet vun engem PDAT ënnerstëtzen, fir dat Ganzt och kënnen ëmzesetzen. Et ass ze verstoen, datt natierlech net alles momentan am Stee gemeesselt ass an natierlech bleiwen och vill Froen op, mee wat wichteg ass, ass, datt een iergendwou ufänkt

an au fur et à mesure déi Saachen upasst, mee ech mengen, et ass wierklech am Interêt vun eis alleguerten a vun eiser Gesellschaft, datt mir einfach ophalen, eise kostbare Buedem, sief et hei zu Lëtzebuerg, wou mer effektiv eng ganz restreinte Unzuel un Meterkarreeën hunn, mee allgemeng soll ee kucken, datt ee mat deem Buedem och a ganz wäertvoll ëmgeet. Merci fir d'Nolauschteren.

DAN BIANCALANA (LSAP BUERGERMEESCHTER): Merci Madamm Ahmedova. D'Madamm Erpelding huet d'Wuert.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter, also mir hunn hei den Avis vum Programme directeur de l'aménagement du territoire, kuerz PDAT, deen de Schäfferot preparéiert huet an iwwert dee mer haut sollen diskutéieren an ofstëmmen. Och ech soe Merci fir d'Aarbecht all deenen, déi dorunner geschafft hunn an och un d'Madamm Zeyen fir déi zwou Presentatiounen, déi dat Ganzt ëmmer méi verständlech gemaach huet. De PDAT versicht, de Flächeverbrauch vum Buedem ze begrenzen, wat och fir eis eng absolut Prioritéit muss sinn. Wann ee weess, dass Lëtzebuerg dat Land a Westeuropa ass mat der gréisster relativer Flächeversigelung iwwerhaapt, dann ass et kloer, dass eppes muss geschéien, an zwar contraignant, well d'Mesuren, déi u Fräiwëllegkeet appeléieren, ginn hei scho laang net méi duer. déi Lénk hunn e puer kleng Amendementer agereecht, bon, ech wollt op déi am Laf vu menger Interventioun agoen, ech hu gesinn, se sinn eigentlech all ugeholl ginn, mee dat verhënnert jo net, datt ech se kann awer kuerz erklären.

Mir haten am Virfeld virun zwou Wochen en informelle Gemengerot, wou mer dëse Programm vum Bureau d'études virgestallt kritt hunn a wou mer och scho konnte Froe stellen an zesummen driwwer diskutéieren. Dës Initiativ ass ze begréissen, allerdéngs ass den Oflaf awer nach ëmmer net esou oppen, transparent a partizipativ, wéi mer eis dat géife wënschen. Dëse Programm huet de Schäfferot schonn de 15. September 2022 kritt, de Gemengerot kritt d'Dokumenter eréischt den 23. Dezember, also méi wéi dräi Méint duerno an och nach just virun de Feierdeeg, wou net onbedéngt prioritär u Schaffe geduecht gëtt. An da muss et séier goen d'Presentatioun den 12. Januar an de Vote dann haut de 26. Januar. Jo, et kéint schlëmmer sinn, mer hate jo elo zwou Wochen Zäit. Wat mer awer vermëssen ass, dass dee Programm net och um Niveau vu verschiddene Gemengekommissiounen diskutéiert ginn ass oder dass d'Kommissiounsmemberen op d'Presentatioun fir de Gemengerot ageluede gi wären. Esou wichteg Diskussioune sollen awer breet gefouert ginn an d'Bevëlkerung muss mat agebonne ginn. D'Madamm Kayser huet dat och erwäänt, dofir kommen ech och direkt op eis Ajouten op der leschter Säit vum Avis, de Kommentar 8 a 9. Ech ginn elo net ze vill an den Detail, mir hunn dat dobäi gesat, dass de Gemengerot soll am Rapport de synthèse, deen herno da gezu gëtt no den Avisen, informéiert ginn an och kënne matschaffen, an dann hu mer dobäi bäigesat „également au niveau du conseil communal", fir dass et net herno stoe bleift an et just d'Gemeng ass an dann de Schäfferot an domadder just d'Majoritéit. Dat ass jo och esou ugeholl ginn.

An da hu mer do och bäigesat, dass mer herno solle genuch Zäit hunn, d'Gemengen allgemeng genuch Zäit hunn, fir sech d'Saach ze iwwerleeën an eben och fir en Debat um Niveau vun der Gemeng mat der Populatioun ze féieren. Et geet jo net ëm näischt, et ass jo awer schonn alles wichteg an et betrëfft jo eigentlech all d'Beräicher vun der Gemeng. Am grousse Ganze kënne mer mat villem averstane sinn, wat am Avis vum Schäfferot steet, mee et feelen eis e puer wichteg Punkten. Wou mer eis ganz sécher eens sinn, ass d'Thema ronderëm de PAG, respektiv d'Divergenz tëschent der Zuel un Hektaren, déi mer laut PAG nach kéinte bebauen, an der Zuel un Hektaren, déi de PDAT eis zougesteet ze bebauen. Ech erspueren lech elo, dass ech hei mat Zuele jongléieren, si si scho genannt ginn, mee et kann net sinn, dass mer e gëltege PAG hunn, deen e Bauperimeter kloer definéiert, deen och net an all Richtungen ausaart an deen och vum Ministère approuvéiert ginn ass, dat ass wierklech net ze vergiessen an dann däerf awer net esou vill bebaut ginn herno.

Do steet d'Uewergrenz vum PDAT am Widdersproch zu den aktuelle Méiglechkeeten an eisem PAG a mir si ganz beim Schäfferot, wann deen am Avis schreift, dass dee festgeluechte Seuil nach eemol muss iwwerduecht ginn an un déi reell Situatioun ugepasst ginn. Wa mer PAG soen, si mer och beim Thema Logement. D'Kreatioun vu Logements abordables gëtt nëmme ganz kuerz ernimmt, mir wëssen all, dass dat déck néideg ass an dass d'Gemeng muss do hir Verantwortung huelen. Mir sinn an enger Urgence, et ass jorelaang verschlof ginn, net nëmmen, mee och zu Diddeleng. D'ëffentlech Hand, also de Staat an d'Gemenge mussen sech endlech déi néideg Mëttele ginn, fir den abordabele Wunnraum ze promouvéieren, weiderzedreiwen an och anzekloen. Gefreet huet eis, am Avis ze liesen, dass d'Majoritéit schreift, dass et „plus juste et plus judicieux" wär, fir eng Tax op eidelstoende Bauterraine virzegesinn. Ma dat fuerderen déi Lénk scho laang, da kommt mer féieren et dann direkt emol an. Zu der Densifizéierung vu besteeënde Quartieren an och neie Quartieren, steet am Avis „la densification douce doit se faire en respect du tissu bâti", bon, mir si schonn drop agaangen, do hu mer bäisetze gelooss, dass wann d'Méiglechkeet ass, och kann an d'Héicht gebaut ginn, natierlech en respect du tissu bâti, dat ass ganz kloer. Ee Moyen fir manner Buedem ze versigelen an awer Wunnraum ze schafen, ass nun emol an de Stied an d'Héicht ze bauen, natierlech net iwwerall mee eben duerchaus ass nach Potential do.

A wa mer vu Logement schwätzen an Densifizéierung, dann däerfe mer och déi sozial Mixitéit an de Quartieren net vergiessen, déi immens wichteg ass a wou och nach vill drun ze schaffen ass. Dann nach ee Punkt zu der Densifizéierung , do hate mer och e bësselche méi am Detail drop gepocht wéi den Transport public soll envisagéiert ginn, och dat ass awer haaptsächlech eng Formulatioun, well de Schäfferot awer dat och schonn drageschriwwen hat, dass ebe muss un den Trafic geduecht ginn, wann natierlech méi Logementen hei sinn. déi Lénk begréissen awer, dass d'Fro vun de finanzielle Ressourcen opgeworf gëtt, déi eis Gemeng muss hunn, fir hirer territorialer Roll am Süde gerecht ze ginn, op Grond vun hiren nationalen Infrastrukturen, déi se schonn haut huet an nach wäert kréien.

Mir sinn also och ganz domat averstanen, dass am Avis steet, dass de Finanzement fir en CDA muss verstäerkt ginn an d'Gemengefinanzen adaptéiert ginn. Da kommen ech zum Avis vum Syvicol. Jo, do steet effektiv ganz vir an eisem Avis „se rallie étroitement à l'avis du Syvicol, et partage à la fois les éléments-clés", do si mer och net ganz averstanen, well ganz villes gefält eis net an deem Avis an déi Lénk géife virschloen - dat hat ech vergiess, bei mengen Ännerungen anzereechen, mee dass ech nëmmen ee Wuert, dofir proposéieren ech Iech dat - wa mer wéinstens géingen amplaz „étroitement" duerch „en partie" oder „partiellement" ersetzen, dann hätte mer alt vläicht e Kompromëss, wou een dann eben net grad alles unhëlt, wat do dra steet. Also, do stinn einfach Saachen dran, déi kann een net esou matdroen, ech ginn lo net ganz am Detail op all eenzelt Positiounen an, well sécher ass villes richteg, mee et si Punkten dobäi, wéi zum Beispill zu der Virgab vun der Versigelung vum Buedem mam PDAT, do seet de Syvicol mer solle virsiichteg sinn an ofwaarden, wéi eng Objektiven op europäeschem Niveau festgeluecht ginn. Mir froen eis, firwat? Dat verhënnert jo awer net, dass ee scho Saachen aféiert.

Zum Thema Logement fäert de Syvicol, dass sech d'Wunnengskris verschäerft duerch d'Restriktioune vum Bauen. Jo, dat kann een esou gesinn, mä dat ass dee falsche Wee. Do si mer endlech zum Ëmdenke gezwongen an eebe gezwongen, aner Weeër ze goen, wéi bis elo an ech widderhuele mech, ob dat elo méi héich bauen ass, ob dat hei Tiny Haiser sinn, an do ginn et sécher nach ganz vill aner e Beispiller. De Syvicol ass net d'accord, dass esou wäit wéi méiglech d'Parkplaze sollen aus de Stadzentre verschwannen, ma dat ass awer deen eenzeg richtege Wee fir d'Autoen aus den Zentren erauszehalen an e Liewensraum fir d'Bierger an d'Biergerinnen ze schafen. Ech ernimmen elo net eise Wonsch no enger Foussgängerzon hei. De Syvicol ass net frou, wann d'Direktive contraignant ginn. Jo, et gëtt eng Gemengenautonomie, an déi ass och wierklech wichteg, mee wéi ech ufanks gesot hunn, verschidde Saache musse contraignant sinn, well et einfach net méi anescht geet, natierlech a Concertatioun mat de Gemengen am Virfeld, an der Diskussioun an net einfach vun uewen erof, awer iergendeng Kéier muss da vläicht awer ee soen, esou ass et elo.

Voilà, ech wär eigentlech domadder um Schluss ukomm, och wann ech net op alles agaange sinn, ech wollt awer kuerz eppes soen zu der Positioun vun der CSV, déi ech hei haut awer elo wierklech net ganz deelen. Et ass awer schonn eng relativ hefteg Attack op den Entworf vum PDAT, zum Deel, et sinn och Saachen, déi se gutt fannen, mee villäicht weist grad dës Positioun, dass et néideg ass, dass eppes muss kommen an dass et vläicht och muss zu iergendengem Zäitpunkt contraignant sinn, well mer soss einfach net weiderkommen. Natierlech, wéi ech gesot hunn, am Virfeld an der Diskussioun. Voilà. Merci,

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci der Madamm Erpelding.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Merci Här Buergemeeschter, et ass sécher keng Iwwerraschung elo, datt mir eis un den Avis vum Schäfferot ralliéieren, datt mer dee gutt fannen, mee et sief mer awer erlaabt, nach e puer Remarke bäizefügen. Och vun der LSAP-Säit aus en décke Merci un de Bureau Zeyen+Baumann an och un eis Servicer, fir déi ausféierlech Explikatiounen a fir eis dee komplexen Dossier, de Programme directeur de l'aménagement du territoire, hei virgestallt ze hunn. Dat Ganzt baséiert um Gesetz vum 17. Abrëll 2018, an deem explizit duergestallt gëtt, wéi dës Pläng ëmgesat solle ginn. Dës Mise en oeuvre gesäit vir, dass d'Gemengen elo konsultéiert ginn, fir hiren Avis zu der Propositioun vum Ministère ze ginn.

Obwuel déi Virschléi, also dat sougenannt Strategiepabeier, dat mir elo hei um Dësch leien hunn, nach kee verbindlechen normative Charakter huet, féiert et awer zu der nächster Etapp, nämlech de Plan-sectoriellen, déi duerchaus bannend sinn, an dat well se duerch e Règlement grand-ducal a Kraaft gesat ginn. Dofir si mer eis elo scho bewosst, datt mir haut hei d'Weiche stellen, fir d'Zukunft vun eiser Gemeng an et ass och net egal, wéi mer eis positionéieren. Komme mer elo zu deem Projet d'avis, dee mer hei virleien hunn. Mir sinn eis, mengen ech, all zimmlech eens heibannen iwwert déi grouss Prinzippien, datt mer musse responsabel ëmgoe mat der Versigelung vun eisen Terrainen, datt mer musse laangfristeg eng Klimaneutralitéit ustriewen, datt mer eis musse Reegele ginn, wat wou gebaut däerf ginn, datt mer grenziwwerschreidend matenee schaffe sollen an datt mer déi sozial a wirtschaftlech Kohäsioun erhale wëllen.

Resilienz, Nohaltegkeet, Dekarboniséierung, all déi Stéchwierder si jo scho genannt ginn, dofir begréisse mir et och ausdrécklech, datt mer op de Wee ginn, fir de Bauperimeter net no baussen hin opzemaachen, datt mer wëllen eis Quartiere valoriséieren an eis héich Ziler am Ëmweltberäich an an der Biodiversitéit ginn.
De Schäfferot ass op all eis Suergen an Doleancen am Projet d'avis agaangen. Wat eis eben net esou gefält, ech mengt, do si mer eis och zimmlech eens heibannen, dat ass de Wiessel vun deene Berechnungsmethoden an engem relativ kuerzen Zäitraum ouni wëssenschaftlech Begrënnung. Dat heescht, den Amenagement du territoire, de Plan d'aménagement général, de Plan d'action local logement, wat et fir eng Gemeng eben net einfach mécht an och méiglech Widdersprëch ka beinhalten, dofir si mer och net frou iwwert de Seuil vun der Baulandversigelung, dat hu mir elo schonn heibannen e puer mol héieren, deen elo soll fixéiert ginn an dee mir gesinn, datt dat vläicht eis hypothekéiert bei der Gestaltung vun eiser Gemeng, Déi Zuele si schonn e puer mol gefall an do gesäit een, dass mir einfach därmoosse wäit ausernee leien, dat mir eis domadder net kënnen offannen.

En anert Beispill ass d'Thema Baulandnotzung, wou Proprietären duerch eng Mobilisatiounstax dozou gedrängt ginn, fir hir Terrainen ze verkafen - den Här Buergermeeschter huet et schonn ugedeit - an esou Bauland ze schafen. Op där anerer Säit ass awer och elo erëm eng héich Besteierung vun der Plus-value virgesinn, wat der Motivatioun, fir esou e Schratt ze maachen, net förderlech ass. Hei ass d'Politik gefuerdert, fir sech Prioritéiten ze setzen a kohärent Äntwerten ze

liwweren. E Wuert och nach zum Kapitel Planification territoriale transfrontalière. Ech mengen, déi grenziwwerschreidend Zesummenaarbecht a puncto Mobilitéit an Ekonomie, dat steet ausser Fro, a mir begréissen och ausdrécklech dat, mee et muss een awer och fir all déi Saachen e gesetzleche Kader schafen, sief et duerch zesummen entwéckelt Projeten oder duerch d'Grënnung vun engem Syndikat, fir datt mer esou eng gewëssen Iwwersiicht a Kontroll behalen.

Eng Gefor läit och zum Beispill am Kader vu Kompensatiounsaarbechten. Sécher mécht d'Natur keen Halt op der Grenz zu Wuermereng, mee mir mussen och wëssen, datt mer keng Handhab hunn ausserhalb vun eise Grenzen, fir ze iwwerpréiwen oder ze decidéieren. Och mengen ech, wär et kee gutt Signal, wa mir hei géifen zum Beispill Saache versigelen, op där aner Säit kompenséieren, ech mengen do solle mer eis Hausaufgabe schonn doheem maachen. An, wéi gesot, mir verléieren, wa mer do kee Kader schafen, och d'Iwwersiicht an d'Kontroll, datt dat och esou wierklech gemaach gëtt.
Diddeleng ass e regionalen Entwécklungszenter, dat ass och schonn e puer mol ugedeit ginn, dat ass net wierklech nei, an ech mengen, do hu mer och déi lescht Jore vill geschafft an investéiert. Dat huet Vir- an Nodeeler, mat Rechter a Flichten oder, mat anere Wierder, et ass eng Erausfuerderung. Mir hunn net fir näischt e regionale Kultur, eng regional Museksschoul, e regionale Lycée, fir net ze soen national, net fir näischt gi Milliounen deemnächst an d'Schinnennetz investéiert an eng nei modern Gare gebaut.

Den CNA ass ugeklongen, de Statslabo, Frichen entstinn a ginn a Logementer ëmgebaut mam Fonds de Logement, do entsteet en nohaltege Quartier mat villen neie Wunnengen an ëffentleche Strukturen. Diddeleng war ëmmer e regionalen Zenter, wirtschaftlech, kulturell an och an der Veräinswelt. Dat bedeit, datt mer modern Infrastrukturen hunn, datt vill investéiert gëtt. Dës Majoritéit huet dat kontinuéierlech gemaach, Schoulen, Wunnengen, Stroossen, Sportsinfrastrukturen, et cetera, a wann Diddeleng als Sollches gesinn an unerkannt gëtt, da si mer eis och eens, da muss de Staat dat och ënnerstëtzen, net nëmme mat Berodung, mee och finanziell. Méikäschten, déi duerch déi regional Aufgaben entstinn, musse kompenséiert ginn, et ass och hei scho ugedeit ginn, ëffentlechen Transport, mee och Aarbechtsplaze schafen, wa mer jo och gären hätten, datt hei Aarbechtsplazen an eiser Ëmgéigend entstinn. Mir hunn eis allemools scho vill Aarbecht gemaach, dat ass scho gesot ginn, mam PAG, en Instrument, wou mer d'Weiche gestallt hunn an Akzenter gesat hunn. A verschiddene Quartiere vun Diddeleng sollt den Duerfcharakter erhale bleiwen, an aneren oder laanscht d'Haaptstroosse kann ebe méi héich gebaut ginn. Et si Zone-mixten ausgewisen an et gëtt opgepasst, datt d'Natur net ze kuerz kënnt.

Den ëffentlechen Transport gëtt kontinuéierlech ausgebaut. Mir verschléissen eis net méi dicht ze bauen, mee fir eng duuss Densifizéierung. Verdichten, jo, mee a mënschlechen Dimensiounen. Verschiddener sinn der Meenung, datt eleng an d'Héicht bauen, d'Léisung wier vun all eise Problemer, mä mir mengen awer, datt mer net onkontrolléiert a virun allem net ze schnell verdichte kënnen an och net iwwerall. Iwwerall an d'Héicht bauen, géif aner Problemer mat sech bréngen, net nëmmen déi ëffentlech Infrastrukture wéi Schoulen, et cetera kommen dann net méi no, mä och ënnert dem Buedem musse mer erëm oprüsten, fir déi zousätzlech Haushalter uschléissen ze kënnen. Et bleift also eng Erausfuerderung fir de Spagat hinzekréien tëschent méi effizient ze bauen an duerch Gréngen tëschent Wuessen a Liewensqualitéit, dofir däerf een net alles iwwert ee Kamm zéien, mee ganz genee hikucken, wat wou Sënn mécht. Ausserdeem bleift dann eben och nach de Problem an d'Erausfuerderung vum Verkéier a vun der Mobilitéit.

Mir fannen och alternativ Wunnformen, Leerstand, dem Leerstand entgéint schaffen, Lücken opfëllen, méi interessant, och där Spuer nozegoen, well eppes wat eis LSAP besonnesch um Häerz läit, ass dat wat am Avis och steet ënner „Le maintien de la cohésion territoriale, sociale et économique". Mir wëllen, datt Diddeleng bleift wat et ass: Eng kleng Stad mat enger grousser Liewensqualitéit, kuerz Weeër, ouni grouss sozial Problemer an an där et sech gutt liewe léisst. Mir ënnerstëtzen natierlech de Schäfferot a senge Bestriewungen, dës Ziler ze erreechen. Merci..

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Kohn fir Är Stellungnam.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci, datt ech nach däerf eppes soen, ech hunn zwee Punkten, déi elo schonn e puermol hei ugeklonge sinn an déi an deem ganze PDAT onkloer sinn a wou ech mech froen ob een net sollt an eisem Avis undeiten, dass mir eis Froe stellen iwwert déi Punkten. Do ass deen éischten dee vun de Baulücken. D'Madamm Zeyen seet, si weess selwer net, obschonns si an deem Grupp war, deen do un deem ganzen Déngen do geschafft huet, ob eis Baulücken ënnert dee Quotient falen oder net. Dat ass fir mech eng kruzial Fro, dat ännert alles a puncto Quotient, wat um Dësch läit. Sollt een dann do net iergendwou e Passus dra kréien, dass d'Gemeng sech déi Froe stellt, eng konkret Ausso, wéi et mat de Baulücken ausgesäit, ob déi respektéiert ginn oder net. Deen zweete Punkt geet an eng aner, änlech Richtungen, an dat geet ëm deen TDR, déi Transferable Development Rights: Do ass dee Passus op der Säit 8, wou mir Positioun derzou huelen. Do stellen ech mer konkret d'Fro, dat kann natierlech elo nach kee beäntweren, mee wann do eng Kéier soll de Punkt kommen, dass Leit - wann ech elo ganz krass wéilt soen - enteegent gi vun hirem Terrain, an deen se Hoffnunge gesat hunn, dass deen eng Kéier Bauterrain géif ginn, dass deen dann u Wäert verléiert, ech mengen, esou kann een et vläicht krass soen, da sollen se jo entschiedegt ginn. An déi kruzial Fro ass: Wie bezilt dat? Ass dat de Staat, deen dat bezilt, oder ass dat d'Gemeng? A kéint een net an deem Passus do och vläicht undeiten, dass mir eis d'Fro stellen, wéi déi Entschiedegung soll lafen, dass mer do schonn e bësse soen, mir stellen eis de Froen, net, dass mer herno iwwerrannt ginn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Gangler fir Är Stellungnam.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert, ech hunn nach dräi Saachen, et ass awer kuerz. De BHNS, dee war op Wonsch vun déi Lénk ewechgeholl ginn, awer et kann een deen awer vläit ersetzen duerch den CHNS, de Couloir, well dat war elo einfach duerchgestrach ginn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Jo, dat kann een effektiv drasetzen.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Jo, an dann déi zweet Saach, do wollt ech awer der CSV soen, ech weess jo net méi de genaue Wuertlaut, ideologesch vun uewen erof, dat fannen ech awer schonn zimmlech Maulkuerf och nach, also, dat fannen ech awer schonn zimmlech hefteg, well ech mengen, mir kënne jo awer hei en Avis ginn an dofir sëtze mer jo och hei. An ech hat och d'Heure d'actualité gekuckt an der Chamber an do sot de Minister och, dass d'Gemengenautonomie awer net do elo géif esou ageengt ginn an dass och dat mat de Koeffizienten, dass hien do effektiv awer och mol d'Avisen ofwaart an dann nach eng Kéier kuckt. Also, Maulkuerf géif ech awer elo do net soen an „ideologesch", dat ass awer och e Wuert, wou ech awer zimmlech hefteg fannen, ech mengen, mir hunn en allgemenge Konsens an dir sidd jo awer och averstanen, dass eng weider Versigelung an Zersiidlung, dass dat eis natierlech Ressourcen an eis Biodiversitéit futti mécht, an et ass och wëssenschaftlech. Also, ech fannen dat dann awer net grad glécklech, fir do „ideologesch", dat Wuert ze gebrauchen. An da wollt ech zum Avis vum Syvicol dann awer och soen, do huet de Buergermeeschter am Ufank, wou mer hei souzen, gesot, mir hätten deen zur Kenntnis geholl. Zur Kenntnis huelen ass awer eppes anescht wéi „se rallie étroitement". Also, wa mer do kéinte vläicht schreiwen „prend en considération", da kéinte mer dat dann och mat droen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci Madamm Heinen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, merci Här Buergermeeschter, ech muss da jo awer wuel äntweren.
Also, mäin éischte Saz war, mir ginn en Avis of, maache Suggestiounen a weise kloer op, wat mer gutt fannen, Principe de base, Dir musst awer och dann alles nolauschteren, besser Notzung vun de Ressourcen, Klimaneutralitéit ass en erstriewenswäert Zil, d'Objektiver wéi d'Reduktioun vun der Versigelung vum Buedem, d'Planification territoriale transfrontalière, dat fanne mer alles ganz gutt. Wéi gesot, Dir muss och alles lauschteren, a mäi leschte Saz war, dass mer net gutt fannen, deen ideologesch vun uewe veruerdente Baustopp an esou wéi et elo do steet, ass dat e Baustopp. Mir gi gebremst an eisem Bauen a mir fannen, de Maulkuerf, dee gëtt der Gemeng ugeluecht, an do si mir net d'accord. Mir fannen, dass eng Gemengenautonomie ganz wichteg ass an dass een dat zesumme soll ausschaffen, dat ass kloer, dat hunn ech jo och bei deenen éischte Saachen, déi gutt sinn, déi mir jo och ënnerstëtzen, dat steet jo och hei kloer am Avis, mee dass een awer net kann als Ministère einfach iwwer Saache wéi de PAG, deen och autoriséiert ass, déi hunn och eng rechtlech Basis an eng legal Basis, dass een do einfach driwwer fiert an da seet Neen, elo maache mir dat anescht a elo kritt Dir e Baustopp.

Et ass nun eemol, wa mir dat ëmsetzen, wéi si dat gär hätten, da kënne mir eis net méi entwéckelen, da kréie mer e Baustopp an dat nennen ech e Maulkuerf, da brauche mir jo näischt méi ze maachen, da brauche mer net an e PAG stonnelaang an deeglaang a wochelaang a méintlaang ze investéieren, wa mer dat vun uewen erof kréien, dat wëlle mir awer net, mir sinn awer der Meenung, dass d'Gemeng déi ass, déi um Terrain ass a fir déi et absolut wichteg ass, hir Autonomie ze halen, dat wollt ech awer just nach preziséieren, wéi mir dat gesinn hunn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci fir déi béidsäiteg Stellungnamen. Ech froen hei an d'Ronn ob nach weider Remarke sinn, wann dat net de Fall ass, géif ech vläicht d'Wuert weiderginn, fir op deen een oder aneren Aspekt anzegoen un d'Chantal Zeyen, an da d'Lancéiere géif ech och natierlech nach verschidde Stellungnamen och effektiv op déi agoen, respektiv Propose maachen.

CHANTAL ZEYEN (ZEYEN+BAUMANN): Ech hu mer e puer Stéchwierder opgeschriwwen, ech fänke vläicht emol hannen un, dat mat de Baulücken. Ech hunn op mengem Text keng Säiten, mä dat steet awer als Beispill op der véierter Säit an deem zweeten Alinea „dans ce contexte, il est aussi important de bien préciser la définition d'artificialisation, par exemple avec ou sans les dents creuses", dat si jo awer d'Baulücken. An deen zweete Punkt, deen Dir gesot hutt, deen ass mer iergendwéi entgaangen. Ah jo, den TDL, wien dee bezilt. Also, ewell jo ebe grad kee soll enteegent ginn a well mer jo all wëssen, dass dat extreem schwiereg ass fir Terrainen erauszehuelen, och wann se vläicht op enger Plaz sinn, déi komplett derniewent ass, mengen ech, dass hei eppes ugeduecht ass, wat iergendwéi e Moyen kéint sinn, dat heescht, deen een, deen eppes ewechgeholl kritt, do muss dann natierlech eng neutral Institutioun dat evaluéieren, wat krut deen do ewech geholl, an da géif dat op déi aner Plaz drop gesat ginn.

Bon, wat ee vläicht do nach kéint, esouwäit ech weess, ech mengen, dat steet och néierens, mee heiansdo wënschen ech mer vläicht, dass et géing stoen, dass een do seet, dass do gewëssermoosse misst e Fonds public kommen, deen dat vläicht geréiert, déi Suen, déi do iergendwou erauskommen an op eng aner Plaz drop kommen an da géing ech och mengen, dee Baustopp, dat ass awer elo e bëssen och en uerg Wuert, well dat ass jo awer elo hei guer net geduecht et, et ass awer enorm vill och duerch d'Press gaang, an dat ass jo eppes, och als Planerin, wat engem wichteg ass, wann do gesot gëtt, mir wëllen eng aner Planungskultur, dat heescht, mir wëllen einfach net méi weider an d'Fläch erausgoen, mir wëllen net méi weider zersidelen, mä mir wëllen dat iergendwéi ëmleeën, dat heescht et ass jo net vun engem Baustopp gesot ginn, ech mengen, et ass wierklech jidderengem un d'Häerz geluecht ginn, dat wat mir scho vläicht laang soen, dass ee soll bannen entwéckelen an net baussen. An och déi Saach, déi Duerchgréngung, also Baustopp, schéngt mer och net ganz korrekt ze sinn, fir dat hei ze soen, well ech mengen, dat ass hei elo net esou gesot ginn, dat steet hei net esou dran.

Also, wat war elo nach, wou ech eppes wollt soen? Also, iwwerhaapt de Lien, mam PAL, also mam Pacte Logement oder Plan d'action local, do steet dann och op der Säit 4, e bësselche méi déi, beim Feil „de mettre en relation les objectifs du PDAT avec les objektifs déjà en place du PAG Logement". Ech mengen, do gëtt einfach drop higewisen, dass een natierlech Diskrepanzen huet, mee ech mengen, dat ass dat selwecht, mir haten déi lescht Kéier och vill driwwer geschwat, iergendeng Kéier muss ee ufänken an déi PAGe sinn do an et muss een elo kucken, well, wéi gesot, schonn an deem zweete Programm directeur stoung dran: „Le sol est un bien rare, il faut l'aménager" oder „le ménager", wéi och ëmmer, an dass dann och op enger anerer Plaz vum zahnlosen Tiger geschwat gëtt, ech mengen, wann een dat scho méi laang nokuckt, da mengen ech, dann ass dat e Begrëff, wou een einfach seet, et muss einfach méi grëffeg sinn an ech mengen, dat ass jo awer hei probéiert ginn, fir dat ze kréien.

Dass dat elo net perfekt ass, déi Seuilen do, do hu mer vill driwwer geschwat, do hu mer jo och ganz vill Iddie mat erabruecht hei, fir dat ze preziséieren, an ech mengen, do ass awer do Usaz do fir dat do dran ze maachen. Also, wéi gesot, fir mech ass déi Saach mam PAL och hei mat dodranner an dann ass och eng ganz flott Iddi dran an deem nächsten Tiret, wat och nach PAL ass, also och nach Programm, also Pacte Logement, „Création de logements abordables dont les plans d'aménagement particuliers Quartiers existants", dat ass am Fong eng ganz nei Iddi, well elo, dat gëtt jo ëmmer nach méi zum Droen, elo de Moment ass et jo esou, dass bei Nouveaux quartiers déi 10 Prozent kënne gefrot ginn, oder musse gefrot ginn, well et steet am Gesetz, fir e Logement abordabel ze kréien. Mä wann Dir awer elo heimadder sot, et soll méi densifiéiert ginn, dat heescht, do kann et elo sinn, dass een en Terrain huet, dee kritt elo gesot, bei Dir passt dat gutt fir een, zwee Stäck oder och nach dräi dropzesetzen, dann ass dat jo awer eng fantastesch Plus-value fir deen, an dat kann et jo awer och net sinn.

Ech mengen, do misste mer jo dann och drun denken, fir déi Meterkarreeën ze evaluéieren an an en Däppen ze maachen, fir deen, deen se eventuell ewechkritt, fir ze maachen an awer dann dee Moment och drun ze denken, dass op dat wat dobäi kënnt och esou vill Prozent muss abordabel gemaach ginn. Dat ass eng nei Iddi, an dat ass, fannen ech, awer och hei déi zwou Saache sinn awer do dran, wou awer och kann en Instrument wéi de Pacte Logement, deen eben och seng Zäit komm ass an et ass  eben esou an dofir ass et jo och heiansdo, ee Gesetz ännert jo emol een anert Gesetz an hei ass et  eben déi Strategie, déi muss dann eebe kucken, wéi kann ee Gesetz oder aner Gesetzer vläicht dann och domadder ëmgeännert ginn. Also, ech mengen, dat ass jo dann oppen nach zu deene Punkten, dofir géing ech awer mengen, dass och dee Punkt och hei mat dodranner ass. Wa mer nach eppes afält, da mellen ech mech.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, da géif ech och nach op verschidde Punkte agoen. Engersäits wëll ech merci soe fir déi verschidde Stellungnamen, déi deelweis deckungsgläich waren, awer och eng Rei Ënnerscheeder, mä ech mengen, dass mer an der genereller Ausriichtung awer hei, wat den Avis ugeet, eis eens sinn, iwwer déi heiten Ausriichtung, och wéi Lëtzebuerg soll generell iwwergeuerdent wuessen an sech weider och entwéckele mat den Aarbechtsplazen, respektiv och mat der Mobilitéit. Parallel mat deene Prozesser muss och gekuckt ginn, déi och en iwwergeuerdente Charakter hunn, mat Initiativen, déi och vun der Regierung geholl goufen, vu Luxembourg in transition oder Luxembourg Stratégie, ech mengen, dat sinn alleguerte jo och Entwécklungsmodeller, déi natierlech och parallel zum PDAT muss gekuckt ginn, well dat awer Artikulatioune sinn, wéi Lëtzebuerg sech op verschidden Niveauen weiderentwéckelt.

Par rapport zu der Ausféierung vun der Madamm Kayser, ech mengen, do hu mer dee Potentiel au niveau du PAG, ech mengen, dat hu mer dragesat, ech hunn Iech Fro éiert erauszesichen, ech hunn elo net méi fonnt, well an där ganzer Analys, déi och gemeet gouf, huet sech erausgeschielt, dass duerch déi nei PAGen innerhalb vum Bauperimeter nach immens vill Potential besteet, fir effektiv déi Noverdichtung ze maachen. Dat heiten ass och de Message, kommt mir kucken als éischt, dat unzegoen, éier mer de Bauperimeter opmaachen. Dat wëll net heeschen, datt een net soll de Bauperimeter opmaachen, mä et soll ee mol kucken, wou mécht et Sënn, also als éischt Strategie déi Innenverdichtung ze maachen, bei deem, wou et och méiglech ass innerhalb vum PAG, ech mengen, dat ass déi Strategie an déi mécht jo och absolut Sënn, well dat jo och Bestanddeel ass effektiv och hei vum PDAT. Dann, par rapport zu där Remark vun deene Projet-piloten, mär si bereet effektiv, wann eng Demande do ass, oder och vun eis aus dee Projet-pilote matzemaachen, konkret gëtt et do kee Projet, ech mengen, do muss einfach d'Diskussioun bleiwe mam Ministère a wann do zum Beispill Iwwerleeunge wären, de Projet-pilote. wéi maache mer d'Densifizéierung am Bestand zum Beispill, wat jo en Deel heivunner ass, also mir verschléissen eis net prinzipiell zu Projet-piloten an ech mengen, dat muss een dat bilateral effektiv och kucken.

Dann, par rapport zu den Ausféierungen, och der Volontéit, dass hei och soll effektiv Enseignement fondamental, respektiv internationale Lycée, kommen, ech mengen, do kuckt een, wat sinn déi Méiglechkeeten, déi een huet. Koibestrachen, kann eng Méiglechkeet sinn, well do ass Potenzial, ob et elo do kënnt, dat ass eng aner Diskussioun, ech mengen hei ass eng Demande vum Educatiounsministère fir Koibestrachen, wann et dohinner sollt kommen, gëtt et geréiert vum Wirtschaftsministère, da mussen déi Ministèren sech eens ginn an deen een oder anere kucken ob e breet ass, dat eranzebréngen. A priori huet et eis net verwerflech geschéngt, et kann een dat och do usidelen, well d'Méiglechkeet besteet, well een och den Accès huet zur Autobunn, an dat kann awer an déi Zon och passe fir Synergien tëschent Enseignement, Educatioun an awer och Technologien ze hunn. Ech mengen, dass dat effektiv Sënn mécht, mä mir sinn do an engem Ufanksstadium vun Diskussiounen an et mussen nach natierlech weider Schrëtt gepréift ginn. Ech mengen, wann esou eng Demande kënnt, hëlt een se gären op, nach muss ee kucken, wou huet een effektiv dann och Terraine fir et deementspriechend ëmzesetzen, mä a priori ass et, wéi

gesot, net verwerflech. Dir hutt richtegerweis och déi Mesures de compensation opgeworf, effektiv hat ech vergiess, déi hei ze ernimmen, déi sinn natierlech am Avis dran, mee ech mengen, dat ass e konkret Beispill, dofir hu mer se och an den Avis hei eragesat, well am Kader zum Beispill vum Projet Neischmelz, stelle mer eis permanent déi Froen, och de Fonds de Logement, wéi kënne mer kompenséieren hei zu Diddeleng, ausserhalb vun Diddeleng, mam Pool de compensation, respektiv awer och,, vu dass mer am Transfrontalier sinn, kann dat eng Méiglechkeet sinn, et muss een natierlech och kucken ob op där anerer Säit natierlech a Frankräich déi Méiglechkeet besteet.

Wat sinn do d'Bereetschaft, d'Dispositiounen? Mee dat sinn natierlech Elementer, déi een am Kader vun engem Dialogue structuré am Transfrontalier sécherlech ka mol undiskutéieren, onofhängeg ob ee weess, ob et klappt oder net. Dat war par rapport zu deenen doten Ausféierunge vun der Madamm Kayser. Dann effektiv zu den Ausféierunge vun der Madamm Ahmedova a par rapport zu der Iwwerleeung vun der Madamm Erpelding respektiv och mat der Madamm Heinen zum Schluss par rapport zum Avis vum Syvicol. Ech mengen, wann een hei en Avis virleien huet, ech mengen, déi Diskussioun hu mer net gefouert mam Avis vum MECO, an engem Avis huet een ëmmer Saachen, un deenen een sech ralliéiert,  un deenen een sech net ralliéiert, un deenen een sech stéisst, déi ee gutt fënnt, net gutt fënnt.

De Syvicol ass nun emol d'Sproochrouer vun de Gemengen, respektiv wann een en Avis hei huet, och wann Dir da vläicht keen Delegéierten dran hutt, Dir hutt awer en Delegéierten, deen awer och Gemenge vertrëtt, dee grénge Buergermeeschter ergo also och mat vertrëtt an der Kompositioun vum Syvicol. Wann een natierlech hei Ausféierunge gëtt, et wär besser gewiescht, verschidden Punkte soen, da wier et vläicht och net oninteressant gewiescht, ze wësse wéi eng Punkten skizzéiert sinn, do hätten da Leit an der Diskussioun vläicht sech hei erëmfonnt oder och net erëmfonnt, dat ass ëmmer bei Avisen esou, dofir vläicht, mengen ech, vu dass dat e bëssen hei gedréint huet, et war een Turnus „se rallie partiellement à l'avis", mä bon, partiellement, dat heescht alles an näischt partiellement, do seet een och net wéi eng, oder „prend en considération l'avis du Syvicol", also ech hu keng strong feelings fir déi zwou Formulatiounen, ech mengen, mir hunn et zur Considératioun geholl oder se rallie partiellement, do fënnt jiddereen sech dran erëm, ech mengen, partiellement deen engen a partiellement deen aneren, bon, wann dat kann hëllefen, dee Passus hei ze deblockéieren, also wéi gesot, ze entschäerfen an dass anerer sech do besser wuel fillen herno bei der Decisioun vun hirem Vott, dann hunn ech kee Problem, ob dat elo „partiellement" ass oder „prend en considération". Wéi gesot, déi zwee si fir mech OK, sot mer dann, mat wéi engem Dir am beschten da kënnt liewen.

Dann, par rapport zu der Timeline, ech wëll Iech just hei soen, an ech mengen, dass déi Avisen, an do kommen ech eriwwer par rapport zu der Madamm Erpelding, ech wëll Iech soen, dass Mëtt Januar vun deenen 102 Gemengen, déi hei en Avis ofginn, knapp 25 Gemengen hiren Avis un de Ministère ginn haten. Ech mengen, dass mer haut an där Prozedur haut esou sinn. Den Avis vum Syvicol hat och méi wéi eng Kéier deelweis hu mer Rechnung gedroe kritt,  awer net ganzt, dat ass  eben esou, fir den Delai eben och ze verlängere fir eis Prise de position, well dee Moment wo uet an d'Prozedur och geschéckt gouf, dat war zu engem Zäitpunkt, wou alleguerten d'Gemenge amgaange waren, hire Budget ze maachen an ech mengen, Dir wësst, wéi vill Zäit dat mat sech bréngt fir effektiv de Budget opzesetzen.
Dofir hu mer méi wéi eng Kéier probéiert, den Delai ze verlängeren, bon, dat ass effektiv esou vu Mëtt Januar op Enn Januar ass e gepuscht ginn, bon, d'Realitéit ass, Mëtt Januar waren 25 vun 102 Gemengen, mir sinn elo eng dovunner, déi och zäitgläich, also mat Zäiten dat bréngt, mä dat weist awer einfach och d'Realitéit vun engersäits zwee wichtegen Dossieren, déi eng gewësse Komplexitéit hunn, Gemengebudget, wou d'Gemeng domadder befaassen, respektiv awer och dann de PDAT an dofir war et eis och wichteg den informelle Gemengerot, well deen och heiriwwer befënnt fir virzeschalten, fir och hei an deenen Delaien, déi awer zimmlech enk waren, och driwwer ze schwätzen. Par rapport zum Här Gangler, ech mengen, do huet d'Madamm Zeyen drop geäntwert, a par Rapport zu der Madamm Heinen och.

Ech mengen, ech wier op déi verschidde Remarken agaangen, wou ech awer net sécher sinn ob elo nach dee ganze Reseau hei am PNR, dat misst een nach eng Kéier nokucken, ob dee ganze Reseau hei nach zu Diddeleng betraff ass mam CHNS, do weess ech elo net méi, wéi dee leschte Stand war, ech mengen, net méi esou ganz, mer kënnen et awer effektiv vun der Ausriichtung drasetzen, mee wéi gesot, de BHNS, deen ass jo wéi gesot vum Dësch, respektiv ass jo dann elo de Couloir.
Voilà, ech mengen, ech wier op alleguerten d'Punkten agaangen, sot mer just nach wat solle mer huele mam Avis vum Syvicol? „Prend en considération" oder „se rallie partiellement"? Wéi hätt Dir et gären? „ "Prend en considération"? Gutt, dann huele mer „ "Prend en considération", ech mengen, da misst ee par analogie „Prend en considération l'avis formulé par le MECO", da si mer bei deenen zwee d'selwecht, well och do si Saachen dran, déi fënnt ee gutt an anerer manner, dann hu mer déi zwee Avisen a da fënnt jiddereen sech doranner erëm. Ass dat OK?

A schlussendlech d'Ausféierunge vun der Madamm Kohn, déi waren och deckungsgläich och mat verschiddenen Avisen, déi hei waren, esou mengen ech, dass mer hei en Avis hunn, dee mer kënnen eraschécken an da sinn ech och gespaant, wéi do dann de Retour ass, wou mer dann och hei an engem Gemengerot kënne weider driwwer diskutéieren.

Dëst gesot behale mer den Avis da komplett mat all de Remarken, déi gemaach goufen an da géif ech proposéieren, dass mer zur Ofstëmmung kommen: Wien ass dergéint? Keen traut sech. Wien enthält sech? Och net. Wien ass dofir? ***Dann ass dat unanime.***

Da soen ech Iech villmools merci fir Äert Abréngen a villmools merci och dem Chantal Zeyen, dem Eva Gottschalk an dem Cathy Mambourg fir hir Presenz an da schécke mer den Avis an.

# GEMENGEROTSSËTZUNG VUM 10. FEBRUAR 2023

## 1. KORRESPONDENZ

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Schéine gudde Muere léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech géif Iech ganz häerzlech hei begréisse bei dëser Reunioun vum Gemengerot. Ech begréissen och d'Vertrieder vun der Press an och d'Kolleege vun de Gemengeservicer. Mer hunn e gudde chargéierten Ordre du jour, dofir géif ech proposéieren, dass mer mat Zäite géifen ufänken. Et ass Punkt 8 Auer. Fir d'Formalitéiten: entschëllegt fir dëse Gemengerot huet sech den Här Walter Berettini an deen huet dem Martine Kohn eng Procuratioun ginn. Duerch déi ganz Covid-Mesüren, do war dat jo temporär, dass een d'Procuratioun ka ginn. Dat ass lo feste Bestanddeel duerch dat neit Gesetz, am Kader vun deem och d'Gemenge gestäerkt ginn an am Kader vun der Simplification administrative, dat ass dat neit Gesetz, wat en vigueur ass. Do ass och dat heite Bestanddeel, dass een d'Procuratioun definitiv ka weiderginn. Dat ass och en neie Moment am Gemengesecteur, wat jo par Analogie schonn um nationale Plang an der Chamber éischter scho gang und gäbe war. Ech kucken nach ënnert Korrespondenz léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schäfferot, do ass weider näischt.

## 2. CIRCULATIOUN

**2.1. Confirmatioun vun engem temporären dréngende Verkéiersreglement – Rue des Champs, Rue Schortgen a Rue de la Vallée**

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Merci Här Buergermeeschter. Gudde Moien och vu mir un Iech alleguerten. Den éischte Punkt vum Ordre du jour ass eis Navette Champs – Schortgen – Vallée. Dir wësst datt mer dat an der Verkéierskommissioun vum 5. Dezember dat d'lescht Joer diskutéiert hunn an ech hat et och beim Budget ugekënnegt. Well mer wëllen eist Busnetz optimiséieren an eng Buslinn duerch déi Quartiere Champs a Vallée fuere loossen. Deen Artikel dee gouf och am Budget 2023 virgesinn a mam Vott vum Budget deemno och approuvéiert. A lo wëlle mer dat natierlech a Musek ëmsetzen. Mir hate jo gesot den 1. Februar. Mee wéi Dir wësst muss de Budget, dee mir hei de 17. Dezember gestëmmt hu vum Ministère de l'Interieur approuvéiert ginn, éier mir als Gemeng kënnen eng Commande maachen. Wéi d'Gesetz et verlaangt hu mer 4 Offeren ugefrot, mir kruten der awer just 3 zréck an Emile Weber war dee bëllegsten.

Lo awer zum Budget: Wéi ech sot, muss dee vum Interieur approuvéiert ginn, an dee koum awer réischt de 27. Januar zréck hei an d'Gemeng. Frot mech net, firwat dat sou laang gedauert huet, déi Fro kann ech Iech elo net beäntweren. Dat heescht no där leschter Reunioun am Gemengerot, wou de Gemengerot hätt kënnen e Reglement stëmmen, koum dee Budget réischt zréck. Bon, doduerch huet de Schäfferot misse reagéieren an op dësem Dag eng Commande gemaach an e Règlement d'urgence geholl, also op de 27. fir kënnen den 1. Februar, wéi mir dat ugekënnegt haten, mat där Buslinn lasszeleeën. D'Reglement ass am Ament och nëmmen zäitlech begrenzt, well et net machbar ass en urgence en Avenant op dat besteeënd Reglement ze huelen. Dëst muss regulär nach eng Kéier an engem Gemengerot geholl ginn. An den nächste Woche gëtt dann eng Ausschreiwung lancéiert, well d'Commande fir Emile Weber, déi ass dann och nëmmen op 6 Méint begrenzt. An dann hoffe mer och, wann nach Kannerkrankheeten dra wieren, datt mer déi dann och raus hunn, wann z.B. nach eng Bushaltestell misst e bësse geréckelt ginn oder um Horaire gefréckelt ginn. Dat weess een ni ganz am Ufank, wann ee sou eppes aféiert. Dat zu den Erklärungen, firwat e Règlement d'urgence huet misse geholl ginn.

Zum Inhalt awer vum Reglement selwer, well ëm dat geet et jo eigentlech hei, dat ass dat, wat mer musse stëmmen. Et geet eigentlech just drëm, déi nei Bushaltestelle festzehalen, déi mer mam Règlement d'urgence kreéiert hunn, an zwar sinn dat der 7 un der Zuel. Well déi existent Bushaltestellen, déi et scho ginn an déi de Bus ufiert, déi mussen net nach eng Kéier hei gestëmmt ginn. Déi nei dat sinn, an ech ziele se eng Kéier op: 203, Rue des Champs, 71, Rue des Champs, 25, Rue des Champs, vis-à-vis 21, Rue Schortgen, dat ass hannert dem Haus 235, Route de Kayl, 113 an der Vallée, 81 an der Vallée, vis-à-vis vu 46 an der Vallée, dat ass tëschent der Rue des Aubépines an der Rue des Prunelles a 5-7, Rue de la Vallée. All déi aner Arrêten, déi de Bus ufiert, dat si besteeënd Arrêten, déi ginn et schonn, déi si schonn iergend eng Kéier hei am Gemengerot gestëmmt ginn. An domat mengen ech hätt ech alles gesot. An de Service de la circulation an der Persoun vum Pit Demuth ass hei, falls elo nach Froen dozou sinn. An ech soen Iech elo mol Merci fir d'Nolauschteren.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter, ech wollt net laang diskutéieren, ech wollt just bemierken, dass deen Arrêt, deen an der Feldstrooss ënnen ass, hannert där Zick-Zack-Kéier, wou déi nei kleng Cité ass, deen ass direkt hannert der Kéier, wat ech net ganz glécklech fannen, well d'Feldstrooss ass schonn heiansdo en zolitte Knuet fir laanschteneen ze kommen, do muss ee schonn op d'Courtoisie vun de Leit zielen, fir laanscht déi Inselen ze kommen, mee wann dann ënnen och nach de Bus do steet... Bon, Dir sot lo, e steet vläicht net laang do, mee deen Arrêt do ass an deem Sënn net glécklech. Ech perséinlech hätt dee vläicht 10 Meter méi no vir geluecht, da géif en net do an der Kéier hënneren. Merci.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Ech hu just eng Fro, ob mer kënne gewuer ginn, wat dat eis kascht? Mir hu jo näischt dovunner gesi vum Kontrakt mat Emile Weber.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Ech hunn deen neie Bus nach net ausprobéiert, ech wäert et awer deemnächst maachen. Ech wollt froen, hei op der Gemeng, wou hält en do? Also hei just virdrun, do wou déi TICE-Bussen dann och all halen? An dann ass jo do och en Affichage, also sou eng digital Anzeig. Gëtt

de Bus do och ugewisen? An da wollt ech awer och bemierke mat där Anzeig, dat klappt net ëmmer. Do stinn d'Bussen net ëmmer drop. Dat ass dann awer warscheinlech den TICE deen dat muss reegelen. Merci.

ALAIN CLEMENT (LSAP): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert, Dir léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot, ech wëll awer just eng kleng Stellungnam vun eiser Fraktioun ofginn an dësem Punkt. Et war fir d'LSAP schonn ëmmer vu grousser Wichtegkeet, en attraktiivt Netz ze hunn an eisem ëffentlechen Transport. Eise Schäfferot an déi ganz LSAP-Fraktioun hunn ëmmer en oppent Ouer wann eis Circulatiounsservicer oder eis Bierger, also déi, déi eis Bussen an Usproch huelen, eis Verbesserungsvirschléi ënnerbreeden. An dësem Fall waren et och zum engen d'Bierger, déi sech déi nei Buslinn gewënscht hunn an zum aneren hu mer am Kader vum PAG och festgestallt, dass déi zwee Quartieren net optimal un den ëffentlechen Transport ugebonne wieren. Dëst ass also Grond genuch fir ze handelen an och Grond genuch, fir och sou schnell wéi méiglech ze handelen.

Natierlech komme mat dëse Mesurë weider Käschten op d'Gemeng zou, mee d'Wichtegkeet an eiser Stad e gutt organiséierten a gutt ofgedeckten ëffentlechen Transport ze hu muss a sollt eis dat wäert sinn.
An där Zäit an där mir haut liewe musse mer maache wat an eiser Muecht steet fir jidderengem et ze erméiglechen, sou oft wéi et nëmme geet, den eegenen Auto kënnen doheem stoen ze loossen, fir zum engen eis Stroossen ze entlaaschten an och d'CO2-Emissiounen an eiser Stad erofzedrécke wou et nëmme méiglech ass. An dësem Fall completéiere mer eist Linnennetz duerch d'Quartiere Champs a Vallée an ergänzen dës Linnen nach mat 7 zousätzlechen Arrêten. Dat kënnt eise Bierger zegutt a sou sollt et och sinn. Ech soen Iech Merci.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Ech muss awer do e bëssen dem Här Clement äntweren. Et ass e bësse cocasse wann hie seet „Sou schnell wéi méiglech handelen".
2014 hat d'CSV scho gefuerdert, dass soll duerch d'Gaffelt e Bus fueren, an du krute mer ëmmer gesot, dem TICE, deem seng Busser sinn ze grouss an dofir wier dat net méiglech. An du hu mir deemools scho gesot, 2014, et wär jo da vläicht interessant, fir mat engem anere Bus ze fueren, du huet et ëmmer geheescht, dat géif de Gabarit net hierginn. Dofir, mir begréissen dat hei explizitt, dass elo mol, zwar net sou schnell, mee awer ëmmerhin no souvill Joer awer e Schrack gemaach ginn ass an déi richteg Richtung.

An ech wollt och déi Fro nach stellen, wat d'Madame Erpelding gesot hat, wat dat eis géif kaschten? Meng Fro ass eeben och mam TICE. Mir sinn do Member a mir bezuele jo do net näischt. Ass do net ugeduecht, oder war do guer keng Méiglechkeet fir ze kucken dass mer am Kader vun eisen Accorde mam TICE do e Bus zur Verfügung gestallt kréichen? An iwwerhaapt ass allgemeng vläicht och d'Bemierkung vun de Leit dobaussen opzegräifen, et si sou Risebussen, déi doduerch fueren. Mir haten déi Diskussioun schonn. Well si soen, mir brauchen déi grouss Zieharmonikasbussen och fir de



Schülertransport. Mee ass do net eng aner Richtung ugeduecht, fir dat anescht ze organiséieren? Grad och am Sënn vu klimatescher Erneierung, fir Spuermoossnamen a sou weider. Dat war och nach eng Fro zum TICE wéi gesot. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci Madame Kayser. Soss nach weider Stellungnamen? Neen, dat ass net de Fall.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Ech fänke vun hannen un. Dat hat ech zwar scho beim Budget geäntwert, well déi Fro hat ech scho gestallt kritt. Éischtens mol eis Accorde mam TICE. Ech hat dat scho gesot, firwat dat momentan net méiglech ass. Dat ass well den TICE momentan net genuch Busser huet an och net genuch Leit. Firwat huet en net genuch Busser? Dat hat ech deemools och schonn erkläert, well duerch d'Corona-Kris an eeben d'Liwwerschwieregkeeten, déi Ausschreiwungen déi gemeet gi sinn, datt mer do all Kéiers iwwert ee Joer hannendra sinn. Dat heescht, déi wou 2019 bestallt gi sinn, déi koumen ausgangs 2020, an déi wou 2020 bestallt gi sinn, ausgangs 2021. Mir lafen der Saach hannendrun.

Wann Der sot, den TICE huet grouss Busser, dann huet dat net nëmme mam Schoulservice ze dinn. De Problem vun Diddeleng ass, datt mir den Ufank an den Enn vun enger Linn sinn. Dat heescht, d'Leit gesinn ëmmer nëmme wann se hei zu Diddeleng den Zieharmonika gesinn oder och en anere Bus, da gesi si ëmmer nëmmen hei bei der Gemeng, datt dee Bus eidel ass. De Problem ass awer deen, wann s de bis zu Schëffleng bass ass en net méi eidel. A Schëffleng oder Rëmeleng, dat sinn och Membergemenge vum TICE a mir kënnen net zu deene soen: Ma et deet mer leed, well zu Diddeleng do nerven elo d'Leit, well nëmme grouss Busser fueren, elo fiert e klengen an är Leit, déi ginn dann net méi matgeholl oder är Leit, déi mussen dann elo stoen. Déi bezuele genau sou vill an den TICE wéi mir an dofir musse mer déi genau sou gutt desservéiere wéi Diddeleng och.

Ech verstinn natierlech, datt d'Leit, well mer d'Endstatioun sinn, ëmmer nëmmen deen eidele Bus gesinn. Mee vläicht solle se eng Kéier matfueren a vläicht och zu Stousszäiten, da gesi se firwat déi Busser sollen a musse sou grouss sinn. Dir hutt och gesot, duerch d'Gaffelt e Bus fueren. Fir mech ass dat do net onbedéngt méi d'Gaffelt. Duerch d'Gaffelt fiert e Bus. Do fiert och eng Citybus-Linn, deen hält op e puer Plazen, an dat war och kee Problem, dat ze bewierkstellegen. Hei ass, an ech mengen den Här Gangler sot et, d'Vallée-Strooss, respektiv d'Ste. Barbe-Strooss, dat sinn

al Stroossen, kleng Stroossen, do ass et net méiglech, e grousse Bus derduerch fueren ze loossen. Dofir hu mer eis decidéiert, lo mol dee ganz klengen hei fueren ze loossen. Mir hunn et awer och mat eisem Schoulbus getest gehat, deen eng normal Gréisst huet. A wa mer gesinn, dass dat gutt ukënnt, a wann den TICE och bäi ass an endlech all eis Bussen do sinn, dat do ass jo net a Stee gemeesselt, datt dat fir ëmmer muss de Privatbusbetrib sinn. Da kucke mer weider. Mee am Moment ass et mol sou, wéi ech Iech virdru gesot hunn, datt den Emile Weber dat elo mol déi nächst 6 Méint fiert an datt mer eng Ausschreiwung maachen.

Dir hutt gefrot: Wat kascht dat eis? D'Madame Kayser an d'Madame Erpelding hunn dat gefrot. Mir hunn e Budgetsartikel, do missten 250.000.- Euro dra gestanen hunn, déi mer gestëmmt hunn hei am Dezember. D'Madame Heinen huet gefrot, wou de Bus hält. Dat ass menges Wëssens effektiv hei virdrun, mee de Pit ka mech verbesseren, well ech si bis elo ëmmer nëmme mat bis bei d'Gare gefuer, dofir sinn ech hei nach weeder raus- nach erageklommen. D'Anzeig, dat gi mer weider, datt déi heiansdo net richteg fonctionéiert. Dat kann ech elo net bestätegen. Mir kucken dat no, dat gi mer weider, an och ob eise Bus kann do mat drop geholl ginn. An dann zum Här Gangler, deen Arrêt an der Vallée-Strooss. Bon, ech mengen de Pit weess, wat fir een dat ass. Wann net, schléisst Dir Iech herno eng Kéier kuerz. Pardon an der Champs hat e gesot, net an der Vallée. Kuckt dir dat eng Kéier zesummen, ob mir dee vläicht kënnen e bësse verréckele wann et do besser ass.

Ech hu virdru jo gesot, vu datt mer nächste Gemengerot nach eng Kéier mussen en definitiivt Reglement stëmmen, kann een dat duerchaus maachen. Et kann een och, wa mer gesinn, datt den Horaire net deen ass, wéi e soll sinn, och do nach e bëssen dru fréckelen. Et kann ee vläicht och nach en Arrêt dobäi huelen. Dat musse mer elo kucken, fir dann herno den Optimum erauszehuelen. Voilà, ech mengen ech hunn elo alles gesot.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Just nach nohake mat der Kommunikatioun. Also ech hat elo d'App gekuckt vun der Gemeng an och d'Mobilitéits-App. Do hunn ech en net fonnt. Ech weess elo net, kënnt en do awer nach dran? Well dat ass jo awer dat, wat d'Leit haut kucken. Ech weess elo net, huet dee Bus eng Nummer? Dat wär awer gutt, wann dat iwwerall visibel wär an den Appen och, dass dee Bus lo fiert.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Jo, ech mengen dat huele mer och mat. Dat ass dat nämmlecht e bësse wéi d'Anzeig. Dat kann allerdéngs e bëssen daueren, well dat muss agespeist ginn an dat leeft jo alles haut iwwer GPS. Mee wéi gesot, de Pit, deen hëlt dat alles mat. Ech mengen ech hätt alles gesot. Ech weess net, ob ech eppes vergiess hunn oder op de Pit nach eppes wëll bäifügen?

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Ech wollt just soen, dass ech net zefridde si mat där Äntwert. Wann ech froen, wat kascht dat, wou Dir e Kontrakt ënnerschriwwen hutt, an ech kréie gesot, am Budget stinn 250.000.- €, dann ass dat keng kloer Äntwert. Dat kéint jo manner sinn, dat kéint och méi sinn. Budget liese kann ech och. Merci.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Gutt, wéi gesot, mir hunn 250.000.- € am Budget gestëmmt. Mir hunn elo mol e Kontrakt fir 6 Méint an da maache mer eng Ausschreiwung an da wësse mer méi.

PIT DEMUTH (SERVICE CIRCULATIOUN): Merci fir d'Wuert. Da probéieren ech nach op déi puer Froen ze äntweren, wou nach opstinn. De Bus fiert hei op der Gemeng um Quai 1 fort. Dat ass eng wäiss Camionnette, déi ëmmer dobausse steet, déi ass net ze iwwersinn. Anzeig, do huet d'Gemeng lo keen direkten Afloss, dat ass d'Mobilitéitszentral. Dat heescht, mir wäerten d'Informatiounen, och mam Horaire, un d'Mobilitéitszentral viruginn, dat geet dann automatesch op d'Mobilitéiszentral-App. An d'App vun der Gemeng, do steet lo mol en Avis drop. Mee de Problem ass de Bus, an ons App ass gekoppelt mat der Applikatioun vun der Mobilitéitszentral. Dat heescht, wa se an der Mobilitéitszentral drasteet, da kënnt se och bei ons mat an d'App wou d'Bussen drastinn. Ech mengen dat waren och nach alleguerten déi Froen, déi nach op géife stoen.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Lo ass mer net ganz kloer, ass dat hei dann elo eng privat Initiativ oder geet dat heiten ënnert den RGTR?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Dat hei ass privat, dat huet näischt mam RGTR ze dinn. Den RGTR ass jo Staat, deen iwwert d'Marché publics-Gesetz e private Service am Interêt vun der Kollektivitéit vergëtt an dofir déi Busser fueren. Dat ass eng ganz aner Contributioun. Dat huet näischt mam Staat ze dinn. Dat ass Gemeng.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Dat heescht, dass et och an d'Mobilitéitspläng ka rakommen? Do hat ech gemengt, do kéime just RGTR an TICE an CFL ran. Neen?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER: Nach weider hei an d'Ronn? Dat ass net de Fall. Da musse mer dat heite Reglement ofstëmmen. Da fänke mer un. Wien ass dofir? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.

**2.2. Modifikatioun vum Allgemenge Verkéiersreglement – Rue Mme. Mayrisch de Saint Hubert**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Da gi mer op dat zweet Reglement iwwer an d'Mayrisch de Saint Hubert.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Merci Här Buergermeeschter, Dir wësst, dass mer an deene leschte Jore mol e puer Mol schonn hei diskutéiert hu fir wärend dem Vëlossummer eng provisoresch Vëlospist, oder wéi mer dat genannt hunn eng Pop-Up-Vëlospist op der Parksträif an der Rue Mme. Mayrisch de Saint Hubert tëschent der Bigelbach-Fohrmann an der Rue de la Paix op de Säit vun den Haiser, an do gesitt Der et och um Schierm, mat der gerueder Hausnummer haten. An dës Pist ass no e puer Adaptatiounen

och ganz gutt ugeholl gi fir eeben eng Verbindung zu der Le'h, zum Park Le'h ze hunn. Et ass och schonn e puer Mol hei driwwer geschwat ginn, an Dir wësst och datt de Schäfferot sech reegelméisseg mat der Associatioun Vëlo Diddeleng austauscht, déi de Vëlo hei zu Diddeleng promouvéieren. An déi hunn eis och doranner bestäerkt déi provisoresch Vëlospist net nëmme wärend dem Summer mee och méi laang ze amenagéiere wéi eebe just dee Mount am Summer.

Dofir proposéiere mer Iech elo en Avenant op dat aktuellt Verkéiersreglement fir eng Vëlospist eeben an där Mme. Mayrisch de Saint Hubert ze stëmmen op der gerueder Säit iwwert d'Parkplazen, tëschent der Rue Bigelbach-Fohrmann an der Rue de la Paix. A wéi gesot, Dir gesitt et do uewe vläicht besser wéi dat, wat ech Iech hei zielen, faarweg am Bild. Domadder hu mer dann eeben eng provisoresch Vëlosverbindung. Firwat soen ech provisoresch, bis de Projet vun där richteger Verbindung, wou d'Etüde jo lafen, ëmgesat ass. Nach eng kleng Erklärung vläicht zum Reglement, well den Artikel vun der Vëlospist an eisem Reglement nach net dra war, musse mer am allgemengen Deel dësen Artikel bäisetzen. Dat heescht, dee muss gestëmmt ginn an domat kënne mer dann an Zukunft nach hei weider Vëlospiste stëmmen. Voilà, ech mengen ech hätt alles gesot. Zu Froen ass de Pit Demuth och nach weiderhin eise Gaascht de Moien.

JEAN-PAUL FRIEDRICH (CSV): Merci fir d'Wuert. Just eng kleng Remark. Mir haten an der Verkéierskommissioun och gesot, mir begréissen natierlech dass de Vëloswee gemaach gëtt. Mir haten awer och ugedeit, oder et ass gefrot gi fir eng Verkéiersluucht ze maache vun do un, wou et an d'Cité eropgeet, fir dass d'Kanner dann do kënne mat Sécherheet eriwwerfueren. Well et geet jo dann awer iwwert d'Strooss ewech fir op de Vëloswee dann d'Marthe Bigelbach-Fohrmann eropzefueren an do war gesot ginn, ob mer do eng Verkéiersluucht kéinte maachen, fir dass mer et do sou änlech maache kënne wéi och bei där Verkéiersluucht an der Le'h, fir dass et mer et do sou kënne maache fir dass d'Kanner eeben dee séchere Wee kënnen huele fir iwwert d'Strooss ze kommen. Well et ass net ëmmer evident, dass dann d'Kanner do iwwert d'Haaptstrooss fueren, a wann dat ofgedeelt ass mat enger Luucht, dann ass dat natierlech vill méi sécher fir d'Kanner, wa se dann do kënnen eriwwerfueren. Dat ass mäin Uleies. Merci.

CLAUDE MARTINI (CSV): Villmools Merci fir d'Wuert. Ech war natierlech immens frou, wéi ech dee Punkt do um Ordre du jour gesinn hunn, dass mer dat do elo kënnen ëmsetzen. Ech sinn et och am Summer mat menge Kanner gefuer gewiescht. Et ass e ganz flotte Wee, et ass am Fong eng Verlängerung zu deem Vëloswee dee schonn do ass an der Le'h, dee bis bal bei de Brill geet. Dee ganze Quartier do uewen, do kann ech mech elo propper a relax mam Vëlo bal bis bei d'Schwämm, bei d'Briller Schoul an deementspriechend och bal bis an den Zentrum deplacéieren. Mir soe jo ëmmer et ass wéi e Puzzelstéck, wou mer sou Stécker mussen zesummesetzen, wat net einfach ass. Dat erfuerdert ëmmer vill Courage, fir sou eppes ze maachen. Well op där Plaz do verschwannen eng Rei Parkplazen an d'Leit mussen do hir Autoen aneschters stellen. Et war witzeg, Ufank vun der Woch war jo nach op RTL eng Ëmfro gemeet ginn, wéi d'Leit sech d'Zukunft da virstellen. An do war gesot gi méi eng douce Mobilitéit, mee awer eng Parkplaz virun der Dier. Ech hunn dat relativ witzeg fonnt. Ech hat grad dat heite gelies, wou ech dat do op RTL gesinn hat. Lo heescht et natierlech politesche Courage hu fir weider sou Weeër zu Diddeleng ze maache fir dass mer eis kënne mam Vëlo besser virubeweegen. De Vëlo ass méi gesond an awer och vill méi bëlleg wéi den Auto. An ech mengen dass dat ëmmer méi en Argument gëtt fir den Auto stoen ze loossen a sech aneschters fortzebeweegen.

Wat hei an Diddeleng och ganz gutt fonctionéiert, well jo oft gesot gëtt, mir leien hei an engem Dall, et ass schwéier, mam Vëlo ze fueren. Mat menge Kanner fueren ech zum Beispill mam Vëlo an d'Duerf erof an ech huelen de Bus oft fir nees de Bierg eropzefueren. Dat sollt een de Leit och mol matdeelen, dass een dat sou maache kann an dass dat ganz flott ass. Just virum Gemengerot hu mir eis allen zwee hei eng Fro gestallt, well mir och allen zwee vill mam Handicap ze dinn hunn an och an der Educatioun schaffen a well de Kräizbierg och net wäit ewech ass. Op deene Vëlosweeër, dierf een do eigentlech mat engem Rollstull fueren, mat engem elektresche Rollstull fueren? A wéi ass et mat deenen elektreschen Trottinetten? Gehéiert dat zum Vëloswee dozou oder net? Wann Der elo keng Äntwert wësst drop, bon da schéckt eis dat eng Kéier. Well et ass eis just elo agefall an dofir hu mer geduecht, mir stellen déi Fro mol eng Kéier fir dat kloerzestellen. Voilà, da freeë mir eis drop, fir do lo weiderhi méi oft mam Vëlo driwwer ze fueren. Merci.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Wou ech dat kritt hunn am Ordre du jour, du hunn ech geduecht, lo si mer awer mega schnell, dat war réischt an der Verkéierskommissioun, lo gëtt schonn dee Vëloswee gemaach. Mee du hunn ech realiséiert, dass dat am Fong just de Pop-up-Vëloswee ass, deen an deene leschten zwee Joer Vëlossummer do gemaach ginn ass. An et ass natierlech gutt, dass de Vëloswee lo do gemaach gëtt wou lo d'Parkplaze sinn, mee et ass awer net ganz glécklech wéinst deenen Inselen an Abuchtungen. An et ass een awer net sou ganz geschützt wann een do mam Vëlo fiert. Mee mir sinn awer frou, dass dann elo awer dee Pop-up gemaach gëtt, en attendant den definitive Wee, deen dann och am Fong eng Verlängerung gëtt vun dem Vëloswee an der Rue de la Forêt laanscht d'Le'h, wou jo dann och eng Bordür vun 13 cm kënnt a wou dann awer vill méi e Sécherheetsgefill gëtt, dass dat dann awer am Fong e richtege Vëloswee ass.

Mam Schëld, do war ech e bëssen duerchernee ginn, well mer geduecht hunn dat gëtt jo awer dann, wann dat eng Verlängerung gëtt vun deem Wee, dee schonn do ass, da gëtt dat jo am Fong och e Chemin mixte fir d'Foussgänger. Da krut ech awer erkläert vum Här Demuth, ech hat him ugeruff, dass dat lo ass fir dee Pop-up, fir dee Vëloswee an niewendrun ass jo dann deen Trottoir. An ech sinn och elo frou dass mer dann endlech e Schëld hunn, just Vëlospist an d'Madame Dall'Agnol huet jo hei ausbléckе gelooss, dass dann och nach richteg Vëlospiste bäikommen. Dofir stëmme mir dat hei mat Freed mat.

ALAIN CLEMENT (LSAP): Merci Här Buergermeeschter, ech wëll dann och der LSAP-Fraktioun hir Freed zum Ausdrock bréngen, dass mer dat klengt Stéckelchen hei an der Rue Mme Mayrisch de Saint Hubert ausbauen am Moment mol zu engem Pop-up-Véloswee. De Vëlo ass kee Randthema méi an der Diddelenger Politik, et ass en zentraalt Thema. An ech menge mir wëllen och als LSAP, an dat hu mer an der Lescht jo och ëmmer gemaach déi lescht Joren, beweisen, dass mer dat Vëlosnetz konsequent wëllen ausbauen. Um Zil si mer nach net, mee Schratt fir Schratt komme mer lues a lues dohi wou mir wëllen. Ech soen Iech Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci Här Clement. Nach weider Stellungnahmen? Dat schéngt net de Fall ze sinn.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Merci. Jo den Här Friedrich. Mir haten dat effektiv an der Verkéierskommissioun diskutéiert mat der Verkéiersluucht. Dat hëlt de Pit mengen ech nach eng Kéier mat. Mir hate gesot, datt mer hei eigentlech wéilte séier reagéieren, éier dat gutt Wieder ugeet a soubal eise Chantier e bësse méi wäit wär, datt u sech d'Rue du Parc net méi déi offiziell Deviatioun ass. Fir datt mer kënnen ukomme wann d'Leit och erëm Vëlo wëlle fueren. An dofir ass déi rout Luucht lo nach net mat a Betruecht gezu ginn, mee de Pit hëlt dat mat a kuckt mat de Leit, ob dat méiglech ass a wat mer iwwerhaapt mussen dofir maachen. Da géif ech och nach en Kéier Merci soen. Dat Thema ass ëmmer erëm opkomm, den Här Martini an den Här Friedrich, déi hunn eis och ëmmer bei där ganzer Saach do ënnerstëtzt. Déi hunn dat och reegelméisseg hei zum Ausdrock bruecht a mir si frou datt mer dat lo kënne gemeinsam maachen.

Et ass gesot ginn, do fale Parkplazen ewech. Jo, ech mengen an deem dote Quartier ass keng Parknout. Wann een déi Haiser sou kuckt, mengen ech déi fannen eng Alternativ, wou se kënnen hiren Auto setzen. An ech hunn och misse laachen, wou ech déi Ëmfro do gesinn hunn. Dat ass jo lo net nëmme sou ee Micro-Trottoir gewiescht, mee wierklech eng serië Ëmfro. Wann ech dann héieren, jiddweree wëll awer eng Parkplaz virun der Dier, mee se hätten awer och gär Quartieren, wou keen Auto rakënnt a se hätten och gär manner Verkéier an och méi douce Mobilitéit. Bon et hat ee sou schéi gesot: De Lëtzebuerger wëllt wéi ëmmer alles. An ech mengen dat ass hei zu Diddeleng warscheinlech och net anescht.

Dann ass gefrot ginn, ob ee kéint mat engem Rollstull an Trottinette kéint driwwer fueren. Do muss de Pit drop agoen. Dat ass Code de la route, dat ass do regléiert, respektiv muss doranner regléiert ginn. Dat Eenzegt wat ech ka soen, a mengem fréiere Liewen hunn ech an Holland gewunnt an do konnt een déi Zäit schonn, an dat ass scho ganz laang hir, mam Elektro-Rollstull iwwert d'Vëlospiste fueren. Et kann awer mëttlerweil rëm geännert sinn.

Zu der Madame Heinen. Jo, Dir sot, dat doten ass net den Optimum. Alles geet nu mol eeben net. Mir hunn déi Vëlospist getest wärend de Vëlossummeren, mir hu se ëmgeännert mat all deenen Doleancë wou mer kruten. Vun de Feedbacke vun de Leit, vun de Feedbacken hei am Gemengerot, der Verkéierskommissioun an och vu Vëlo Diddeleng. A mir hu probéiert, hei séier den Optimum erauszehuelen. An ech weess net wat d'Alternativ ass. Wann d'Alternativ ass näischt maache well mer do déi Inselen hunn a waarde bis déi Strooss do ëmgebaut gëtt, ech mengen dat soll et net sinn. Mir hunn eis jo zum Zil ginn, datt mer eeben déi Puzzelstécker wou mer kënne séier realiséieren, datt mer dat maachen an dat maache mer och heimadder. Sou datt ech frou sinn datt Der schlussendlech dat awer ënnerstëtzt. An ech mengen dann hätt ech alles gesot an ech géif nach vläicht de Pit froen, fir op déi Saache vum Code de la route, respektiv op d'Schëld anzegoen. Merci.

PIT DEMUTH (SERVICE CIRCULATIOUN): Merci Claudia fir d'Wuert. Ech fänken elo mam Code de la route un. Also ech si mer lo net ganz sécher, dofir wëll ech lo net vill soen. Mee ech menge souwäit ech weess, elektresch Trottinetten, déi mussen um Vëloswee fueren. Respektiv se dierfen net um Trottoir fueren, well déi gi behandelt wéi e Vëlo. Et ass jo lo e Gesetz wat réischt viru kuerzem gestëmmt ginn ass. An normal Rollstill mengen ech, déi mussen um Trottoir fueren, déi dierfen net op der Vëlospist fueren. Elektresch, do sinn ech mer net sécher, mee ech kucken dat alles no an da kritt der eng Kéier eng schrëftlech Stellungnam vu mir, wou ech dat dann alles am Code de la route nogesicht hunn. An där kuerzer Zäit konnt ech elo net alles nosichen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci dem Här Demuth fir déi doten Ausféierungen. Da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass hei mat där Modifikatioun vum generelle Verkéiersreglement averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech do och villmools Merci an ech soen och dem Pit Demuth Merci fir seng Presenz a seng Erklärungen.

# 3. GEMENGEFINANZEN

### 3.1. Pluriannuelle Finanzéierungsplang fir d'Exercicer 2024 bis 2026 – Presentatioun an Diskussioun

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Da géife mer op deen nächste Punkt iwwergoen, dat sinn d'Gemengefinanzen. Et ass schonn eng Traditioun, dass ee virum 15. Februar d'Presentatioun mécht vum PPF, vum Plan pluriannuel de financement, dës Kéier fir d'Joren 2024 bis 2026. Mir sinn also an den Delaien. Wéi gesot, 15. Februar, mir sinn haut den 10. Februar. Dir wësst jo och, dass de PPF an de Gemenge gemeet gëtt, well och déi Zuelen aus dem Gemengesecteur raus un d'Regierung weidergereecht ginn, déi normalerweis am Abrëll am Kader vum Pacte de stabilité et de croissance och hir Chiffere muss op Bréissel musse schécken. An dass an deem dote Kader och d'Zuele vum Gemengesecteur ee vun deenen dräi Piliere sinn nieft der Administration centrale an der Sécurité sociale, wou jo och d'Administration communale e feste Bestanddeel ass. Dass also och e gewëssene Parallelismus ass zum Plan pluriannuel de financement vum Staatsbudget. Mir hate jo och de Méinden eng Finanzkommissioun, wou mer op de PPF agaange sinn. Dir hutt och de PPF re-

spektiv de Rapport virleien. Dir wësst och dass reng nom Gesetz gesinn, de PPF reng eng Kommunikatioun soll sinn, mee dass mer eis awer d'Opportunitéit ginn, hei am Gemengerot awer engersäits eng Presentatioun an och eng Diskussioun ze maachen, och wann dat legal net néideg ass. Mee et ass awer och net verbueden et ze maachen. Dofir ass dat awer hei net onwichteg an dofir ass jo och d'Ausriichtung déi, dat ass gesetzlech och festgehalen an dat ass och an der Presentatioun an der Diskussioun festgehalen, dass de PPF net dem Vott vum Gemengerot ënnerläit mee ënnert der Responsabilitéit vum Schäfferot ass.

Wann een e bësse kuckt op déi Zuelen, op déi ech herno wäert agoen, à la base huele mer, wat och d'staatlech Dotatiounen uginn, d'Circulaire ministérielle vum 28. Oktober, déi jo eng generell Vue gëtt op de Fonds de dotation globale des communes an op d'Gewerbesteier, den ICC. Generell mierkt een och unhand vun den Zuelen, déi mer virleien hunn dass d'Gewerbesteier awer iwwert déi Joren 2024, 2025, 2026 ganz volatil ass. An dass de Fonds de dotation globale des communes awer och eng zolidd Hausse ze verzeechnen huet. Wann een e bëssen antaucht an déi Previsiounen déi een hei huet landeswäit wat d'Gewerbesteier ugeet. D'Previsioun fir 2024 ass -5,3%, fir 2025 keng Progressioun 0 %, a 2026 +0,7%. A wann ee kuckt beim Fonds de dotation globale des communes, do ass dann 2024 +7,1%, 2025 +4,4% an 2026 +4,3%. Dat sinn déi aktuell Previsiounen a mir wësse jo natierlech, dass déi och au fur et à mesure a vläicht och am Kader vum nächste Budget a vum nächste PPF variéiere kënnen, well dat Ganzt natierlech och op Zuele vum Staatsbudget respektiv vum PPF vum Staatsbudget fousst. Generell beweege mer eis och hei am Ëmfeld, engersäits Reprise no der Covid-Kris, awer déi Donnéeën hei spigelen awer och e bëssen d'Situatioun erëm wou ronn virun engem Joer den Ukrain-Krich ugefaangen huet, d'Energiekris, den Impakt op déi ganz Situatioun an deementspriechend op d'Staatsfinanzen. A wat hei bei deene Previsiounen natierlech och ëmmer spillt ass, wéi herno d'Konten ausfalen, souwuel beim Staat wéi och bei der Gemeng.

Wat een op alle Fall awer mol soe kann: Wat heescht dee PPF fir d'Stad Diddeleng? Natierlech, wann een herno op déi Zuele wäert agoen, huet dat engersäits mat deene Projeten ze dinn, déi d'lescht Joer ugefaangen hunn, 2022. Déi natierlech Nidderschrëft op d'Budgeten 2023 an 2024 hunn. D'Projeten, déi 2023 wäerten ufänken a sech dann effektiv wäerten iwwer 2, 3 Budgetsjoren zéien. Respektiv och Projeten, déi 2024 ufänken. Et sinn am Fong och Invester hei zu Diddeleng déi gemeet ginn am Schoulberäich, am Wunnengsbau, am Sportberäich an och am Kannerberäich. Wann een e bëssen op d'Zuelen hei ageet, do gesäit een, wann ech dat makroekonomesch kucken, wa mer iwwer 4 Joer hei den Diddelenger Budget kucken, dann hu mer um Niveau vun der staatlecher Dotatioun, vum FDGC +12,7 Milliounen, beim ICC bleift et plus minus eng Nulloperatioun. Beim Impôt foncier gëtt et keng considerabel Variatioun. Wann een also da kuckt fir d'Joren 2024, 2025, 2026, do hu mer an den ordinäre Recettë fir 2024 126,7 Milliounen Euro, 2025: 132,2 Milliounen Euro an 2026: 137,8 Milliounen Euro vu Recettes ordinaires.



Wat mécht dat aus beim Fonds de dotation globale des communes? 2024 sinn dat 81,6 Milliounen, 2025: 85,2 Milliounen an 2026: 88,9 Milliounen. Bei der Gewerbesteier fir 2024 ronn 1,9 Milliounen Euro, 2025 bleift et d'selwecht, 0% ass jo dann och 1,9 Milliounen. An da fir 2026 ronn 2 Milliounen, also eng ganz liicht Hausse. Den Impôt foncier ass ëmmer liicht iwwert 1 Millioun. A wa mer kucke bei den ordinären Depensen, da sinn et der fir 2024: 124,3 Milliounen Euro, 2025: 130,9 Milliounen Euro an 2026: 137,5 Milliounen Euro. D'Personalfraise sinn 71,9 Millioune fir 2024. Fir 2025 sinn et 75 Milliounen. A fir 2026 sinn et 78 Milliounen. Dat ass déi normal Masse salariale an d'Evolutioun vun de Salairen, respektiv d'Indexen, wou sech do erëmspigelen.
A bei den Depense financièren do sinn och liicht Haussen. 2024: 3,9 Milliounen. 2025: 6,8 Milliounen an 2026: 9,5 Milliounen Euro. Dat huet mat den Annuitéiten ze di well mer jo och Emprunten ophuelen. An ech ginn dann eriwwer op de Budget extraordinaire, ouni awer vergiessen ze soen, dass mer och am ordinäre Beräich nach all Kéiers e Boni maachen 2024 vun 2,4 Milliounen Euro, 2025 vun 1,2 Milliounen Euro an 2026 vun 344.000.- €.

A wa mer dann eriwwerginn an d'Recettes extraordinaires, do hu mer fir 2024: 62,1 Millioun Euro. Fir 2025: 57 Milliounen an 2026: 39 Milliounen Euro. Dat huet da virun allem mat de Subsiden ze dinn, déi mer vum Staat kréie par rapport zu Projeten, déi mer ëmsetzen. An ech wäert herno bei den Dépenses extraordinaires op déi Projeten agoen. Dann hu mer och Zuelen astoe fir 2024 wat Emprunten ugeet, dat si 47 Milliounen. 2025 sinn et 42 Milliounen an 2026 31 Milliounen. Ob mer déi brauchen an zéien, dat hänkt jo da schlussendlech och vun de jeeweilege Joren of, wann d'Konte presentéiert ginn. Dofir hu mer lo bei deene Previsiounen, déi mer elo virgesinn hunn extraordinär Depensë vun 66,2 Milliounen Euro fir d'Joer 2024, 58,2 Millioune fir d'Joer 2025 an 39,7 Milliounen Euro fir d'Joer 2026. Wann een natierlech do dat Ganzt kuckt, dann hu mer herno e Boni général fir d'Joren 2024 vun 280.000.- Euro, 2025 vun 398.000.- Euro a fir 2026 vu 56.000.- Euro. Dat si wéi gesot déi Previsiounen, déi de Moment am PPF sinn.

Wann ee kuckt, wat d'Invester sinn. Ech hat jo gesot, dat ass engersäits Wunnengsbau, Schoulberäich, Sportberäich an effektiv och de ganze Volet vun der Kannerbetreiung, wou ee soe kann dass mer bei den Dépenses extraordinaires awer iwwert 5 Joer gesinn, an der Gesamtvue, en Invest maachen iwwert 250 Milliounen Euro. Dat ass e konsequenten Invest a Projeten, déi d'Stad Diddeleng weiderbréngen. Do si vu gréissere Projeten engersäits d'Gemengenatelieren, déi am

Gaange sinn. An och, dat hate mer jo schonn diskutéiert, hu mer dëst Joer Etüde virgesi fir am Quartier Balzeng eng nei Schoul ze bauen. Do ass en aktuelle Projet um Strutzbierg, wou jo de Complexe sportif, de Gymnase an d'Piscine am Gaang ass realiséiert ze ginn. Dat sinn awer och am Wunnengsbau déi Projeten an der Rue Nic Bodry, respektiv och am Eecherdall. Dann ass natierlech de Bassin de Rétention zu Biereng. Dann och d'Extensioun vum Déierenasyl. Et sinn déi Projeten, d'Weiderféiere vun der Renovatioun vun de Gemengegebaier, notamment de fréiere Pompjeesschapp. Dat ass dee ganzen drécke Brocke ronderëm d'Briller Schoul mat der Mise en conformité. Dat ass d'Butschbuergerstrooss, de Reamenagement. Dat ass och d'Salle polyvalente, respektiv den Hall polyvalent an der Beetebuergerstrooss. Dat ass awer och de ganze Lokomotivatelier. Dat ass d'Rue des Écoles an d'Rue de l'Indépendance. Dat ass d'Enveloppe thermique vun der Gaffelter Schoul. Et ass awer och de Barozzi an de Meyer, wou mer d'Terraine musse frëschmaachen.

Also wéi gesot, all dat dote sinn déck Projeten. An hunn do natierlech och déi néideg Subsiden, déi mer vum Staat kréien, fir déi Invester ze maachen. Et sinn natierlech à ce stade engersäits deelweis scho konkret Engagementer, déi mer gemeet hunn, op där anerer Säit sinn et awer nach am Kader vum ganze PPF theoretesch Zuelen. Dat heescht, et ass eng Momentopnam, an et gëllt dann och weider d'Finanzsituatioun am A ze behalen. Dat sinn am Fong déi Ausféierungen, déi ech hei wollt ginn am Kader vum PPF an d'Diskussioun ass op. Merci.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Merci fir d'Wuert. Ech soen dem Pascal Poull a senger Ekipp Merci fir d'Opstelle vun dësem PPF bis 2026. Et ass e Planungsinstrument dat et erlaabt, eng Iwwersiicht iwwert d'Finanze vun den nächste Joren ze ginn. Den Här Buergermeeschter huet et elo grad betount, dass mer dem Gesetz no net missten hei am Gemengerot driwwer diskutéieren, dass mer et just als Informatioun kréien. Mee wa mer dat awer maachen, da mussen d'Konditiounen awer och stëmmen. Mir hunn de PPF an der Finanzkommissioun virgestallt kritt de leschte Méinden. A wann een de Rapport vun där Kommissioun liest, da kéint ee mengen, et wär alles kloer gewiescht, well et ass just eng kleng Fro gestallt ginn. Ma firwat da wuel? Sou wéi dat hei erëm ofgelaf ass, dat ass keen Zesummeschaffen. Neen, dat weist alt erëm eng Kéier, dass déi absolut Majoritéit déi aner Membere vum Gemengerot weder respektéiert, nach wëllt korrekt mat abannen an hiert Schaffen. Ech hat schonn an der Finanzkommissioun gesot, et wär gutt gewiescht, wa mer de PPF wéinstens e puer Deeg am Virfeld kritt hätten an net réischt um Ufank vun der Reunioun ausgedeelt kréien. Ech hunn als Äntwert kritt, dee wär ëmmer just kuerzfristeg fäerdeg. Ma da muss een éischter domat ufänken. Ganz einfach.

Wou bleift do d'Zäit, fir eppes am Detail ze kucken? Mir sëtzen an enger Reunioun do, da ginn e puer Zuele virgelies, e puer Projeten ouni Detailer opgezielt, an dat war et. Déi Kommissiounssëtzung war einfach lächerlech a fir näischt gutt. Zuele liesen, dat kënne mer all selwer. Konkret Zuelen zu de verschiddene Positiounen hu mer net kritt. Obwuel de Buergermeeschter se jo wuel huet, well soss misst ee sech jo froen, op Basis vu wat de PPF opgestallt ginn ass. De schrëftleche Rapport mat den Detailer hu mer gefrot, a mir hunn och versprach kritt dass mer dee kréien. A wéini hu mer e kritt? Gëschter Owend ëm 18:38. Donneschdes Owes a Freides ass Gemengerotssitzung. Stellt Dir Iech esou eng seriö Zesummenaarbecht vir? Dat ass einfach de Geck gemaach mat de Gemengerotsmemberen. Ech sinn da sou gutt a setze mech deen Owend virun der Sitzung hei um 20:30, well virdru war SportlerInnenéierung, an analyséieren a vergläichen d'Zuele mam leschte Joer. Ech denken aner Kolleeginnen a Kolleege vun der Oppositioun mol sécher hunn dat gëschter och nach spéit gemaach. Och wa mer hei kee Vott iwwert de PPF maachen, sou sollte mer awer kënnen diskutéieren. Mee op Basis vu wat, wa mer keng Geleeënheet hunn, eis en anstännegt Bild ze maachen? Et gëtt jo awer näischt ze verstoppen.

Iwwregens hunn déi Gemengerotsmemberen, déi net selwer an der Finanzkommissioun sinn de PPF an dee Rapport iwwerhaapt net kritt virun dëser Sitzung. E loung de Moie réischt um Dësch. Och dat ass een No Go. Och wa si Vertrieder an der Finanzkommissioun hunn, missten si awer selwer d'Dokumenter kréien. Ech ginn da lo weider net op all Detail a vun den Zuelen. De Gesamtinvest am Extraordinäre beleeft sech vun 2023 bis 2026, also fir véier Joer op bal 226 Milliounen. Dir nennt en Invest vun 250 Milliounen op fënnef Joer, vun 2022 un. An der Opstellung déi mer kritt hu si 14 Projeten, déi och schonn d'lescht Joer am PPF stoungen. Mir hunn et gesot kritt. Natierlech Projeten, déi schonn ugefaangen hunn. A vun deene 14 Projete sinn elo schonn am ganzen 13,4 Millioune méi deier agesat, wéi se d'lescht Joer nach do stoungen. Ass dat dann nach seriö? Well do si mer nach laang net fäerdeg. Jo mir wëssen, bal alles ass méi deier ginn an déi allgemeng Lag ass onsécher. An awer muss ee sech do Froe stellen, op wéi enger Basis dee PPF opgestallt gëtt all Joer. Wuelwëssend dass bei verschiddene Projeten de Präis natierlech nëmme ka geschätzt ginn.

Wa mer da kucken, wéi vill dovunner a bezuelbare Wunnraum investéiert gëtt an zwar laut den Detailer am Rapport 21 Milliounen. Am Rapport steet, dat wären 3 nei Projeten, plus déi Haiser an der Nic Bodry-Strooss. Den Här Buergermeeschter huet elo just Eecherdall an Nic Bodry opgezielt, vläicht sinn déi aner nach net sou ganz bekannt. Dat kléngt no vill. Et sinn 8,4% vun deenen 250 Milliounen. Mer wëssen awer dass de Logement social mat engem Maximum vu 75% vum Staat subventionéiert gëtt. Da géinge fir d'Gemeng nach 5,25 Millioune bleiwen. Do misst awer méi dra sinn. Mir wëssen dass de Wunnengsproblem ee vun de gréisste Problemer vun de Biergerinnen a Bierger ass an eis Gemeng muss do zolidd bäileeën an dat haaptsächlech am Kader vu Wunnengen, déi d'Gemeng keeft oder baut fir ze verlounen. Mir wëllen dass eis Gemeng vill investéiert. Mee et mussen awer och Prioritéite gesat ginn an da muss mol deen een oder anere Projet zréckstoe fir anerer virzezéien.
Wichteg Beräicher si fir eis de bezuelbare Wunnraum, dann natierlech den Invest an d'Schoulen an d'Crèchen. Diddeleng huet bei wäitem net genuch Crèchë-Plazen an

et schéngt wéi wann eis Majoritéit dee Beräich och net wëllt weider ausbauen. Ech gesinn op alle Fall näischt am PPF dozou. D'Stroossennetz muss ënnerhale ginn an de Beräich Ëmwelt mam Thema erneierbar Energie, Energiespueren, energetesch Renovéierung an net ze vergiessen d'Natur erhalen a schütze sinn natierlech och wichteg. Dat sinn eis Prioritéiten, an da gëtt et sécherlech Projete wou ee seet, dat wär flott, mee wa mer eis dat elo direkt net kënne leeschten, mee da loosse mir et elo mol sinn.

Ech ernimmen vläicht als Beispill eng Danzschoul. Et kann een net jiddereen ëmmer direkt zefriddestellen. Allgemeng wéilte mer nach eemol appelléiere fir gutt opzepassen, fir net ze soe besser wéi bis elo, fir dass d'Devise realistesch opgestallt ginn a sou Aussoe wéi Pi mol Handgelenk, sinn net ze toleréieren. Jo mir hunn et schonn oft gesot, mee et ass nu mol einfach schrecklech, sou eppes ze héieren. Oder: "Mir wëssen elo och net, firwat dat lo sou vill méi deier ginn ass." Dat ass einfach inakzeptabel an do muss de Schäfferot d'Kontroll ausüben a seng Verantwortung huelen. Et ass net virgesinn, dass mer iwwert de PPF haut hei ofstëmmen, mee wann et sou wär, géifen déi Lénk dogéint stëmmen. Merci.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo Merci Här Buergermeeschter, ech ka mech nëmmen absolut de Wierder vun der Madame Erpelding uschléissen. Dat ass einfach net korrekt, wéi dat gelaf ass och an der leschter PPF-Sitzung vun der Finanzkommissioun. Et ass nämlech och sou, dat Dokument dat haut hei läit, dat hat den Här Poull schonn um Dësch leien de Méinden, genau mat deenen Dépenses extraordinaires, dat hat ech nämlech nach gefrot gehat. Wéi sinn dann d'Evolutioune vun de grousse Projeten? An dunn huet et geheescht: Dir kritt dat. A mir kruten dat effektiv gëschter ëm 18:38 an ech hat gëschter Owend guer keng Zäit, well ech och nach hu missen aner Saachen no der SportlerInnenéierung maachen an dofir hunn ech elo de Moien, vun un dass mer hei sëtzen, dat ass lo eng Stonn, do sinn ech lo hei am Gaangen, déi Opstellung vun deene „Grands projets" auserneenzeklabüsteren an ze vergläiche mat deene PPFe vun deene Jore virdrun. Dat ass net seriö, dat ass net fein, sou geet een net mat senge Kolleegen hei am Gemengerot ëm. Bon, dat ass den éischten Deel wat ech wollt soen.

Da komme mer zu den allgemenge Beuerteelunge vum PPF. Jo, roseg gesäit et net aus. Recetten, do steet zwar eng liicht Reprise par Rapport zu de PPFe vun deene Jore virdrun dran, mee dank dem Fond de dotation. Mee wat mer awer och opfält, dat ass, dass eng Stagnatioun virgesinn ass vum Impôt commercial. Dat bréngt mech dann nees op dee Punkt, wou ech ëmmer soen: Mir brauchen Aarbechtsplazen, mir brauche Betriber zu Diddeleng. D'CSV priedegt dat all Joer. Den Impôt commercial, mir mussen och eisen Deel dozou bäidroen, dass deen awer och weider genuch ofwerft, fir dass dat awer och eng relevant genuch Recette ass fir eis Stad. Dann, mir repetéieren et och all Joer, haalt en An op de Budget. Well Dir gesitt, Fraisen déi ëmmer an d'Luucht ginn, dat sinn d'Personalfraisen. Den Här Buergermeeschter hat et nach d'leschte Kéier gesot, wéi mer de Südaarbechterkollektivvertrag gestëmmt hunn, dee mer natierlech alleguer gestëmmt hunn, wat dat fir finanziell Konsequenzen huet fir d'Gemeng. An dat ass jo net nëmmen ee Joer, mee dat ass all Joer. Natierlech war dat ganz wichteg, dass dat sollt gemaach ginn, dass mer dee Kollektivvertrag ënnerschreiwen. Mee genau wéi d'Indextranchen, dëst Joer kënnt nach eng dobäi, dat ass och wichteg a richteg fir dass d'Leit hir Kafkraaft erhalen. Mee wat heescht dat och fir eis Gemeng? Do mussen eis och d'Hoer zu Bierg stoe wa mer bedenken, mir mussen nach méi Personalfraisen en considératioun zéie well eeben déi fix Fraisen dobäikomme wéi eeben den Index, wéi déi Verflichtungen duerch de Kollektivvertrag.

Wat heescht dat konkret? 2023, vun de Recettes ordinaires gi 56,7% an d'Personalfraisen, 2024 bal 58%. Do bleift dann och net méi ganz vill wat ee soss nach kann ausginn, well dobäi kënnt jo och eis Previsioune vun den Emprunten, an dat ass schonn zimmlech erschreckend. Do schléckt een awer och wann ee weess, dass mer 2023 40 Milliounen asetzen, 2024 47 Milliounen, 2025 42 Milliounen. Wann ech kucken am leschte PPF, do hate mer nach vill méi moderat geduecht, dass mer missten Emprunte maachen, do war fir 2024 keng 47 Millioune virgesinn, mee 29,5 Milliounen. A fir 2025 amplaz vun deene lo ageschriwwenen 42 Milliounen 22 Milliounen. Ech erënneren och nach eng Kéier drun, dass mer och schonn 2022 10 Milliounen Emprunt opgeholl hunn. An, wat och net ze vernoléissegen ass, 4 Milliounen aus eiser Reserv erausgeholl hunn. Dann, wann ech elo hei de Listing ukucke vun den Dépenses extraordinaires, vun grands Projeten, ma Dir musst jo lo schonn unhuelen, dass eis votéiert Projete vill méi deier gi wéi ugekënnegt. Am PPF 2022 hate mer gesot „Dépenses extraordinaires projet votés", do war fir 2023 47,4 Milliounen ugesinn, lo si mer bei 56,5 Milliounen. Fir 2024 war d'lescht Joer virgesinn 28,7 Milliounen, lo sinn do 56,3 Millioune virgesinn.

A wann een dann den Detail kuckt, wat ech elo an enger Stonn gemaach hunn a wat ech awer soss hätt kënnen iwwert déi lescht puer Deeg niewent menger Aarbecht hätt uerdentlech kënne verdeelen, fir dat am Detail ze kucken, do sinn Haussen, do freet ee sech awer heiansdo, wéi ass dat méiglech? Mir haten iwwert déi nei Ateliere geschwat. Am PPF 2020 war dee fir d'éischt opgetaucht, do hu mer 19,8 Milliounen ugesat gehat. 2021 am PPF, 22,05 Milliounen. PPF 2022: 24,9Milliounen an elo stinn hei 28 Milliounen. Dann idem Complexe scolaire Quartier Balzeng, wou ech ëmmer soen, mir wëssen nach iwwerhaapt guer net, wat do geplangt ass. Jo, et kënnt, kënnt, kënnt. Mee do hate mer och ugesat d'lescht Joer 20 Milliounen am PPF, lo stinn hei 25 Milliounen. Wa mer mol nach kee Projet hunn, wou wësse mer da schonn, dass e scho 5 Millioune méi deier gëtt? Dat ass eng Inkonsequenz an eng Onlogik a mir kréien do net genuch Explikatiounen.

Dann dat berüümt Déierenasyl, d'Tessy huet vum Pi mal Handgelenk geschwat. 4,8 Millioune waren 2021 am PPF virgesinn, 6 Milliounen am 22er PPF a lo si mer bei 8,4 Milliounen, a wou geet dat hin? An da sinn nach e puer sou Saache wou een och sech freet: De Bierenger Retentiounsbecken, de war och bei 7.8 Milliounen ugesat, lo si mer scho bei 9,5 Milliounen. D'Strutzbier-

ger Schwämm, och do hate mer ugesat mat 19,5 Milliounen 2021 am PPF, dunn 20 Milliounen 2022 an elo si mer bäi 23 Milliounen. Dass eng gewëssen Hausse natierlech ass duerch all déi Ëmstänn, déi mer kenne, Krich, Deierecht vu Materialer an natierlech och d'Personalfraise bei den Handwierker, dat ass alles kloer. Mee wann een dat heiten am viraus gehat hätt, dann hätt ee kënnen an der Diskussiounsronn an der Finanzkommissioun och mol eng Kéier méi konkret hannerfroen: Wou kommen déi Haussen hir? Wat hutt Der wëlles? Wéi gedenkt Der dat? Dann hu mer aner Punkte vun der nouvelle Salle polyvalente, dat ass z.B. och ganz cocasse. Déi hate mer jo schonn d'leschte Kéier, do hu mer jo schonn hei missen den Invest erhéijen. Mir hu 6,9 Millioune votéiert, lo stinn awer hei erëm op eng Kéier „nëmmen" 6,5 Milliounen. Wat ass dat da fir eng Opstellung? U wat musse mer eis dann do halen?

Dofir si mir net ganz zefridden, wéi dat hei geet. Do kucken ech, do sinn dann e puer Saache wou mer nach ni héieren hunn. Bon NeiSchmelz, dass do bei der Hall Lokomotiv nach en Invest op eis duerkënnt, dat hate mer jo scho gesot, 4,7 Milliounen. Mee lo steet nach eng Kéier hei fir de VeWa 2,8 Milliounen. Wat ass do ugeduecht? Dann „Structure provisoire école de danse". D'Thessy huet et virdru scho gesot, d'École de danse, déi ass mat 9,15 Milliounen ugesat, lo kënnt hei nach eng Structure provisoire dobäi, wat heescht dat genau? An dann ass och ze iwwerleeën, fir d' École de danse 9,15 Milliounen, dat Gebai wou dat sollt hikommen, dat ass jo och um Areal vun der Neier Schmelz, dat ass zimmlech vétuste. A wann ech soe vétuste, dat erënnert mech e bësse mat Schrecken un dat wéi mer virgaange ware mat der Lokomotivhal, wou mer am Ufank och geduecht hunn: Oh, mir maachen eng douce Renovatioun, 590.000.- €, du koumen awer herno, wéi mer du mol richteg gekuckt hunn an d'Konte gemaach hunn an de Fonds de Logement näischt méi bezuelt huet, oder net méi dat bezuelt huet wéi et am Ufank gesot war, dass si dat sollten uerdentlech renovéieren. Du hu mir awer nach eng Kéier missen 2,6 Milliounen dobäi ausginn. Also wéi gesot, et wär vill méi flott gewiescht a vill méi transparent gewiescht, wa mer dat hei hätten alles e Méinde schonn hei kënnen diskutéieren, da bräicht Der elo mäi Gelabers hei net nozelauschteren. Mee et ass awer wichteg, drop hinzeweisen, dass dat hei net sou ass, wéi mir eis dat virgestallt hunn.

Logements sociaux. 3 nouveaux Projeten, do sinn 12,15 Milliounen. Do steet uewen dann, am Kleingedruckten, Rue Nic Bodry, dat ass jo schonn ofgeschloss. Ancienne École Eecherdall, ech huelen un, dass dat bei den neien dobäi ass. Route de Luxembourg hu mer nach ni virgestallt kritt, keng Anung, wou a wat. Ech huelen un, dass dat déi sinn, well den Eecherdall zum Beispill, dee feelt hei an der Opstellung. Wat feelt nach? Hall CAD, Centre de Tennis, deen ass hei guer net méi dran, dee war déi lescht Jore mat 10 Milliounen ugesat ginn. Wéi gesot, dat hätt een alles de Méinde kënne schéin a Rou a gemittlech zesummen diskutéieren, dat war awer net gewollt.

Bon, da komme mer hei erëm op d'Fakten zréck. Projets non-votés, wéi gesot 2025 27 Milliounen, e puer Saache stinn hei, mee den Detail wësse mer net. OK, dat ass nëmmen eng Previsioun an dat ass näischt, wat a Stee gemeesselt ass. Mee et wär awer net oninteressant, méi Detailer ze kréien.

Da komme mer zu de Prêten. Mir haten d'leschte Kéier nogefrot gehat, d'Prête gi bis elo variabel opgeholl. Besteet do eng Méiglechkeet, dass een e Fixe kritt? Well dat ass jo awer schonn e groussen Impakt. Well wann een héiert, wat se op de grousse Finanzplaze soen, wéi d'Prêten an d'Zënse sech entwéckelen, do wär et zwar interessant ze froen, ob een dat eventuell och kann an e Fix ëmsetzen, well Dir wësst, eis Annuitéiten, déi klammen enorm. A wann ech da kucken, eis Annuitéiten an all déi aner Depensen, déi mer 2025 asetzen, dat si 6,8 Milliounen. A wann ech dann 2026 kucken, da grujelt et mer, dann hu mer 9,5 Milliounen Annuitéiten. Mir hunn och soss ganz vill Depensen. Doduerch bleiwen 2026 an eisem PPF just 344.000.- € iwwreg am Résultat ordinaire. Dat geet nimools duer fir den Extraordinaire auszegläichen, an et huet ëmmer geheescht, mir mussen eng gutt Reserv hu bei dem Résultat ordinaire, fir kënnen eis Projeten ze finanzéieren.

Dofir, wou kënne mer spueren? Den Appell ass och scho komm vum Thessy. All Projet duerchliichten, ob en néideg ass an de Leit dobaussen och klore Wäin aschédden. Ech hunn d'Beispill gesot vun där Danzschoul op NeiSchmelz mat engem vétustë Gebai. Ass dat machbar? Si mer do sécher, dass mer do nëmmen déi 9 Milliounen hunn? A kënne mer déi net vläicht an aner Projeten, déi wierklech vital sinn, aspeisen? Mir sinn och absolut mam Thessy der Meenung, dass an eis Schoule muss investéiert ginn, an d'Crèchen an d'Maison Relaisen. Dass mer absolut musse kucke Logement ze kreéieren, Logements sociaux. Dass de Stroossebau net däerf vernoléissegt ginn an dass mer eis prett maache fir déi Klimawandelsaachen, fir dass mer zu enger Energiewende kommen.

Déi Projeten, déi mer scho votéiert hunn, déi begleeden eis jo och déi nächst Joren. Dass déi méi deier gi wéi ugeduecht, respektiv méi deier gi wéi et am éischten Devis steet, dat wësse mer jo och. D'Beispiller hu mer lo scho gesot, den Hall polyvalent, de Floater a sou weider. Dass dat deelweis duerch d'Energiekris, Post-Covid-Kris, Materialkris, Liwwerkettekris, Ukrainekrich a sou weider bedéngt ass, dat liicht jo an. Déi weltwirtschaftlech Verschlechterung déi spiere mir och. Mee grad musse mer awer de Bic usetzen. Grad um Beispill vum Hall polyvalent do hu mer gesinn, dass et och wichteg ass, dass de Schäfferot d'Devise genau duerchliicht, d'Devis remanieën auserneepléckt. Jo, mir musse spueren. Och kleng Irregularitéite kann a muss ee redresséieren. D'Beispill vun der Toilette am Hall polyvalent begleet eis elo als Mini-Beispill, vu 47.000.- € gi mer op 137.000.- € erop. An dann, wa weeder den Architekt nach den Ingenieur ka soen, ma mir wëssen net, firwat et sou deier ginn ass, do däerf, respektiv do muss de Schäfferot och mol Nee soen, mir bezuelen dat net. Dat ass e ganz klengt Beispill, wou mir als Oppositioun de Feeler bemierkt hunn. Ech wéisst net, ob net vläicht méi grouss Beispiller eis net virgestallt gi sinn oder net opgefall sinn. Bon, dat kann ëmmer mol sinn, mee ech weess Dir hutt dat net gär, mee Dir sidd de Gestionnaire vun eisem Budget, de Budget vun allen

Diddelenger. An Dir sidd gebieden, deen en bon père de famille ze verwalten. Wéi mer nach an de sougenannte fette Jore ware koum eng gewësse Kulanz, do konnt een déi nach akzeptéieren. Mee elo, an de sougenannte mageren Jahren ass et awer eriwwer domadder.

Dofir e waarmen Appell: Traut Iech, Fraisen ze hannerfroen, Erklärungen ze fuerderen an och emol de roude Bic unzesetzen. Dir däerft dat, Dir musst dat. Et ass keng Schan anzegestoen, dass mer de Rimm musse méi enk schnallen. Et ass éischter en Zeeche vun engem responsabele Verhalen, dass mer eis net bis de leschtte Su verschëlden an eis Reserven opbrauchen. Kommt mir stiechen d'Käpp zesummen a kucken alleguer heibannen, wéi mer elo weider plangen. Et wär e gudde Message no baussen, wa mer alleguer, zesummen, de Leit géinge klore Wäin ausschenken. Momentan kënne mer eebe verschidde gutt gemengte Projeten net upaken, mir musse spueren. Mir musse spuere fir eis Paien ze bezuelen. Mir musse spuere fir eis Schoulen, eis Maison Relaisen instand ze halen, wann néideg ze renovéieren. Mir musse spuere fir bezuelbare Wunnraum ze schafen. Mir musse spuere fir eis Kanalisatioun, eis Infrastrukturen, eis Stroosse fit ze maache fir de Wuesstem, deen awer nach kënnt. Spueren och fir déi energetesch Renovéierung, Optiméierung, Naturschutz, dat si Saachen, do musse mer investéieren. An aner Saachen, den „nice to have", vläicht muss een déi och emol erëm eng Kéier a Fro stellen.

Wéi gesot, e gudde Message wär et, wa mir als Gemengerot, als gewielte Vertrieder zesumme géifen de roude Bic usetzen. Dat Wuert zesummen gëtt momentan e bëssen inflationär benotzt. Mee hei ass et eppes wou ech fannen, dat wär wichteg. Zesummen no baussen de Leit erklären dass mir Diddelenger Gemengerot responsabel mat den Diddelenger hire Suen, hirem Budget géifen ëmgoen. Ech hat et jo schonn eemol gesot, eisen Ideal wär, och de Budget vun all Joer zesummen auszeschaffen. Ech hat déi kleng Gemeng Reckeng op der Mess eng Kéier erwäänt, wou dann no dem Erstellen, no e puer informelle Sitzungen, de Budget vun alle Conseilleren zesummen erstallt ginn ass an duerno natierlech och unanime votéiert gouf. Dat wär e gudde Message no baussen. D'Leit gesinn eng gewësse Politikverdrossenheet, a mir sinn ëmmer nach der Meenung, d'CSV gesäit et ëmmer nach sou, wéi wa mer all hei zesummen do si fir dat Bescht ze maache fir Diddeleng. An ech géif mengen och Spuere kann een zesumme maachen, och am Konsens maachen. An da sot lo net: Dir sidd géint d'Danzschoul. Well da ginn ech awer mürresch. Well dat huet elo näischt ze soen, dass ee géint eppes ass. Oder net frou ass mat deene Leit. Ëm dat geet et net. Ech hoffen, dass Dir dat verstanen hutt, wat mäi Message ass. Komm mir setzen eis zesummen dohinner, wéi kënne mir dat maachen, dass mir dee Budget, dat Schëff mat deem Budget nach iergendwéi an enger normaler Fahrrinne behalen an net eis an déi nächst Generatiounen onmoosseg verschëlt sinn an dann net méi wëssen, wéi se d'Enner zesummekréien. Merci.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert a Merci och dem Här Poull a sengem Service. Mir brauchen dat hei net ofzestëmmen, meng Stellungnam déi gëtt och elo vill, vill méi kuerz wéi menge Virriednerinnen hir, mee och déi Gréng bemängelen, datt d'Informatioune spéit kommen. Ech war z.B. net méi meng Maile gëschter Owend kucken, ech hunn dee Rapport net méi gëschter Owend gekuckt. An ech hat gëschter Mëtteg nach bei eisem Vertrieder aus der Finanzkommissioun nogefrot, an deen hat dee Rapport bis dohinner och net. D'Opstelle vum PPF ass en Exercice deen all Joer gemaach gëtt. Et ass gutt datt vun eis verlaangt gëtt, Previsiounen ze maachen, mee et gesäit ee jo och schonn all Joer bei de Budgetsdebatten an och bei de Konten, wéi vill Ofwäichunge bei den Zuele kommen, sief et duerch Verzögerungen, sief et duerch déi Krisen, déi mer haten, Liwwerengpäss, Deierechten oder aner Upassungen, déi eeben net ëmmer previsibel sinn. Wat wierklech opfält sinn awer d'Previsioune fir d'Emprunten, déi héich bleiwen an de Joren 2024 bis 2026 an eis Capacitéit vum Autofinancement, déi awer zimmlech erofgeet. Also mir hunn en Invest vun 250 Milliounen hunn ech elo séier am Rapport gekuckt an d'Hallschent dovunner sinn dann Emprunten, 120 Milliounen.

Déi Gréng hunn déi meescht Projeten, déi hei opgezielt goufen, déi ech och lo net am Detail gekuckt hu matgedroen, logescherweis dann och hiert Finanzement an déi néideg Investissementer, och wa mer wëssen datt sou Projete sech meeschtens méi laang strecke wéi geplangt. D'Investissementer sinn héich. Si riskéieren och nach méi deier ze gi wa mer kucke wat an der Welt geschitt. An dann hu mer och nach eng Klimakris, déi da warscheinlech och e finanziellen Impakt op d'Staatsfinanzen an och dann d'Gemengefinanze wäert hunn. An da soe mer och wéi all Joer, de Buergermeeschter huet et och scho gesot, eis Finanzsituatioun musse mer am A behalen. De Buergermeeschter seet och ëmmer mir hu keen „nice to have", bei de grousse Bauprojeten vilJäicht net, mee et gëllt awer an Zukunft wierklech all Depense gutt ze iwwerleeën. Voilà. Merci.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Merci Här Buergermeeschter, och vun eiser Säit aus, vun der LSAP vläicht nach e puer kuerz Bemierkungen hei zu dësem Dokument. Well am Prinzip, dat ass jo scho gesot ginn, ass dëst Instrument en immens nëtzlecht Planungsinstrument fir d'Budgetspolitik an enger Gemeng. Am Prinzip. De Finanzplang ass op enger mëttelfristeger Aschätzung vun den Einnamen aus Ausgaben opgebaut. Sou e Plang ass awer nëmme sou aussokräfteg a vertrauenswierdeg wéi seng Basis-Donnéeë sinn, déi de Staat liwwert. An dësem Fall d'Circulaire vum 28. Oktober 2022. Et bleift eng grouss Ongewëssheet wat d'Richtegkeet, oder besser gesot d'Aktualitéit vun dësen Entwécklungshypotheesen ubelaangt. Schonn elo sinn eenzel Schlësselelementer vun der Circulaire net méi ganz wouer. Zum Beispill déi lescht Zuele vum Staatsbudget 2022, dee manner groussen Defizit opweist, an dofir eng positiv Repercussioun op d'Gemengen huet.

Den Accord vun de Gehälter an der Fonction publique an d'Eropsetze vum Punktwäert, d'Inflatiounsprognose vum STATEC 2023 an 2024, déi éier näischt Guddes bedeiten. Wéi geet et weider mam Ukrainkrich, wéi mat der Energiekris a sou weider? Mir spieren déi direkt Konsequenzen och als Patron, an dat wéi iwwerall hei am Land. An dat huet natierlech direkt Konsequenzen op eise Budget.

Nach seele war et sou schwéier Prognosen op een oder méi Joren ze maache wéi elo. An dach stiechen e puer Entwécklungen an d'An: Eng Tendenz zur Reduzéierung vum Boni am uerdentleche Budget, dat sinn dann déi direkt Konsequenzen, vun deenen ech elo geschwat hunn. E weideren héijen Investitiounsbudget iwwer praktesch déi ganz Planungsperiod 2023 bis 2026. D'Noutwendegkeet fir méi staark wéi an deene vergaangene Joren op en Emprunt zréckzegräife fir d'Investitiounen an d'Infrastrukturen ze finanzéieren. Wéinst deem méi enke finanzielle Spillraum ass et selbstverständlech, datt eng virsiichteg a responsabel Politik ze bedreiwen ass, déi dës Majoritéit all déi Jore souwisou gemaach huet. Villes ass gemaach ginn, vill Projete sinn exekutéiert gi fir eis Stad ze moderniséieren an de Besoine vun der Populatioun gerecht ze ginn. Et gëllt och an Zukunft natierlech Prioritéiten ze setzen. Jee no Entwécklung vun de Finanze wäert sech der Decken no gestreckt musse ginn. An et erstaunt mech just, mee mir sinn eis heibannen eens, an do ginn och oppen Dieren agestouss, well dat maache mer souwisou.

Fir an d'Glaskugel ze kucken ass net méiglech. Dëse pluriannuelle Finanzplang, deen deit dat ëmmer un, datt ee ka plangen, dat ee ka sou vill Joren am viraus wësse wat kënnt, mee eigentlech ass dat ni wouer. An ëmsou manner gëtt et fir déi nächst Jore wouer. Mir konnten och net an d'Glaskugel kucke beim leschte Pluriannuell. Et war eng komplett aner Situatioun. An elo kucke mer och net an d'Glaskugel, mee mir mussen eis einfach emol dat Planungsinstrument gi fir Projeten op de Leescht ze huelen. Déi geréng Verschëldung déi mer Enn 2020 haten an iwwerhaapt déi gutt finanziell Situatioun an där Diddeleng sech virun der Kris befonnt huet bitt eng vernënfteg Ausgangspositioun fir Diddeleng weider ze entwéckelen. Ech zweiwelen dofir guer net, datt och an Zukunft Diddeleng a gudden Hänn wäert sinn.

Ech wëll awer elo nach e puer Remarke lassginn zu deem wat virdrun hei gesot ginn ass iwwert d'Finanzkommissioun. Ech war och net glécklech driwwer, et war aussergewéinlech knapp dës Kéier, datt mer de Rapport kritt hu vun der Finanzkommissioun. Mee et erstaunt mech awer trotzdeem, wat dat Ganzt elo fir Iech bedeit, well ech hat déi selwecht Ausgangspositioun. Wann Dir elo mengt, ech géif am Schäfferot aus- an agoen, dann ass dat och net wouer. Ech menge just datt all dat, wat Dir elo wollt an der Finanzkommissioun vu Froe stellen, déi hätt Dir souwisou kéinte stellen. Dir hutt elo gesot, dann hätt ee kënne soen, déi Projeten X an Y, wéi ass do d'Präisentwécklung? Ma déi Projeten, déi si gewosst a bekannt an Dir hätt och déi Fro kënne stellen an der Finanzkommissioun: Wéi ass et da mat de Projeten, déi de Moment um Leescht stinn an déi mer wëlles hunn ze bauen? An och déi Fro hätt ee kéinte stellen. An da muss een einfach soen, et ass jo och sou, datt all Partei hei am Gemengerot eng kleng Fraktioun huet. Dat heescht, mir si Fraktiounen, mir hunn eis Gremien hannert de Kulissen, wou driwwer diskutéiert gëtt.

Ech weess net, wéi Är Kommunikatioun fonctionéiert, mee mir beroden eis an där klenger Fraktioun, mir tauschen eis aus. Dat heescht, déi Leit, déi do an der Kommissioun sëtzen, déi ginn hir Informatioune weider. An och ëmgedréit. Wéi gesot, dat ass jo kee superneie Moment. Déi Projeten, déi hei opgezielt ginn, déi hu mir schonn x-mol diskutéiert am Gemengerot. An dat hätt een och kënne mat an d'Finanzkommissioun huelen an déi Froe stellen. Also dat elo mol nëmmen datt mer net bei Null ufänke wa mer elo an der Finanzkommissioun sëtzen. Mir hunn de Vertrieder sëtzen a mir mussen hannert de Kulisse matenee schwätzen. Do ass all Partei fir sech selwer responsabel.

Voilà, an dann ass nach gesot ginn: Mir musse spuere fir… Op där enger Säit gëtt da gesot, mir hu Projeten hei am Schoulberäich, mir hu Projeten am soziale Beräich, am Logement. Mir mussen d'Transition énergétique hikréien, do däerf och net gespuert ginn. A sou virun a sou weider. An da gëtt awer am selwechten Otemzuch gesot, mir musse spueren, fir déi Transitioun hinzekréien, fir de Logement, fir d'Schoul an de Schoulberäich. Also wat maache mer dann elo grad? Mir investéieren am Schoulberäich, mir investéieren an der Transitioun, déi eis Gemeng muss hikréien am Klimaberäich, a mir investéieren am soziale Beräich. A mir investéieren och am Kanalsystem an an der Moderniséierung vun eiser Stad. Also wéi gesot, alleguer déi Projete déi mer hunn, déi si richteg a gutt a mir kënnen och elo net soe wat a 5, 10 Joer ass. Mir féieren déi Gemeng, mengen ech hei, gutt a richteg, an un der Kommunikatioun och heibannen am Gemengerot, ech verstinn datt d'Oppositioun et vläicht e bëssen anescht gesäit wéi d'Majoritéit. Mee ech menge mir fueren am allgemengen awer gutt heibannen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci Madame Kohn. Nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall. Gutt. Da géif ech vläicht op eng Rei Punkten agoen. Virop da mol Merci soe fir Är Stellungname mat enger ganzer Rei Nuancen. Ech wäert do vläicht iwwergeuerdent op e puer Punkten och agoen. Vläicht dann och méi mat der nationaler Lëns, respektiv mat der lokaler Lëns. Déi Chifferen, déi mer hei virleien hunn, och wat déi staatlech Dotatioune sinn, wat de makroekonomesche Kontext ugeet, dat huet jo mat de Projektiounen ze dinn, déi de Staat respektiv d'Regierung sech gëtt par rapport zu der genereller Evolutioun hei am Land. Dofir mengen ech muss een oppasse wann een Aussoe mécht dass generell d'Gewerbesteier hei zu Diddeleng niddreg ass. D'Gewerbesteier hei zu Diddeleng déi orientéiert sech un deenen Zuelen an un deene Virgaben, déi een um nationale Plang kritt. Wann déi Evolutioun effektiv an engem Joer 2025, an dat ka sécherlech nach änneren, bei 0% ass, dann ass dat eng national Virgab. Do kënne mir reng wéineg hei zu Diddeleng dat an d'Luucht schéissen. Well déi Diskussioun hu mir méi wéi eng Kéier hei gefouert, dofir fannen ech et schued, dass déi Aschätzung kënnt, et ass eng falsch Aschätzung. D'Südgemengen, wou Diddeleng dozou gehéiert, wann an deene Gemengen Aarbechtsplaze geschafe ginn, dann ass dat haaptsächlech am Industrieberäich. A mer wëssen dass den Industrieberäich ganz wéineg Gewerbesteier ofschëtt par rapport zu anere Stied, déi e Service financier hunn, also och hei mengen ech eng falsch Aschätzung wat d'Recettë vum Impôt commercial ugeet. D'Madame Kayser hat dozou eng Ausféierung gemeet. Et kann ee sécherlech Saachen an d'Vitrinn setzen, mee d'Realitéite sinn deementspriechend och anerer.

Generell par rapport zu den Ausféierunge vun der Oppositioun wéilt ech hei soen, natierlech kann een elo diskutéieren, dass d'Kommunikatioun vun engem Rapport éischter hätt kéinte stattfannen. Ech huelen dat gäre mat an et kann een lech et och sécherlech en Dag éischter zoukomme loossen. Dat ass sécherlech méiglech. Ech kucken dat dann och mam Här Poull, dee sech d'Méi mécht, dee Rapport hei ze schreiwen an och déi néideg Donnéeën ze ginn. Ech wëll awer generell hei soen, dass ech absolut déi Schwaarzmolerei wat d'Finanzsituatioun ugeet, absolut guer net deelen. An dat ass och gutt esou. Et ass jo och do wou een d'Ënnerscheeder mierkt tëschent dëser Majoritéit an der Oppositioun. Well Diddeleng huet, och wann een déi dote Projektioun mécht, keng schlecht Finanzsituatioun. Déi Projektiounen déi mer maachen, déi foussen op déi aktuell Finanzsituatioun, an déi ass gesond. An dat huet domadder ze dinn dass an deene leschte Joren virsiichteg a responsabel, sou wéi d'Madame Kohn et gesot huet, hei gehandelt gouf an dat och erméiglecht huet, déi Projeten ëmzesetzen, déi mer elo hunn.

Natierlech, an och dat wonnert mech, dass déi Ausféierungen nach eng Kéier hei gehale gi vun der Oppositioun, an engersäits wonnert et mech och net. Ëmmer déi Duerstellung, dass Diddeleng eng Insel ass, wa Käschte méi héich si wéi initial virgesinn. Schwätzt mat Äre Kolleeginnen a Kolleegen an deenen anere Gemengen, déi net ënnert der LSAP gefouert ginn. Déi ginn lech ganz genau dee selwechte Message mat op de Wee, wat d'Käschtenexplosioun ugeet. Schwätzt mat den CSV-Buergermeeschteren. Déi soen lech mengen ech déi selwecht Realitéit wéi mer och hei zu Diddeleng hunn. Diddeleng ass also keng Insel par rapport zu deenen Ausféierungen, déi Dir hei sot. Also wéi gesot, ech deelen déi Aschätzung net vun enger schlechter Finanzsituatioun, wéi wann dës konsequent Budgeten déi lescht Joren net en bon père oder bonne mère de famille geréiert goufen. Natierlech, an do si mer eis alleguerten eens, soll een d'Finanzsituatioun am A behalen. Mee och déi kann änneren. Grad déi lescht Joren hunn eis gewisen, dass vu Joer zu Joer d'Finanzsituatioun ännere kann. Mol zum Positiven, mol manner zum Positiven. An ech mengen dat betrëfft dann och d'Stad Diddeleng. Hei sinn eng Rei politesch Prioritéiten déi mer eis ginn am Kader vum PPF, déi schreiwe sech och an d'Kontinuitéit an a verschidde Ressorten, wou weider investéiert gëtt.

Wann ech awer dann erausheéieren an de politesche Prioritéiten, dass soll gespuert ginn, ech mengen dann ass et wichteg ze soen, wou ee soll spueren. An awer hunn ech e bëssen den Hang hei ze soen, d'Kultur ass net ëmmer dee richtege Beräich an deem ee spuere soll. Well wann de roude Stëft ugesat gëtt an der Politik en sense large, dann ass et oft an der Kultur. An ech mengen dass ee grad an der Kultur net soll spueren, dat hu mer déi lescht 30 Joer hei zu Diddeleng net gemeet. Well hei jo effektiv méi wéi eng Kéier vun der Oppositioun e Projet erausgehuewe gouf, vun deem ee sech soll d'Fro stellen, ob een deen iwwerhaapt soll ëmsetzen. Ech mengen dass den Invest an d'Kultur e ganz wichtegen Invest ass. Mee souwisou, ënnert wéi enger Form mir déi Projeten, déi mir hei an d'Vitrinn setzen, am Kader vum PPF ëmsetzen, dat hänkt jo generell och vun deenen nächste Finanzsituatiounen of an dat wäert dann och deementspriechend gestreckt ginn.

Wat ech nach wollt soen, dat ass, wann ëmmer hei gesot gëtt mat enger Simplicitéit wéi d'Madame Erpelding dat gemeet huet, d'Gemenge kréie 75% fir abordabele Wunnraum. Dat ass en Taux d'affichage deen effektiv theoretesch richteg ass. Mee Dir sidd jo net säit enger Woch hei an dësem Gemengerot fir ze wëssen, dass dat an der Realitéit falsch ass. Dat ass en Affichage deen de Logementsministère gëtt an d'Realitéit an de Gemengen ass eng ganz aner. Well normalerweis, dat wat de Gemenge subventionéiert gëtt, sech an der Realitéit tëschent 55 a 60% erëmspigelt. Et soll een net hei e falschen Uschäin ginn an theoretesch mat Zuele spillen. Déi Projeten, déi mir hei haten am abordabele Wunnraum, dat war oft ëm déi 60% wou mer kritt hunn. An et geet der Stad Diddeleng net aneschters wéi anere Gemengen. Dat wëll awer net heeschen, dass mer net an den abordabele Wunnraum investéieren. Vun deene Projeten, déi mer hei wëlles hunn, do sinn der eng ganz Rei, déi si bekannt. Sief et am Eecherdall, sief et an der Rue Nic Bodry, sief et och am Quartier Lenkeschléi. Mee anerer, am Kader vum Budget hat ech dat hei ganz kloer gesot, dat ass awer keen neie Moment, och wann d'Oppositioun hei den Uschäi gëtt, dass et en neie Moment wär, dass mer Projete wëlles hunn engersäits an der Fontainesstross, respektiv an der Lëtzebuergerstrooss, wou mer a Kontakt si mat Proprietäre fir do d'Acquisitioun ze maache vu Gebailechkeete fir abordabele Wunnraum ze maachen.

Also hei den Uschäin ze ginn, dass et och deelweis nei Momenter géife ginn, wou mer awer viru knapp zwee Méint am Kader vum Budget hei driwwer geschwat hunn, dat loossen ech da mol einfach sou am Raum stoen. Dëst gesot, ech hu probéiert, ob déi verschidde Punkten anzegoen, ouni ofzeschléissen, dass een natierlech am Kader vun dëse Projektioune par rapport zu der aktueller gesonder an zolitter Finanzsituatioun déi mer hunn, natierlech d'Finanzsituatioun muss am A musse behalen an natierlech och Tributaire ass vun de staatleche Subventiounen, respektiv och déi Empruntен, déi sécherlech nach variéiere wäerten en fonctioun vun der Evolutioun vun de subsequente Budgeten, déi mer hei presentéiert hunn. Jo, Madame Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Just nach eng ganz kleng Remark. Merci fir d'Wuert. Wéi gesot Madame Kohn, ech hat gefrot: Wéi héich ass dann de Surplus ageschat ginn an der Finanzkommissioun de Méinden op deene Projeten, déi mer scho votéiert hunn? An du krut ech awer keng konkret Äntwert. An zweetens, ech konnt näischt soen zu deene Projeten, well mir déi Lëscht jo hei net haten. Dir musst awer och e bësse bei der Wourecht bleiwen. Dat ass dat Eent. An dat Zweet ass: D'CSV ass net géint d'Kultur, mir haten oft de Kulturministère, mir sinn net géint d'Kultur. Ech hu just monéiert dass mer investéieren an e Gebai wat vläicht vétuste ass. Dat war haaptsächlech d'Fro. Ech wollt dat awer nach eng Kéier zweemol hei ënnersträichen. Merci.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Da muss ech leider elo och nach eng Kéier eng kleng Remark lassginn. Dir hutt

déi Fro do gestalt an der Finanzkommissioun, do ass et keng Äntwert drop gi well vläicht nach keng konkret do war fir dorobber ze äntweren, dat ass déi eng Saach.
Mee ech kommen nach eng Kéier op déi Lëscht do zréck. Dat ass kee Geheimnis. Dat do sinn d'Projete vun eiser Legislaturperiod hei. Mir hunn déi schonn x-mol diskutéiert an Etüde gestëmmt a mir hu se am Budget stoen. Also et ass awer kee Geheimnis, wat fir eng grouss Projeten d'Gemeng Diddeleng um Leescht huet. Dat ass et just. An dofir brauch een awer net eng virgetippte Lëscht ze kréien. Ech mengen dat weess een einfach wat fir eng grouss Projeten do sinn. A wann een dann an d'Finanzkommissioun kënnt an et huet een dann am Hannerkapp Problemer mat iergendengem Projet oder et huet een eng generell Fro zu deene grousse Projeten, déi mer realiséieren, da kann een déi stellen. Dat war just alles. Dofir brauch ee keng Lëscht virgetippt ze kréien. Merci.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP - SCHÄFFIN): Ech wëll awer och nach eng Remark lassginn. Ech hu virdrun héieren, datt mer elo Balzeng asetze mat vill méi héije Chifferen, an datt Dir net wësst wat do kënnt a sou virun a sou weider. Datt Dir net informéiert wäert. Wat soll ech Iech da soen? Mir kucken elo mol, wéi grouss muss déi Schoul sinn, wéi vill Kanner kommen dohinner? A wat gëtt den Terrain hir? Dat sinn alles Saachen, déi kann ech net aus dem Aarm rëselen. Dann dat, ech hunn dat versprach an ech hale mech ëmmer dodrun, wann ech dat bis weess, da wäert ech dat och jiddwerengem matdeelen. Dann zum Präis. Datt mir eng Schoul baue fir 16 Millioune wéi Lenkeschléi, ech mengen do braucht Dir nëmmen all Dag d'Zeitung opzeschloen an da gesitt Der dass an anere Gemengen d'Schoule 37 Millioune kommen. Also si mir hei nach ganz virsiichteg mam Budget ëmgaangen. Ech wëll dat einfach eng Kéier soen. An dann déi allgemeng Remark, mir sollen an eis Schoulen, an eis Kanner, an eis Crèchen investéieren. Also säit ech hei sinn an deene leschte sechs Joer hu mir näischt anescht gemaach all Joer. A mir hunn all Joer Risenzommen agedroen an eise Budget, fir an d'Crèchen, fir an d'Schoulen, an och dat wäerte mer weiderféieren. Dofir loossen ech dee Reproche iwwerhaapt net gëllen, datt mir hei net investéieren. Merci.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Nach eng Kéier ganz kuerz. Selbstverständlech wësse mir, wéi eng Projete lafen, mee deen Ziedel hei, deen ass wichteg, fir de Verglach ze maache wat an de PPFen an de Jore virdrun agesat war. An d'Fro ass jo: Wouhier kënnt déi Deierecht? Well wa mer lo soen, Komplex Balzeng als Beispill, do stoung am leschte PPF 20 Millioune, elo 25 Millioune. Meng Fro war eeben déi, wa mer déi Lëscht gehat hätten, dann hätt den Här Poull eis kënne soen: Jo, mir hunn einfach iwwerall souvill Prozent méi Fraisen agesat. Dat wär eng konkret Äntwert gewiescht op déi Froen. Woubäi ech dann awer erëm komescherweis bei anere Projeten, do ass déi Hausse vill méi héich vum PPF 2022 op 2023. Et geet ëm déi Zuelen. Natierlech wësse mir, mir hu jo och vill Saachen hei matgestëmmt. Et geet drëm, dass mer bei PPF sinn, dat sinn d'Finanzen, do muss een d'Chifferen hunn an déi kann een nëmme vergläiche wann een eppes huet fir ze vergläichen. Punkt.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci Madame Kayser, Merci Madame Kohn, ech wollt just nach eppes soen, mat der néideger Konsequenz. Wann ech hei héieren, datt a Fro gestallt gëtt dass ee soll a Gebaier investéieren, déi „vétuste" sinn. Mir hu lo zwee Projete gehat mam Lokomotivatelier a mam Vestiaire Wagonnage, wou lo deen nächste Projet virun der Dir steet, wou mer an eisen industrielle Patrimoine investéieren. Ech wëll hei d'Fro stellen: Ass dat eng Schan? Wann ee mat därselwechter Konsequenz an dësem Gemengerot higeet an deen industrielle Patrimoine, historesch gesinn ass jo Diddeleng nach ëmmer d'Wéi vun der Arbed, a wa mer mat därselwechter Konsequenz hei am Gemengerot 85% vun den industrielle Gebaier op NeiSchmelz klasséiert hunn, da schéngt et mer evident ze sinn, dass een och Responsabilitéit iwwerhëlt an dës Majoritéit huet se iwwerholl.

Et waren och eng Rei Leit aus der Oppositioun, déi dat matgedroen hunn. Dass mer, wa mer hei Gebaier klasséieren och an déi Gebaier investéieren. A mir wëssen, wa mir a sou Gebaier investéieren, déi zu eisem Patrimoine industriel gehéieren, dass den Invest natierlech méi héich ass, wéi wann een eppes komplett Neies baut. Dat ass déi logesch Konsequenz dovunner. Dës Majoritéit wäert op alle Fall an deenen nächste Joren, wat den industrielle Patrimoine ugeet, e ganz kloer weider wëlle valoriséieren. Dat wëll ech hei nach eng Kéier ganz kloer soen. Wëssend dass dat Gebailechkeete sinn, déi méi e gréisseren Invest néideg hu wéi anerer.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Dir wësst ganz genau dass mir och ganz begeeschtert si vun der Lokomotivhal a vum Vestiaire Wagonnage. Et geet jo lo drëm, mir mussen iergendwou spueren. Mir sinn natierlech och fir de Patrimoine architectural industriel. Dat fanne mer extreem wichteg. Mee meng Iddi war, fir mol einfach vläicht an de Raum ze stellen, mir hunn elo déi Danzschoul, déi soll an dat Gebai kommen, wou een awer weess a wou een och vu Leit zougedroe kritt, déi schonn an deene Gebaier ronderëm gaange si fir déi éischt Appreciatiounen ze maachen, wa mer do gesot kréien: Mat 9 Millioune sidd der do net fäerdeg.

Mir schwätze lo iwwer d'Finanzéierung. Da muss ee vläicht och raisonnabelement soen: Wat maache mer mat deenen 9 Millioune? Dat geet nimools duer fir dat, wat mer am Fong wëllen. Dat ass dat, wat ech soen. Méi responsabel kucke wéi vill Sue mer definitiv investéiere mussen, fir dass aus deem Gebai eppes Flottes gëtt. Natierlech si mer dofir dass et eppes Flottes gëtt. Mee an de momentanen Zäiten do si mer eeben net méi an de fette Joren, da kann et awer net si wéi bei der Lokomotivhal, dat hu mer jo och all matgedroen heibannen. 590.000.- € waren ugesat, herno hu mer 2,6 Millioune derbäi investéiert. Bei VeWa idem. Mee ech denken d'Iddi war jo, natierlech si mir dofir, dass mir eise Patrimoine valoriséieren. Et muss een awer kucken, a wéi engem finanzielle Rahmen een dat mécht. Dat war d'Saach. Mir sinn absolut och d'accord, dass mer mussen eisen industrielle Patrimoine erhalen an och valoriséieren.

### 3.2. Approbatioun vun den Durchlaufgebühre fir d'Gasnetz a Modifikatiounen um allgemengen Taxereglement - Gas

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, da géif ech proposéieren, dass mer op den nächste Punkt iwwerginn an dat ass d'Durchlaufgebühr vum Gasreseau, wou mer jo Proprietär sinn. Déi Durchlaufgebühr déi gëtt jo hei fixéiert duerch den Institut luxembourgeois de régulation, den ILR. Déi hunn hei eng Decisioun geholl, déi fousst op de 15. Dezember 2022, wou se eis hei eng Rei Präisser fixéieren. A wa si déi sou fixéiere musse mir déi sou iwwerhuelen. Dat si fir d'Compteuren, de G4 - G16, eng Redevance mensuelle fixe vu 7,74.- € de Mount, d'Composante volume 0,15. Wéi gesot, de G4 - G16 sinn am Fong d'Eefamilljenhaiser an d'Méifamilljenhaiser. Dat sinn och déi kleng Betriber respektiv Residenzen. De G25 - G40 dat sinn 41,64.- € an dann den 0,02 an de 7,09. Dat si gréisser Residenzen, respektiv och eis Schoulgebaier. Dann de G65, G100 a G400 dat sinn déi gréisser Betriber, respektiv Industrien, Staatslabo, awer och Spidol, fir lech e puer Beispiller ze ginn. Do ass et dann hei bei der Redevance mensuelle 99,51.- €, 126,24.- € an 305,24.- €. An d'Composante volume déi ass bei 0,08 an d'Composante Capacité ass bei 10,8. Dat sinn d'Tariffer déi hei fixéiert goufen. Dann d'Locatioun compteur, Segment 1: 7,74. Segment 2: 41,64. An d'Segment 3 fir de G65: 99,51. Fir de G100: 126,24 an de G400: 305,24. Alles dat kënnt Der och hei an der Decisioun vum ILR noliesen an dat sinn dann och déi Tariffer, déi mer hei iwwerhuelen an och deementspriechend applizéieren. Dat zu der Durchlaufgebühr.

Remarken oder Froen dozou? Dat ass net de Fall. Da géif ech proposéieren, dass mer doriwwer ofstëmmen. Wien ass domadder averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech lech do villmools Merci.

### 3.3. Prolongatioun vum Contrat de bail commercial mat der Madame Yara Kassouha fir d'Sous-locatioun vun engem Deel vum Geschäftsgebai op 77, avenue Grande-Duchesse Charlotte

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Da gi mer op den nächste Punkt iwwer. Dat ass d'Prolongatioun vum Contrat de bail commercial mat der Madame Kassouha, déi huet jo de Pop-Up op der 77, avenue Grande-Duchesse Charlotte. Mir haten dee jo schonn eng Kéier verlängert vum 1. August 2022 bis den 31. Dezember 2022. Hei geet et drëms, deen ze verlängeren. Also vum 1. Januar 2023 u fir dräi Méint, also bis den 31. Mäerz 2023 zu deene selwechte Konditioune wéi virdrun. Dat do ass e Pop-Up dee mengen ech ganz flott geet, nieft deene Produiten, déi si ubitt och ganz gutt fonctionéiert um Niveau vun de Retouchen, sou mengen ech dass hei näischt am Wee steet, fir deen heiten Contrat de Sous-location fir d'Madame Kassouha, déi och ganz frou hei zu Diddeleng ass, fir dee kënnen ze verlängeren. Dat zu deem dote Contrat de bail.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Ech wollt just soen dass et effektiv e ganz flotte Buttek ass an d'Leit si ganz frou, virun allem der Madame hir Retouchë sinn exzellent. Da wollt ech awer just froen, an deem selwechte Gebai hu mer jo och déi Geschicht do mam Här Troes gehat. Den 30. September hu mer deem säi Sous-locataires-Kontrakt gekënnegt. Dat waren déi berüümten 10 Meterkaree wou hie bespillt hat, do huet et geheescht, de City-Manager géif kucken, ob hien do iergendee fënnt. Wéi ass do „der Stand der Dinge" wollt ech just nofroen?

CLAUDE MARTINI (CSV): Just eng kuerz Prezisiounsfro hei. De Kontrakt ass de 15. Dezember gemeet ginn, de 16. hate mer nach eng Kéier e Gemengerot. Hätt een dat net schonn deemools kënne presentéieren oder ass dat ze kuerzfristeg, däerf een dat net? Well jo si mer jo am Fong an der Mëtt vum Kontrakt schonn. Dee geet jo just annerhallwe Mount elo. A wat geschitt dann duerno?

ALAIN CLEMENT (LSAP): Merci fir d'Wuert. Mir sinn och als LSAP-Fraktioun frou, dass d'Madame Kassouha eis hei zu Diddeleng zumindest elo mol nach fir 3 Méint erhale bleift. An ech denke mir hunn ëmmer e puer schéi Wierder fonnt fir d'Madame Kassouha a wann et och nach eng Kéier zu enger véierter Verlängerung kéim denken ech géing ech och nach eng Kéier e puer léif Wierder fir d'Fra fannen. Well se ass einfach sympathesch. Dat wat se mécht, mécht se selwer. An ech denken dat passt méi wéi jee an eis Gesellschaft. An ech hunn och scho lénks a riets héieren, dass ee frou ass, dass se Retouchë mécht. Ech denken den Atelier Fabie ass eis verluer gaangen duerch d'Retraite. An och hei ass e Surplus am Moment fir eis Diddelenger Geschäftswelt a mir ënnerstëtzen dee Bail och vun der LSAP aus fir en ze verlängeren. Ech soen lech Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci Här Clement, Merci alleguerten och fir Är Zoustëmmung dozou. Ech wollt just preziséieren dass mer effektiv op der Sich sinn no weidere Pop-Uppen, och wa mer hei déi Verlängerung maachen. Zäitlech war et net duergaangen, fir et nach eng Kéier an de Gemengerot ze huelen, dofir hu mir et lo geholl. Mir sinn natierlech op der Sich no weidere Pop-Uppen. Dat ass net evident an der aktueller Situatioun. Dir gesitt jo dass et der ginn, déi gutt fonctionéieren, awer och eng ganz Rei, déi et ganz schwiereg hunn, och wa se mam Pop-Up ugefaangen hunn a sech fest etabléiert hunn. Blossom fir se net ze nennen, déi leider zou gemeet hunn. Et ass de Moment net evident, och an deem Reseau wou eise City-Manager dran ass an dat selwecht ass och fir hannen, wou den Här Troes fortgaangen ass, fir dat richteg ze bespillen. De Moment ass et méi sou en Oftaaschten an zaghaft, fir sech iwwerhaapt als Independant ze lancéieren, well d'Zäiten immens ongewëss sinn. Et si Realitéite mat deene mer ze dinn hunn an et ass een einfach frou, dass déi besteeënd déi do sinn, dass déi et fäerdeg bréngen sech iwwer Waasser ze halen.

Quitt dass mer mat enger ganze Rei a Kontakt sinn, déi sech vläicht och nach en zousätzlecht Standbee wëlle ginn, mee déi natierlech och ëmmer soen: Interessant op Diddeleng ze kommen, mee mir mussen awer och mol kucke wéi einfach generell d'ekonomesch Situatioun weider evoluéiert bis mer d'Decisioun huelen iergendwellech Extensiounen ze maachen, och wann den

Interêt natierlech besteet. Dat sinn einfach Realitéite mat deenen ee generell lieft. A wann een an Diskussioun ass mat Geschäftsleit een och dat deementspriechend kritt. Dat si Realitéiten déi leider do sinn.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Ech hunn nach eng aner Fro apropos Pop-Uppen. Mir hu jo deen am Duerf, do kënnt jo de Biz s.à.r.l. dran, et ass just eng Interessefro, do hunn ech an der Zeitung lo gelies dass en Avis au public raus ass, well déi eng Torrefaktioun och maachen. A mir sinn eis elo net méi eens, ob dat am Kontrakt schonn drastoung, dass si och däerfen do torrefiéieren. Ech hat et verstane wéi wa se nëmme Kaffi dierfe verkafen. Well eng Torrefaktioun ass jo e komplett anere Cas de figure, dat ass jo scho bal en Handwierk. An do ass jo dann deen Impakt op déi Leit, déi am Haus wunnen. Dat ka mol sinn, dass dat d'Leit stéiert. Anerer fannen et mega angeneem wann et ëmmer no Kaffi richt. Mee dofir meng Fro: Hate mir dat sou virgesinn? Dat war mer entfall.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Dat war am Kontrakt effektiv sou virgesinn. Dat hei ass eng Klass 2, dat ass bei deene meeschte wou een d'Autorisatioun gëtt. Ech mengen dass dat lo kee gréisseren Impakt huet. Et ass fir de Betrib selwer wou dat gemeet gëtt. Et ass och net all Dag wou et gemeet gëtt. Mee et ass awer mengen ech och flott, well jo och déi Iddi ass, dass Formatiounen ugebuede gi sur place. Dat heescht dat ganzt Konzept ronderëm Kaffi, net nëmme Kaffi drénke mee och déi ganz Opbereedung mat Utensilien. Alles dat war jo an deem Kontrakt virgesinn an ech mengen dass dat elo eng flott Beräicherung ass.

Ass de Gemengerot mat dëser Verlängerung hei averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech lech villmools Merci.

### 3.4. Approbatioun vum Contrat de bail mat der Sociétéit Co-labor fir d'Sous-locatioun vum Geschäftslokal 14 – 16, rue de la Libération

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Da géife mer op den nächste Kontrakt iwwergoen. Do gi mer bei de Co-Labor. Dat ass d'Société coopérative Co-Labor, mat deenen hu mer och wëlles, verstäerkt zesummenzeschaffen. Déi kommen an dat Gebai 14-16, rue de la Libération. Dat ass do wou virdrun den OUNI war. Ech mengen dass dat ganz flott ass. OUNI huet jo leider als Société coopérative Faillite gemeet. Elo gi mer hei op de Wee mat Co-Labor, wou awer e ganz staarken Acteur ass. Hinne géife mer dann ab dem 1. Abréll 2023 d'Lokal fir 3 Joer zur Verfügung stellen. Och si fonctionéieren ënnert der Form vun enger Kooperativ. An hei ass virgesinn, hinnen dat Gebai, dat 187,50 m² huet hinnen ze verlounen a Sous-locatioun. Dat éischt Joer, dat heescht vum 1. Abréll bis den 31. Dezember 2023 fir 2.000.- € an ab dat zweet Joer, also ab dem 1. Januar 2024, 3.000.- € plus d'Chargen, dat sinn déi 200.- €. Dass Co-Labor dat da ka kréien. Si mussen natierlech klassesch och eng Assurance risque locatif, Assurance incendie maachen a si dierfen och keng Sous-locatioun maachen. Dat also par rapport zu deem, wat dat Kontraktuellt ugeet. Mir haten hei drageschriwwen, dass si dat kënne maachen an ech mengen dat ass och zustane komm duerch Kontakter, déi eise City-Manager mat hinnen hat. A si hunn och aner Projeten hei zu Diddeleng. En neie Commerce deen hei hikënnt, en neie Moment an eng nei Aventure. An ech mengen dass dat ganz positiv ass. A Co-Labor ass jo schonn all Woch hei zu Diddeleng um Maart. A wat jo och flott ass, et si jo nach eng Rei aner Aktivitéiten, déi Co-Labor hei zu Diddeleng wëlles huet, mee virun allem, wat mengen ech hei am Virdergrond steet, dat sinn déi nohalteg Produiten, dat sinn déi frësch Produiten, dat ass lokal, regional. An awer och déi lokal Produiten, déi am Virdergrond stinn, och déi Lëtzebuerger Produiten. Och dee sozialen Aspekt ronderëm Inclusioun an Integratioun, well si jo och de Rôle als Initiative sociale hunn, also och Demandeur d'emploi forméieren.

Wat fënnt een an deem dote Geschäft erëm, well dat jo Diddeleng och nei Perspektive bitt an hinnen awer och. Engersäits wäert do e Volet Epicerie entstoe mat regionale Produkter a Bio-Produkter, Food an Non-food, Uebst a Geméis aus dem Lëtzebuerger Bio-Ubau. Och deelweis Produiten en vrac. Bon, dat ass den éischten Deel. Den zweeten Deel dat si Planzen a Kompositiounen en fonctioun vun der Saison aus hirem eegenen Ubau, dee se hunn. Mir musse wëssen, Co-Labor hu jo hir eege Produkter. An dann awer och e klenge Bistro mat Gedrénks a Bio Snack aus hirer eegener Produktioun. Doriwwer eraus wëlle se awer och Workshoppe maachen, och Themenowenter mat dem Lien zu der Nohaltegkeet, respektiv hu mir jo am Kader vun eisem Budget och eng Enveloppe virgesinn, wou mir jo och mat hinnen nach eng ganz Rei Aktivitéite wäerte maachen. A wat awer och hei am Virdergrond steet, an et ass och fir déi Leit, déi do wäerte schaffen an där Epicerie, dat ass de ganze Volet vun der Économie solidaire a sociale.

Déi Leit, déi bei Co-Labor do schaffen an och hei zu Diddeleng, déi sinn am Kader vun enger Mesure de réinsertion professionelle a ginn dann och op der Plaz forméiert a begleet, och am Beräich vun der Vente. Et ginn hinne Perspektiven ugebueden. An déi Produiten, déi Projeten, déi mir mat hinnen hunn aus dem Buttek, deen si hei hunn eraus, dat sinn natierlech Projete wéi pedagogesch Aktivitéiten, awer och Blummewiss, respektiv sinn hei mat hinnen och Aktivitéite mat Kanner virgesinn. Just nach eng Kéier kuerz, Co-Labor, fir déi ze situéieren. Dat ass en zolitte Partner, dee mer hei hunn, dee gëtt et säit 1983, also 40 Joer hu se dëst Joer wou se existéieren. An hiren Objectif primaire ass déi Réinsertion professionnelle a sociale. An dat ass jo och ganz flott, well mir als Gemeng jo och an déi dote Richtung ginn a se sech och hei deementspriechend en zousätzlecht Standbeen ginn. Et ass natierlech och virgesinn, an domat schléissen ech of, dass d'Ouverture Mëtt/Enn Abrëll geplangt ass. Dat ass deen Timing, dee si sech ginn hunn. Dat zu den Ausféierungen heizou. An d'Diskussioun ass op.

CLAUDE MARTINI (CSV): Mir freeën eis natierlech immens dass si kommen. Mir hu jo och oft dofir plädéiert, dass mir sollen Aarbechtsplaze schafen hei zu Diddeleng, wat dëse Projet och mat bewierkt. All déi Projeten, déi de Buergermeeschter elo opgezielt huet, dat ass jo nëmme favorabel fir eis Stad. An ech hunn och schonn eng ganz Rei positiv Feedbacke kritt vun de Leit dobaus-

sen, déi awer ëmmer frou si wann nei Geschäfter sech zu Diddeleng nidderloossen. A mir stëmmen dat dote mat vollem Häerze mat.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Jo, Merci fir d'Wuert. Also fir eis ass dat tipptopp an der Rei. No der traureger Nouvelle, wéi et geheescht huet, den OUNI kéint net weidermaachen, ass dat do lo eng ganz gutt Nouvelle, déi och an eisem Entourage wierklech fir Begeeschterung gesuergt huet. A mat Co-Labor kënnt dann erëm eng Epicerie an dat Lokal. Ech war och e bëssen an den Historique kucken. Bon, de Buergermeeschter huet mer schonn hei meng Ried e bëssen ewechgeholl, ech wollt dat och soen. Co-Labor ass e wichtegen Acteur an der Économie solidaire a Co-Labor huet jo och all Donneschden e Stand um Maart. Do hätt ech da mol eng Fro: Bleift de Stand um Maart dann awer bestoen? Da schreiwe si op hirer Websäit: „Nous sommes avant tout producteurs biologiques." Lo steet awer am Kontrakt net, dass dat Bio ass. Bon, et ass zwar elo gesot ginn, ech huelen un, dass dann awer dat Meescht wäert Bio sinn. Dann „Organisation d'événements et ateliers", dat ass och lo schonn erkläert ginn. An och dass eeben och nach e klengen Eck Bistro bleift, dat war och nach eng Fro, déi mer haten, well den OUNI, deen hat jo och sou en Eck, och e Spilleck, wou d'Kanner mol konnten e Buch kucken oder e Spill maachen an dat ass jo eng convivial Plaz, an dat ass da gutt, wann dat do bleift. A mir stëmmen dee Punkt natierlech ganz gäre mat.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Merci Madame Heinen. Aner Wuertmeldunge vläicht?

ALAIN CLEMENT (LSAP): Merci, ech ka lo net soen Här Buergermeeschter, Här Schäffen. Dir léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot, ech wëll och hei eng kleng Stellungnam vun der LSAP ofginn. Ech denken et ass jiddereen heibannen d'accord mat mir, wann ech soen dass de Bail, de mer haut heibanne sollen ofstëmmen, eng ganz erfreelech Säit huet awer och eng ganz gläichermoossen traureg Virgeschicht. Hätt OUNI et an dësem Lokal gepackt, hätte mer haut dëse Punkt net um Ordre du jour, an et wier mir léiwer, mir hätten en net um Ordre du jour an OUNI wier eis erhal bliwwen. Domat wëll ech net soen, dass Co-Labor als neie Locataire mir net sympathesch wier, am Géigendeel. Me OUNI hätt et eigentlech verdéngt gehat, dass déi Iddi, mat där se hei ugetruede waren, sech hätt kënnen um Terrain duerchsetzen a fir Co-Labor hätte mer och sécherlech nach eng schéi Plaz fonnt zu Diddeleng, wou mer se hätte kënne bei eis integréieren.
Net zulescht muss ech awer selwer zouginn, dass ech vu menger Säit aus net dat dozou bäigedroen hunn, dass dës Faillite hätt kéinte verhënnert ginn. Nachher ist man immer schlauer, heescht et. D'Bewosstsi war schonn do, dass ech dëst Konzept hätt missen ënnerstëtzen, keen Offall, manner Ressourcëverschwendung. Wourun ass et da gescheitert? Vläicht einfach u menger Bequeemlechkeet.
Méi Argumenter muss ech guer net siche goen, an ech denken dat ass och vläicht villen anere sou gaangen. Flott a richteg emol sou e Commerce hei zu Diddeleng ze hunn an ze kréien, awer loosse mer fir d'éischt mol déi aner dohinner akafe goen an da gesi mer weider.
Dat Eenzegt wat lo bleift ass, et an Zukunft, och fir mech, besser ze maachen. An dësem Fall bei Co-labor, déi jo e ganz nohaltegt Konzept verkierperen an dat dann och ënnerstëtzen. Si leeën hire Fokus ganz kloer op regional Produiten a Produktioun a schaffe wou et méiglech ass mat Lëtzebuerger Bio-Baueren, ob et sech ëm Uebst, Geméis oder Planzen handelt. Et mécht och elo kee Sënn, datt ech alles nach eng Kéier opziele wat de Buergermeeschter eis scho virgestallt huet.
Co-Labor ass keen neie Label um Lëtzebuerger Marché. Si hu sech well laang en Numm gemeet a bewisen, dass et gutt a richteg ass, dass se do sinn. Et ass eng sozial Initiativ, déi dëst Joer däerf hire 40. Gebuertsdag feieren. An et ass schéin, dass se fir hiert 40. Gebuertsjoer de Wee op Diddeleng fonnt hunn. A mir wënschen dem Co-Labor och vun der LSAP-Fraktioun aus vill Erfolleg zu Diddeleng an dass se hire Commerce kënnen ausbauen an zur Beräicherung hei an der Nohaltegkeet bäidroen. Ech soen Iech Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci dem Här Clement. Nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall. Da géif ech vläicht op zwee Voleten agoen, déi d'Madame Heinen gefrot huet. Generell wëll ech awer och deenen, déi hei d'Wuert geholl hu Merci soen, dass Dir et begréisst, dass Co-Labor sech e Standbeen hei zu Diddeleng gëtt. Effektiv hu si hire 40. Anniversaire. Dofir ass dat jo e positive Message souwuel fir Co-Labor wéi och fir d'Stad Diddeleng, wa Co-Labor elo hei hire Buttek, hir Epicerie opmécht. Domadder ass hire Stand um Maart net a Fro gestallt, si gesinn dat als complementaire. An effektiv steet de Volet Bio hei net am Kontrakt, mee dat changéiert näischt un hirer prinzipieller Ausriichtung, déi se hunn. Ob dat lo hei drasteet oder net. Si hu jo eng gewësse Philosophie an déi setze se ëm, souwuel um Maart wéi och an hirem Buttek, wéi och op aner Plazen ausserhalb vun deenen.

Da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass hei mat dësem Contrat de bail averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.

**3.5. Approbatioun vun Actes notariés fir d'Acquisitioun vun Emprisen**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Da géife mer op eng Rei Emprisen agoen. Kann ech déi zesummen huelen? Jo? OK. Da maache mer dat sou. Dat si wéi gesot en Rei Acte notarieë fir Emprisen ze kréien, déi dann an d'Voirie publique wäerten eragoen, eng Rei Parzellen.

*3.5.1. Bestuete Koppel Charles Hugo a Sabine Victorine Ghislaine Georgette Culot, Terraine Rue de Burange*

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Dat ass dann den Akt tëschent dem Här Hugo an der Madame Culot. Dat sinn 0,31 Ar an der Bierengestrooss zum Präis vun 217.- €. Dat gëtt also an d'Voirie publique erageholl.

*3.5.2. Bestuete Koppel Nico Reiffers a Chantal Lehmeier, Terraine Rue de la Fontaine*

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Den zweeten Akt dat ass d'Madame Lehmeier an den

Här Reiffers. Dat sinn 0,34 Ar an der Rue de la Fontaine fir de Präis vun 238.- €. Och dat ass Integratioun an d'Voirie publique.

*3.5.3. Bestuete Koppel Laurent Jomé a Claudine Marie Charlotte Koster, Terraine Rue Goethe*

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Den drëtten Akt ass an der Rue Goethe tëschent der Madame Koster an dem Här Jomé. Dat sinn 0,73 Ar fir de Präis vu 511.- €. Dat ass am Kader vun der Renovatioun vun der Rue Goethe.

*3.5.4. Madame Marie-Claire Ludwig, Terraine Rue Goethe*

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Den nächsten Akt ass tëschent der Madame Marie-Claire Ludwig, dat sinn 0,18 Ar fir de Präis vun 126.- €. Dat ass och d'Integratioun an d'Voirie publique.

*3.5.5. Bestuete Koppel Nico Reitz a Pierrette Walentiny, Terraine Rue Goethe*

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Deen aneren Akt, deen nächsten, dat ass och an der Rue Goethe. Dat ass d'Madame Walentiny an den Här Reitz fir 0,49 Ar fir de Präis vun 343.- Euro.

*3.5.6. Madame Christiane Domenica Victoria Carri, Terrainen op der Lenkeschléi*

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Da gi mer op Lenkeschléi. Dat ass d'Madame Carri, dat sinn 0,01 Ar, do ass de Prix forfaitaire minimal 50.- € déi mer bezuelen. Och d'Integratioun an d'Voirie publique.

*3.5.7. Societéit «Lieber Racing Team S.à.r.l.», Terraine Rue de la Libération*

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Dann an der Rue de la Libération ass Lieber Racing Team S.à.r.l. hei vertrueden duerch den Här Roland Lieber. Dat sinn 0,20 Ar, dat sinn 140.- Euro. Och hei d'Integratioun an d'Voirie publique vum Trottoir.

*3.5.8. Bestuete Koppel Azem Beganovic a Suada Kolic, Terraine Rue de la Paix*

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Dann an der Rue de la Paix tëschent dem Här Beganovic an der Madame Kolic. Dat sinn 0,13 Ar, 91.- €. Och d'Integratioun an d'Voirie publique Nummer 30, rue de la Paix

*3.5.9. Bestuete Koppel François Roger Schenten a Marie Thérèse Heymans, Terraine Rue de la Paix*

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Da weider an der Rue de la Paix op 130, tëschent der Madame Heymans an dem Här Schenten. Dat sinn 0,01 Ar. Och do 50.- €, dat ass jo de Prix forfaitaire minimal dee mer bezuelen. Och d'Integratioun an d'Voirie publique.

*3.5.10. Här Adel Adrovic, Terraine Route de Zoufftgen*

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): An dann dee leschten Akt ass an der Route de Zoufftgen 133 – 133a. 0,38 Ar fir 266.- €. Och dat an d'Voirie publique.

Kënne mer déi en bloc ofstëmme wa keng Froen dozou sinn? Ass de Gemengerot domat averstanen? Wien ass domat averstanen? ***Dat ass dann unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.

**3.6. Reklassement vun Terrainsparzellen, Sektioun B vu Biereng, vum Domaine communal public an den Domaine communal privé en vue vun engem Tosch**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Da gi mer op den nächsten Akt iwwer. Do wäert ech op de Projet net nach eng Kéier agoen, mee dat huet mat deem Akt ze dinn, dee mer den 13. Mee 2022 hei haten tëschent dem Här Berchem an der Madame Szczepaniak, wou mer den Echange gemeet hunn tëschent den Terrainen. Et geet jo hei ëm de Bassin de rétention zu Biereng, deen ee jo muss méi grouss maachen am Kader vum Projet NeiSchmelz. Ech menge beim Akt u sech, do ass kee Problem. Wat just nach hei vläicht eng Kéier muss gemeet ginn a punkto Formalitéiten, dat ass, dass den Inneministère eis gesot huet, mir gi jo hei an den Domaine communal, dee public ass, also Domaine public communal, a mir mussen dat nach eng Kéier ëmwandelen an Domaine communal privé, an da kënne mer et réischt verkafen an och den Echange maachen. Dat heescht, dat ass am Fong eng Aart Prealabel, dofir huele mer deen hei vir, fir dass mer den Akt, wéi mer en och hei verabschit hunn, fir dass dat och ka korrekt sinn. Den Akt u sech ass net a Fro gestallt, et ass just, dass een dann d'Denominatioun muss ännere vum Domaine communal public an den Domaine communal privé, an da kann een den Akt och maachen. Et ass eng Formalitéit, déi een hei muss virhuelen.

Ass de Gemengerot mat deem Switch averstanen? Jo. ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.

**3.7. Nei Festleeung vun der Indemnitéit fir d'Generalisten an d'Pediateren déi Schouldoktere sinn**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): An da gi mer op den nächste Punkt iwwer. Dat ass d'Tarifikatioun, d'Indemnitéit, déi an der Médecine scolaire d'Generalisten an och d'Pediatere kréien. Do si mer hei saiséiert gi vum Santésministère fir do eng Rei Changementer virzehuelen. Et ass sou, dass mir unhand vun enger Decisioun nach vum November 1987 déi Indemnitéit ginn hu pro Kand. Do hutt Der och nach den Extrait am Gemengerot virleien. Dat war nach a Frangen, quitt dass mer dat an Euro an der Tëschenzäit ëmgewiesselt hunn, an do sinn elo nei Direktiven, déi de Santésministère hei am Land ëmsetzt, dass an Zukunft déi Interventiounen do pro Stonn solle bezuelt ginn. Dat ass e Präis vun 240.- € d'Stonn. An Dir gesitt, dass dat actuellement mat engem Tarif gemeet gëtt, deen net konventionéiert ass mat der CNS.

Déi Fraise sinn natierlech och am Gemengebudget dran. D'Gemeng hëlt déi en charge wat den Enseignement fondamental ugeet. Hei hu mer jo och matgedeelt kritt, dass deen Tarif horaire och schonn applizéiert gëtt op anere Plazen. Dofir wëlle mer dat och hei regulariséieren. Dir mierkt och, unhand vun den Dokumenter, dass d'MMD an och de Syvicol deem Ganzen de Feu vert ginn hunn, sou dass mat Effet rétroactif der Rentrée scolaire 2022-2023 hei déi nei Tarifikatioun och spillt. Dat hei betrëfft bal 1200 Schoulkanner, sou dass mer, andeems mer déi Decisioun sou hei huelen, och deenen Dokteren, déi an eiser Médecine scolaire intervenéieren, dass mer deenen dat och kënnen hei applizéieren. Retroaktiv, awer och nach mat der Prezisioun, dass d'Médecine dentaire scolaire vun dësen Dispositiounen net betraff ass. Dat zu den Ausféierunge wat dëse Volet ugeet. An Dir hutt jo och déi weider Informatiounen an Ärem Dossier virleien. D'Diskussioun ass op.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo Merci Här Buergermeeschter. Ech wéilt och nach eng Kéier drop hiweisen, mir si jo nach eng vun de wéinege Gemengen, déi nach e schoulmedezinesche Service als kommunale Service ubidden. Dat heescht, déi Fraise kommen op eis zou. Bei deenen anere Gemengen, do leeft dat iwwert d'Ligue, an dass à l'Acte bezuelt gëtt, dass d'Doktere bezuelt gi si pro Kand, wat se ënnersicht hunn, bis September 2022 war dat och an de Lycéeën an an deenen anere Gemenge sou. Dat ass lo keen neie Moment. Et ass e ganz nei Moment fir alleguerten d'Servicer vun der Médecine scolaire, an ech denken d'Iwwerleeung war eeben och déi, wéi soll ech soen… Et ass net ugeduecht, dass d'Schoulmedezin soll sinn: Weien – Moossen - Mond op - Fäerdeg. Neen, et soll och sinn, datt ee sech e bëssen ëm déi Kanner këmmert an och wa Froe kommen.

An dofir ass dat heiten elo anescht gemaach ginn, dass dat net pro Kand ofgerechent gëtt, mee dass ee sech Zäit kann huele fir déi Schüler. Well grad an de Lycéeën ass et oft sou, dass een an e flott Gespréich kënnt mat de Kanner, wou och hir Suergen an hir Ängschten oder och emol Problemer, familiär Problemer kënnen diskutéiert ginn. An dann ass een net ënner Drock, da kann een dat seriö maachen. Et ass am Fong déi selwecht Politik, wéi ee gären hätt dass och d'Generalisten hir Tariffer och e bësse gehéicht gi fir eeben och deene Saache Rechnung ze droen. Well et ass jo wichteg: Mens sana in corpore sano. Et geet och ëm d'Gemitt an d'Wuelbefannen, dOsoziaalt Wuelbefannen an dat psychologescht Wuelbefanne vun de Kanner. An dofir ass dat heiten elo och eppes, wou vum Ministère de la Santé deem och elo Rechnung gedroe gëtt. Dat wollt ech just soen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci Madame Kayser. Ech kann deem nëmmen zoustëmmen. Et soll jo ëm d'Qualitéit goen an net ëm d'Quantitéit vun den Akten. Weider Stellungnamen?

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Ech hunn nach just eng kleng Zousazfro well Der elo grad d'Zänndokteren ernimmt hutt. Gëtt et elo e Grond, firwat déi do lo net mat dra sinn oder u wat läit dat?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Dat gesäit een unhand vum Courrier. Do ass eng aner Tarifikatioun déi spillt. An déi intervenéiere jo net an där selwechter Frequenz wéi d'Pediateren, respektiv d'Generalisten. Ass de Gemengerot mat der neier Tarifikatioun averstanen, retroaktiv? ***Dat ass dann unanime.*** Da soe mer Iech villmools Merci dofir.

**3.8. Approbatioun vum 2. Avenant zur Konventioun «Logis Hôtel-Restaurant Cottage» fir eng provisoresch Mise à disposition vun enger Struktur fir déi provisoresch Ënnerbréngung vun Demandeurs de protection temporaire tëschent dem ONA, dem Hôtel Cottage an der Stad Diddeleng**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Da gi mer riwwer op d'Konventioun déi d'Stad Diddeleng mam ONA huet. Et ass en Avenant, dee mer hunn. Hei geet et ëm eis ukrainesch Demandeurs de protection internationale, déi mer hei zu Diddeleng hunn. Do sinn der jo eng Rei, déi och am Cottage sinn, a wou och en Avenant gemeet gëtt, wou d'Unzuel vun de Better an d'Luucht geet. Virdru war en et jo 14 Better a lo geet et progressiv vun 28 op 42 Better erop. Dat heescht, et sinn 21 Zëmmeren, déi an dëser Konventioun festgehale ginn.

Dat heite reit sech an an déi Efforten, déi mer als Stad Diddeleng maachen och par rapport zu der internationaler Solidaritéit. Net méi spéit wéi gëschter hu mer jo och dee Pompjeeswon der Asbl Lukraine gespent, deen dann ufanks Mäerz wäert an d'Ukraine goen. An dat heiten, mat dësem Avenant, dat changéiert lo direkt näischt un der finanzieller Situatioun vun der Stad Diddeleng. Mir huelen hei bei dësem zweeten Avenant, och wann deen an d'Luucht geet vun 21 Unitéiten op 42 Unitéiten, also Better, bezuele mir weider d'Mëttegiessen an den ONA de Rescht. Mee de Rescht vun der Konventioun ass hei net ausser Kraaft gesat.

Da wëll ech awer net verheemlechen, dass mer am nächste Gemengerot eng nächst Konventioun wäerte presentéieren, wou eng Rei Changementer wäerte kommen och am Kader vun eisem Budget. Mir hate jo eng Enveloppe budgétaire virgesi vun 150.000.- €, dass mer och do nach weider déi Solidaritéit spille loosse vis-à-vis vum Ministère, respektiv och vun den ukrainesche Flüchtlingen. Dat e bëssen zu der Situatioun, wéi et de Moment ass. A vläicht awer och fir Iech ze soen, wéi d'Situatioun generell hei zu Diddeleng ass, well dat mengen ech eng Informatioun ass, déi net oninteressant ass. Mir hunn am ganzen 104 Ukrainerinnen an Ukrainer, déi am Statut vun der Protection temporaire hei um Diddelenger Territoire de Moment sinn. Dovunner eng Rei am Cottage, eng Rei a Gemengegebaier an eng Rei awer och privat logéiert. Dat waren d'Ausféierungen déi ech hei wollt ginn, wat dësen zweeten Avenant ugeet. D'Diskussioun ass op.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo Merci Här Buergermeeschter. Och nach eng Kéier e Merci dem Cottage dass si dat maachen. An ech huelen un, si huelen och hiert Engagement, wat se haten, dass si och eng Kummer bezuelen an och Iesse fir zwee Leit gratis zu Verfügung stellen, dat och anhalen. Ech hunn eng kon-

kret Fro: Wéi ass et mam Turnover vun de Residenten? Wéi komme mer dozou, dass déi Leit aus deem Hotel vläicht och anerwäerts logéiert ginn? Wësst Dir do eppes? Erstaunlech ass jo, dass Dir lo sot, am September hate mer 35 Ukrainer, lo sinn et der 104. Dat ass schonn eng impressionant Hausse. Meng Fro och: Wouhier kënnt elo déi Hausse? Sinn nach ëmmer Fluxen aus der Ukrain oder sinn dat hei vläicht och Leit, dat huet ee jo och schonn an de Medie gesinn, déi vläicht am Ufank bei enger Gaaschtfamill ënnerbruecht waren oder mat enger Gaaschtfamill zesumme gewunnt hunn, wou awer en Zesummeliewen net ugeduecht war fir méi wéi e Joer. Well mir si jo lo an enger Situatioun, wou mer schonn iwwert e Joer hei an enger Krichssituatioun sinn, wou Russland d'Ukrain ugegraff huet. Ass dat vläicht och doduercher, dass déi Leit dann awer aner Méiglechkeete siche fir logéiert ze ginn?

Dann, wéi gesot, ech hunn nom Turnover gefrot. Ass et iergendwéi ugeduecht dass een déi Leit anerwäerts weider vermëttelt? Wéi ass et z.B. mat deene Leit, déi hei ugemellt sinn? Wa mer elo soen, et sinn 104 Ukrainer, déi hei zu Lëtzebuerg sinn, déi och bei eis am Listing fir eng Wunneng bei eisem Service Logement oder sou ze kréien? Vläicht ass dat interessant, do och emol e bësse méi Detailer ze kréien. Wéi gesot, mir maachen e klenge Geste fir eis Solidaritéit mat der Ukrain ze ënnersträichen. Gëschter mam Pompjeesauto hu mer och e Geste gemaach. An ech mengen Diddeleng huet ëmmer en offent Ouer an och eng offen Hand fir Leit an Nout an eis Struktur fir Demandeurs d'asyle an der Wuermerengerstrooss ass jo och sou e gutt Beispill. Mir heeschen déi Leit hei wëllkommen, mir bidden eis Gaaschtfrëndschaft un, mir hoffen dass d'Leit trotz deem groussen Deuil, dee se awer ëmmer nach hunn, sech awer iergendwéi wëllkomm spiere bei eis. Et däerf een dat net sou banaliséieren.

De Krich ass nach ëmmer do. Deene Leit geet et nach ëmmer schlecht, déi verlaangeren no hirer Heemecht. D'Kanner sinn net gutt drun, déi hunn och Bauchwéi, Kappwéi, well se nom Papp verlaangeren, deen am Krich ass, wou se net wëssen, ob deen nach do ass oder net. Si gesinn dass hir Mamm traureg ass. Dat ass alles guer net sou einfach. An dat heiten ass dat, wat mir kënne maachen als Gemeng a mir kënnen hinnen hir Heemecht, hiert Doheem net ersetzen, mee mir kënnen awer dozou bäidroen dass se vläicht awer am Alldag eng gewëssen Normalitéit fannen an eng Prise en charge sociale, bezéiungsweis en Encadrement, dat mécht jo den ONA, mee ech mengen et ass einfach e wichtege Message, dass mer de Leit aus der Ukrain deen och ginn, dass se wëllkomm hei zu Diddeleng sinn. Merci.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Merci fir d'Wuert. Ech ka mech nëmmen uschléissen un dat, wat d'Madame Kayser gesot huet. Ech mengen eis Gemeng hëlt hir Verantwortung, an dat ass och nëmme richteg, dass mer lo do nach bäisetzen an och weider ënnerstëtzen.
Ech hätt da just eng Fro zu deenen 104 Leit, vläicht en Detail wann dat méiglech ass, wéi vill der dovunner a Gemengewunnenge sinn. Am Cottage, déi kënne mer jo da selwer zesummenzielen. Et ass wierklech immens wichteg, dass mer do hëllefen an et ass schued, dass déi Leit mussen hir Heemecht verloossen. Et muss een awer och soen, et gesäit net no engem Enn aus, wa weider massiv Waffen, Panzeren an anert Material an d'Ukrain geliwwert ginn an iwwerhaapt net vu Verhandlunge geschwat gëtt. Mee et ass richteg, dass mir all eis Verantwortung mussen iwwerhuelen an déi Leit ophuelen an dat Bescht draus maachen. Merci.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Bon, dat meescht ass gesot ginn. Ech wollt just nach eng Kéier déi international Solidaritéit, déi hei zu Diddeleng keng eidel Wierder waren an och sinn, nach eng Kéier ervirhiewen. Wéi d'lescht Joer, de 24. Februar de Krich ugaangen ass, huet de Schäfferot ganz schnell Hëllefsmesüre proposéiert, déi mer schonn 3 Woche méi spéit, den 18. Mäerz 2022, hei am Conseil gestëmmt hunn, dorënner och déi Enveloppe vu 500.000.- €. 10 Zëmmeren am Cottage an 8 Logementer am Besëtz vun der Gemeng si reservéiert gi fir déi ukrainesch Flüchtlingen opzehuelen. Bis zum 1. August 2022, dem Moment, wou et zu der Konventioun tëschent ONA, der Gesellschaft BDPX, Gestionnaire vum Hôtel-Restaurant Cottage an der Gemeng koum, hu mir als Gemeng sämtlech Fraisen, den Hebergement, 3 Moolzechten, bezuelt. Dës Konventioun ass ugangs iwwer 14 Duebelzëmmer gaangen, wou d'Gemeng vun do un nach just d'Mëttegiesse bezilt. Schliisslech gouf am zweeten Avenant festgehalen, den éischten Avenant huet d'Gemeng net betraff, dass et noutwenneg wär, nach 7 Duebelzëmmer oder 14 Better an domat d'Maximalkapazitéit u Better vum Cottage, fir déi ukrainesch Flüchtlingen eropzesetzen. Dat sinn also am Ganzen deemno 42 Better oder 21 Duebelzëmmer an den Openthaltsraum. Mir stëmme selbstverständlech dësen zweeten Avenant zur Konventioun tëschent ONA, Cottage a Gemeng a felicitéieren de Schäfferot fir déi vill aner Initiativen, déi am Interessi vun de Flüchtlingen, respektiv vun de Leit, déi an der Ukrain liewen, zum Beispill d'Ënnerstëtzung vun deene ville Kollekten, déi organiséiert goufen am Laf vun 2022, déi logistesch a materiell ënnerstëtzt gi sinn a net méi spéit wéi gëschter der Lukraine Asbl d'Schlëssele vum Pompjeesleederwon ze iwwerreechen. Ech soen Iech Merci.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Mir ënnerstëtzen dat natierlech och a mir hunn eis och gefrot, sinn da vläicht och Ukrainer, déi och eng Aarbecht fonnt hunn? Well dat dauert jo lo schonn immens laang, an et wier jo wierklech och gutt, wann iwwert dee Wee deen een oder aneren och kéint eng Aarbechtsplaz fannen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci. Nach weider Stellungnamen? Neen. Da soen ech Iech op alle Fall Merci fir déi breet Zoustëmmung. Ech wéilt dat opgräife wat d'Madame Kayser an den Här Zuang gesot hunn. Hei zu Diddeleng ass Solidaritéit, da wann et drop ukënnt, keen eidelt Wuert. Mir setzen dat ëmmer ganz konkret ëm fir deene Leit ze hëllefen, déi an enger Situatioun vun Détresse sinn. An ech mengen dass dat och ganz wichteg ass. An do ginn et verschidde Moyenen, dat ze maachen. A wou de Krich ausgebrach ass hate mer jo nieft de ganze Wunnengen, d'Prise en charge och Subsiden, déi mer un d'Associatioune maachen. Wéi gesot, gëschter de Pompjeescamion, respektiv d'Kollekt. Ech menge mir probéieren ëmmer

als Stad Diddeleng, do wou mer kënnen awierken, dat deementspriechend ze maachen.

Par rapport zu der Fro zum Turnover. Natierlech sinn eng Rei Leit, déi vun Ufank un wou se heihinner komm sinn am Cottage. Anerer sinn och schonn eraus. Wéi d'Struktur zougemeet gouf um Kierchbierg, dat hutt Der jo och all matkritt, dat war jo och an de Medien, do sinn eng Rei op Diddeleng komm, dofir ass och eis Kapazitéit an d'Luucht gesat ginn als Konsequenz. Also do ass e gewëssenen Turnus vun deenen. Vun där Fro, ob verschiddener eng Aarbecht fonnt hunn? Jo, ech weess, et sinn der eng Rei, déi eng Aarbecht fonnt hunn, awer net alleguer. De Virdeel ass jo, dass duerch d'Decisioun, déi um europäesche Plang geholl gouf, se och direkt de Statut kritt hunn. Wat hinnen erméiglecht, direkt op den Aarbechtsmarché zréck ze kommen. Lo kann ech awer net vun deenen 104 Persounen, déi hei zu Diddeleng si soen, wéi all eenzele Statut ass. Déi Informatioun hu mer definitiv net. Mee wat virun allem hei wichteg ass par Rapport zum Cottage. Ech sinn net drop agaangen, mee och si huelen nach ëmmer en Zëmmer en charge. Mee am Kader vun dësem Avenant ass dat jo net a Fro gestalt.

D'Croix Rouge ass jo och sur place, déi eng ganz Rei Sproochecoursen ubitt. An déi Logementer, déi mer och als Gemeng zur Verfügung gestallt hunn, sief dat elo zu Tattebierg, sief dat elo am Quartier Italien, sief dat awer och elo an der Rue du Commerce, wou mer Enn dës Joers d'Gebai ageweit hunn, dass do all Kéiers och de Lien besteet mat der Croix Rouge fir och déi Prise en charge ze maachen. Déi sozial Prise en charge an och déi psychologesch Prise en charge. An och dee ganze Volet, deen och am Cottage assuréiert gëtt. Ech mengen dass dat ganz ganz wichteg ass. Et geet net ëmmer duer, eng Security do ze hunn, ech mengen dass dat en Aspekt ass, deen net ze vernoléissegen ass. Ech sin elo op verschidden Punkten agaangen. Natierlech kënnen och déi Leit, well d'Madame Kayser déi Fro gestallt huet, op d'Liste d'attente komme vum Service Logement. Do kënne se sech aschreiwen, mee déi ass jo och net kleng.

Dëst gesot, géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass mat dësem zweeten Avenant averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech lech och do villmools Merci.

**3.9. Approbatioun vun der spezifescher Konventioun tëschent der Uni Lëtzebuerg / Luxembourg Centre for Contemporary and Digital History an der Stad Diddeleng am Kader vun der Relation de partenariat**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Da gi mer op den nächste Punkt iwwer. Dat ass en neie Moment. Och a punkto Zesummenaarbecht mat der Uni Lëtzebuerg. Ech mengen Dir wësst, dass mer an deene leschte Joren eng Rei Initiativen haten, wou mer mat der Uni Lëtzebuerg zesummegeschafft hunn. Dass mer och do eng Convention-cadre haten. Déi war 2018. An deem Kontext verflichte mer eis, der Uni e gewëssene Montant zur Verfügung ze stellen, respektiv dann 20.000.- € an dëser Convention-cadre fir Projeten oder Recherche-Projeten. An dat ass hei de Fall. Mir hunn hei d'Konventioun virleien, déi den 23. Januar 2023 ënnerschriwwe gouf mat der Uni Lëtzebuerg, virun allem mam Luxembourg Centre for Contemporary and Digital History, dat ass den C2DH, dat ass am Fong Zäitgenëssesch Geschicht, dat ass e Centre de Recherche vun der Uni Lëtzebuerg. Dat Ganzt schreift sech jo an an déi verstäerkten Zesummenaarbecht, déi mer mat hinnen hunn.

Iwwert dës Konventioun eraus och de Centre Doc ass hei an deem Projet mat dran um Niveau vun der Dokumentatioun, déi e kann zur Verfügung stellen, well et hei an dëser Konventioun drëms geet, fir d'Gemengenarchiven, fir déi kënnen ze studéieren, fir d'Déclaration d'arrivée vun 1898 bis 1940. Fir d'Anträg vun den Identitéitskaarte vun 1936 bis 1939 a fir och de Registre d'arrivées et de départs vun de Lëtzebuerger a virun allem och vun den Auslänner, dat heescht d'Fichiers de population déi studéiert ginn, wou mer der Uni Lëtzebuerg Zougrëff ginn an och d'Deliberatiounen hei aus dem Gemengerot, respektiv d'Frontalieren, déi och hei waren, fir hinnen d'Méiglechkeet ze ginn, dat ze studéieren. Dës Konventioun geet iwwer 3 Joer, wou mer all Kéier 20.000.- € zur Verfügung stellen. Mir hate jo och de Projet Lusitalia am Kader vun 2022, déi flott Ausstellung am Quartier Italien gouf iwwert déi selwecht ofgewéckelt. An hei geet et da wierklech drëm, d'Migratioun ze studéieren. D'Migratioun, wat jo e ganz wichtegen Aspekt ass hei zu Lëtzebuerg, wat jo zu eiser DNA gehéiert an och hei zu Diddeleng. Et ass jo net vun ongeféier dass 1995 am Quartier Italien de Centre Doc entstanen ass. Dass do als Dokumentatiounszenter ganz vill Recherchen, Konferenzen, respektiv international Colloquë stattfanne ronderëm Migratioun. Dass mer och eng spezialiséiert Bibliothéik hu ronderëm Migratioun, dat huet de Centre Doc. 2007 hate mer jo d'Ausstellung Retour de Babel. 2022, am Kader vun der Kulturhaaptstad, Re-Retour de Babel. Also mengen ech, déi Phenomener ronderëm d'Migratioun, déi ginn hei zu Diddeleng säit gutt 28 Joer wierklech dokumentéiert, archivéiert an et gëtt och driwwer gefuerscht.

Dat ass en Thema par excellence, deen d'Stad Diddeleng besetzt an ech mengen dat ass och dës Etüd, déi d'Uni Lëtzebuerg mécht. A wann ee kuckt, et gëtt jo och e Comité scientifique, agesat vu 4 Professeren, Chercheuren an der Migratiounsfuerschung, déi awer Korypheeë sinn an deem dote Beräich, ronderëm deen dote Projet. Déi och dee Chercheur begleeden, deen déi Aarbechten hei mécht wärend 3 Joren. Ech mengen dass dat och absolut eng Plus-value ass fir d'Migratiounsfuerschung hei zu Lëtzebuerg awer och fir d'Stad Diddeleng. An ech kann och soen, dass mer am Kader vu Gespréicher, déi mer och hate ronderëm dës Konventioun, och wann déi Etüd bis eriwwer ass, d'Uni natierlech och bereet ass, an hiren Demarchen, an hirer Publikatioun, dass een dann och hei zu Diddeleng géif eng Aart Konferenz organiséieren, wou een och dann déi Publikatioun, respektiv déi Recherchen, déi gemeet goufen, dass een doriwwer och Debat kann hunn, respektiv am Kader vun engem Colloque se kann deementspriechend abréngen. Ech mengen dass dat heite wierklech eppes ganz Flottes ass mat der Uni Lëtzebuerg zesummen, mat där mer jo generell eng ganz flott Erfarung hunn.
Dëst e bëssen zu den Ausféierungen, wat dës Konventi-

oun ugeet. Dëst Joer geet et virun allem drëm, d'Sourcen ze numeriséieren. Dann d'nächst Joer eng Selektioun ze maache vun de Sourcen. An dann 2024 bis 2025 och déi néideg Analysen an Interpretatioune vun deenen Donnéeën ze kucken. Dëst zu der Konventioun, déi mer hu mat der Uni Lëtzebuerg an d'Diskussioun ass op.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Ech wollt nach just eng Remark bäifügen, well ech och ganz begeeschtert si vun deem Projet. A wéi de Buergermeeschter elo grad gesot huet, Migratioun studéieren, Migratioun, dat ass eis DNA a mir maache jo do scho säit Joerzéngten duerch eise Centre Doc do eng enorm flott Recherche-Aarbecht. An hei geet et jo drëms, deen interdisziplinären Usatz do nach eng Kéier ze verstäerken an dass och nei Methoden an der Geschichtsfuerschung an den Asaz kommen. Ech hunn do zwee flott Zitater fonnt gehat. Eng Kéier sot de Willy Brandt: "Gerade wer das Bewahrenswerte bewahren will muss verändern, was der Erneuerung bedarf." Also ech mengen dat ass och och eppes wat fir d'Geschichtsfuerschung stëmmt.

An obwuel d'Gemengeféierung jo éischter zukunftsorientéiert ass, ass et awer wichteg, och no hannen ze kucken. An dat ass mengen ech och der Populatioun, den Diddelenger wichteg, eeben déi Geschichtsfuerschung a jo bal eeben hire Stammbam ze kucken, wou een hierkënnt a wat alles Diddeleng beaflosst huet a geschafen a geformt huet. Ech mengen dat ass immens wichteg. An de William Stern huet och nach eng Kéier gesot: „Rückwärts blicken, vorwärts schaffen, abwärts graben, aufwärts bauen." Dat war seng Definitioun vu Geschichtsfuerschung. An dowéinst ënnerstëtze mer dëse flotten a wichtege Projet mat der Zesummenaarbecht vun der Uni Lëtzebuerg. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci och fir déi doten Zoustëmmung. Da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass géint dës Konventioun? Wien enthält sech? Wien ass dofir? ***Dat ass unanime.*** Da soech ech lech villmools Merci.

**3.10. Approbatioun vum Devis estimatif fir d'Installatioun vun engem System fir den energetesche Monitoring an der Schoul Gaffelt.**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Gutt, da géife mer lo op d'Devisen iwwergoen. Eng Rei Devis estimatifs, déi mer hei presentéieren. Den éischten Devis ass an der Schoul Gaffelt. Do gëtt e Monitoring énergétique installéiert, wa mer do och elo d'Fassade thermique installéiere fir kënne besser ze retracéieren, wat generell d'Consommatioun am Gebai ugeet a fir och deementspriechend déi néideg Interventioune kënne virzehuelen. Dat ass en Devis vun 28.000.- € an och fir an de System Enercoach kënnen anzespeisen.

**3.11. Approbatioun vum Devis estimatif fir d'Installatioun vun engem System fir den energetesche Monitoring an der Schoul Strutzbierg A, B an D**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Dann hu mer dat selwecht um Strutzbierg A, B an D. Och e Système de monitoring énergétique an der Héicht vu 25.000.- €. Ech mengen do ass och dee selwechte Prinzip. Dat gëtt eis d'Méiglechkeet, fir dat och méi no ze suivéieren.

**3.13. Approbatioun vum Devis estimatif fir de Remplacement vun der Centrale de déctection incendie am Gemengenatelier, Gebai G an L**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Da géif ech weidergoen op de Bâtiment G an L. Déi aner Sportsinfrastrukturen, dat mécht hei de Loris. Centrale de détection incendie bei den Ateliers communaux, Bâtiments G an L. Déi sinn net méi konform, dofir hu mer hei en Devis vu 16.000.- €.

**3.14. Approbatioun vum Devis estimatif fir de Remplacement vun der Détection incendie an dem Eclairage de secours an der regionaler ëffentlecher Bibliothéik**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Dann den Detection incendie an den Eclairage de secours an der regionaler Bibliothéik. 31.000.- Euro fir deen erëm up-to-date ze setzen.

**3.15. Approbatioun vum Devis estimatif fir d'Installations de sécurité détection incendie et de désenfumage am Centre Hild**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Den Détection incendie an de désenfumage am Centre Hild. Dat waren d'Devise vu menger Säit aus an da géif de Loris der een, zwee huelen, wat d'Sportsinfrastrukturen ugeet.

**3.12. Approbatioun vum Devis estimatif fir de Remplacement vun der Chaudière, fir de Waarmwaasserballon, d'Detection gaz an de Panneaux de douche am Stade Amadeo Barozzi**

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Merci Här Buergermeeschter. A wéi och schonn an eisem Budgetsdokument ugekënnegt, hei ass d'Remplacement vun der Chaudière centrale am Stade Barozzi an och d'Installatioun vun den Duschen. Do muss investéiert ginn an dofir hu mir hei en Devis vun eise Servicer virleien, deen iwwer 110.000.- € geet.

**3.16. Approbatioun vum Devis estimatif fir de Remplacement vum syntheteschen Tapis am Stade Amadeo Barozzi**

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): An dann och e weidere Punkt aus eisem Budget. De syntheteschen Terrain, den Tapis, dee muss ersat ginn am Stade Barozzi. An dofir hu mer hei lo en Devis virleie vun iwwer 500.000.- €.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Froen dozou?
SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Jo Merci fir d'Wuert. Mir hätten effektiv e puer Froen beim Punkt 3.10. an 3.11. Et war gutt, datt Dir dat och kopéiert hutt. Enercoach, dat ass natierlech ganz interessant, datt

mer kënnen iwwert e Monitoring déi Saachen direkt do aspeisen. Par konter konnte mer net rausfannen, ëm wat et sech handelt. Schwätze mer vun engem Monitoriong vum Heizsystem, vum Waarmwaassersystem, vun der Beliichtung oder vun der Beléftung? Ech huelen un datt de ganze Monitoring d'Zil huet, dat Ganzt ze optimiséieren, am Sënn hoffentlech fir eisen Energieverbrauch erofzesetzen. Mee wéi gesot, dat konnte mer leider mat der Offer net rausfannen, well an der Offer stoung just de Präis a mir hunn eis wierklech schwéier gedoe fir do méi Detailer erauszeliesen. Da gesi mer och en Ënnerscheed, bei deem enge si mer bei 28.000.- € bei deem anere bei 25.000.- €. Dat sinn 3.000.- € Ënnerscheed, do kann ee soen, datt et net pertinent ass. Mee wéi gesot, do steet just „Offer" a soss näischt.

Beim Punkt 3.12. „Remplacement de la chaudière". Natierlech hu mer eis do direkt déi Fro gestalt, firwat, wa mer sou eppes austauschen, mer beim Gas verbleiwen? Hu mer do vläicht eng kleng Etüd gemaach fir aner Méiglechkeeten, natierlech erneierbar Energien, sief et Wärmepompelen oder Pellets oder egal wat, mee vläicht eppes aneres wéi Gas? Quitt datt mer eis awer fir de Gas entscheet hunn, firwat hu mer net u weider Installatioune geduecht wéi Solarthermie, déi dofir suergen, d'waarmt Waasser opzehëtzen, sou kënne mer awer manner Gas verbrauchen. Photovoltaik hunn ech och net rausfonnt, datt dat dropsteet. A bei deenen 3 Offeren handelt et sech ëm dee selwechten Entrepreneur. Wéi hu mer deen erausgesicht? Hu mer méi oft mat deem geschwat? Oder war et e Marché public? Voilà. Dat wieren eis Froen. Merci.

JEAN-PAUL FRIEDRICH (CSV): Eng kleng Remark zum Barozzi. Dat si 500.000.- €, dat ass net näischt. Mee do spille jo haaptsächlech d'Jugendlecher, d'Jugendekippen do. An et ass ganz wichteg, dass déi op enger Infrastruktur spillen, déi wierklech an der Rei ass. Well et ass immens wichteg, dass se bei egal wéi enge Wiederkonditioune kënnen dann do spillen. Lo ass jo eeben d'Fro: Et ass jo am Prinzip sou, dass d'Durée vu sou engem Terrain 10 – 15 Joer ass. Ass dat nach ëmmer sou? Et hänkt och nach e bëssen dovun of, wéi en ënnerhale gëtt. An zu Beetebuerg, si maachen och elo den Terrain frësch. Do ass och elo geschwat gi vu 15 Joer. Ass dat och bei dësem Terrain ongeféier de Fall? A mir ënnerstëtzen natierlech dat. Well alles wat et am Jugendberäich méi einfach mécht fir d'Kanner ze spille gëtt vun eiser Säit natierlech ënnerstëtzt. Et ass eebe just déi Fro, bei engem Budget wéi dat do: Ass dat nach ëmmer bei 10 bis 15 Joer? An natierlech gëtt dat weider ënnerstëtzt. Merci.

CLAUDE MARTINI (CSV): Just nach e klengt Wuert dozou. Ech hunn nach tatsächlech zu deene gehéiert, déi op der Alliance gespillt haten, deemools wou d'Schmelz nach do war. Deen Terrain, dee war am Fong ni an der Rei. Et war ganz schwiereg drop ze spillen an ze trainéieren. A mir haten oft Bulli, a mir si mat de Schong am Bulli hänke bliwwen. An an der Zäit hu mir als Spiller ëmmer gefrot, dass do sollt e syntheteschen Terrain hikommen. Dat si lo schonn eng ganz Rei Joren hir, lo gëtt e schonn nees erneiert. An ech mécht awer trotzdeem Freed ze gesinn dass sou Iddie wou's de als Kand schonn has, dass déi da Realitéit ginn an dass de déi dann tatsächlech am Gemengerot kanns matstëmmen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci. Weider Stellungnamen. Dat schéngt net de Fall ze sinn. Da géif ech emol op déi Punkten agoen, wou ech d'Devise virgelies hunn. Ech war vläicht virdrun net drop agaangen, hat dat vläicht vergiess. Ech mengen déi Installatioun, déi mer maache fir de Monitoring, dat ass souwuel Gas, Elektresch a Waasser bei deenen zwee 3.10. an och 3.11. Wat lo déi Differenz ass vun 3.000.- €, dat kann ech lech net soen. Ech kann dat gäre bei eise Servicer nofroen, firwat do eng Differenz ass vun 3.000.- € bei deenen Devisen. Mee prinzipiell ass et fir eng besser Lecture kënnen ze maache vu Gas, Elektresch a Waasser.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Da géing ech déi Froen agoen, déi de Barozzi zweemol concernéieren. Wat Anlag ubelaangt, do ass et jo sou, dass déi doten Infrastruktur scho Bestand hat an och dass de ganzen Tuyautage fir sou e Gebai, mat där Notzung, wou mir hunn et am gënschtegsten ass fir lo do mam Gas weiderzeschaffen. Soss hätt een do misse ganz aner Aarbechte virhuelen. Déi sinn natierlech consideréiert ginn, mee et muss ee jo och e bësse kucken, Relatioun Invest zum Retour herno. Deementspriechend hunn eis Servicer gemengt, dass et besser wär, weiderhin hei mat Gas ze schaffen an deem dote konkrete Fall. Den Terrain. Jo effektiv, et ass eng Saach vu Sécherheet.

Den Här Friedrich huet et ugedeit, wann déi Tapise sech ufänken ze léisen, da kann ee mol dran hänke bleiwen an da kann ee sech richteg gutt wéi doen, bezéiungsweis kann een och rutschen. Dat doten ass elo nach méi en eelere Modell well deen effektiv schonn e puer Joer um Bockel huet an deen neien, dee mer lo kréien, wéi laang hält en? Dat hänkt och e bëssen dovun of, wéi vill Kanner driwwerlafen. Mir hunn der e puer méi ageschriwwe wéi zu Beetebuerg, dofir ass d'Liewenserwaardung vum Tapis net nëmmen ofhängeg vum gudden Entretien, mee virun allem och vun der Notzung. Dir wësst et, dass de Sportsministère am Fong geholl just all 10 Joer hei Subside gëtt. A mir probéieren dann och ëmmer erëm, dass mer mindestens déi 10 Joer mat deene jeeweilegen Tapisen, wéi an deem heite Fall, kënnen duerhalen, well mer jo och wëlle vun deene Subside profitéieren. Mee et hänkt net nëmme vum Ënnerhalt of, mee och vun der Notzung. Mee mir hoffen, dass mir et déi nächsten 10 Joer da mat deem doten Tapis nach packen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci. Da si mer op dee Punkt agaangen. Kënne mer déi Devisen en bloc ofstëmmen? Oder wëllt Dir déi separat? Separat. OK, gutt. Da géife mer ufänke mam Devis ronderëm d'Gaffelter Schoul. Wien ass mat deem Devis averstanen? ***Dat ass unanime.***

Dann Devis Strutzbierg A, B an D. Wien ass mat deem Devis averstanen? ***Och dat ass dann unanime.***

Dann d'Chaudière, Détection gaz am Barozzi. ***Wien ass mat deem Devis averstanen? Dat ass dann LSAP, CSV, déi Lénk an den onofhängege Member. Wie enthält sech? Dat sinn dann Déi Gréng.***

Dann an de Gemengenatelieren d'Détection incendie, Bâtiment G an L. Wien ass mat deem Devis averstanen? ***Dat ass unanime.***

Dann an der Regionalbibliothéik. Wien ass mat deem Devis averstanen? ***Dat ass och unanime.***

An dann den Désenfumage am Centre Hild. Wien ass mat deem averstanen? ***Och dat ass unanime.***

An dann de syntheteschen Terrain am Barozzi. Wien ass mat deem Devis averstanen? ***Och dat ass unanime.*** Villmools Merci.

**3.17. Autorisatioun fir en Emprunt vu 15'000'000,- € ze zéien**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Da géif ech proposéieren, dass mer op den nächste Punkt iwwerginn, wou mer de Gemengerot dann hei froen, en Emprunt ze zéie vun 15.000.000- €. Dir wësst, dass mer am Kader vum Budget 40 Millioune virgesinn hu fir eis Travaux extraordinaires, Infrastrukturprojeten. Am Kader vum Budget hate mer jo gesot, dass do eng ganz Rei am Gaange sinn, wou dann och reegelméisseg vun den Entrepreneuren an den Entreprisen d'Facturen erakommen. Virun allem geet dat ëm déck Brocken. Dat sinn engersäits d'Gemengenatelieren. Dat ass de Centre sportif scolaire hei um Strutzbierg an dat ass och d'Mise en conformité vun der Briller Schoul. Also dräi déck Brocken. An dofir wär lo hei d'Demande un de Gemengerot par rapport zu engem Emprunt vu 15 Milliounen, fir deen ze zéien. Taux d'intérêt variable. Dat war jo déi Demande virdru vun der Madame Kayser beim PPF. En Taux fixe ass hei schwiereg applikabel. Den Taux variable Euribor gëtt iwwerall applizéiert, och bei Emprunten. Dat ass gängeg Praxis. Do si mer an där selwechter Situatioun wéi Gemengen an och de Staat. Taux Euribor 6 Méint, 3 oder 6 Méint, do musse mer kucken, wat mer vun Offeren erakréien. Dat variéiert tëschent 2,5% an 3% - fir de Moment. Also à ce stade. An dat fir en Durée vun 20 Joer. Et ass mol dat, wat mir hei proposéieren. Wa mer hei den Aval kréien, da schreiwe mer d'Banken un, an da musse mer kucken, wien äntwert a wéi eng Offer mer dann och vun de jeeweilege Banke kréien.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo Merci Här Buergermeeschter. Vu dass mer déi Projete matgestëmmt hu stëmme mer och den Emprunt natierlech mat. Ech wollt nach eng Kéier just en Zitat bréngen, wat ech awer och net schlecht fannen, dat hat ech virdru vergiess: „Il faut faire des économies, mais il faut aussi faire tourner l'économie. Il faut réduire les dépenses, apprendre à être économe, réfléchir avant d'investir, se gratter la tête avant de consommer." Ech mengen dat ass eppes, wat eis och kann déi nächst Méint a Jore kann e bësse begleeden. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci. Soss nach weider Stellungnamen?

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Ech kann dat just widderhuele wat d'Madame Kayser och elo gesot huet. Mir hunn déi Projete matgestëmmt, also wäerte mer och den Accord gi fir den Emprunt.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass mat dësem Emprunt averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech lech villmools Merci. A soubal mer dann den Emprunt gemeet hu géif ech lech dann och informéiere bei wéi enger Bank. Dat ass elo d'Exekutioun vum Schäfferot. Da wäert an engem nächsten oder iwwernächste Gemengerot, deemno wéi schnell et geet, gesot gi wéi d'Situatioun ass.

**3.18. Approbatioun vun engem Dekont**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Da géife mer op d'Dekonten iwwergoen. Een eenzegen. Dat ass den Dekont vum Floater. Den Devis, dee mer hei am Gemengerot approuvéiert hu war 1.310.000.- €, d'Depense war 1.307.032,75.- €. Ech mengen Dir hutt och den Detail virleien. A wat jo gutt ass bei dësem Dekont, wa mer dee lo hei stëmmen, wa mer deen aschécken, da kréie mer och Subsiden ausbezuelt. Wann een d'Subsidë kuckt vum Tourismusministère, dat ass jo 50%, dat si 655.000.- €, vum Environnement 10.848.- €, dat heescht dann e Subsid vu 665.848.- €, wat am Fong 51% ausmécht vun der Gesamtdepense. Dat zu dësem Dekont.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Ech wollt just eng kleng Remark maachen. Et ass jo schéin, dass mer Subsid kréien. Ech si just erstaunt, vum Environnement kréie mer nëmmen 10.800.- € an dat waren hir Contrainten, dat kann ee jo och emol roueg eng Kéier soen, déi dee Projet ëm 300.000.- € méi deier maache gelooss huet. Just saying.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Mee den Environnement gëtt da just e Subsid wat eeben d'Holz ugeet an net ëm déi prinzipiell Decisioun.

***Ass de Gemengerot mat dësem Dekont averstanen? Dat ass LSAP, CSV, an dee gréngen an onofhängege Member. Wien enthält sech? Wien ass dergéint? Déi Lénk.*** Villmools Merci.

**3.19. Extraordinäre Subsid**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Da géif ech iwwergoen op d'Subsiden. Do hutt Der och eng nei Deliberatioun virleien. Engersäits e Subsid vun 150.- € un d'a.s.b.l. MemoShoah fir se ze ënnerstëtze an hirer Aarbecht. Wéi all Kéiers wa mir hinnen e Subsid ginn ass dat och ëmmer en Appell, an dat klappt ëmmer ganz gutt, an deem Kontext och eng Konferenz ze organiséieren, mat enger Thematik, déi se dann och wëlle besetzen hei ronderëm d'Shoah. Dat war initial virgesinn. Dir hutt awer matkritt mat där ganzer Situatioun vum Äerdbiewen un der Grenz vun der Tierkei a Syrien, an du ware mer der Meenung, hei d'Propos ze maachen, Dir hutt et jo gesinn, wéi eng Associatiounen et ginn, wou ee kann eng Spend maachen, dass mer hei mol géifen e Subsid vu 500.- € un d'Croix Rouge, 500.- € un d'Caritas, 500.- € un d'Médecins sans Frontières a 500.- € un d'Unicef. Do hu mer lo einfach kuerzfristeg reagéiert, well wou den Ordre du jour erausgaangen

ass, du war dat jo nach net de Fall. Dat ass einfach mol eng Propos, déi mer hei maache fir hei dann déi Gesamtenveloppe vun 2.000.- € Subsid ze ginn un déi doten Associatiounen.

Ass de Gemengerot mat deem Subsid averstanen?
***Dat ass unanime.*** Da soen ech lech villmools Merci.

# 4. APPROBATIOUN VUN DER KONVENTIOUN MAT DER SOCIETÉIT DIDDELENGER SPORTMUSÉE A.S.B.L. BETREFFEND DEN HALL POLYVALENT AN DER BEETEBUERGERSTROOSS

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Da komme mer bei den Diddelenger Sportmusée, d'Konventioun. An da géif ech dem René Manderscheid d'Wuert ginn.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – SCHÄFFEN): Merci Här Buergermeeschter. Ech ka mech relativ kuerz faassen. Firwat déi Konventioun? Déi Leit, déi scho méi laang dobäi sinn, déi wëssen dass 2008 eng Konventioun gemaach ginn ass mam deemolegen ALCAD, dat heescht, déi Anciens licensiés vum CAD Diddeleng. An den ALCAD hat ënner anerem och de But, fir den Opbau vun engem Sportsmusée virunzedreiwen. 20 Joer méi spéit ass effektiv dee Sportsmusée um Liewen. En ass lieweg. A mir hunn eng eege Sportsmusée a.s.b.l. gegrënnt, a vu dass de Siège, wou den ALCAD deemools hat, wou en dra war, wou fréier och de Coin de Terre och dobäi war, dass dat ofgerappt ginn ass fir Plaz ze maache fir deen neien Hall polyvalent. A vu dass mer dann do eis nei Heemecht wäerte fannen, musse mer eng nei Konventioun maachen, fir d'Zesummeliewen tëschent der Gemeng an dem Veräin ze reglementéieren.

A ganz wichteg ass an eisen Aen, wann ee kuckt, den Artikel 5, dee seet, wann enges Daags duerch wellech Ursaach och ëmmer d'Sportsmusée a.s.b.l. net méi géif bestoen, dann ass d'Gemeng verflicht, dee Patrimoine, deen de Sportsmusée dann eeben ass, weiderzeféieren. Deen Artikel fannt Der och erëm bei den Enrôlés de force, do ass dat hoergenee d'selwecht gemeet ginn. Dat ass am Fong och keng Neierung, mee mer hunn dat just hei zementéiert a kloer dokumentéiert, dass dat sou soll sinn. An ech erlabe mer dann awer och, lech am selwechten Otemzuch Merci ze soen, vu dass Dir allеguerten 19 ëmmer spontan bereet sidd am Dezember Är 15.- € ze bezuelen, fir dee Sportskalenner. An domat ënnerstëtzt de ganze Gemengerot dann och unisono de Sportsmusée. An deem Sënn nach eng Kéier Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci dem René Manderscheid fir déi doten Erklärungen. Stellungnamen?

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo Merci Här Buergermeeschter, ech hunn zwou, dräi Froen hei zu der



Konventioun. Wa mir eeben, wéi elo am Artikel 5 steet, mir géife Proprietär ginn, ass dann och ugeduecht, e richtege Musée ze maache wéi bei den Enrôlés de force, oder gëtt dat heiten och e Musée? Dat ass net ganz kloer erauskomm. Sinn do Visitte virgesinn? Ginn do Dokumenter, déi se hunn, dat Material wat se hunn, gëtt dat ëmmer dem Public virgestallt? An dann ass meng Fro, wann do steet „des valeurs précieuses" a sou weider, „pièces précieuses uniques". Ass do näischt wat ee wierklech muss gutt lageren? Ech denken elo un den CNA, dee jo och Material huet, wat jo och muss temperaturkonstant, mat där richteger Killung gelagert ginn. Hu mir och sou Dokumenter, déi och méi en Invest géife brauche fir eng Lagerméiglechkeet do unzebidden? An dann, wat an eisem Comité e bësse Froen opgeworf huet, dat war den Artikel 9, dass mer do 3 Postes de travail mat engem PC an 2 Ecranen zur Verfügung stellen. Aner Veräiner, kënnen déi och sou eng Demande maache wa se technescht Material brauchen? Dat ass vläicht awer eng Fro déi net oninteressant ass, fir dat och nach eng Kéier ëffentlech kloerzestellen. Merci.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Jo Merci fir d'Wuert. Mir fannen dat och ganz flott vum Sportsmusée. Ech hu lo u mäi Papp missten denken. Dee war och Sportler an hien huet a sengem Liewe ganz vill Medailen a Couppe gesammelt. A wéi hie gestuerwen ass wiere mir frou gewiescht, wa mir dat eent oder dat anert Stéck hätte kéinten engem Musée ginn. Mee an eiser Gemeng wou ech hierkommen, do war näischt esou. Also dat heiten ass wierklech ganz flott. A mir hunn eis och just gefrot, wéi ee sech dat lo virstelle kann? E Musée ass jo eigentlech och wou ee kann eppes visitéieren. Gëtt dat elo fir de Public? Kann een dat wierklech als Visitt da maachen an déi Objete kucke goen? Gëtt dat eng permanent Ausstellung oder wiesselt déi? Oder muss een ufroen, fir sou eng Visitt kënnen ze maachen? A wat mer wierklech och ganz gutt fannen, wat den Här Manderscheid lo scho gesot huet, dat ass den Artikel 5, deen da reegelt, dass dat dann zur Dispositioun vun der Mémoire collective vun der Gemeng steet, dass d'Gemeng sech dann drëms këmmert, falls dat opgeléist gëtt. Déi Häre waren iwwregens gëschter Owend op der Sportleréierung an hu schonn déck Reklamm gemaach fir hire Sportsmusée.

BOB CLAUDE (LSAP): Merci Här Buergermeeschter, ech hu versicht erauszefannen, wéini hei zu Diddeleng déi éischt Sportsveräiner gegrënnt gi sinn. Den Albert Proess schreift a sengem „Chronologisches Sportmosaik" am Buch vum Cinquantenaire, datt et zu Diddeleng 1907 nëmmen 2 Veräiner gi sinn. An zwar deen, deen den 21. September 1898 gegrënnten Turnveräin

“Union” an de Keeleclub “Über‘s Brettel”. Am Diddelenger Sportbuch 1888 bis 2018 vum Jean Engel ass schonn 1890 rieds vun engem Vélosclub „Le Cycliste Dudelange“. Egal wéi, an de folgende Joerzéngte sinn eng ganz Rei Sportsveräiner entstanen an deenen déi verschidde Sportaarte bedriwwe gi sinn. Ech wëll och op d‘Sportleréierung vu gëschter Owend zréckkommen, déi ganz gelonge war. A bei där Geleeënheet beim Patt huet de Sportminister Georges Engel bemierkt, datt hien erstaunt ass a frou ass datt zu Diddeleng quasi all Sportaarte bedriwwe ginn. Du si mer awer, de Buergermeeschter war och dobäi an där Ronn, du hu mer bemierkt, datt mer kee Volleyballsclub zu Diddeleng hunn. Dat stëmmt. Ausser engem Volley Loisir. Awer e federéierte Volleyballsveräin hu mer net. An du ass mer doheem och dann agefall, datt deen éischte Sportsveräin ee Vélosclub war. Mir hu leider och scho laang kee federéierte Vélosclub méi hei zu Diddeleng. Dat ass schued. Et ass awer bestëmmt net sou einfach, fir dat ze änneren, well et muss ee genuch Leit mat deem néidegen Knowhow hu fir sou ee Veräin op d‘Been ze stellen.

Ech maache lo d‘Klamer zou an ech fuere weider fir ze soen, datt vun Ufank un, bis haut, war an ass Diddeleng eng Héichbuerg vum Lëtzebuerger Sport. D‘Associatioun Diddelenger Sportmusée beméit sech säit Jore fir dat historesch ze dokumentéieren. An der Konventioun mat der Stad Diddeleng kritt dës Associatioun am neien Hall polyvalent an der Beetebuergerstrooss zwee Büroen, e Konferenzsall an en Archivdepot fir e symbolesche Loyer vu 5 Euro pro Joer zur Verfügung gestalt. An där Konventioun gëtt och festgehalen datt d‘Gemeng an den DSM zesumme fir Diddelenger Awunner Ausstellungen, Recherchen a Kollektioune vun Dokumenter an Eenzelstécker organiséieren, déi d‘Entwécklung vum Sport an der Schoul souwéi an de Veräiner historesch dokumentéiert. An deem Sënn schéngt et mer wichteg, reegelméisseg en Opruff un d‘Privatleit ze maache fir datt si all interessant Material dem Diddelenger Sportmusée zur Verfügung stellen. Besonnesch bei engem Stierffall an der Famill ginn oft wäertvoll Dokumenter verluer. Ëmsou méi dass am Artikel 5 festgehalen ass, datt am Fall vun der Opléisung vum DSM den Inhalt vum Musée an de Besëtz vun der Stad Diddeleng kënnt, déi d‘Gestioun am Kader vun der Mémoire collective assuréiert. D‘LSAP-Fraktioun approuvéiert natierlech dës Konventioun.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – SCHÄFFEN): Et ass esou, den Diddelenger Sportmusée gëtt kee sou e Musée, dee permanent op enger Plaz eppes ausstellt. Den Diddelenger Sportmusée, wa mer elo an eis nei Heemecht kommen, an den Hall polyvalent, dee stellt do temporär ëmmer erëm aner Stécker an deem Hall polyvalent aus, sief dat a Billerform, sief dat mat enger Vitrinn, dat kënnt drop un, wéi se do mat der Plaz eens ginn. De Sportmusée ass am Fong geduecht fir eng Mémoire collective, fir Saachen ze versuergen, ze behandelen, déi eis Elteren, déi eis Kanner, déi se doheem fannen, déi se doheem hunn an net wëssen, wat se domat solle maachen, dass se dem Sportmusée all déi Saache kënne weiderginn fir dass mir dann déi Saache sou behandelen, wéi dat néideg ass an och eisen Nofollger kënne sou erhalen.

Dës Fro wéinst den Ecranen a PCen. Jo, déi brauche mer alleguer fir ze archivéieren an d‘Gemeng kënnt eis do ganz gutt entgéint. Dat si lo Saachen, déi mer net elo nei kréien. Also nei an deem Sënn, dass dat lo en neit Element ass. Mir hate schonn an der Vergaangenheet déi PCen an déi Ecranen zur Verfügung gestalt kritt. Am Moment hu mer eis Heemecht dann hei ënnen am Gemengegebai. Vu dass wéi gesot jo den Hall polyvalent nach net fäerdeg ass. Mir huelen déi Saachen da mat dohinner an da schaffe mir weider. Mir ware jo och zesumme mat der Mémoire collective, dat ass jo eng Zesummenaarbecht, dat passt jo alles aneneen. An och déi Aktivitéite ginn herno am Hall polyvalent weidergefouert.

A mir hate jo och schonn eng Sitzung mam Jean Reitz, deen eis och nach wäert beroden, wéi mer an Zukunft dee Musée kënne méi lieweg a méi visuell eisen Diddelenger Matbierger kënne méi no bréngen. Et ass och sou, dass dee Musée net nëmmen e Musée ass, mee do sinn och an Zukunft Ausstellungen am Ausland wou mer wëlle besiche goe mat de Leit natierlech. A wann Diddelenger Leit Interessi hunn un der Geschicht vum Sport ass natierlech de Musée, an dat wäert och nach herno publizéiert ginn, spontan bereet, Saachen ze organiséieren, wou déi Diddelenger Leit kënnen an den Hall polyvalent goen an eis Leit hinnen dann do eppes kënne weisen an hinnen och Ried an Äntwert stoen zu all deenen Aktivitéiten déi mer hunn, respektiv zu eiser Vergaangenheet.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci fir déi doten Erklärungen. Da géif ech roden, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass mat dëser Konventioun mam Diddelenger Sportmusée averstanen? Dat ass unanime. Da soen ech lech och hei villmools Merci.

# 5. MONUMENTS NATIONAUX

**5.1. Avis iwwert de Virschlag fir e Klassement als Monument national vum Gebai op 82, Rue du Parc.**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Dat éischt Klassement, en neie Courrier vun der Kulturministesch dee mer kritt hunn. Dat heiten ass och am Kader vun deem neie Gesetz iwwer Denkmalschutz. Dat hei ass 82, Rue du Parc. Do hutt der nieft dem Courrier och d‘Haus op 82, rue du Parc. Dat kënne mer eng Kéier kuerz ablenden, da gesitt Dir, wéi eent dass et ass. Wou säit 2022 och nei Proprietäre sinn, déi selwer d‘Demande gemeet hunn un den INPA, respektiv un de Kulturministère. Dat ass dann den Här Diederich an d‘Madame Héros, déi selwer d‘Demande gemeet hu fir dass hiert neit Doheem soll klasséiert ginn, also Patrimoine culturel national soll ginn. An do kann een hei rausliesen aus der Dokumentatioun, déi mer virleien hunn, dass dat doten ëm 1928 gebaut gouf. Dass et, wat d‘Fassad ugeet an déi Sobrietéit, déi een um Niveau vum Gabarit fënnt, dass dat sech areit an déi ganz Strooss an dass dat och mat de Krittäre vun der Authentizitéit, vun der Typologie vun der Zäit, wou et ëmgesat gouf, mee awer och e bësse mat der lokaler Geschicht ronderëm d‘Entstehung vum Brill op där an-

erer Säit, dass dat passt. An dass och deementspriechend nach ëmmer déi original Dier do ass an och bannendran, de Buedem, de Parquet an och d'Trapenhaus, d'Garde-corpsen am Holz sinn an dass dat och mat deenen Dekoratiounen am Stuck, déi op de Plaffonge sinn, dass dat wierklech nach am Originalzoustand ass vun deem Haus.

A vu dass déi Leit selwer Demandeur sinn, hoffen ech, dass och de Gemengerot där Demande vun deenen neie Proprietären op 82, Rue du Parc nokënnt, fir dass si dat dote kënne klasséiert kréien. An dass se, wa se Modifikatiounen um Haus maachen, nieft dem Aval vum Kulturministère awer och déi néideg Subside kënne kréien als Privatpersoun. Well och dat ass net ze vernoléissegen, well se dann och hei finanziell kënne mat ënnerstëtzt ginn.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo Merci Här Buergermeeschter, mir ginn hei och eisen Accord, well fir eis dat Allerwichtegst ass, dat ass de Saz dass d'Demande vum Proprietär fir klasséiert ze ginn. Mir hate schonn eng Kéier den Accord net ginn, wou eng Kéier eng Situatioun war, wou de Proprietär net averstane war mam Klassement. Mee dës Kéier ass dat jo hei ginn an dofir gi mir hei och den Accord. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci. Nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall. Da proposéieren ech, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass mat där Demande hei averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.

**5.2. Avis iwwert de Virschlag fir e Klassement als Monument national vu verschidde Gebaier («Verwaltungsgebäude + Sanitär- und Umkleideräume», «Blechwalzwerkhalle», «Elektrizitätszentrale», «Eingangsportal») vum Stolsite Greisen**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Da komme mer op den nächste Punkt. Dat ass de Greisendall. Deen hate mer schonn eng Kéier hei am Gemengerot den 13. Oktober 2021 fir ze klasséieren als Monument national wéinst dem Intérêt historique, architectural et esthétique. Ech ginn net nach eng Kéier op dee ganzen Descriptif an, et kann een dat noliesen am Verbatim vum 13. Oktober 2021. Mir huelen dat heiten nach eng Kéier an de Gemengerot, well, wéi mir dat heite gestëmmt hunn, du war nach dat aalt Denkmalschutzgesetz. Do hat de Ministère den Arrêté nach net geholl. A vu dass elo entretemps dat neit Denkmalgesetz gestëmmt gouf an der Chamber an den Arrêté hei net geholl gouf, musse mer et nach eng Kéier hei op den Ordre du jour huelen. Dofir hu mer nach eng Kéier de Courrier kritt vun der Kulturministesch, fir dann hei definitiv eisen Aval ze ginn, wou ech jo mengen, dass dat kee Probleem dierft sinn. Mee wann Der d'Dokumentatioun richteg gelies hutt, an ech mengen dat hutt Dir jo och sécherlech gemeet, hu mer awer nach e klengen Zousatz derbäigesat unhand vun deenen Diskussiounen, déi mer d'leschte Kéier hei am Gemengerot och haten, well mer och gesot hunn, dat ass eng Geleeënheet, dat nach eng Kéier ze iwwerpréiwen. Dat hu mer och gemeet an zwee Bicher iwwer Diddeleng, an zwar engersäits dat Buch vum Albert Weber „Düdelingen vom Dorf



zur Stad“ a vum Jean-Pierre Conrardy „Dudelange – Passé et Présent d'une Ville Industrielle“, den 2. Tome, 2 Tireten, déi mer bäigesat hunn. An och d'Interventioun vum Här Gangeler an där Reunioun vum Gemengerot vum 12. November 2021, wou jo d'Diskussioun war, huet de Steckel zum Greisendall gehéiert? An no där ganzer Recherche hate mer och schonn, wéi mer deen heite Bréif kritt hate vum Kulturministère, hate mir och nach eng Kéier dem Kulturministère an dem INPA matgedeelt, dass se awer vläicht sollte bei däser Geleeënheet hiren Avis revidéieren. Do hu mer awer eng Fin de non recevoir kritt.

Du hu mer gesot, wann dat eeben esou ass, da musse mer de Wee aschloen, dass mer dat dann hei draschreiwen. Dofir hu mer déi zwee Tireten dann hei dragesat an der Hoffnung dass dës zwee Tirete genuch si fir ze ze iwwerzeegen, dass dann de Steckel net am Greisendall war, mee op Haaptsite vun der Schmelz. Dat mol dozou. Ech wëll awer och soen dass hei, wéi mer et gestëmmt haten, dass et hei e private Proprietär ass vum Greisendall. Dir wësst jo och am Kader vun Diskussiounen déi mer haten ronderëm den neie PAG, dass een och hei, fir de Greisendall ze entwéckelen, jo och e PAP muss entwéckelen. Mee et ass awer schonn, an dat war och an Ofstëmmung mat de Proprietären an och schonn den neie Proprietär mam Kulturministère, mat Sites et Monuments. Wat net vum PAP betraff ass, dat ass dat administratiivt Gebai, dat viischt Gebai, dat och fachgerecht renovéiert gouf. Dat och ganz gelongen ass. A wou dann och deen neie Proprietär dat weiderverlount huet u PwC, déi do eng Antenn hunn a wou ronn 70 Leit vu PwC schaffen an deem viischten administrative Gebai. Et muss ee soen, dass dat e ganzt flott Gebai ass, wat flott reamenagéiert gouf, fachgerecht renovéiert gouf mat dem INPA zesummen. An déi ganz Entrée gouf ganz flott gestalt. Sou dass dat eng éischt Amorce ass vun enger flotter Valorisatioun vun deem dote Gebai.

Dat e bëssen zu den Ausféierungen, wat entretemps geschitt ass a firwat dass mer et haut nach eng Kéier um Ordre du jour hunn. D'Diskussioun ass op.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo Merci Här Buergermeeschter, mir hate jo, wéi Dir richteg sot, den 12. November 2022 dat heite schonn eng Kéier gestëmmt an du owes, kënnt Dir Iech nach erënneren, op RTL Ären Optrëtt mam Proprietär, mam Architekt. Well mir hate jo deemools scho gefrot, wéi eng Ausriichtung kritt dat? Do war dat nach net sou ganz kloer. Lo ass meng Fro: Wat geschitt elo mam Rescht? An ech war mir effektiv déi Saach och ukucke gaangen, do steet awer eng grouss Pancarte „Sécurisation du système d'alimentation pour eau potable Volmerange-les-Mines.

Maître d'ouvrage: Commune de Volmerange-les-Mines". Du hunn ech mech gefrot, wat heescht dat? Well déi investéieren do 370.000.- € steet do drop, Maître d'ouvrage ass een aus der Lorraine an ënne ganz kleng steet sou e klenge Sigel vum PwC. Dat huet mech sou e bësse veronséchert, dofir wollt ech elo mol froen: „Wësst Dir lo scho méi, wat dat do heescht? Well déi Pancarte, déi steet jo dann op engem Lëtzebuerger Terrain, wann ech dat richteg verstinn. Wéi muss een dat verstoen? Dat mat PwC begréisse mer explizitt, mir fannen dat wichteg, dass Aarbechtsplazen heihinner kommen. An dat ass jo eppes am Sënn vun dass d'Frontalieren net musse bis an d'Stad fuere fir schaffen ze goen an dass se hei zu Diddeleng kënne schaffe goen. An am Ufank war jo och ugeduecht, an Ärem Interview am RTL deemools, do war jo och gesot ginn, dass do eventuell nach solle Geschäfter hikommen. Dofir meng Fro: Wéi gëtt de ganze Site elo dann nach weider geplangt? Merci.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter. Ech wollt awer dräi Wuert soen. Ech hu mech effektiv och gefrot: Firwat muss dann elo eise Gemengerot nom 12. November 2021 hei nach eng Kéier en Avis ofginn? Och wann de 25.02.2022 d'Gesetz iwwert de Patrimoine a Kraaft getrueden ass, an deem ënner anerem d'Effekter vum Klassement festgehale goufen, sou ännert dat jo am Fong guer näischt un eisem Avis vum 12.11.2021. Wat dann erëm de B-Mol bei där ganzer Saach ass, dat ass datt déi zoustänneg Kommissioun, déi hiren Avis zu de Gebailechkeete vum Greisendall als Basis fir eis éischt Prise de position deelweis onprezis a souguer falsch verfaasst hat, eis dee selwechten Avis nach eng Kéier onverännert als Basis fir eis Diskussioun virleet. Ouni an d'Detailer ze goe gesäit ee jo och an eisem Enoncé an dësem Punkt, dass Aenzeien an ëffentlech Publikatiounen sech eens sinn, dass zum Beispill dee vill zitéierte Steckel an dat Blechwalzwierk, wéi si et nennen, näischt am Greisendall ze sichen haten.

Déi Ausso, dass dee ganzen zu Diddeleng hiergestallte Stol konnt direkt hei zu Diddeleng gewalzt gi war net de Verdéngscht vum Greisendall, deen haaptsächlech gewalzte Blecher weiderverschafft huet. Dee grousse Volume vum Walze gouf am Walzwierk gemaach, dat sech méi ënnen am Beräich vum Wierk an enger 700m laanger Hal befonnt huet. Dat missten déi Leit aus der Kommissioun och wëssen, well dat Gebai ass och duerch hire Service als nationaalt Monument klasséiert ginn. Ee vun den Acteure vun der Ausstellung „Stëmme vun der Schmelz", en Ingenieur, deen ab 1979 am Greisendall geschafft huet, konnt mer vill interessant Detailer dozou liwweren. Ausserdeem och dee Punkt, dass dat Gebai, dat als "Elektrizitéitszentral" opgefouert gëtt, guer keng Energieproduktioun gemaach huet, wéi et am Avis steet. Dat Gebai war e rengen Elektrizitéitsverdeeler fir d'Wierk. D'Elektresch fir de Greisendall gouf ënnerierdesch erabruecht. Produzéiert gouf dat Elektrescht an der Elektrizitéitszentral, déi ënne beim Zentralatelier louch, an där hire Turbinne mat Héichuewegas a mat Damp ugedriwwe goufen. Spéider koum d'Elektresch da vum nationalen Elektrizitéitszouliwwerer. Et ass awer ëmmer nach ënnerierdesch an de Greisendall geliwwert ginn an an deem besote Bau just op déi verschidden Anlagen vum Greisendall verdeelt ginn. Wéi ech schonn am November 2021 sot, soll sou en onprezisen Avis eis hei jo net dovun ofhalen, de Wäert vun deenen Anlagen vum Greisendall richteg anzeschätzen an de Klassement als nationaalt Monument ze ënnerstëtzen. Et ass just fannen ech, fir eise Gemengerot e bëssen demütegend, wann eisem éischten Avis an eisen éischte berechtegte Remarke keng Rechnung gedroe gouf vun de Verantwortleche vum INPA. Ech soen Iech Merci.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Jo Merci fir d'Wuert. Also mir stëmmen dat natierlech och ganz gäre mat, wéi och schonn deemools. A mir freeën eis iwwert e weidert Gebai vun eiser Industriekultur, wat als Monument klasséiert gëtt. Mir haten dat jo dann am Gemengerot vum 12. November 2021 mat engem exzellenten Discours deemools vum Här Gangler. Hien hat deemools och no enger Bréck gefrot, déi sollt klasséiert ginn. Lo wollt ech froen, op där Saach eng Suite ginn ass mat där Bréck? Ech war mir dat och emol ukucken, wéi dat elo haut ausgesäit. Deen neie Proprietär, wéi den Här Buergermeeschter och scho sot, deen huet d'Verwaltungsgebai renovéiert, an do sinn elo Büroe vu PwC, sougenannt Bureaux-satellites, fir Frontalieren. Dat kann een an der Press noliesen. Dat ass eng Strategie fir dem Mobilitéitsproblem entgéint ze wierken. Ech hunn dat ganz interessant fonnt. PwC huet schonn op aner Plazen op de Grenze scho sou Bureaux-satellites opgemaach. Et ginn och op de Grenze mëttlerweil Co-Working-Places, an dat huet mech op d'Iddi bruecht, bon déi Iddi ass vläicht elo net nei, mee ech wollt se awer mol hei opwerfen, wa mer lo NeiSchmelz entwéckelen, dat kann awer duerchaus e Modell ginn, wa sou grouss Boîtë Büroen op d'Grenze setzen, mir si jo awer mat NeiSchmelz wierklech op der Grenz, an dat ass jo och eppes, wat ëmmer vun der Landesplanung gefrot gëtt. Vun dohier ass dat net oninteressant fir Diddeleng. Dann hu mer eis awer och gefrot, wéi dat deemools verkaaft ginn ass un dee Privaten, ob d'Gemeng d'Méiglechkeet gehat hätt, fir de Greisendall och ze kafen? Hate mir deemools e Virkafsrecht? An ass déi Méiglechkeet a Betruecht gezu ginn? Well virdrun ass jo och vum Buergermeeschter gesot ginn, dass mir eis hei ganz vill asetze fir d'Industriekultur. Also einfach eis Fro: Hätte mir et och kéinte klafen? Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci. Nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall. Gutt, da géif ech vläicht op e puer Punkten agoen. Engersäits begréissen dass, och wa mer dat heiten eng zweete Kéier hei hunn, dat Zoustëmmung fënnt. An ech menge mir sinn eis alleguerten heibannen éier eens, wa mer schonn an enger éischter Mouture ganz kloer an der Virdergrond setzen, dass een eng Rei Korrekture soll virhuelen, wann déi net berücksichtegt ginn, dass een dat dann hei effektiv muss schwaarz op wäiss nach eng Kéier an d'Deliberatioun drasetzen. An hoffe mer, dass et dann dës Kéier klappt. Mee et ass natierlech schued, dass et effektiv sou wäit kënnt. Hei sinn am Fong, nieft dem Greisendall selwer, sinn zwee Projeten. Dat ass de Projet vun de Bureaux-satellites hei vu PwC, respektiv kann ee sécherlech undenken, am Kader vun NeiSchmelz, wann et aner Demandë géife ginn am Kader vun hiren ekonomeschen Aktivitéiten, soll ee sech net verschléisse fir weider Bureaux-satellites. Do ass

dann deen een Deel. Deen aneren Deel dat ass, Dir kënnt Iech erënneren, d'Madame Kayser hat nämlech d'Fro gestalt. Mir hate jo eng Kéier am Gemengerot hei déi Diskussioun, wou d'Communauté commune vu Cattenom, respektiv vu Wuelmereng, deen Invest wollt maachen an d'Kanalisatioun. Wou mer jo och d'Terraine kritt hu vum Fonds de Logement, fir déi Aarbechten ze maachen. An dat sinn am Fong Aarbechten déi finanzéiert gi vun der Wuelmerenger Gemeng. Mir hunn deen Terrain jo kritt vum Fonds de Logement fir dass déi Aarbechte kënne gemeet ginn, dat heescht mir finanzéieren en net. Dat ass vläicht op där selwechter Plaz, wou een d'Informatioun fënnt, mee et sinn op alle Fall zwou verschidde Saachen. Dofir brauch ee sech do keng Gedanken ze maachen. Dat eent ass reng PwC Lëtzebuerg, dat anert ass Volmeranges-les-Mines, déi do Aarbechte maache wat d'Zoufuer ugeet.

Fir d'Weiderentwécklung vum Projet. Et ass jo dat heiten, dass dat nach eng Zone mixte soll kënne gi mat klenge Commercen, mat Handwierk. Dat huet un der Ausriichtung en tant que telle näischt geännert. Mee do muss natierlech nach ee PAP gemeet ginn. Bon, et muss ee soen, dass dat net méi sou am Virdergrond steet, well deen Architekt deen ursprénglech drop war, deen och deemools am Interview war, deen ass verscheet. An du huet de Proprietär sech natierlech op de Wee gemaach fir en neien Architekt ze chargéieren. Ech mengen deen hat lo kierzlech nach Kontakt mat der Gemeng, fir e bëssen d'Pläng ze adaptéiere fir e bëssen ze kucken, éier et dann an d'Prozedur geschéckt gëtt.
Mee et muss nach e klassesche PAP gemeet ginn. An dee kënnt jo dann normalerweis och an de Gemengerot, wou dann och d'Ausriichtung drop ass. Mee am PAG hate mer jo festgehalen, dass et eng Zone mixte ka gi vun engersäits Commerce a klengen Handwierksbetriber. Déi generell Ausriichtung, un där huet näischt geännert. D'Bréck, déi ass menges Wëssens net klasséiert. Do hunn ech och weider kee Retour méi kritt.

Par rapport zum Verkaf: hei spillt jo net dat klassescht Virkafsrecht, Madame Heinen. D'Virkafsrecht ass jo am Fong just beim Wunnengsbau. Dat hei huet jo direkt näischt mat Wunnengsbau ze dinn, well dat heite jo eng speziell Zon Greisendall ass, déi Industrie ass. An dat heescht, d'Virkafsrecht, de Prinzip vum Virkafsrecht spillt hei absolut guer net. Deen ass hei komplett ausser Kraaft gesat. Ech weess net méi genau, wat de Präis war, mee ech mengen ech hätt mer net getraut, mat deem Präis hei an de Gemengerot ze kommen. Domadder hunn ech alles gesot. Wéi de viregte Proprietär Arcelor Mittal et engem aneren, enger privater Societéit, et verkaf huet. Mir wären da präisdreiwend gewiescht als ëffentlechen Acteur, an der Hypothees mir hätten et effektiv hei kaaft. Voilà. Mee et war net zum Nulltarif kann ech Iech soen. Dëst gesot géif ech proposéieren, dass mer awer dann hei nach eng Kéier eise Vott reiteréieren, respektiv awer och mat deenen zwee Passussen, déi mer drasetzen. Ech kann Iech awer nach eng Kéier de Präis zoukomme loossen.

Ass de Gemengerot heimat averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.



# 6. ENVIRONNEMENT AN NOHALTEG ENTWÉCKLUNG

**6.1. + 6.2. Approbatioun vun der Strategie fir den Natur- a Waasserschutz vun der Stad Diddeleng am Kader vum Naturpakt, no Punkt 1.1. vum Moossnamekatalog vum Naturpakt + Decisioun fir ze huelen iwwer d'Resilienz vun de Bëscher vun der Stad Diddeleng am Kader vum Naturpakt, no Punkt 5.11. vum Moossnamekatalog vum Naturpakt.**

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – SCHÄFFEN): Merci Här Buergermeeschter. Mir kommen dann op de 6. Punkt vun dem Ordre du jour. Et geet ëm den Environnement. An Der gesitt um Ordre du jour dass mer hei ëm e Strategiepabeier wäerten diskutéieren. Dir wësst dass mer d'lescht Joer jo am November als Schäfferot d'Konventioun ënnerschriwwen hu fir dem Naturpakt bäizetrieden. Mir hunn och doropshin am Dezember déi éischt Sitzung gemeet, wou mer d'Naturpaktteam zesummegeruff hunn an och dem Team dann den Naturpakt am Detail virgestallt hunn. An ech begréissen dann och de Mueren de Sam Heiter bei eis, deen eisen Naturpaktberoder vum SICONA ass nieft dem Myriam Zeimes. Dee wäert dann elo och eng Kéier op dat Dokument, dat mer hei solle verabschiden, déi Strategie fir den Naturschutz an de Waasserschutz, och agoen an dann ass duerno d'Diskussioun op.

SAM HEITER (SICONA): Gudde Moien och vu menger Säit aus. Villmools Merci fir d'Wuert. Ech muss meng Cheffin entschëllegen, d'Myriam, an ech stellen Iech da lo déi Presentatioun vir. Den Inhalt vun der Presentatioun ass folgenden: Ech stellen Iech d'Moossname vir, déi en obligatoresche Beschloss vum Gemengerot virschreiwe fir Punkten ze sammelen. Dat ass eng Kéier déi grouss kommunal Strategie fir den Ëmweltschutz an eng Kéier d'Moossnam 5.11. zur Steigerung vun der Widderstandsfäegkeet vun eise Bëscher. Da faassen ech dat eng Kéier zesummen a maachen e klengen Ausbléck.

Hei ass den Ausschnëtt aus dem Moossnamekatalog vun der Ëmweltschutzstrategie. Do wëll ech drop hiweisen, dass et op d'mannst 5 Joer soll sinn. Et kann och méi laang goen, verschidden Aktioune ginn och méi wäit, a se bréngt eis 3 Punkten an. Den Opbau vun der Strategie ass folgenden: Et gëtt 3 Themen. Dat ass eng Kéier den Naturschutz, wou et ëm bedrohten Aarten am Fauna- a Floraberäich geet, awer och am allgemengen ëm d'Biodiversitéit. Dann ass de Waasserschutz, en anere Volet. Do geet et ëm Fléss, Baachen, Grond-

awer och Drénkwaasser. A beim leschte Volet ass et de Klimawandel an d'Upassung un de Klimawandel.

Fir e klenge Kontext ze setzen, geet een am Ufank vum Dokument nach eng Kéier op d'Wichtegkeet vun deenen 3 Themeberäicher an. An d'Dokument baséiert op enger grousser nationaler Strategie, wou ënner anerem den 3. Nationale Plang fir déi nohalteg Entwécklung afléisst, den 3. Naturschutzplang, d'Wasserrahmenrichtlinie awer och den Aktiounsplang fir d'Upassung un de Klimawandel. Dann ass eng kleng Virstellung vun der Gemeng virgesinn an natierlech dann och eng Virstellung vum Naturschutzsyndikat SICONA Südwesten. D'Struktur vun der Strategie ass folgend: Do gëtt et als éischt eng Kéier d'Ziler déi opgelëscht ginn an dann d'Aarbechtsschwéierpunkten, déi een definéiert. An da gi konkret prioritär Aktiounspläng genannt, wéi een an deene verschiddene Beräicher wëll virugoen. Fänke mer mam Naturschutz un. Do sinn d'Ziler an d'Aarbechtsschwéierpunkten eigentlech mat deene vum SICONA gläichzesetzen. Do geet et ëm d'Erhale vun der Biodiversitéit an enger natierlecher Landschaft. D'Ënnerhalen, awer och d'Nei-Uleeë vu Biotopen. An da kommunal, national, awer och international Schutzzonen, wéi ënner anerem Natura 2000-Gebidder. Awer och themespezifesch Berodung a Sensibiliséierung vun de Matbierger an d'Ëmsetzen natierlech och vun de prakteschen Aarbechten um Terrain. En Aktiounsplang vum Siidlungsraum wier z.B. eng naturno Gestaltung vun den ëffentleche Gréngflächen oder eng Reduzéierung vun der Liichtverschmotzung. Oder eeben och d'Sensibiliséierung am Beräich vum Insekteschutz fir d'Privatleit. Och mat dësem Aktiounsplang géif et 1 Punkt am Katalog gi fir den Naturpakt. D'Aktiounspläng fir d'Oppeland sinn ënner anerem aarteräich Méiwisen erhalen, d'Qualitéit ze verbesseren, den Zoustand vun de Wisen, oder eeben neier unzeleeën duerch z.B. Wiserenaturéierung, wéi een hei op de Biller ka gesinn. Och hei géif et erëm 1 Punkt ginn. D'Aktiounspläng fir d'Bëscher, dat ass z.B. Moossnamen ëmsetzen am Korridor fir d'Wëlldéieren. Oder eebe rout Zonen am Bësch unzeleeën. An do ass d'Leitaart vun de Waldkorridoren eeben d'Wëllkaz. Och hei géif et 1 Punkt ginn.

Och am Waasserschutz, do sinn d'Ziler an d'Aarbechtsschwéierpunkten och mat deene vum SICONA gläichzestellen. Do gëtt och enk zesummegeschafft mam Drénkwaasserschutzsyndikat SES, an och heit gëtt et kommunal, national an international Schutzzonen, eng themespezifesch Berodung an och d'Ëmsetze vun de Moossnamen. D'Aktiounspläng fir de Beräich Waasser wieren ënner anerem d'Renaturéierunge vu Quellen oder vu Baachen. Oder de Réckbau vun Entwässerungsmoossnamen, fir dass, wéi hei um Bild ze gesinn ass, e Fiichtgebitt kann entstoen. Oder lokal Schutz- a Pufferzonen, wéi z.B. ronderëm kleng Quellen. Och hei géif et 1 Punkt ginn. Bei der Klimawandelupassung, do verweise mer an der Strategie einfach un de Klimpakt 2.0 well deen de Volet eigentlech am beschten ofdeckt. Hei nach eng Kéier déi kleng Zesummefaassung vun der Ëmweltschutzstrategie. Eleng d'Strategie mam Beschloss vum Gemengerot géifen 3 Punkte ginn. An dann zu all Kapitel ware jo Aktiounspläng virgestallt ginn, déi mir an d'Strategie mat agebaut hunn, wou et dann och all Kéiers e Punkt gëtt. Dat heescht, dat si 4 Punkten. An zesumme wieren da 7 Punkte méiglech. Déi aner Strategie, déi ech Iech wëll virstellen ass zum 5.11. aus dem Moossnamekatalog. Do geet et ëm d'Steigerung vun der Resilienz vun de Bëscher. Konkret heescht dat fir de Fällalter vun de Beem eropzesetzen. Dat wier bei der Buch op 220 Joer a bei der Eech op 260 Joer. Do hate mer och rieds mam Fierschter, deen och säin Avis favorable bei eis ofginn huet. Mat der Strategie, mat deenen zwou Deliberatiounen, eng Kéier d'Strategie an eng Kéier déi zum Bësch, wieren dann insgesamt 10 Punkte méiglech. Fir e klengen Ausbléck nach ze ginn: D'Zil ass jo sou, dass mer d'Basis-Zertifizéierung, also 40% vum Katalog, wëllen ofschaffen an dat scho fir den 1. Audit erreechen. An den 1. Audit ass d'nächst Woch en Donneschden, an den aktuelle Stand, do si mer bei 86,5 Punkten, déi 37% ausmaachen. Wa mer lo déi 10 Punkte kréien duerch de Beschloss vun deenen 2 Deliberatiounen, komme mer op 96,5 Punkten a géifen domat de Seuil vun deene 40% erreechen, iwwertreffe souguer. An da wier d'Basis-Zertifizéierung méiglech oder garantéiert.

Wat heescht Basis-Zertifizéierung? Do wëll ech engersäits op d'Subventiounen agoen. Do kritt jo d'Gemeng eleng duerch d'Participatioun am Naturpakt 10.000.- € d'Joer. Da fir d'Berodung, also fir meng Tâche ze bezuelen, sinn 30.000.- € virgesinn. A wat do u Surplus iwwerbleift, do kann d'Gemeng selwer entscheeden, wéi déi genotzt ginn. Da gëtt et eng fix Subventioun vu 25.000.- € d'Joer fir d'Basis-Zertifizéierung. An dann d'variabel Subventioune sinn 10.- € den Hektar. Ech hunn do a Klameren 21-24 geschriwwen, well wann ee se réischt méi spéit, also 2025 géif erreechen, géif deen Taux erofgesat ginn. Dat heescht, wat ee méi séier, méi fréi virukënnt am Katalog, wat een och méi belount gëtt mat engem héijen Taux. Wa mer hei da vun 10.- €, dem héchsten Taux ausgi pro Hektar, wieren dat op d'Gemeng bezunn nach eng Kéier 21.414,40.- €. Sou wieren dat dann insgesamt fir d'Joer 2023 86.414.- € a 40 Cent. E klengen Ausbléck nach no vir. Mëttelfristeg, also 2024 bis 2027 wär d'Bronzezertifizéierung d'Zil. Dat heescht, déi 50% ze erreechen. A laangfristeg, bis 2030, wier natierlech d'Zil fir Sëlwer zertifizéiert ze ginn oder deemno wéi souguer Gold. Dat musse mer da kucken, wéi gutt mer virukommen. Jo, dat war et vu menger Säit. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren. A wann Dir Froen dozou hutt, da stinn ech Iech gären zur Verfügung.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – SCHÄFFEN): Merci Här Heiter. Ech wollt just ënnersträichen, den Donneschden hu mer dann den éischten Audit. Dat ass am Fong eng Bestandsopnam vun deem ganze Kader. An opgrond vun där Bestandsopnam an op Grond vun där Decitsioun hei, vun deem Strategiepabeier, wou ech jo hoffen, dass mer dat sou unhuelen, gëtt d'Naturpaktteam dann erëm zesummegeruff an opgrond vun deenen zwee Faite ginn dann déi konkret Aarbechten um Terrain ugefaangen.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Mir begréissen natierlech, datt eis Gemeng beim Naturpakt matmécht. Nodeems mer d'lescht Joer den Nohaltegkeetsmasterplan an d'Leitbild am Gemengerot haten, kréie mer lo d'Umweltschutzstrategie vum Naturpakt presentéiert.

Dat wat mir awer lo geschéckt kruten als Gemengerot, dat waren nach vill méi Erklärungen a meng Stellungnam bezitt sech dann elo och dodrobber. Et ginn natierlech Iwwerschneidungen tëschent Klimapakt an Naturpakt. A wann een och elo net esou an deenen Themen dran ass, da sinn déi Ënnerscheeder tëschent Klimaschutz an Naturschutz och fir d'Leit dobaussen net ëmmer evident. Mir kruten dat, respektiv eis Vertrieder kruten dat an der Ëmweltkommissioun virgestallt. Dat Ganzt fonctionéiert jo dann och änlech wéi de Klimapakt mat Punkten a Bronze, Sëlwer a Gold. An den Här Heiter huet gesot, mir leie lo knapps iwwer 40% a vu dass mer hei zu Diddeleng sinn, „Mär sinn Diddeleng", Sportsstad a mir peilen natierlech Gold un. Hoffen ech jo mol. An et ass jo dann och nach Sputt no uewe fir dohin ze kommen. Am grousse ganzen ass vill virgesinn an dat ass positiv.

Mee mir hunn dann awer nach e puer Froen an Ureegungen. Wéi gesot, ech bezéie mech elo op dat Dokument, wat mer geschéckt kruten. Do ass beim Punkt 2.2.1b eng Bestandsopnam vun den Aarten a Biotopen. Hunn ech net richteg verstan? Mir si jo scho laang Member bei SICONA, ass déi Bestandsopnam scho gemaach? Oder gëtt déi lo réischt gemaach? Also mir si mol dovun ausgaangen, dass dat scho gemaach ginn ass. Dann d'Aktioun 5. „Naturnahe Nutzung der öffentlichen Grünflächen". Do war virun e puer Joer eng Aktioun mat SICONA fir Plazen ze fannen, wou insektefréndlech Stauden a Blumme kéinte geplanzt ginn. Do weess ech elo net genee, wou mer do dru sinn. Ech mengen do hu mer och schonn deemools Plazen detektéiert. Net méi spéit wéi gëschter krut ech da Fotoe geschéckt vun der Rue du Commerce, do sinn déi Backe laanscht Stroossen, wou och e Bam drasteet. Do sinn awer elo Steng dra getippt ginn. Do wollt ech awer mol nofroen, ob dat nach geännert gëtt? Dat wär jo awer besser, do géife mer dann och vläicht Stauden drasetzen oder do komme jo nach vläicht Planzen dran. Dat kënnt Dir mir jo da soen. Dann d'Aktioun 7. D'Gemeng notzt keng Pestiziden. Do géif ech och nach eemol de Wonsch äusseren, hat ech och scho mol gemaach, dass d'Gemeng och keng Laubsauger notzt. Well déi maache bei klengen Déieren um Buedem ganz vill Schued, mol ofgesi vum Kaméidi, dee se och maachen. D'Aktioun 16. Aktioun Päiperlek. Zu Schëffleng d'lescht Joer huet d'SICONA Staude verdeelt fir d'Membersgemengen. Do konnten déi Diddelenger dann och gratis Staude siche goen. Vläicht kënne mer dat och méi lokal maachen. Ech weess net, ob nach Plaz ass an de Gemengenzären hannert dem Spidol, fir vläicht och do mol Stauden ze zillen an déi da vläicht lokal ze verdeelen. Als Ureegung.

Liichtverschmotzung ass jo och en Thema. Do sinn ech och schonn drop ugeschwat ginn. Do hat ech och schonn eng Kéier nogefrot beim Déierenasyl, dass déi do wierklech grouss Scheinwerfer un hunn. A well dat och direkt beim Bësch ass, also um Rand vum Bësch, ob dat wierklech néideg ass, fir do déi grouss Scheinwerferen un ze hunn.

Besonnesch wichteg schéngt eis de Punkt iwwert d'Gréngland, d'Oppe Land ze sinn, Stéchwuert „Glatthaferwisen". Well grad am Beräich Naturschutz im Offenland hei zu Diddeleng nach Potenzial no uewen ass. Sou z.B. an der Gewan ëstlech vun der Le'h beim Wal a warscheinlech och zu Butschebuerg ass nach Villes, wat kann ugepaakt ginn. Hei feelt vläicht e Punkt, dee kënnt och nach vläicht, iwwer méi naturno Akerflächen, well quasi all Felder an der Gewan, mat Ausnam vläicht op der Haard, intensiv a bis un den extreeme Rand bewirtschaft ginn. Do bleift dann net vill Plaz fir Biodiversitéit. Stéchwuert Ackerrandstreifen. En net gesprëtzten Ackerrand, deen och vläicht manner dicht ageséit gëtt, erfëllt e wichtegen Zweck fir d'Biodiversitéit an et gesäit och nach schéin aus, besonnesch wa faarweg Blummen, wéi Feierblumm a Karblumm opkommen. Do hate mer jo virdrun eng Foto. Natierlech mussen do d'Bauere matschaffen. Et kann een d'Baueren iwwerzeegen, op extensiv Bewirtschaftung ze wiesselen. Do brauch et natierlech Iwwerzeegungsaarbecht. Mee als Ureiz ginn et och méi Subside wann een extensiv bewirtschaft wéi intensiv.

An der Strategie steet och, datt d'Gemeng Wise kafe soll. Da froen ech da mol hei: Spillt dann do d'Virkafsrecht warscheinlech och net? Et ass jo keng Wunneng. Ech hu lo mech elo beléiere gelooss. Dat ass d'Aktioun 3 a 4. A bei der Aktioun 7 steet Renaturéierung vu Gréngland an als kuerzfristegt Zil vu Gemengewisen an Akerland. Do hu mer eis d'Fro gestallt: Huet d'Gemeng iwwerhaapt Wisen a Felder am Besëtz? An dann hu mer nach d'Kapitel iwwert d'Bëscher. Dat gesäit jo d'Eropsetze vun dem Hiebalter vun de Beem vir, wat natierlech eng gutt Saach ass. Voilà. Ech hoffen, ech hunn net ze vill Froe gestallt, a mir stëmmen dat natierlech och ganz gäre mat.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Ech hunn eng Interventioun, mee awer och déi eng oder aner Fro. Den 12. November 2021 ass d'Bäitrëttskonventioun zum Naturpakt tëschent dem Staat an eisem Schäfferot ënnerschriwwe ginn. Domat si mer eng „Commune engagée". An dat ass dann och meng éischt Fro: Ass dat dann elo automatesch, dass mer 40% Subside kréien? Ass dat e fixen Taux elo fir am Ufank mat där „Commune engagée"? Ech hunn dat an der Zertifizéierung gesinn, déi Sträifen do: 40 – 50 – 70. Dat wär mol eng éischt Fro. Fir de Staat sinn d'Gemenge wichteg Partner am Beräich Natur- a Ressourcëschutz. Diddeleng wëll sech voll an de Volet vun der kommunaler Strategie fir den Ëmweltschutz investéieren. De But vun dëser Strategie ass den Ëmweltschutz an der Gemeng systematesch virunzedreiwen an d'Liewensqualitéit vun den Awunner oprecht ze erhalen an ze erhéijen.

Mat eisem Bäitrëtt verflicht sech d'Gemeng, Moossname vum Moossnamekatalog vum Naturpark ëmzesetzen. Heifir sinn d'Aktiounspläng an der Ëmweltstrategie fir d'Beräicher Siidlungsraum, oppe Land, Waasser a Bësch prioritär virgesinn. An der Konventioun stinn d'Fonctionnementsreegele souwéi d'Bezuele vu staatleche Subventiounen, déi un d'Ëmsetze vum Moossnamekatalog vum Naturpark liéiert sinn. De Staat gewäert de Gemengen den Naturberoder, deen och haut de Moien do ass, wou d'Gemeng Diddeleng als Member vum SICONA natierlech op e Beroder vun dësem Syndikat zréckgräift. Den Här Sam Heiter huet eis d'Ëmweltstrategie, op Diddeleng ausgeriicht, presentéiert. Mer-

ci fir d'Presentatioun. Et ass schonn en décke Batz u Moossnamen, déi hei am Aktiounsplang vun deene 4 Beräicher ugeduecht sinn, ëmzesetze bis 2030. Eenzel Moossnamen aus dem Naturpakt sinn awer och scho länger an Diddeleng ëmgesat ginn iwwer an och mam SICONA, notamment fir z.B. d'Ëmweltbewosstsinn ze fërderen duerch Sensibiliséierungsaktioune fir d'Bierger, notamment och fir eis Kleng mat de Kanneraktivitéiten, déi mer säit Joren mat Iech hunn an eise Schoulen a Maison Relaisen. Dann hu mer awer och an eiser Schoulrestauratioun de Cahier de charges vun „Natur genéissen". Mir iesse regional, bio a fair, notamment fir déi naturfrëndlech Landwirtschaft ze fërderen an et ginn der nach, nach, nach. Als anert Beispill dass am Sënn vum Naturschutz geschafft gëtt, respektiv Initiative geholl gi sinn, dat gesi mer bei eisem Gäertnereibetrib, deen hisiichtlech vun der Fërderung vun den Aarten a Vilfalte säit Joren insektefrëndlech Stauden am ëffentleche Raum planzt, ëmmer méi Gréngfläche ginn nëmme méi eemol bis zweemol am Joer geméit a Wëllblummesom gëtt an dës Flächen ausbruecht. Insektenhoteller gi bei Schoulen a Maison Relaisen opgestallt. Et gëtt säit Joren nëmmen nach op organeschen Dünger zeréckgegraff. Et gi Bongerten ugeluecht, wéi zum Beispill elo dee rezentsten zu Butschebuerg, wou niewent Uebstbeem och nach einheimesch Gehölzer kommen.

Zum Aktiounsplang Bësch. Do geet et jo drëm, d'Resilienz ze erhéijen, notamment duerch d'Fälle vun der Bich an der Eech, fir déi am Alter eropzesetzen. Mee ech mengen et muss een awer och dozou soen, dass eis Bëscher scho säit 2008 FSC-zertifizéiert sinn.
Et sinn also scho gutt Usäz do an et gëllt, déi besteeënd ze verfeineren an auszebauen an déi feelend bis 2030 spéitstens nach ëmzesetzen fir eng méiglechst héich Zertifizéierung ze erreechen, duerch déi mer jo dann och méi Geld pro Joer kréien als Subventioun. Merci.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter. Deen Naturpakt, deen eis Gemeng den 12.11.2021 mam Staat ënnerschriwwen huet beinhalt also deen Naturschutzmoossnamekatalog aus deene 6 Beräicher. An eise Partner, deen och scho virdru ganz laang eise Partner war, dat ass de SICONA Südwest, deen eis also och deen Naturpaktberoder stellt. Ufanks gouf also déi Strategie opgestallt mat de Schwéierpunkten Berodung, Bestandsopnam, Arten- an Habitatsschutz a Biodiversitéit, an duerchgefouert gëtt déi Strategie an deene 4 Beräicher, Siidlungsraum, oppe Land, Waasser a Bësch. An a jiddwerengem vun deene 4 Aktiounspläng gi konkret Punkte festgehalen, déi eis Gemeng erfëlle soll an zwar kuerz- mëttel- a laangfristeg. Dann awer och, wat fir eis interessant ass, dat si Bestriewungen, déi mer scho säit enger gewësser Zäit lafen hunn, déi ginn och aus deem Moossnamekatalog realiséiert. Dat heescht mir hänken eis jo un eise Fändelchen, dass mer scho ganz laang vill fir Naturschutz hei zu Diddeleng maachen. Vill vun eise Bestriewungen datéiere scho vu virun der Signature vum Naturpakt, dofir si mer frou, dass mer dorop elo kënnen zréckgräife fir eventuell zousätzlech Punkten ze kréien.

Eist Naturpaktteam, dat huet also den 1. Dezember déi ganz Saach virgestallt kritt, si begleeden déi Strategie, déi bis 2030 geet, da leeft den Naturpakt aus. An do war och deemools ugekënnegt ginn, dass deen Audit sollt ufanks dës Joers sinn. Do si mer lo frou fir ze héieren, dass deen elo ass. A mir sinn awer scho ganz frou fir ze héieren, wat fir eng gutt Ausgangspositioun dass mer hu fir mol wéinstens déi Basis-Zertifizéierung ze kréien. Ech hat schonn deemools wou mer driwwer geschwat hunn, ugedeit, dass déi Beetebuerger Gemeng lo schonn de Gold-Zertifikat huet. Mir mussen eis lo vläicht net onbedéngt abilden, dass mer deen och ganz liicht géife kréien. Et muss ee mol d'Konstellatioun vun där Beetebuerger Gemeng kucke mat ganz vill Akerland a ganz vill Bësch a souguer Iwwerschwemmungsgebidder, déi mir net hunn, déi och Punkte bréngen. Déi haten et natierlech vill méi einfach fir scho sou fréi sou héich zertifiéiert ze sinn. Mee eis Ustriewungen, an dat ass ganz luewenswäert, sinn awer mol fir fir d'éischt d'Basis, dann de Bronze, de Sëlwer an eventuell, wann et ganz gutt géif goen, de Gold ze kréien. Mir schaffen awer drun. A wéi ech dann elo och vum Här Manderscheid verstanen hunn ass elo, wann déi Strategie hei ugeholl gëtt, d'Naturpaktteam gefuerdert, fir déi konkret Punkten do opzesetzen an déi a Musek ëmzesetzen.

Déi konkret Punkten, déi mer lo schonn an deem Pabeier, wat mer kritt hunn, matgedeelt kritt hunn, dat ass jo en Deel dovunner. A sou wéi déi do festgeschriwwe si schéngen déi eis gutt opgestallt an och realistesch fir d'Anhalen ze sinn. An dofir stëmmt d'CSV dësen Deel vun der Strategie zum Naturpakt och mat. An da wollt ech nach eppes soen zur Resilienz vun de Bëscher. Dee Forstplang, deen eis Gemeng all Joer vum Fierschter opstelle léisst an dee scho säit e puer Joer eng méi gemässegt Coupe virgesäit, gëtt elo am Kader vum Naturpakt duerch en neit Element ergänzt, dat de Mindestalter festsetzt vun Eechen a Biche vun 260, respektiv 220 Joer. An dann e klenge B-Mol do: Do hoffe mer just, dass déi katastrophal Dréchente vun deene leschte Jore sech net nach e puer Joer hinzéien, well duerch déi gëtt de Moment eise Bichebestand haaptsächlech schonn drastesch deziméiert, sou dass vill Beem vläicht d'Chance net wäerte kréien, fir sou en héijen Alter ze erreechen. Ech soen Iech Merci.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – SCHÄFFEN): Wann da keng weider Froe méi sinn, da géif ech proposéieren, dass den Här Heiter fir säin Deel géif äntweren an da géif ech de Schluss maachen.

SAM HEITER (SICONA): Also dat ass ganz richteg wat oft lo betount ginn ass, dass d'Gemeng hir Bestriewungen, déi scho virum Naturpakt gemaach gi sinn, dass déi natierlech hei och mat ugerechent ginn, an dat ass dann natierlech och d'Basis, firwat mer lo scho sou no un der Zertifizéierung stinn, an dass mer lo just nach d'Strategie an déi aner Deliberatioun zum Bësch musse stëmme fir de Seuil ze knacken. A fir vläicht op e puer Punkten anzegoe mat aarteräichen an naturnoen Akerflächen, do ass et sou, dass da fir d'éischt mol eng Potenzialanalys misst gemaach ginn. Wou besteet iwwerhaapt Potenzial fir z.B. kënne Wiserenaturéierungen unzeleeën? An déi géifen da wéi folgt gemaach ginn, wéi virdrun op de Biller ze gesi war och. Da gëtt op sou Sträife Buedembeaarbechtung gemaach, fräigeluecht an da gëtt eng Mahdgutübertragung gemaach.

Dat heescht op enger aarteräicher Wiss, wou vill Aarte sinn, gëtt Mahdgut ofgedroen an direkt op déi Plazen iwwerdroen. An do ass natierlech dann och de Som dra vun den Aarten, an déi kommen dann do un. An op deem anere Bild gesäit een dann, wou et op deene Sträifen dann och scho blitt. Och wann dat heite lo zwee verschidde Standuerter sinn.

Eng aner Saach wier, dass mer nach eng Kéier op d'Subside géifen zréckkommen. An zwar ass et sou, dass ab deem Datum, wou ënnerschriwwe ginn ass – de Kontrakt mam Staat, dat war jo dann den 12. November 2021 – bis den Audit, wou d'Zertifizéierung erreecht gëtt, also viraussiichtlech dann den nächsten Donneschden, kritt ee just d'Participatiounsprimm an de Beroder. A réischt dann ab deem Datum, wou den Audit ass, dat heescht dann de 16. wa mer et da packen. Ab da gëtt nei geschriwwen. Also ab deem Dag zielt dann ee Joer duerno bis de 16. Februar 2024 wier dat dann, wou dann d'Basis-Zertifizéierungssubside bezuelt ginn. An dann hu mer jo och eng ganz Rëtsch Sensibiliséierung, wou och iwwert d'Aktioun Päiperlek a sou viru gemaach gëtt. Wat de Siidlungsraum lo nach betrëfft, dat ass vläicht dass mam Grünflächenmanagement, dass do jo scho Flächen iwwerpréift gi waren, wou ee kéint naturno Gréngflächen uleeën. Et ass hei lo sou, dass an de Moossnamen am Katalog virgesäit op de gesamte Besëtz wat der Gemeng gehéiert u Gréngflächen. An do muss een dann den Undeel rechnen. Dat heescht, et misst ee mol fir d'éischt emol eng ganz Kartéierung maache fir ze wëssen, wéi vill Gréngfläche gehéieren der Gemeng? An da kënne mer kucken, op wat fir engen ass schonn eppes ëmgesat? A wou kënne mer weidermaachen? Dat heescht, déi Bestriewungen, déi virdru scho gemaach gi sinn, géifen och mat afléissen a sinn eng gutt Basis, fir weider drun ze schaffen. Ech weess net, ob lo nach Froe sinn? Merci.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – SCHÄFFEN): Da géif ech nach op zwou Saachen agoen. Vun deene Gréngen ass et gesot ginn, effektiv ware mir als Ëmweltkommissioun eng Kéier virun zwee Joer en Tour maachen duerch d'Gemeng. An do hu mer och e ganze Koup Plaze festgehalen, also et war de Wonsch vun der Kommissioun, sou déi Plaze mol festzehalen. Mir hunn dat och eisem Service Jardinage weiderginn. An iwwer 50% vun deene Plazen, do hu mer awer dann de Suivi gemeet gehat. Déi eenzeg Plaz, wou effektiv iwwreg bleift, dat ass déi déi au départ jo eng Kéier e Waasserbaseng war mat Séirousen am Park Mayrisch. Den Inhalt vun deem Baseng, dee wollte mer och eng Kéier méi naturno maachen amplaz mat Steng oder mat engem Gitter. Dat wäert awer nach gemeet ginn. Dat zweet wat ech wollt soen: Laubsauger ass hei gesot ginn. De Schäfferot huet virun e puer Méint beschloss gehat, all eis Laubsaugeren, déi mat Bensin fonctionéiere wéinst dem Kaméidi aus dem Betrib ze huelen. An Dir gesitt wann Dir duerch Diddeleng gitt oder fuert, dass just nach ganz wéineg Laubsauger a Betrib sinn. Et sinn all déi mat enger Batterie, déi ganz wéineg Kaméidi maachen. A se ginn och just do agesat, wou ganz vill Blieder sinn. Et gëtt och net méi bei all Eck sou e Laubsauger geholl. Mee wéi gesot, et gëtt erëm wéi fréier mat der Kierbiischt geschafft an déi Laubsaugere gi just geholl op ganz grousse Plazen, wéi z.B. um Kierfecht. An dat wär et dann.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, ech mengen dann ass op all Fro geäntwert ginn. Da kënne mer zum Vott iwwergoen.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Ech hat nach gefrot mat de Stauden, ob d'Gemeng vläicht selwer kéint Stauden zillen? An dann hat ech nach gefrot an der Rue du Commerce, wou elo déi Steng do sinn, ob do nach eppes Anescht kënnt an ob d'Gemeng Wisen a Felder am Besëtz huet? An ob se och Wise kafe kann? Ob do d'Virkafsrecht spillt wollt ech wëssen.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – SCHÄFFEN): Ech äntweren dann op Är éischt zwou Froen. Mir kënne Staudeplanzen zillen, mir kéinten theoretesch, vu dass mer jo eng Zär hunn hannert dem Spidol. Ob dat gewënscht ass, weess ech net. Mir kënnen déi jo och iwwert eise Partner SICONA kafen. Dee Wee ass méi einfach, wéi wa mer dann nach selwer ufänken, Stauden ze planzen. An dat Zweet ass: ech hunn och gesinn, dass do déi Grénganlage mat deene schwaarze Steng veronglimpft gi sinn an ech ginn och dovun aus, dass do iergendeppes schifgelaf ass. Op jidde Fall wäert ech net méi spéit wéi de Mëtten den Telefon huelen a kucken, dass dat rëm d'nächst Woch an d'Rei gemeet gëtt.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Ech ka vläicht op zwee Punkten agoen. Ob d'Gemeng Wisen huet? Jo, déi hu mer, notamment d'Wisen, wou mer d'Bongerten hunn, Wisen, wou mer Aktiounen maachen „Dag vum Bam". Dat si Wisen, déi der Gemeng gehéieren, respektiv Wisen, déi dann anere gehéieren, an déi zur Verfügung gestallt ginn. Respektiv, dat hat ech jo virdru scho gesot, d'Virkafsrecht spillt just beim Wunnengsbau. Wa mer och mol Wise kafen, där Akten hate mer jo och scho mol hei am Gemengerot, dann hu mer dat gemaach als Kompensatiounsfläch. A wou mer Projeten hunn, wou mer musse kompenséieren, dann huele mer och déi Wisen, wou mir dat deementspriechend kënne maachen. Da géif ech proposéieren, dass mer géifen zur Ofstëmmung kommen.

De Punkt 6.1. ass da wéi gesot d'Strategie fir d'Protection de la nature et de l'eau. Wien ass mat deem Pabeier d'accord? Deen ass dann elo gebieden d'Hänn ze hiewen. ***Dat ass unanime***, da soen ech Iech dofir Merci.

De Punkt 6.2. ass och scho behandelt ginn hei. An och do ass d'Fro: Sidd Dir domat d'accord, dass dee Punkt sou ugeholl gëtt wéi en hei virgesinn ass? Deen ass da gebieden d'Hänn ze hiewen. ***Och dat ass unanime.*** Da soen ech Iech Merci.

CLAUDE MARTINI (CSV): Ech hunn eng Fro zu eppes, wat Dir lo gesot hutt, do si mer eis nämlech net eens hei. Dir hutt gesot dass d'Virkafsrecht just ass fir Bauterrainen. Dat hu mer verstanen, dat ass och alles gutt. Awer mir sinn eis net méi eens hei wou mer de Bongert kaaft hunn nieft dem Scoutschalet zu Butschebuerg. Hu mir do net och d'Virkafsrecht spille gelooss? Just eng Prezisiounsfro. Soss ass nämlech dat zur Madame Heinen hirer Fro nämlech falsch.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Dann hu mer eis falsch verstanen. Virkafsrecht par rap-



port zu Wisen, dat hu mer net. Du hues Virkafsrecht par rapport zum Terrain, och wann en aktuell net bebaubar ass, ausgewisen ass oder e Schéma directeur drop läit, wou mir am PAP definéiert hunn, wou eventuell eppes an Zukunft verbaut ka ginn, wat de Moment net de Fall ass. Do kanns de e Virkafsrecht spille loossen. Mee z.B. wann eppes an enger Gréngzon ass, do kanns de net onbedéngt d'Virkafsrecht, dat kanns de vläicht spille loossen, mee Du kanns näischt drop bauen. Mir hunn zum Beispill bewosst, ouni dass mer d'Virkafsrecht haten, Demarchë gemeet fir Wisen ze kafe fir Kompensatiounsmoossnamen, wann s de Projeten hues fir Beem ze planzen. Sou Situatiounen hate mer jo scho mol hei am Gemengerot, dann hu mer déi kaaft. Mee dat ass da reng als Ausriichtung fir Kompensatiounsmoossnamen. Ech ka mech erënneren, mir haten eng Acquisitioun gemaach tëschent Diddeleng a Keel, wou mer Terraine kaf hunn, wou et net direkt bebaubar ass, wou kee Virkafsrecht war, mee wou mer aktiv eng Demarche gemeet hu reng nëmme fir Kompensatiounsmoossnamen, wat och en Deel Wiss ass, mee wou absolut ausserhalb vum Bauperimeter ass. Hei bei deem Beispill, do hate mir kee Virkafsrecht. Do hu mer eng aktiv Demarche gemeet. Ab deem Moment wou den Notaire eis kontaktéiert a freet, mee dat ass net ëmmer bei all Terrain. Et gi jo och Terraine verkaaft, déi absolut ausserhalb vum Bauperimeter sinn, wou och Wise sinn, wou mer awer kee Virkafsrecht hunn, well dat jo ganz kloer limitéiert ass op 100 Meter. Ass domat op d'Fro geäntwert?

CLAUDE MARTINI (CSV): Jo, mir kucken dat awer trotzdeem nach eng Kéier no. Well mir waren nämlech der Meenung, mir hätten do iergendwéi dat Virkafsrecht gezu gehat fir dee Bongert do ze maachen. Dat ass jo awer keng Bebauungszon, dat ass jo och keng Hab1, Hab2, näischt. Dat läit jo an der Natur nieft dem Scoutschalet.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Do läit e Schéma directeur drop fir zukünftege Wunnengsbau ze maachen. Sou wéi mir dat och op Ribeschpont gemeet hunn. Do sinn och Wisen, déi sinn am Bauperimeter, do ass e Schéma directeur drop. Ech soe just, hei war d'Fro, ob mer bei de Wisen e Virkafsrecht hunn. Bei verschidden Acquisitiounen hu mer d'Virkafsrecht spille loosst, wou mer am Gemengerot haten, wou deelweis Wise sinn, wou e Schéma directeur drop läit. Dat war a Ribeschpont de Fall. Dat si Wisen, do hu mer d'Virkafsrecht spille loosst, well de Schéma directeur dropläit am Kader vum PAG. Mir hunn awer och scho Wise kaaft, wou mer kee Virkafsrecht haten, wou mer aktiv eng Demarche gemeet hunn aus dem Bauperimeter eraus. Dat Beispill wou ech hei gesot hunn zu Butschebuerg tëschent Diddeleng a Keel. Dat ass ausserhalb vum Bauperimeter, dat ass och eng kleng Wiss fir Kompensatiounsmesuren, do läit kee Schéma directeur. Also dat hänkt jo ëmmer vum Cas de figure of.

## 7. COMMISSIONS CONSULTATIVES – ÄNNERUNGE BEIM POOL VUN DE REMPLAÇANTEN

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Da komme mer op de Pool des remplaçants. Do hu mer säitens der LSAP erakritt an de Pool des remplaçants solle genannt ginn: Madame Das Neves, Madame Dimmer, den Här Goergen, Madame Gucati, d'Madame Kapetanovic-Licina, d'Madame Karger, d'Madame Loullingen an den Här Schumacher. An och an de Pool des remplaçants säitens der CSV d'Madame Klein, den Här Lutgen an den Här Jungers, dat ass fir de Pool des remplaçants. An dann ass d'Propos vun der CSV an der Sportskommissioun, dass den Här Jungers den Herr Lorang ersetzt. Ass de Gemengerot mat deene Modifikatiounen averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.

## 8. PERSONAL

**8.1. Schafe vun engem Employé communals-Posten a Vollzäit, Groupe d'indemnité C1, éducatif et psycho-social (service éducation et accueil)**

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Dat hei si Création de posten, déi ware virgesi fir dëst Joer well mer weider Kanner bäigeholl hunn an der Gaffelt. Dat wär eng Kéier en Aide-éducateur an der Gaffelt, dee mer missten astellen. Dofir musse mer hei eng Création de poste maachen. Mir hu jo lo do 30 Kanner méi, dofir kënnt dee bäi.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Ass de Gemengerot domat averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.

**8.2. Schafe vun zwee Employé communals-Posten a Vollzäit, Groupe d'indemnité B1, éducatif et psycho-social (service éducation et accueil)**

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): An dann deen nächste Punkt. Dat wären zwee Diplôméen, déi mer géife bäikréien. Dat wär eng Kéier eng Infirmière fir d'Crèche an dat zweet ass en Diplômé an der Gaffelt, dee mer méi brauchen. Et war och virgesinn am Kader vum Budget, fir déi ze kreéiere vum 1. Abrëll un.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Ech hunn do eng Fro: Eng Infirmière fir d'Crèche. Bon, mir hunn dräi Crèchen. Ech froe mech firwat mir dat net an de Service médico-scolaire mat dramaachen. Déi Fra déi ass jo net ausgefëllt nëmmen an der Crèche. Wat mécht eng Infirmière an der Crèche? Si däerfe souwisou keng Akte méi maachen, dat wësst Dir. Dofir ass meng Fro firwat déi Qualifikatioun als Infirmière gefrot ass?

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Jo, mir hunn de Moment schonn eng Infirmière an der Crèche. Dat ass an der Minettsdäpp, do ass eng Infirmière, déi mécht net nëmmen elo Akte bei Kanner. Déi ass insgesamt: Allergien, kuckt d'Menüen, also déi mécht wäitaus méi wéi nëmmen elo einfach, ech betreien elo e Kand wann et fält oder sou. Also dat ass schonn eng ganz Panoplie. Mir haten och d'Responsabel vun der Crèche, d'Ginette, war dobäi. Dat huet och e ganze Programm. Ech kann lech deen awer nosichen a riwwerschécken.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Ass de Gemengerot domat averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Merci.

**8.3. Schafe vun engem Employé communals-Posten a Vollzäit, Groupe d'indemnité B1, administratif (regional ëffentlech Bibliothéik)**

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Jo, da gi mer an d'Bibliothéik, do ass et jo och ganz schéin. Hei geet et drëms e Posten ze schafe, sou wéi mer et och an eisem Budgetsdokument virgesinn hunn. Do ass engersäits eng Retraite déi op eis duerkënnt an awer och eng Réduction de tâche. An Dir wësst et, déi Diskussioun hate mer jo och hei, ganz vill Aarbecht fir déi heite Persoun ass ronderëm den Encodage an d'Migratioun vun den Donnéeën am Kader vun deem Logiciel wéi an den nationale Bibliothéiken, déi an deem Reseau si wou mär matmaachen. An dofir hate mer jo proposéiert, hei e B1 administratif ze kreéieren, an dat géing ech da gären heimadder froen.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Jo Merci. Ech stellen déi Fro, déi ech ëmmer erëm stellen. Firwat gi mer net op e Fonctionnaire communal? Wann ech héieren et ass fir Encodage a sou Saachen. En plus schaffen an der Bibliothéik, wann ech awer lo richteg informéiert sinn, 6 Leit. Ech sinn d'accord wann ee seet, mir sichen een hautement qualifié fir e Poste wou vläicht just 1 oder 2 Leit sinn, wou ee seet, et wëllt een, dass déi direkt erageschafft ginn. Ech kéint mer awer virstellen, an engem Service, wou awer méi Leit schaffen, dass een do awer duerchaus kéint op e Fonctionnaire communal goen, deen da vläicht net onbedéngt misst hautement qualifié sinn. Dofir froen ech: Firwat en Employé communal a firwat net e Fonctionnaire? Merci.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Jo, Merci nach eng Kéier fir d'Wuert. Dat hei ass déi Demande, déi vun de Responsabele vun der Bibliothéik mat eise Responsabele vun de Ressources humaines an och mat mir an deem Kader sou opgestallt gouf, well mer e bëssen eng Projektioun gemaach hunn, wat kënnt déi nächst Joren op eis duer, wéi vill Wiessel kommen op eis duer? An do ware mer der Meenung dass mer deen dote Posten eeben och als Employé communal géifen ausschreiwen, awer eeben an där Karriär wéi hei beschriwwen, mat deenen Tâchen, déi eeben do op déi Persoun duerkommen. Mir waren der Meenung dass dat do déi bescht Léisung wär fir eis regional Bibliothéik.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci. Kënne mer zum Vott iwwergoen? Wien ass heimat averstane mat där Kreatioun? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech lech villmools Merci.

**8.4. Schafe vun engem Employé communals-Posten a Vollzäit, Groupe d'indemnité C1, administratif (Recette communale, Fakturatioun)**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci. Da gi mer an d'Recette communale iwwer. Do proposéiere mer e Posten ze kreéieren, an zwar e Posten C1. An dat eeben, mir hunn och d'Situatioun herno am Huis clos, well den Här Tino Spina an d'Pensioun geet a fir dat ze antizipéieren. Engersäits wollte mer hei de Gemengerot froen, en C1 Posten ze kreéieren, dat ass am Fong 5 Joer Lycée. Hien ass op engem D1, an dann och säi Posten ofzeschafen, wann hien an d'Pensioun geet. Et ass den D Posten ze suppriméieren, wann hien an d'Pensioun geet an dann en C Posten ze kreéieren. Dat ass d'Situatioun déi mir hunn, an am Huis clos befanne mer jo iwwert den Départ à la retraite. Dat ass d'Logik. An et ass e Fonctionnaire communals-Posten.

Ass de Gemengerot domadder averstane mat där Kreatioun? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech lech villmools Merci.

**8.5. Schafe vun engem Employé communals-Posten a Vollzäit, Groupe d'indemnité B1, administratif (Service Logement)**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): An dann de leschte Punkt. Do geet ëm d'Madame Pétré fir do hei eng Création de poste ze maachen an der Catégorie de traitement B. D'Madame Pétré ass de Moment an enger C1 Karriär. A mir hunn hei och de positiven Avis virleie vun der Commission de contrôle am Kader vun der Prozedur vum Changement de Groupe de traitement. Natierlech, wa mer dee Posten hei schafen, dann ass d'Viraussetzung fir en och kënnen ze besetzen, do muss d'Madame Pétré natierlech den Examen de promotion de Groupe de traitement maachen. Dat ass de Prealabel. Mee vu dass d'Prozedur entaméiert ass an och duerchgelaf ass, ass hei nach eng Etapp ze huelen. Mee da ka se natierlech dropgesat ginn. An da kann och hire Poste suppriméiert ginn, op deem se lo de Moment ass, wa se dat bis gepackt huet.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Ech hu just eng kleng Fro. Et ass just eng kleng Verständnisfro. An der Deliberatioun steet elo dass mer ee Poste kreéieren à Tâche complète. D'Madame Pétré hat jo awer ugefrot fir 30 Stonnen. Bleift dat awer weiderhi bestoen déi 30 Stonnen, och op deem neie Posten dann? Ech ginn dovun aus. Jo, Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Jo, dat bleift bestoen. Mee et ass jo ëmmer esou, dass e soll voll Poste kreéieren, quitt dass en herno dann eeben zu 30 Stonne besat gëtt.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Bei eis am Comité war nach d'Fro opkomm, wa mer einfach eng Création de poste maachen, muss dat dann net och ëffentlech

ausgeschriwwe ginn? Oder wéi ass dat méiglech, dass een an der Deliberatioun sou mécht, wéi wa just déi Madame kéint dee Poste kréien?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Et brauch een et net ëffentlech auszeschreiwen, well mer hei an enger ganz anerer Prozedur sinn. Si war Demandeur vum Changement de carrière. Si ass an enger C1 Karriär a si wëll gär an eng B1 Karriär. Dat heescht, si huet e Changement gemeet fir an hirer Karriär. Do muss se jo eng Rei vu Konditiounen erfëllen, d'Gesetz gesäit dat och vir. Dat ass souwuel beim Gemengebeamte wéi och beim Staatsbeamten. Do sinn eng Rei Krittären dorunner gebonnen. Et ass jo fir engem ze erméiglechen, sech wärend där Zäit, wou en am ëffentlechen Déngscht ass, sech och ze verbesseren duerch e Changement de carrière. Dat heescht, déi brauch een net auszeschreiwen. Mee e Changement de carrière kann natierlech nëmme gemeet gi wann een och eng Rei Krittären ab initio erfëllt. An da muss een natierlech och nach Exame maachen, respektiv eng Aarbecht schreiwen en fonction vun der Situatioun.

Ass de Gemengerot och heimadder averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech lech och do villmools Merci.

# 9. FROEN UN DE SCHÄFFEROT

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): An da kommen d'Froen un de Schäfferot. Do sinn der dann zwou vun der CSV an der ëffentlecher Sitzung. An da géif ech proposéieren dass mer ufänken nom Datum, wéi se rakomm sinn. Déi éischt ass vum Här Friedrich an déi zweet ass vun der Madame Kemp.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Jo, da géing ech déi vum Här Friedrich beäntweren, zumindest probéieren ze beäntweren. Déi ass den 1. Februar erakomm an am Numm vun der CSV Diddeleng hat hien eebe folgend Froen. An ech géif dann och déi eenzel Froen virliesen an da géing ech och direkt drop äntweren. D'Fro vum Här Friedrich war: Nodeems e Brand hei fir Schued gesuergt huet un der Tribün vum F91 um Site Stade Jos Nosbaum wollte mer wëssen, wéi et mat de Reparaturaarbechten ausgesäit, betreffend d'Delaien an de Käschtepunkt. Effektiv hate mer de 25. November 2022 e Brand, an do huet d'Gemeng dann och eng Plainte géint Onbekannt wéinst Brandstëftung gemaach zu Diddeleng op dem Policekommissariat. No der Analys vun deem Schued hu mer natierlech och eis Assurance do mat an d'Spill geholl, well déi dann och fir de ganze Schued opkommen. De Schued, dee konstatéiert gouf war engersäits een Drëttel vun der Tribün, dee betraff ass.

Dat heescht, d'Ënnerkonstruktioun vun eise Sëtzer déi muss ersat ginn. Verschidde Querbalke mussen ersat ginn oder verstäerkt, jee nodeem. An d'Réckewand muss och nees ersat ginn.  An do läit der Assurance en Devis vir fir knapp iwwer 45.000.- €. Reparaturen um Elektresche mussen och hei gemaach ginn an do si mer bei knapp 6.000.- € wat mer der Assurance konnte matginn. An d'Beliichtung fir eisen Terrain. Och do si mer ënner 20.000.- €, bezéiungsweis d'Beliichtung fir de 4. Potto, déi ënnert der Tribün stockéiert war, huet och mussen dann ersat ginn.

Wat elo d'Aarbechten ubelaangt, bezéiungsweis d'Material, sinn déi direkt bei eise Fournisseure bestallt ginn. An d'Aarbechten, de Planning, wéi hien da virgesäit, ass réischt ab Mëtt Abrëll méiglech an da wäerten déi Aarbechten awer 3 bis 4 Wochen unhalen, bis mer dann do eebe fäerdeg sinn. A wat d'Luuchten ubelaangt, do hu mer bis dato nach keen aktuelle Liwwerdatum kritt vun de jeeweilege Fournisseuren.

Déi nächst Fro: Mëttlerweil sinn d'Luuchten op dräi Pottoen ersat. Beim leschte koum et do zu engem Incident mat engem Monteur. Wéi geet et domadder weider? Wëssend dass d'FLF net d'accord ass spillen ze loossen, sollten net déi Luuchten ersat ginn, wann et net hell genuch ass. Déi Situatioun ass richteg, wéi se do duergestallt gouf. Dofir si mer och mam Club am Austausch fir ze kucken, wéi een déi eenzel Matcher ka spillen. Mir hunn och mam Veräin eng Léisung fonnt fir deen nächste Match. Dee gëtt da mëttes gespillt, wann et dann nach e bësse méi hell ass. Quokeleg gëtt et beim iwwernächste Match, wou dann awer an der Woch muss gespillt ginn. Dat mengen ech ass den 29. Mäerz wann ech mech net ieren. An do hu mer nach keng direkt Léisung fonnt. Do si mer am Austausch mam Veräin, mat der Federatioun, fir ze kucken, wat een do ka maachen, wa bis dohinner déi Aarbechten nach net konnten ofgeschloss ginn. Dat läit wéi gesot net an eiser Gemengenhand.

Wéi gesäit et mam Devis aus vun der Planung vun der neier Buvette? Déi nei Buvette, dat hate mer jo och am Budgetsdokument annoncéiert, do läit eng Etüd, déi mer wëlle maachen an deementspriechend si mer lo nach vill ze fréi dru fir do e Chiffer kënnen drop ze setzen. An dann nach déi leschte Fro: Ass et virgesinn, d'Gradinen an och d'Mauer hannert de Gradinen ze renovéieren? Well et ass zu Ouere komm dass déi zwee Elementer baufälleg sinn an een net derlaanscht kéim, hei en Agrëff ze maachen. Jo, wéi gesot, mir maachen do Etüden. Mir kënnen eis net op eppes befaasse wat iergendengem zu Ouere komm ass. Mir waarden déi Etüden do of an dann, wa mer do konkret Fakten hunn, da kënne mer réischt déi doten Decisioun huelen. Ech hoffen dass ech op déi Froe konnt korrekt an anstänneg äntweren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci fir déi doten Ausféierungen. Da komme mer op déi zweet Fro. Dat ass d'Claudia.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Jo Merci. D'Madame Kemp huet de 4. Februar e puer Froen un de Schäfferot eragereecht betreffend de Shared Space an de leschte Méint. De Shared Space wär mat Polleren zou, sou datt een net méi derduerchfuere kéint an och domat kee Gebrauch maache kéint vun den 30-Minutte-Parkplazen. Wéi laang ass nach zou? Wisou d'Aarbechten net besser koordinéiert wären, zum Beispill wär d'Waasser an der Rue du Commerce, Niddeschgaass a Jean Jaurès een Dag ofgespaart gi vun der Gemeng an deen Dag drop vun enger anerer Firma. Jo, de Shared

Space, dee war ab dem 7. November nëmme vu 6 Auer moies bis 2 Auer mëttes fir den Trafic op. Wéi Dir wësst sinn d'Aarbechte vum Reamenagement vun der Place Kinnen am Gaang an zu deem Zäitpunkt ass um Haaptkollekter geschafft ginn tëschent der Gemengeplaz an der Kierch. Den direkten Accès op d'Gemengeplaz war domadder zou fir den Trafic an dëse koum nëmmen nach laanscht d'Kierch duerch d'Niddeschgaass eraus, sou datt dat laanscht Kierch also u sech déi eenzeg Optioun war fir nach erauszekommen.

Et ass awer net sécher a virun allem net séier schaffe wa permanent Autoe, Bussen oder Camione do laanscht gefuer wären. An aus deem Grond, fir den Aarbechter och déi néideg Sécherheet ze ginn a fir séier virunzekomme gouf d'Niddeschgaass dann och temporär do gespaart. Mir wollten awer de Commerçanten d'Uliwwerunge bis 14 Auer garantéieren, well och bis dohinner déi meescht Liwwerunge laanscht waren. Dofir ass deen doten Horaire och erausgewielt ginn. Déi selwecht Situatioun war och wärend dem Chrëschtmaart bis de 15. Januar. A säit dem 16. Januar ass d'Niddeschgaass komplett fir de Verkéier gespaart bis se eebe mat den Aarbechte virun de Geschäfter Wagner, Thein, Jimmys an Apdikt wäerte fäerdeg sinn. Da gëtt jo déi komplett Strooss Shared Space. Dat heescht herno och mat hellem Belag. Eng Waasserfontän an e Local technique wéi och eng Citerne reamenagéiert, respektiv ugeluecht. An dowéinst kann hei kee motoriséierten Trafic laanschtfueren. Ech mengen dat wësst Der, dat ass nëmme logesch. D'Awunner an d'Geschäfter kruten awer eng Méiglechkeet ugebueden, wou se bei hir Haiser kommen, respektiv vu wou aus se kënnen och beliwwert ginn.

D'Aarbechte vum Shared Space, ech mengen dat wësst Dir, wann Dir all Dag do laanscht trëppelt, déi si ganz komplex, déi sinn a ganz vill Phasen opgedeelt, wou déi eng Phas dann och op déi aner opbaut. Dee Planning dovunner gouf an Zesummenaarbecht vun der Gemeng mat den Entrepreneuren a mam Bureau d'études opgestallt. Dee Bureau d'études deen huet ganz vill Erfarung an deen huet probéiert, den Optimum do erauszehuele fir datt all Mënsch a Geschäft am mannste mat deem Chantier hei geplot ass. Et ass net ëmmer ganz einfach, an Dir kënnt Iech virstellen, datt mir et och net jidderengem et gerecht maache kënnen, virun allem net zu all Moment. Dann déi zwee Virfäll, wou Dir ugeschwat hutt. Dat waren zwou Waasserfuitten, de 27. an den 31. Januar, déi wärend dem Chantier passéiert sinn an direkt och konnte behuewe ginn. Et ass also näischt Geplangtes gewiescht a konnt deemno och net besser koordinéiert gi wéi Dir et ausdréckt. Eng Fuite dat ass eng Fuite. An déi muss séier reparéiert ginn. A fir eeben d'Reparatur ze maachen, do mussen déi Leitungen eebe leider gespaart ginn an déi concernéiert Leit goufen och direkt op der Plaz vun eise Leit informéiert. Bei geplangte Waasserreparaturen ass et ëmmer sou, dat war z.B. och den 31. Januar de Fall, do ginn dann déi concernéiert Leit am Prinzip 48 Stonnen am viraus iwwert en Toutes boîtes, also en Avis vun der Gemeng, informéiert, wou se och déi néideg Telefonsnummeren drop fannen, wann nach Nofroe sinn. De selwechten Dag vun der Reparatur hate mer awer och, an dat sot ech scho virdrun, nach eng Fuite op enger anerer Plaz



vum Chantier, sou datt dat eent mat deem aneren eigentlech näischt direkt ze dinn hat. Déi lescht Fro: Ass ob virgesinn, d'Geschäftsleit ze entschiedegen, well hir Butteker manner accessibel wären?

D'Stad Diddeleng déi mécht aktuell an och an der Vergaangenheet ganz vill fir hir Commerçanten an och fir hire Geschäftszentrum a si stinn och a reegelméissegem Austausch mat hinnen, dat och via eise ganz aktive Geschäftsverband. Eise City-Manager, ech mengen dat wësst Dir, deen huet och mat hinnen zesumme ganz vill Aktioune gestart a geplangt, fir dass Leit hei zu Diddeleng akafen, respektiv Leit op Diddeleng akafe kommen. Ech nenne just e puer Stéck: Diddeleng läit eis um Häerz, Geschenkbongen, Social Media Aktiounen, Aktioune fir Halloween, an aktuell wësst Dir och datt d'Valentinsaktioun leeft. Ech erënneren och vläicht drun datt mer e Parking souterrain am Duerf hu mat genuch Parkplazen, wou jiddereen, deen do parkt innerhalb vu fënnef Minutten all Geschäft am Stadkär ka problemlos erreechen, sou datt d'Butteker eigentlech net manner, mee zënter datt mer den ënnerierdesche Parking hunn éischter méi accessibel sinn, wann een natierlech dovunner Gebrauch mécht.

Wat d'Pub fir eise Parking ubelaangt, do sinn och eis Geschäfter selwer am Gaang, dësen nach weider ze promouvéieren. An doriwwer eraus si mer, an dat wësst Dir och, wat eis Parktariffer allgemeng ubelaangt mat vergläichbare Gemengen och absolut attraktiv, fir net ze soe bëlleg. Voilà, ech mengen ech hätt dozou hei alles gesot, an ech freeë mech drop, an Dir sécherlech alleguerten och, wa mer dëse grousse Chantier endlech fäerdeg hunn an den Zentrum vun Diddeleng sécherlech ee vun deene schéinsten, wann net dee schéinste vum Land wäert sinn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci fir déi doten Äntwert op d'Fro. Den Auteur huet eng Fro gestallt, eng Äntwert kritt. Dee Prinzip hale mer bäi. Dir kënnt herno gären am Huis clos drop kommen.


DUDELANGE, VILLE DES CULTURES
Centre culturel régional opderschmelz, centres d'art Dominique Lang et Nei Liicht
Festivals: Zeltik, Like A Jazz Machine, Usina, Fête de la Musique...
LA CULTURE A RENDEZ-VOUS À DUDELANGE !
# culture
DUDELANGE, ON DIRAIT LE SUD
LIEWE WÉI AM SÜDEN
DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE
opderschmelz
CENTRE CULTUREL REGIONAL DUDELANGE
www.opderschmelz.lu